

# INFO BLATT

A photograph showing the interior of a moving bus. The seats are arranged in rows, with blue seats visible on the left and grey seats on the right. The windows show a blurred landscape of green fields and trees, indicating motion. The lighting is natural, coming from the windows.

01 17

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

GEMENGEROTSSËTZUNGE  
VUM 1. FEBRUAR 2017  
A VUM 15. MÄERZ 2017

- [Séance du 26 septembre 2012](#)
- [Séance du 7 novembre 2012](#)
- [Séance du 10 novembre 2012](#)
- [Séance du 7 décembre 2012](#)
- [Séance du 14 décembre 2012](#)
- [Séance du 6 février 2013](#)
- [Séance du 6 mars 2013](#)
- [Séance du 24 avril 2013](#)
- [Séance du 12 juin 2013](#)
- [Séance du 26 juin 2013](#)
- [Kannergemengerot 2013](#)
- [Séance du 24 Juillet 2013](#)
- [Séance du 18 septembre 2013](#)
- [Séance du 6 novembre 2013](#)
- [Séance du 8 janvier 2014](#)
- [Séance du 22 janvier 2014](#)
- [Séance du 29 janvier 2014](#)
- [Séance du 12 février 2014](#)
- [Séance du 26 mars 2014](#)
- [Séance du 30 avril 2014](#)
- [Séance du 28 mai 2014](#)

## Conseil communal du 21 juin 2017

### Conseillers présents

Roberto Traversini (bourgmeestre, déi gréng), Erny Müller (1er échevin, LSAP), Tom Ulveling (échevin, CSV), Fred Bertinelli (échevin, LSAP), Georges Liesch (échevin, déi gréng), François Antony (LSAP), Carlo Bernard (DP), Pascal Bürger (DP), Gary Diderich (déi Lénk), Jos Glauden (DP), Martine Goergen (DP), Pierre Hobscheidt (LSAP), Robert Mangen (CSV), Marcel Meisch (DP), Ali Ruckert (KPL), Christiane Saeul (DP), Pierrette Schambourg (CSV), Fränz Schwachtgen (déi gréng), Arthur Wintringer (DP)

### Ordre du jour

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins — entre autres distribution du rapport d'activités 2016 d'Aquasud et chiffres clés du compte annuel de 2016.



#### 2. Actes et conventions:

- Charte européenne pour l'égalité des femmes et des hommes dans la vie locale — plan d'action communal pour 2014-2017;
- Conventions de servitude avec CREOS Luxembourg aux lieudits avenue de la Liberté à Niederkorn, *Auf den Griewer* à Oberkorn et rue Émile-Mark à Differdange;
- Convention pour l'année 2017 du Club Senior Prënzeberg.



3. Projets communaux: travaux de rénovation du stade des Mineurs à Lasauvage – plan, devis et crédit supplémentaire, article budgétaire 4/821/221313/16016.



4. Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers:

### Infos & renseignements



### Liens rapides

- [Agenda](#)
- [Annualare](#)
- [Carnet du citoyen](#)
- [Démarches administratives](#)
- [Formulaires administratifs](#)
- [Galerie photos](#)
- [Informatiounsblat](#)
- [Maisons relais](#)
- [wok](#)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR [WWW.DIFFERDANGE.LU](http://WWW.DIFFERDANGE.LU).

# INFOBLAT 01/17

## COMPTE-RENDU DU 1<sup>ER</sup> FÉVRIER 2017

3-46

## LE COLLÈGE ÉCHEVINAL PREND LA PAROLE

47-51

## COMPTE-RENDU DU 15 MARS 2017

52-96

## ÉTAT CIVIL

97-99

**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange  
Tél.: 58 77 1-11 | F. 58 77 1-1210 | [www.differdange.lu](http://www.differdange.lu) | [mail@differdange.lu](mailto:mail@differdange.lu)

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 10 000 exemplaires

**PHOTOS** Couverture: Claude Piscitelli

**INFOBLAT**, imprimé sur du papier 100 % recyclé  
L'Infoblat est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION** 01/2017, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 1<sup>ER</sup> FÉVRIER 2017

---

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Roberto Traversini, bourgmestre (déri gréng)  
Erny Muller, 1<sup>er</sup> échevin (LSAP)  
Tom Ulveling, échevin (CSV)  
Fred Bertinelli, échevin (LSAP)  
Georges Liesch, échevin (déri gréng)  
François Antony (LSAP)  
Pascal Bürger (DP)  
Gary Diderich (déri Lénk)  
Jos Glauden (DP)

Martine Goergen (DP)  
Pierre Hobscheit (LSAP)  
Robert Mangen (CSV)  
Marcel Meisch (DP)  
Ali Ruckert (KPL)  
Christiane Saeul (DP)  
Pierrette Schambourg (CSV)  
Fränz Schwachtgen (déri gréng)  
Arthur Wintringer (DP)

Absents/excusés: Carlo Bernard (DP)

## ORDRE DU JOUR SÉANCE PUBLIQUE

- 1. Communications du collège des bourgmestre et échevins avec entre autres la présentation du bilan culturel 2016.**
- 2. Projets communaux:**
  - a) Mathendahl–route de Bascharage: renouvellement de la canalisation – devis, article 4/520/222100/16023;
  - b) Réaménagement de la rue Henri Bessemer – plans et devis, article budgétaire 4/624/221313/13027.
- 3. Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers:**
  - a) Projet d'aménagement particulier au lieu-dit «Plateau du Funiculaire 1-2, rue Gaston Thorn» à Differdange présenté par le collège des bourgmestre et échevins pour le compte de l'administration communale de Differdange;
  - b) Projet d'aménagement particulier au lieu-dit «Plateau du Funiculaire (lots 3-14), rues Asca Rampini et Astrid Lindgren» à Differdange présenté par le collège des bourgmestre et échevins pour le compte de l'administration communale de Differdange.
- 4. Finances communales:**
  - a) Comptes administratif et de gestion des exercices 2013 et 2014;
  - b) Recours à un emprunt à courte durée pour les travaux infrastructurels, d'assainissement et de construction de structures scolaires pour le compte de l'État dans l'intérêt de l'École Internationale de Differdange – décision de principe.
- 5. Enseignement fondamental: nouvelle répartition des ressorts scolaires.**
- 6. Actes et conventions:**
  - a) Convention de servitudes relative aux projets situés sur la Place des Alliés à Differdange et les rues avoisinantes;
  - b) Convention avec l'État et les CFL portant sur la création du passage à niveau «Gadderscheier» (PN GS) et l'utilisation d'une voie routière étatique;

- c) Convention 2017 Maisons des Jeunes;
- d) Avenant à la convention avec l'Initiativ Liewensufank asbl dans l'intérêt du service «BabyPLUS»;
- e) Contrat de bail commercial au 1535°.

**7. Personnel communal:**

- a) Organigramme actualisé;
- b) Fixation du cadre fermé dans les carrières des fonctionnaires;
- c) Renouvellement de la convention collective des salariés des Communes du Sud.

**8. Règlements communaux:**

- a) Adaptations au règlement-taxe, chapitre G-1 stationnement;
- b) Modification du règlement de circulation, zone Gadderscheier;
- c) Règlements temporaires de circulation.

**9. Dénomination de rues et places: ancien site de l'église de Differdange.**

**10. Syndicats intercommunaux:**

- a) Délibération concordante proposée par le SIACH concernant un projet de loi modifiant la base légale relative à l'eau;
- b) Projet de modification des statuts du syndicat intercommunal SICONA-Ouest.

**11. Changements au sein des commissions consultatives.**

# 1. Communications

---

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir géife mat der éischter Sitzung 2017 ufänken. Ech loessen den Här Bernard entschöllegen. Den éische Punkt um Ordre du jour: Communications du Collège échevinal, d'Presentatioun vum Bilan culturel 2016. Madame Goergen, w.e.g.

---

## MARTINE GOERGEN (DP):

Här Buergermeeschter, léif Kolleegen a Kolleginnen, d'DP Déifferdeng freeit heimat, de Punkt 4a: comptes administratif et de gestion des exercices de 2013 et 2014 vun der Dagesuerdnung eroftzehuelen an op ee spéidere Gemengerot ze reportéieren. Bei de Preparatioun fir dës Sëtzung sinn eise Conseilleren nämlech Ongereimtheeten am Exercice 2014 opgefall, déi mir op Nofro hin och vun den zoustännege Leit bestätigt kruten.

Mir denken, datt mer als Gemengerot d'Flicht hunn, dës nei Informatiounen un déi Responsabel vun der Direktioun vum Contrôle de la comptabilité communale um Inneministère weiderzeginn, fir datt si de finanzielle Sachverhalt kënne klären. Dofir géife mer dat gäre vun der Dagesuerdnung eroftzehuelen, bis dat gekuckt ginn ass, fir dass et och kann an de Rapport opgeholl ginn.

---

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci fir d'Stellungnam. Ech gesinn dat absolutt net esou. D'Konte si kontrolleiert ginn, alles wat eran- an erausgaangen ass. Ech proposéieren, datt de Punkt 4a, d'Comptes et gestion op der Dagesuerdnung bleibt.

Solle mer driwwer ofstëmmen? Kee Problem.

---

## ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter.

---

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

---

## ALI RUCKERT (KPL):

Ech hunn elo guer net verstanen, èm wat et geet.

(Gelaachs)

Ech muss ganz kloer soen, wann ech hei gesot kréien „déi zoustänneg Leit“, an et seet ee mer net, wien do zoustänneg ass an èm wat et geet, weess ech net, wat soll gemengt sinn.

Vläicht wär et gutt, wann déi Dammen an déi Hären, déi domat kommen, amplaz dat èm Mëtternuecht an d'Press ze setzen, mueres de Gemengerot géifen informéieren. Dat wär vläicht méi nützlech.

---

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ganz richteg. Mir kommen elo zum Vote.

---

## MARTINE GOERGEN (DP):

Ech géif dann awer vläicht gären äntweren, wann et méiglech ass.

---

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir hutt d'Wuert net. Ech verdeelen hei d'Wuert. Wann de Punkt drop bleift, kritt Dir d'Wuert ganz gär dozou. Wann en elo ofgeleent gëtt, da komme eng aner Kéier drop zréck.

*Le conseil communal décide avec 11 voix «non» et 6 voix «oui» de rejeter la proposition de retrait du point en question du parti démocratique.*

Villmoos Merci. Domat bleift de véierte Punkt drop. Dat freeit mech.

Da géife mer zur Presentatioun vum Bilan culturel 2016 kommen. Dat ass zimlech nei, säit dräi Joer hu mer dat. An dat suergt fir Transparenz vun all Aktivitéit am Kulturberäich.

Här Tom Ulveling, Dir hutt d'Wuert.

---

## ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

ouvre la première séance de 2017. Il excuse M. Bernard et passe aux communications. Il cède la parole à M<sup>e</sup> Goergen.

**MARTINE GOERGEN (DP)** demande au nom du DP de retirer le point 4a — comptes administratif et de gestion des exercices 2013 et 2014 — de l'ordre du jour. En effet, les démocrates ont constaté des irrégularités confirmées depuis.

Martine Goergen estime qu'il faut fournir ces informations aux responsables de la direction du Contrôle de la comptabilité communale du ministère de l'Intérieur.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** n'est pas du tout d'accord. Les comptes ayant été contrôlés, il propose qu'ils soient soumis au vote.

**ALI RUCKERT (KPL)** ne comprend pas du tout de quoi il en retourne. (Rires)

Car M<sup>e</sup> Goergen parle des personnes responsables sans dire de qui il s'agit. Au lieu d'envoyer des documents à la presse à minuit, les démocrates feraient peut-être mieux d'informer les conseillers communaux le matin. Ce serait plus utile.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** est entièrement d'accord. Il propose de passer au vote.

**MARTINE GOERGEN (DP)** souhaite répondre.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** rétorque qu'elle n'a pas la parole. (Vote)

Roberto Traversini se réjouit que le point 4 reste à l'ordre du jour. Il passe à la présentation du bilan culturel 2016. Ce bilan assure la transparence des activités culturelles.

# 1. Communications

**TOM ULEVELING (CSV)** remercie ceux qui ont réalisé ce bilan, et notamment Michel Pereira, Réjane Nennig, Dan Moos et Fio Spada.

Tom Ulveling s'était engagé à présenter un bilan de la culture tous les ans. Les années précédentes, ce dossier n'a pas toujours été géré de manière transparente et l'échevin voulait changer cela.

Il est content de constater que les dépenses ont été maîtrisées au-delà des espérances. On peut donc gérer des manifestations culturelles sans faire exploser les prix.

En tout, 59 spectacles ont été organisés: 25 % de théâtre, 27 % de concerts, 5 % de cabaret, 10 % de standups, 2 % d'opérettes, 7 % de thés dansants, 15 % de cinéma et 9 % de théâtre.

Le théâtre pour enfants a attiré le plus de spectateurs, suivi des concerts et des standups. Les écoles ont assisté au théâtre pour enfants, car il est important de montrer aux petits ce qu'est la culture.

En tout, les spectacles ont attiré 5354 personnes et ont couté 154 000 € pour des recettes de 57 544 €. Ce sont les standups qui ont rapporté le plus.

Le taux d'occupation est passé de 50 % au début à 69,2 % maintenant. Tom Ulveling en est fier.

Les dépenses ont été moins élevées que prévu de l'ordre de 50 000 €.

Les recettes se montent à 57 000 € alors que 40 000 € étaient prévus. Tom Ulveling en remercie les spectateurs et les sponsors.

L'Aalt Stadhaus a accueilli 11 expositions, 12 assemblées générales, 43 réunions, 13 fois la Blues Schoul, 18 conférences, 83 mariages, 1 marché du livre, 3 lundis littéraires, 12 formations, 6 remises de prix, 74 répétitions et 1 concours.

Tom Ulveling passe aux grandes fêtes. Megafuesend a couté quelque 15 300 €, la fête de la bière 4700 €, Live am Park 4200 €, la Fête nationale 29 821 € et le Blues Express 127 000 €.

Tom Ulveling rappelle que le collège échevinal avait prévu 156 000 € de dépenses pour le Blues Express. Le sponsoring a permis à la Ville de Differdange d'en faire plus pour moins d'argent. Tom Ulveling est convaincu que c'est la voie à suivre. Le festival Diffwinds a couté

## SCHÄFFEN TOM ULEVELING (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, fir d'éischt emol wëll ech e grousse Merci soen un déi Leit, déi un dësem Bilan geschafft hunn. Notamment dem Michel Pereira, dem Réjane Nennig an dem Dan Moos, dee jo och hei mat implizéiert war. An och natierlech der Madame Fio Spada fir hire Rapport d'activité vun der Bibliothéik, deen ech och ganz kuerz wäert hei presentéieren.

Ech hat mech engagéiert, deemoools wéi ech Kulturschäffe gi sinn, fir all Joer esou e Bilan culturel virzeleeën. Well ech der Meenung sinn, dass an der Vergaangenheet net émmer alles esou transparent war. A well ech awerdeen Dossier hei a voller Transparenz gérerie-re wëll, kritt Dir all Joers matgedeelt, wéi d'Chiffere sinn.

Ech si besonnesch frou festzestellen, dass mer praktesch iwverall énnert deem leien, wat mer virgesinn haten. Dat heescht, dass ee Kultur ka gérerie-ren, ouni dass d'Käschten explodéieren.

Bei de Pourcentagë vun de Spektakele gesitt Der, wat mer alles organiséiert hunn: 25% Theater, 27% Concerten, 5% Cabaret, 10% Stand-up, 2% Operetten, 7% Thé dansant, 15% Cinéma an 9% Theater. Am Ganzen hate mer 59 Spektakelen.

Déi meeschte Visite waren am Théâtre pour enfant. Duerno kommen d'Concerten an dann d'Stand-uppen. Beim Théâtre pour enfant wëll ech fairerweis awer soen, dass natierlech do d'Schoule mat implizéiert sinn. Dat fonctionnéiert ganz gutt. Ech mengen, dass et wichteg ass, dass mer de Kanner matzäite weisen, wat Kultur respektiv wat Theater ass.

D'Zuel vun de Visitten am ganze Joer läit bei 5.354 Leit.

Bei den Depense gesitt Der d'Lëscht vun deem, wat am meeschte kascht. Op der éischter Plaz sinn d'Concerten, op der zweeter Plaz sinn d'Stand-up-Comédiennen an op der drëtter Plaz ass den Theater. Genau 154.000 Euro sinn ausginn, fir dëse ganze Programm d'lescht Joer ze organiséieren. Do dergéint sti Recetté vu 57.544 Euro. Wou mer gesinn, dass de Stand-up am meeschte

Recetten, also och am meeschte Visiteur hat – ech nennen némme d'Hitparad, déi dräi éischt –, an dann d'Concerten an dann den Theater.

Op den Taux d'occupation sinn ech richtege stoltz. Deen ass d'lescht Joer op 69,26% eropgaangen. Dat ass eng Progressioun. Am Ufank ware mer an déi 50%. Elo si mer bei 69%. Dat heescht, dass mer um richtege Wee sinn.

Prévision par rapport au réel. Wann een den Total vun den Depensen, déi prévu waren, mat den Dépenses réelles vergläicht, gesi mer, dass déi praktesch ém 50.000 Euro drënnner leien. Dat heescht, et huet also vill manner kascht wéi mer ufanks gemengt haten, dass et géif kaschten. An och bei de Recetten hu mer vill méi erakritt, wéi mer gemengt haten, nämlech 57.000 Euro. Do hate mer 40.000 Euro virgesinn. Dofir wëll ech éischtens de Leit Merci soen, déi komm sinn, mä awer och de Sponsoren, déi dat Resultat do méiglech gemaach hunn.

Da gesitt Der eng kleng Opstellung, wat alles esou an deem Ale Stadhaus gelaf ass. Do waren 11 Expositiounen, 12 Assemblée-généralen, 43 Reuniounen, 13-mol war d'Bluesschoul do, 18 Konferenzen, 83 Mariagen, eemol hate mer e Bichermaart do, 3 Lundi-littéraire, 12-mol Formationen, 6-mol Remises de prix, 74 Repetitiounen, da war e Concours et audition, 38% vun der Musekenschoul an 2 Conveniaten.

E bësse méi erof hunn ech opgedeelt, wat eis méi gréisser Fester kascht hunn. Bei der Megafuesend gesi mer déi eng Säit d'Depensen, déi aner Säit d'Resultat vun de Recetten. D'Megafuesend huet eis énnert dem Stréch 15.300 an e puer Zerquetshtener kascht. De Béierfestival huet eis némme 4.700 Euro kascht, de Live am Park 4.200 Euro netto. D'Fête nationale huet 29.821 Euro kascht. De Blues Express huet 127.000 Euro reell kascht.

Do gesitt Der och zum Beispill, dass mer 156.000 Euro Depensen deemoools virgesinn haten. Och do sinn d'Recetté liicht énnert deem, wat mer virgesinn haten, ém déi 30.000 Euro. Och hei muss ee soen, dass dee Wee, dee mer gaange sinn, mat Sponsoring, eis erméiglecht huet, fir mat manner Suen

# 1. Communications

awer méi ze maachen. An ech mengen, dat ass och dee richtge Wee.

Diffwinds huet 36.000 Euro kascht. Do hu mer keng Recetten. De Steampunk, dat hate mer fir déi éischte Kéier organiséiert. Dëst Joer si mer a Gespréicher mat der Gemeng Péiteng, fir an Zukunft matzehéllef dat ze organiséieren. Déi Echoe si ganz positiv. Dat huet d'lescht Joer 21.480 Euro kascht. De Marché de noël, do waren d'Recetten och méi héich wéi virgesinn, deen huet 74.000 Euro an e puer Zerquetschener kascht.

Weider gesitt Der, wat eis Expositioune kaschten. Déi kaschte 46.374 Euro. Dat hu se vergiess drop ze schreiwen, ech hat dat awer nogefrot: Do hate mer némmen 1.100 Euro Recetten, well mer vill Saache gemaach hunn, wou keng Oeuvren ze verkafe waren. Doduerch konnte mer dann och keng Recetté kréien. Ech mengen, dat ass awer e gutt Resultat par rapport zu de Jore virdrun.

E ganz interessante Relevé vun eise Säll, déi mer verlounen, wéi déi pro Joer besat sinn: D'Aalt Stadhaus war 316-mol besat ginn, den Hall polyvalent la Chiers 61-mol, d'Grillade-Plaz zu Lasauvage 38-mol, d'Maison Krieps 51-mol, d'Salle des fêtes Lasauvage 5-mol, den Hebergement an der Schoul 39-mol an d'Salle de conference zu La-sauvage 28-mol.

Ech wëll ganz kuerz op d'Bibliothéik agoen, well ech mengen, dat ass och e wichtegen Deel vun der Kultur. Do hu mer eng kleng Analys vun deene Leit, déi d'Bibliothéik frequentéieren. Do stelle mer fest – wat mer am Fong net esou direkt geduecht haten –, déi Tranche vun 11 bis 20 Joer ass am meeschten aktiv. Dat heescht also, contrairement zu deem, wat een hätt kënne mengen, eis Jugend liest awer nach. An dat ass flott. Dir gesitt och eng Grafik vun den Nationalitéite vun de Clienten. D'Lëtzebuerger si vir mat 970. Da kommen d'Portugise mat 392 an duerno d'Fran-souse mat 141.

Dann hu mer eng kleng Kritik, wou mer gesot kréien: Den „nombre d'enseignants fréquentant de la bibliothèque est un peu desservant. Une collaboration plus intensive avec le service scolaire sera nécessaire, afin de faire passer le message“. Ech mengen, dat ass e gud-de Punkt. Effektiv, et ginn zwar Visitte

vun de Klassen organiséiert, fir dass se wëssen, wéi esou eng Bibliothéik funktionéiert a wéi se ausgesäit, a fir dass se och duerno wëssen, wuer se sech musse wenden, fir entweder Bicher oder CDen ze léinen.

Och en interessante Relevé vun de Catégories socio-professionnels des usagers inscrits: Déi meeschti si Schüler: 511. An da Leit, déi an der Pensioun sinn: 135. Duerno Employés privés: 131.

Mir haten agefouert, dass déi Leit, déi d'Bicher net zréckbréngen, awer da missten no enger gewësser Zäit bezuelen. 632 Lettres de relance, wéi si dat hei nennen, si fortgeschéckt ginn. Nodeem déi fortgeschéckt gi sinn, hunn 82% vun de Leit d'Bicher erëmbruecht. 17,5% hu missten en zweete Rappell kréien. A vun all deenen hunn 79 Leit eng Facture kritt, well se d'Bicher ze spéit respektiv guer net zréckbruecht hunn.

Den Accès Internet am Haus do iwwer gëtt gutt benutzt. Do sinn 2.559 Passagen enregistréiert ginn. Dir wësst, dass een och ka Fotokopië maachen. Do ginn ech driwwer ewech. An der Analyse iwwert d'Prête vun den CDe stelle mer fest, dass mer némme 568 CDe fir auszeléinen hunn. Mir maachen awer 4.019 Prête vun CDe pro Joer. Dat heescht, an der Moyenne gëtt een CD 9-mol pro Joer ausgeléint. Wat e ganz gudde Score ass.

Wa mer kucken, wéini d'Leit an der Bibliothéik passéieren, da stelle mer komischerweis fest, dass an der Vakanz manner Leit komme wéi an der Schoulzäit. Et hätt ee gemengt, am August, wann d'Kanner Vakanz hunn, géife se méi oft Bicher liesen oder ausléinen, mä dat ass net de Fall.

D'Bibliothéik organiséiert eng ganz Rei flott Saachen. Zum Beispill Lundi-littérairen. Do war gëschter Owend eng ganz flott Liesung iwwert de Bommeleér. Et gëtt de Bib fir Kids, et ginn Animatiounen gemaach fir Kanner an och Accueil vu Gruppen.

Dat zum Kulturbilan vun 2016. Dir gesitt, et ass vill geschafft ginn. Et gëtt vill geschafft. An et gëtt net némme geschafft, mä et gëtt sech och iwwerluecht, wat gutt a wat schlecht ass. An aus deenen Zuelen hei, mengen ech,

36 000 €. La Ville de Differdange a organisé le Steampunk pour la première fois. Elle a demandé à Pétange de l'aider à l'avenir. L'année dernière, la manifestation a couté 21 480 €. Le Marché de Noël a couté 74 000 €, mais a rapporté plus de recettes que prévu.

Les frais pour les expositions se montent à 46 374 € pour 1100 € de recettes. Le résultat est bon par rapport aux années précédentes.

En ce qui concerne la location des salles, l'Aalt Stadhaus a été loué 316 fois, le Hall de la Chiers 61 fois, l'aire de grillade à Lasauvage 38 fois, la Maison Krieps 51 fois, la salle des fêtes de Lasauvage 5 fois, l'hébergement 39 fois et la salle de conférence 28 fois.

Pour ce qui est de la bibliothèque, les jeunes de 11 à 20 ans sont les plus actifs. Les Luxembourgeois, suivis des Portugais et des Français, sont les lecteurs les plus avides. La bibliothèque souhaiterait une collaboration plus étroite avec le service scolaire pour que les classes fréquentent davantage les lieux. Parmi les usagers inscrits, il y a 511 élèves, 135 retraités et 131 employés privés.

Une partie des usagers n'a pas rendu les livres à temps. La bibliothèque a envoyé 632 lettres de relance. 82 % des personnes ont rendu les livres après un rappel et 17,5 % après 2. Soixante-dix-neuf personnes ont reçu une facture.

Deux-mille-cinq-cent-cinquante-neuf personnes ont utilisé l'accès Internet.

La bibliothèque dispose de 568 CD et comptabilise 4019 prêts par an, soit une moyenne de 9 emprunts par an.

Pendant les vacances, moins de gens fréquentent la bibliothèque que pendant les périodes d'école. Tom Ulveling pensait que les enfants lisaient davantage en aout et pendant les vacances.

L'échevin mentionne ensuite plusieurs activités organisées par la bibliothèque comme les lundis littéraires, Bib for Kids et des animations pour enfants.

Le bilan culturel 2016 prouve que la Ville de Differdange travaille dur et évalue ce qui est fait. À partir des résultats, elle peut décider quels programmes proposer à l'avenir.

## 2. Projets communaux

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**  
passe au Mathendahl.

**ERNY MULLER (LSAP)** explique que les canalisations sont refaites dans la route de Bascharage pour gérer les eaux mixtes dans l'ancienne partie du Mathendahl.

En fait, des problèmes existent dans la rue des Pommiers depuis des années. En été, lorsqu'il pleut beaucoup, les caves sont inondées. D'après les experts, le canal devrait être placé trente centimètres plus bas.

La circonference du canal de la rue des Pommiers est DN300 alors que dans le Mathendahl, elle passe de 300 à 400.

Les frais se montent à 335 500 €. Les travaux seront finis en avril ou mai.

En cas de problèmes pendant le chantier, les riverains peuvent s'adresser directement à la commune.

(Vote)

Erny Muller passe au point b portant sur la canalisation dans la rue Henri-Bessemer. Un nouvel axe d'eaux pluviales est prévu dans la rue Bessemer et dans la rue de Soleuvre en direction du carrefour du Woiwer.

Ces travaux sont nécessaires dans le cadre de la construction des nouveaux lotissements, notamment dans la Cité d'O', qui figure dans le dossier des conseillers sous PAP A, et aux abords des rues Bessemer et rue de Soleuvre sous PAP B.

Les PAP C et D sont encore en cours de développement. Des lotissements sont prévus dans la rue de Soleuvre derrière Lidl jusqu'à la station-service Aral et en direction du carrefour Woiwer.

Dans une première phase, le système de séparation en question concernera la rue Pierre-Neiertz, la rue du Bois-des-Bonnes-Sœurs, la rue Bessemer et les rues secondaires comme la rue Gabriel-Maugas, la rue Gustave-Lemaire, la rue Gustave-Metzler et la rue du Ravin-des-Cholets.

Les canalisations actuelles étant en mauvais état, il sera nécessaire de les remplacer pour obtenir un résultat durable. Dans l'axe principal, on aménagera un canal DN500 pour l'eau pluviale et un canal DN400

muss een opbauen, fir ze kucken, wat een an Zukunft nach soll a kann organiséieren. Ech soe Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ech soen Iech och Merci, Här Ulveling. Da géife mer zum zweete Punkt kommen, dem Mattendall. Här Muller, fir Kanalisation a Baute sidd Dir dee richtge Mann.

**SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemeneng- a Schäfferot, am Mattendall an der route de Bascharage gëtt d'Kanalisation erneiert. Et handelt sech bei désem Devis èm eng nei Kanalisation fir d'Meschwaasser am méi alen Deel vum Mattendall, an der Entrée an der rue de Bascharage.

Firwat muss d'Kanalisation an der rue des Pommiers, dat heescht déi éischter Strooss lénks, wann een erafert, erneiert ginn? Hei am ieweschten Deel vun der Strooss besteht säit Joren de Problem, besonnesch am Summer bei staarkem Reen, dass d'Leit Waasser an hir Kellere kréien. Eng Expertise huet gewisen, dass de Kanal misst 30 cm méi déif geluecht ginn, fir dëse Problem definitiv ze léisen. Wat mir heimatter maachen.

Den Duerchmiesser vum Kanal an der rue des Pommiers bleift am DN300. Am Mattendall a Richtung rue de Bascharage gëtt en awer vun 300 op 400 eropgesat.

De Käschtepunkt ass 335.500 Euro. D'Aarbechten, déi direkt uginn, si fir Abrëll/Mee ofgeschloss.

Wéi èmmer hu mir eng Chantiers-iwwerwaachung. An d'Anrainer sollen net zécken, fir sech bei eventuelle Problemer direkt bei der Gemeng ze mellen. Dat zum Punkt Mattendall.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Sinn dozou nach Froen? Da géife mer direkt zum Vote kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis pour le renouvellement de la canalisation route de Bascharage/Mathendahl.

Exzellent. Här Muller, Dir dierft weiderfueren.

**SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Am Punkt b geet et èm eng méi gréisser Operatioun. Hei am Dossier ass d'Erneierung vun der Kanalisation an der rue Henri Bessemer beschriwwen, mä et geet wäit doriwwer eraus. Wéi Dir am Exposé des motifs kënnt gesinn, ass eng nei Reewaasserachs souwuel an der rue Henri Bessemer wéi och an der rue de Soleuvre Richtung Woiwer-Kräizung virgesinn.

Dëst ass néideg duerch déi nei Lotissementer, déi hei geplangt sinn. An zwar un éischter Stell dem sougenannte Lotissement Breitfeld, wat och nach Bescha geheescht huet an neierdéngs Cité O'. Ënner PAP A fannt Der dat am Dossier erëm. Mä och déi Lotissementer an der rue Henri Bessemer an déi un d'rue de Soleuvre grenzen. Dës sinn am Dossier ënner PAP B. Dat ass deen, dee speiérderhin un d'Bessemerstrooss duerch de Ravin des Cholets ugeschloss gëtt. Dat ass an deem Deel, dee méi eropgeet, parallel zu der Cité Breitfeld.

D'PAPen C an D sinn nach an der Entwicklung. Geplangt ass e Lotissement an der Zolwerstrooss, hannert de Lidl bis hannert d'Aralstation, an e bësse méi erof Richtung Woiwer-Kräizung och nach e klengt Lotissement.

Wéi Dir unhand vun de Pläng erkennt, ass an désem Trennsystem, dat an der rue Pierre Neiertz an der Cité Kauffman ufänkt, wou och den Uschloss un dat neit Lotissement ass, souwuel d'rue du Bois des Bonnes Soeurs, d'rue Léon Kauffman duerno d'rue Bessemer an allen Nieststroessen, wéi d'rue Gabriel Maugas, d'rue Gustave Lemaire, d'rue Gustave Metzler an de Ravin des Cholets beträff. Dëst an enger éischter Phas.

Well eng Kameraführung gewisen huet, dass déi aktuell Kanalisation zimlech schlecht ass, gëtt si fir eng dau-

## 2. Projets communaux

erhaft Léisung komplett ersat. An der Haaptachs gëtt e Kanal DN500 verluecht fir d'Reewaasser an en DN400 respektiv DN500 méi Ѽnnen, Richtung Zolwerstrooss, fir d'Schmotzwaasser. An den Niewestroosse gëtt némmin d'Meschwaasserleitung vun DN300 erneiert ausser dem Ravin des Cholets, wou en Uschloss fir Trennsystemer gemaach gëtt.

An der Zolwerstrooss leede mir dann dat knaschtegt Waasser Richtung rue Kalekerbaach, wou de Kanalisatiounssystem a Richtung Rocade op de Kollekter vum fréieren AS-Terrain ugeschloss gëtt.

An der Zolwerstrooss, déi Ѽnnner Phas 2 figuréiert, gëtt des Weideren de Meschwaasserkanal erneiert duerch eng DN400 bis zur Woiwer-Kräzung. Dee gëtt émfonctionnéiert als en einfache Schmotzwaasserkanal, well mer da kee Meschwaasser méi hunn, mä eng nei Reewaasserachs DN700.

No der Erneierung vum Reschtstéck vun der rue Woiwer – Dir wësst, do bleift nach dat Uschlossstéck vun der Woiwer-Kräzung bis Rondpoint Rocade de ze maachen, a wann dat fäerdegg ass, dann ass do och e proppere Waasserkanal – gëtt deen heite Raccord vun der Zolwerstrooss dann do drop gemaach.

D'Rocade gëtt dann un deen neie Proper-Waasser-System, wou och d'Kalekerbaach dra leeft, mat ugeschloss. Domatter hätte mir vu Richtung Zolwer hier gesinn e kompletten Trennsystem. Selbstverständlech gëtt de Belag an alle Stroossen erneiert.

D'Aarbechten an der rue Bessemer, dat heescht de Lot 1, fänken an den eischte Méint vun 2018 un. D'Aarbechten an der rue de Soleuvre, de Lot 2, net virun 2019, respektiv nodeems dat Reschtstéck an der Woiwerstrooss, vun deem ech Iech geschwat hat, fäerdegg ass.

De gesamte Käschtepunkt vun all dësen Aarbechte beleeft sech op 2.820.000 Euro. Do sinn d'Honorairë vun 230.300 Euro an d'TVA vu ronn 394.000 Euro mat abegraff. Ech soen Iech Merci.

### BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Gëtt et Wuertmeldungen? Här Schwachtgen, ganz gären.

### FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

E puer Wuert dozou. Eng Stellungnam an eng, zwou Froen. Déi gréng Déifferdeng begréissen, dass mer elo no Joren – wann och heiandsdo am Ufank mat Gestreits – lues a lues op en Trennsystem an der ganzer Gemeng zoukommen. Ech mengen, dat dauert nach e puer Joren. Mä d'Efforte gi gemaach.

Am Ufank hat am Fong ni een dorunner gegleeft. Et ass gesot ginn, alles an de Kanal, e proppere Waasserkanal ass iwwerflësse. Et gesäit een awer émmer méi, dass eis Kläranlagen iwwerlaascht sinn, déi mat verdënntem Waasser schaffen, wat net effektiv ass. Soudass et schonn eleng aus deene Grënn méi wéi néideg ass, en Trennwasserkanal ze hunn. Heimat ass dee richtige Wee beschratt ginn. A wa mer dat bis fäerdegg hunn, wäerte mer do e Stéck méi wäit sinn.

Wat déi nei Lotissementer ubelaangt, ass d'Fro, dass Ѽnnner propperem Waasserkanal just Daachwaasser ze verstoen ass an net Stroossewaasser. Et ass jo kloer, dat steet och am Leitfaden vun der Administration de la gestion de l'eau. Ech mengen, dat ass eng ganz wichteg Informatioun oder vläicht eng Bestätigung, déi ech froen, dass mer bei eisen neie Lotissementer allegueren némmin Daachwaasser eranhuelen a kee Stroossewaasser. Wat bei de Leit dacks falsch verstane gëtt.

Well et däerfe jo aus evidente Grënn net Salz an all déi Reschter, d'Résidue vun den Autoen, vun de Bremsbeleeg an ech weess net wat nach, eventuell Waasser vu Leit, déi nach émmer hir Autoe virun der Dier wäschten – wat zwar verbueden ass –, dann och an d'Kalekerbaach, an d'Chiers an och an d'propper Baache kommen. Ech mengen, dat ass am Fong eng Bestätigung, déi ech do froen. An dat och zur Opklärung fir d'Leit. Ansonsten ass dee Projet ze begréissen.

Elo en anere Punkt. Eréischt virun zwee Joer war d'rue Henri Bessemer ganz opgerappt ginn. An deem Quartier stelle

ou DN500 pour les eaux usées plus en bas. Dans les rues secondaires, il s'agira d'une conduite DN300 pour les eaux mixtes, sauf dans la rue du Ravin-des-Cholets qui sera raccordée au système de séparation.

Dans la rue de Soleuvre, les eaux usées seront canalisées en direction de la rue Kalekerbaach, qui est raccordée au collecteur de l'ancien terrain de l'AS.

Dans la rue de Soleuvre, le canal des eaux mixtes sera remplacé par un canal pour eaux usées DN400 jusqu'au carrefour du Woiwer.

Lorsque la dernière partie de la rue Woiwer sera finie, le canal sera relié à la rue de Soleuvre. La rocade sera raccordée au nouveau système d'eau propre. De cette façon, la Ville de Differdange disposera d'un système de séparation des eaux complet à partir de Soleuvre.

Les travaux dans la rue Bessemer commenceront début 2018, ceux dans la rue de Soleuvre en 2019.

Les frais se montent à 2 820 000 €, frais d'honoraires de 230 300 € et TVA de 394 000 € inclus.

**FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)**  
se réjouit du fait que la Ville de Differdange se dote enfin d'un système de séparation des eaux dans toute la commune. Il aura fallu des années et de longues discussions.

Au départ, certains pensaient qu'un canal pour l'eau propre n'était pas nécessaire. Or les stations d'épuration sont surchargées. C'est pourquoi une séparation des eaux est indispensable.

D'après le mémento de l'Administration de la gestion de l'eau, dans les nouveaux lotissements, seule l'eau de toiture passera par le canal et non l'eau de rue. Fränz Schwachtgen demande une confirmation de la part du collège échevinal. Ce point est souvent mal compris par les gens.

Fränz Schwachtgen suppose que le sel ou les résidus des voitures ne peuvent pas non plus s'écouler dans la Kalekerbaach ou dans la Chiers. Il y a deux ans, d'importants travaux avaient eu lieu dans la rue Bessemer. Les habitants se demandent donc pourquoi ces travaux n'ont pas été effectués à l'époque.

Fränz Schwachtgen rappelle que dans la rue Bessemer, il y a des

## 2. Projets communaux

arbres intéressants d'une circonference de trente centimètres. L'année dernière, ils avaient été protégés, mais leurs racines avaient malgré tout été endommagées. Les trottoirs vont-ils être démolis?

**ROBERT MANGEN (CSV)** confirme qu'il est écologique de séparer les eaux pluviales et usées. Il salue le fait que les trois nouveaux lotissements seront raccordés au système. On évitera ainsi de devoir réaliser de nouveaux travaux plus tard.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** salue à son tour la séparation des eaux. Il est important de le faire à travers toute la ville.

M. Muller a dit qu'il comptait construire un nouveau lotissement. Gary Diderich ne pense pas qu'il faille aménager tous les sites encore verts. Tout à l'heure, il sera question du plateau du Funiculaire. Lorsqu'il a été approuvé, déi Lénk ne faisait pas partie du conseil communal. Mais Gary Diderich estime qu'il faudrait construire davantage en hauteur plutôt que de bétonner chaque mètre carré. Cela contribuerait à une meilleure qualité de vie. Or ce n'est pas ce que fait le collège échevinal, qui, par ailleurs, n'a toujours pas présenté de PAG. Gary Diderich demande que le collège échevinal fournit au moins quelques informations aux conseillers communaux pour que ceux-ci puissent préparer leur programme électoral. Car sans vision globale, il est difficile de travailler.

Aujourd'hui, il est question de l'aménagement du canal. Le conseil communal pourra donc discuter de l'aspect des différents lotissements plus tard.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** passe au vote.

**ERNY MULLER (LSAP)** souhaiterait répondre à une question.

M. Schwachtgen sait que dès que les dossiers sont terminés, ils sont envoyés à l'Administration des eaux. Celle-ci analyse alors en détail quel type d'eau passe dans le système d'eau propre. L'aménagement est fait de telle façon que l'on doit pouvoir voir à tout moment qu'aucune eau sale ne passe par ce canal.

vill Leit sech Froen: Firwat elo? Firwat net virun zwee Joer, wéi déi Aarbechten am Gaang waren?

An der rue Bessemer stinn eng Rei interessant Beem mat engem Stammduerchmiesser vu bal 30 cm. Sinn déi betraff vun de Moosnamen? Déi si jo d'lescht Joer geschützt ginn, sinn allerdéngs och geschiedegt ginn am Wuerzelberäich. Kénnnt dee Chantier erëm esou no drun? Ginn d'Trottoiren erëm opgerappt? Dat si lauter Froen aus der Bevölkerung, déi ech hei wollt stellen. Merci.

### **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Här Mangen, w.e.gl.

### **ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Et ass scho vu mengem Virriedner gesot ginn, et ass sécherlech sénvvoll an ekologesch, d'Reewaasser an d'benotzte Waasser ze trennen. Et ass ze begréissen, dat sträichen ech ervir, datt den Uschloss vun deenen dräi neie geplangte Lotissementer schonns mat iwwerluecht gouf. An esou e spéideren, méi héije Käschtepunkt an och zukünfteg Désagréementer am Stroossebau ze verhënneren.

### **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Diderich, w.e.gl.

### **GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Och déi Lénk begréissen dat Investissement an d'Infrastruktur an déi Trennung vun deenen zwee verschiddene Waasseren. Et ass wichteg a sénvvoll, dat progressiv duerch d'ganz Gemeng duerchzezéien.

Den Här Muller huet elo gesot, dass een drop hinzuilt, do eng Kéier Lotissementer báizebauen. Do muss ech soen, dass mer dat kritesch betruechten, all Plaz, wou nach iergendwéi Loft ass a Gréng ass, ze bebauen. Mir schwätzen herno iwwert de Plateau du funiculaire. Do ware mir deemools net am Ge-

mengerot, mä mir géifen eis éischter dofir asetzen, dass op esou enger Platz wéi dem Plateau du funiculaire méi an d'Héicht gebaut gëtt a méi sénvvoll gebaut gëtt. Dass net einfach némmen all Quadratmeter erausgeholl gëtt fir d'Promoteuren. Mä dass eben dofir gesuergt gëtt, dass ee kann zesumme wunnen an dass eng Qualitéit vun Zesummewunnen erméiglecht gëtt.

An déi Richtung si mer elo hei nach net gaangen. Mir hunn och nach émmer kee PAG virleien. Ech wollt och do nach eng Kéier soen, datt et awer och net schlecht wär, wann deemnächst Informatiouen op d'mannst un d'Leit am Gemengerot géife goen. Fir dass d'Parteien dat kénnen an hire Wahlprogramm afléisse loessen an do kénnen Iwwerleeunge stattfannen. Well ech mengen, ouni déi global Visioun soll een net ze vill an déi Richtung schaffen.

Dat ass awer hei nach net de Fall. Mir maachen elo emol d'Kanäl. Dann hu mer domatter d'Méiglechkeet, awer net d'Obligatioun, déi Lotissementer esou ze bauen. Virun allem kann een nach iwwert den Detail schwätzen, wéi déi Lotissementer ausgesinn an a wéi eng Bebauung een do geet. Ech soen Iech Merci.

### **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Da géife mer zum Vote kommen.

### **SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):**

Däerf ech nach eng Äntwert ginn, w.e.gl.?

### **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo. Pardon.

### **SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):**

Et sinn elo verschidde Saachen hei op-komm. Ech fänke mam Här Schwachtgen un. Här Schwachtgen, Dir wësst, dass déi Dossieren, wann déi eng Kéier souwält ausgeschafft sinn, un d'Administration des eaux ginn. An d'Waas-

### 3. PAG et PAP

serwirtschaftsam kuckt ganz genee déi Iwwergabestellen, wat fir ee Waasser dann do an dat Propper-Waasser-System geleet gëtt. Dat gëtt ganz genee gekuckt. Dir wësst, op den Iwwer-gangspunkte muss souguer eng oppe Siichtstell sinn. Dass ee ganz kloer gesäit, dass do kee knaschtegt Waasser oder iergendwéi Dreck mat erageet, mä dass een all Moment ka kucke goen, wéi den Zoustand vun deem Waasser ass.

Zu den Aarbechten an dass d'Leit soen, hunn déi se dann nach all, si hu se eréischt virun zwee Joer opgerappt, elo gi se erëm oprappen. Ech mengen, dat hutt Dir richteg bemierkt, mä dat war esou: Déi Pläng waren nach net esou-wait, dass déi konnte begutacht gi vum Waasserwirtschaftsam, obwuel scho bekannt war, dass do e Lotissement kéim. An d'Post huet drop gedrängt, dass déi aner Infrastrukture sollte ge-maach ginn. Dofir hate mer direkt uge-faangen.

Et muss een awer soen, déi Infrastruk-ture leie meesch tens am Trottoir, wéi Dir richteg bemierkt hutt. Déi si prak-tesch komplett an den Trottoir geluecht ginn. Wat awer elo hei net méi de Fall ass. Dat hei si méi grouss Rouersyste-mer, déi an d'Strooss kommen. Soudass mer och mat de Beem keng Konfronta-tiouon hunn, fir Iech dorop eng Äntwert ze ginn.

Wat de Rescht ubelaangt, gesitt Der, dass an deene puer klengen Nieu-vestroosse keen Trennsystem gemaach gëtt. Ech mengen, deen Opwand wär vlächt e bëssen ze grouss gewiescht.

Zum Här Diderich: Am Bauteser-vice wësse mer zwar, wat fir Saachen an d'PAPe kommen, mä dat ass awer näischt, wat sech an engem Dag, emol net an e puer Méint, mä iwver Joren entwéckelt, an et gëtt mat eis diskutéiert an èmgeännert. Soudass mer schonn eng Anung hunn, wat do ka kommen.

Wat d'Promoteuren do maachen, ass weider näischt wéi dat, wat eist Baute-regrément erlaabt. Dat heescht, wann de PAG op där Platz erlaabt, dass do ka gebaut ginn, a wéi déi Wunnengen, déi dohikommen, an der Densitéit an an hirer Form kennen ausgesinn gëtt jo al-les duerch e PAG definéiert – a wann dat de Fall ass, da kann e Promoteur do eng Entwécklung maachen. Wat och

hei de Fall ass a wat scho leeft. Natier-lech am Kader vun deene PAPen.

Wa se ausgeschafft ginn, gëtt dann och drop agewierkt, ob e Quartier entweder méi e rouege Quartier gëtt, wou da méi Eefamilljenhaiser kommen an esou wei-der. Wat mer och oft ustriewen, grad just an där Zon, fir se emol esou ze nennen, Richtung Zolwer, wou mer awer ganz vill där neier Eefamilljenhaiser hunn.

Awer wéi gesot, duerch e PAG, dee mer heibannen zesummen èmmer stëmmen an à jour setzen, gëtt definéiert, wat wou gebaut gëtt.

#### **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci. Da géife mer zum Vote kommen.

*Le conseil communal décide à l'unani-mité d'approuver le devis précité pour les travaux de canalisation dans la rue Henri Bessemer, rue de Soleuvre et rues connexes.*

Am drëtte Punkt ass et erëm um Här Muller. Ech géif och do soen, mir hue-le fir d'éischt de Punkt a an dann de Punkt b. Här Muller, et ass un Iech.

#### **SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):**

Hei si mer um Plateau du funiculai-re. Do si mer schonn, wann ech mech gutt erënneren, aacht Joer am Gaang, wann net scho méi laang. Et sinn nach e puer Upassungen ze maachen. Ènner Punkt a, dat ass de Plateau du funi-culaire 1 bis 2, wéi mer dat nennen, d'rue Gaston Thorn, handelt et sech èm Folgendes: Deen Terrain niewent dem Auchan gëtt èmklasséiert an eng Zone mixte à caractère centrale, ZMC.

An der Haaptsaach gëtt en Deel vun enger Surface, déi elo ènner sougenann-ter Esplanade klasséiert ass, als Surface parvis service centre commercial mat Servitude de passage èmklasséiert. Des Weidere gëtt d'Form vum Gebai, wou en Tower a Form vun engem Dräieck virgesi war, elo geännert an eng recht-eckeg Bauform. D'Héicht vum Gebai geet vun 12 op 16 Stäck erop. D'Ge-

*Erny Muller comprend que les gens se plaignent qu'un nouveau chantier soit prévu deux ans à peine après que la rue a été entièrement démolie. À l'époque, les plans n'étaient pas suffisamment élaborés pour pouvoir être approuvés par l'Administration des eaux. Or la Poste insistait pour que les autres infrastructures soient réalisées rapidement. De toute façon, ces infrastructures ont été aménagées dans le trottoir alors que les conduites le seront dans la rue. Cela signifie aussi que les arbres ne seront pas concernés par ce chantier.*

*Dans les rues secondaires, il n'y aura pas de système de séparation, car les investissements seraient trop importants.*

*Pour ce qui est des questions de M. Diderich, le service des bâtisses sait à quoi ressembleront les PAP, mais ceux-ci sont développés sur plusieurs années et modifiés à plusieurs reprises.*

*Les promoteurs ne font rien d'autre que ce que prévoit le règlement des bâtisses. Ils respectent la typologie d'habitations et la densité retenues dans le PAG.*

*Bien entendu, lors de l'élaboration d'un PAP, on peut décider de créer un quartier plus calme en privilégiant les maisons unifamiliales. C'est par exemple le cas dans la zone en direction de Soleuvre. Mais c'est le PAG, qui est mis à jour régulièremment par le conseil communal, qui fixe ce qui peut être construit à quel endroit.*  
*(Vote)*

#### **ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) passe au point 3.**

*ERNY MULLER (LSAP) explique qu'il s'agit du plateau du Funiculaire en développement depuis huit ans. Dans la rue Gaston-Thorn, le terrain à côté d'Auchan est reclassé en une zone mixte à caractère central, une ZMC.*

*Une surface classée esplanade devient un parvis centre commercial avec servitude de passage. La forme de la tour passe d'un triangle à un rectangle. Le bâtiment pourra avoir 16 étages au lieu de 12 pour une hauteur de 43 m au lieu de 58.*

*Le parvis se situera entre Auchan*

### 3. PAG et PAP

et la nouvelle tour, qui abritera des commerces au rez-de-chaussée et des bureaux sur un étage. Il reliera donc deux structures actives dans le domaine commercial.

(Vote)

Erny Muller passe au point 3 b, une modification du PAG concernant le plateau du Funiculaire à côté des rues Asca-Rampini et Astrid-Lindgren.

Le collège échevinal souhaite modifier l'affectation du lot 12. Un immeuble y sera construit avec une crèche au rez-de-chaussée et une partie du premier étage. La crèche pourra accueillir 80 enfants, dont des enfants handicapés. L'immeuble comprendra aussi 37 studios pour jeunes encadrés et pour étudiants pouvant accueillir en tout 44 personnes. Au départ, l'immeuble ne devait contenir que des appartements et des places de stationnement au rez-de-chaussée. Pour ce qui est des alentours, une partie sera aussi occupée par la crèche, qui y organisera des activités.

Trente mètres carrés sont réservés pour un espace pour vélos. La commission demandant 2,5 m<sup>2</sup> par vélo, le collège échevinal estime que la surface prévue suffit amplement pour répondre aux besoins des étudiants.

La cellule s'est aussi intéressée au sentier de promenade en direction du lot 14, dont elle estime qu'il devrait être prolongé. Or il y a un garage souterrain sous ce lot, ce qui rend la réalisation de ce projet impossible. Erny Muller précise que ceci n'a rien à voir avec la nouvelle affectation. Autour sont prévus des trottoirs et des accès au parc de la Chiers. Par conséquent, Erny Muller estime qu'allonger le sentier de quelques mètres ne changerait pas grand-chose.

Il est aussi question d'une indemnité compensatoire. Celle-ci est fixée dans le cadre de la convention d'exécution du PAP.

Erny Muller demande au conseil communal d'approuver la modification du PAG.

samthéicht vun dësem éischten Tower ass doduerch vun 43 op 58 Meter eropgaang.

Dir gesitt, dee ganze PAP ëm deen zukünftegen Tower leent sech un den Areal vum Funiculaire un. Déi Servitude an dee Passage war virdrun eng einfach fräi Fläch. An déi fräi Fläch gëtt elo als e Parvis téschent deenen zwee Gebaier gemaach, dat heescht engersäits dem Auchan an anersäits deem Gebai, wat niewendru kënnt. Wou um Rez-de-Chaussée Prestation-commercialé virgesi sinn an op engem Stack nach Büroen. Soudass do e Parvis wär, fir déi zwou Strukturen, déi méi am kommerzielle Beräich sinn, mateneen ze verbanne.

#### **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Dozou gëtt et keng Wuertmeldung. Da géife mer zum Vote kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'adopter le plan d'aménagement particulier au lieu-dit «Plateau du Funiculaire 1-2, rue Gaston Thorn».*

Très bien! Da géife mer zum Punkt b kommen.

#### **SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):**

Punkt b: Modifikatioun vum PAG. Mir sinn nach èmmer um Plateau du funiculaire. Hei grenzt dat un d'Stroosse Asca Rampini an Astrid Lindgren. Dës Modifikatioun ass doduerch bedéngt, dat d'Stad Déifferdeng d'Affektatioun vum Lot 12 ännere gelooss huet. Wéi scho vum Schäfferot ugekënnegt, gëtt hei eng Residenz gebaut mat enger Crèche um Rez-de-Chaussée an deelweis um éische Stack. Dës huet theoretesch eng Capacitéit vun 80 Kanner. Si ass och als Inklusioun geduecht, handicapéiert Kanner sinn do zougeloooss.

Op de Stäck uewendriwwer komme Wunnenge fir Jeunes encadrés a Studentewunnengen. Et si 37 Studioen. Dovu si siwe mat zwee Schlofzëmmereen, soudass een am Ganze ka 44 Persounen ènnerbréngen.

Virdru waren do némme Wunnenge virgesinn an um Rez-de-Chaussée Parkplaze fir déi Wunnengen. Déi falen allerdéngs elo ewech an deem neie Projet.

D'Alentouren ännern och. En Deel vun der fraier Fläch ronderëm d'Gebai gëtt elo fir d'Crèche geholl, wou kënnten Aktivitéiten am Fräie stattfannen.

Et gëtt vun engem Espace vu Vélo geschwat. 30 Quadratmeter si virgesinn. D'Kommissiouen mengt, et missen 2,5 Quadratmeter pro Vélo virgesi ginn. Mir hunn dat gekuckt a sinn der Meenung, dass déi 30 Meter Carré, déi geplangt sinn, largement duerginn, fir eng ganz Partie Vélo vun de Studenten ènnerdaach ze bréngen. Mir proposiéieren, bei deenen 30 Meter Carré ze bleiwen.

Des Weideren huet sech d'Cellule mam Spadséierwee beschäftegt, deen duerch d'Lotissement a Richtung Lot 14 geet an deen do ènnerbrach gëtt. Si waren der Meenung, datt dee sollt virugefouert ginn. Mä do ass awer eng Déifgarage ènnert deem Lot 14. Do si verschidden Unitéiten. Dee ganze Sockel ass eng Déifgarage, soudass dat net méiglech ass. Dat war allerdéngs scho virdrun esou geplangt, also ier déi Affektatioun hei geännert huet.

Ronderëm sinn Trottoiren, do sinn nach weider Accèsen, fir an de Parc de la Chiers ze kommen. Dofir menge mer, dass dat absolutt kee Problem ass, wann dee Wee selwer do op där Plaz ènnerbrach gëtt, an een dann ebe ronderëm fier. Dat si just e puer Meter méi. Mä et kënnt een awer èmmer ouni Problemer an de Parc de la Chiers.

Si schwätzen dann och nach vun enger Indemnité compensatoire. Prinzipiell sinn all Arrangementer an Indemnitéit festgeluecht, déi am Kader vun där sougenannter Convention d'exécution vum PAP geregelt ginn.

Mir bieden Iech, och dës Modifikatioun vum PAP ze stëmmen. Ech soen Iech Merci.

#### **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Madame Saeul, w.e.g.

# 4. Finances communales

## CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Häre Schäffen, Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Hären, duerch d'Realiséiere vum Projet Plateau du Funiculaire ass neie Wunnraum mat Wunnqualitéit entstanen. An huet scho pas mal dozou bäägedroen, dass d'Awunnerzuel leschte Méindeg op 25.405 geklommen ass.

De Projet ass nach voll an Expansionioun mam Bau vum Centre commercial Opkorn an niewendrun dem Tower, deen, wéi schonns gesot, d'Form changéiert a vun 12 op 16 Stäck eropgeet.

De Schäffen Erny Muller huet eis grad d'Modifikatiounen zu deem schonn approuvéierte PAP virgedroen an explitiéiert. Dofir géif ech mer erlaben, se net nach eng Kéier ze widderhuelen.

Et si keng grouss Ännerungen. Et ass fir de Projet ze aktualiséieren, ze verbesseren a konform ze maachen. D'DP stëmmt dofir. An ech soe Merci.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci Madame Saeul. Da géife mer elo zum Vote kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'adopter le plan d'aménagement particulier au lieu-dit «Plateau du Funiculaire 3-14, rue Asca Rampini/rue Astrid Lindgren».*

Merci. Da komme mer zum véierte Punkt: comptes administratif et de gestion 2013 an 2014. Wéi Dir an Ärem Dossier gesitt, schléisse mer 2013 den Exercice of mat 2.757.000 Euro am Mali. An 2014 schléisse mer mat engem Mali vun 3.830.000 Euro of.

Ech muss soen, dat hei ass just méiglech, net mat Politiker, mä mat wierklech capabelen a gudde Fonctionnairen. Well et sinn am Fong geholl si, déi dat heite geréieren. An dofir vun eiser Säit aus, vum ganze Schäfferot, alle Fonctionnairen, déi mam Budget ze dinn hunn, e ganz grousse Merci.

Ech wëll just drun erënneren, vu wou mer kommen. Wann Der den Exercice

2015 kuckt, do fale mer vun engem Mali vun iwwer dräi Milliounen op e Plus vu sechs Milliounen. Deen ass natierlech nach net kontrolléiert. Ech hoffen awer, datt dat nach deemnächst wäert geschéien. Si hunn eis dat emol versprach. 2016 wäerte mer mat engem Plus vu bal 5,5 Milliounen ophalen. Dat heescht, Dir gesitt, mir komme vu wäit hier. A mir hunn et awer fäerdegbruecht, bannent dräi Joer aus engem grousse Mali awer wierklech grouss Plussen ze schreiwen. Wouduerch am Extraordinären an eis Stad kann investéiert ginn. Ech wier natierlech frou, wann déi zwee Konten hei dann och géifen approuvéiert ginn.

Madame Goergen, w.e.gl.

## MARTINE GOERGEN (DP):

Erlaibt mer w.e.gl., dozou Stellung ze huelen. Ech verstinn dem Här Ruckert seng Fro. Ech muss soen, dass mir déi Informatiounen och relativ kuerzfristeg kruten. Et ass wouer, dass dat elo ganz kuerz kënnt. Eise Conseilleren ass einfach am Dossier opgefall, datt Recetté vun zwee Evenementer vun 2014 net gebucht goufen. Also keng Tracen do waren an deenen Dokumenter, déi mir konnte beim Receveur agesinn. Wat jo, wann dee Punkt um Ordre du jour stéet, eist gutt Recht ass.

Mir haten du beim Här nogefrot. An hien huet eis géschter ganz spéit am Nomëtteg nach geäntwert an e puer Explikatiounen dozou ginn. Et wier esou gelaf, dass den Här Traversini déi Sue vun engem Mataarbechter entgéintgeholl hätt, an en Deel dovunner wier dunn un en anere Beamte weidergi ginn. Déi aus verschiddene Grénn – plausibel oder net plausibel – dunn an engem Dossier vergiess gi sinn.

Deen aneren Deel vun de Sue wär elo géschter, nodeems mir nogefrot hunn, no zwee an engem hallwe Joer am Safe erëmfonnt ginn. Mir fannen, datt dat Ganzt ganz konfus ass, an dass dat einfach muss gekläert ginn. Et handelt sech ëm Suen, do muss eng gewësste Struktur dra sinn.

Mir géifen dofir gären deen dote Punkt vum Ordre du jour erofhuelen an déi Informatiounen, déi do opgetaucht sinn, kläre losse vun der Direktioun

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** rappelle que le plateau du Funiculaire a permis de créer des logements de qualité. Il a contribué à ce que Differdange atteigne 25 405 habitants lundi dernier.

Le site est en pleine expansion et accueillera le centre commercial Opkorn et la tour dont la forme changera et qui comprendra 16 étages au lieu de 12.

M. Muller a déjà fourni toutes les explications. Il est donc inutile de tout répéter. Le DP approuvera la modification du PAG.  
(Vote)

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** passe aux comptes administratif et de gestion de 2013 et 2014. Les exercices 2013 et 2014 se concluent par des déficits de 2 757 000 € et 3 830 000 €.

Roberto Traversini tient à signaler que les bons résultats financiers de la commune ne sont possibles que grâce aux compétences des fonctionnaires. C'est pourquoi tout le collège échevinal les remercie.

Le bourgmestre rappelle qu'avec l'exercice 2015, la Ville de Differdange passe d'un déficit de plus de trois-millions à un excédent de six-millions d'euros. 2016 devrait se clôturer par un boni de près de 5,5 millions. Le collège échevinal a donc réussi à rétablir la situation en trois ans.

Roberto Traversini demande aux conseillers communaux d'approuver les comptes.

**MARTINE GOERGEN (DP)** comprend les questions de M. Ruckert, mais les démocrates n'ont obtenu des éclaircissements que récemment.

Les conseillers démocrates ont constaté que les recettes de deux événements de 2014 n'avaient pas été comptabilisées. Il n'en existait aucune trace dans les documents fournis par le receveur.

Hier, le receveur a finalement donné quelques explications. M. Traversini aurait reçu l'argent en question de la part d'un collaborateur. Il l'aurait ensuite remis à un employé. Cet argent aurait ensuite été oublié dans un dossier. Le reste de l'argent aurait été retrouvé dans un coffre-fort au bout de six mois.

# 4. Finances communales

Tout cela est confus. C'est pourquoi les démocrates demandent que ce point soit retiré de l'ordre du jour et que la direction du Contrôle de la comptabilité communale du ministère de l'Intérieur se saisisse du dossier.

## ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

explique que les deux situations n'ont rien à voir l'une avec l'autre. Si une erreur a été commise, il en prend l'entièvre responsabilité. Aucun fonctionnaire n'est responsable. Roberto Traversini ne tolère pas la pression qui a été mise sur certains fonctionnaires que les démocrates ont appelés même tard dans la nuit. M. Marcel Meisch et M. François Meisch sont en train de poser des questions depuis deux jours. S'ils s'étaient adressés directement à Roberto Traversini, ils n'auraient pas eu besoin d'envoyer un communiqué à la presse à minuit.

Cette affaire n'est rien d'autre qu'une attaque personnelle. C'est déplorable. Roberto Traversini répète que tout est de sa faute. Aucun fonctionnaire n'est impliqué.

Deux recettes du festival multiculturel 2014 n'ont pas été inscrites dans le budget parce que le receveur n'a pas reçu cet argent. À l'époque, une nouvelle équipe avait été mise en place. À un certain moment, elle a remarqué qu'il n'y avait pas assez d'argent pour payer tous les groupes. Elle a donc utilisé de l'argent de la buvette. C'était une erreur, et Roberto Traversini en est coresponsable en tant que président de la commission de l'intégration. La mise en caisse de 1800 € a été déposée le 3 juin 2014. Un fonctionnaire a remis le reste — 1110 € dans une enveloppe — au bourgmestre.

Celui-ci a mis l'enveloppe dans un dossier qu'il a donné au responsable de la commission de l'intégration. Cependant, le fonctionnaire en question ne savait pas qu'il y avait de l'argent dans le dossier. C'était il y a deux ans. Roberto Traversini suppose qu'il a oublié de le lui dire. En effet, il fait entièrement confiance à ses fonctionnaires. Ces deux derniers jours, la commune a recherché le dossier et l'a retrouvé avec toutes les pièces. Les 1110,48 € ont alors été remis au

vum Contrôle de la comptabilité communale, déi dofir zoustänneg ass um Inneministère. A wann déi dann even-tuell nach Remarken huet, déi mat an de Rapport ophuelen. Wann net, dann dee Rapport esou stëmmen, wéi si en eis dann dee Moment virleeën.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Éischtens wéll ech emol soen, datt dat eent näisch direkt mat deem aneren ze dinn huet. Zweetens, alles wat ech elo hei soen, hunn ech esou erlieft an och esou gemaach. Do ass net ee Fonctionnaire mat abegraff. Wann hei Feeler geschitt sinn, wou ech wäert erklären, welch Feeler dat sinn, si ganz eleng ech deen, dee responsabel dofir ass. A soss keen anere Fonctionnaire oder soss e Mataarbechter.

Ech ka just net toleréieren, datt versicht gëtt, Drock op d'Fonctionnaires ze maachen. Datt owes spéit verschidde Fonctionnaires ugeruff kréien, fir verschidde Saache gewuer ze ginn. Dat toleréieren ech net. An ech muss do wierklech kucken, mat eise Fonctionnaires, wat mer dogéint kenne maachen, fir nach Saache gewuer ze ginn.

Dir hutt eng Mail kritt gëschter Mëtten. Well mir si schonn zwee Deeg am Gaang. Den Här Marcel Meisch an den Här François Meisch si schonn zwee Deeg am Gaang ze wullen an ze froen. A wann Der direkt bei mech komm wäert, sou wéi eise Fonctionnaire Iech gesot huet, dann hätte mer kéinte wahrscheinlech scho verschidde Saache klären, ouni datt ëm Mëtternuecht e Communiqué un d'Press gaange wär.

Hei geet et effektiv just drëm, fir mech unzegräifen, datt Suen net do ukomm sinn, wou se hätte sollden. Dat fannen ech deplorabel. Ech stinn honnert Prozent hannert menge Leit. A wann hei e Feeler gemaach ginn ass – an ech wäert Iech soen, wat do geschitt ass – dann ass et ganz eleng meng Schold an net engem Fonctionnaire seng, egal op wéi engem Stack an a wéi engem Gebai.

Et ass esou, datt zwou Recettë vum Multikultifest vun 2014 net gebucht gi sinn. Déi konnten net gebucht ginn, well de Receveur déi ni kritt huet. Ech hunn déi Konten hei. Dat ass och eppes,

wat Dir gesicht hutt an net kritt hutt. Wann Der bei mech komm wäert, dann hätt Der se selbstverständlech kritt, amplaz ech weess net wat ze maachen, hennert de Fonctionnaires hierzelafen, fir kënnen eppes ze sichen, wat net ass.

De Multikulti 2014 ass esou ofgelaf: Do war eng ganz nei Equipe, dat wësst Der. Et ware ganz vill Leit do. Déi Equipe hat et am Fong geholl ganz gutt gemengt an op eemol gemierkt, do si Gruppen, déi optrieden, mä et ass awer net genuch Geld do, fir se ze bezuelen. An do ass effektiv Geld aus der Keess vun der Buvette erausgeholl ginn, fir verschidde Gruppen ze bezuelen. Dat ass ganz kloer.

Esou eppes soll net gescheien. Mir hu ganz genau Depensen a Recetten. Do ass e Feeler geschitt. A vu datt ech och President vun der Integratiounskommissiou sinn, sinn ech natierlech mat verantwortlech fir dat, wat do geschitt ass. Et ass natierlech en Total gemaach ginn. Ech wäert Iech deen och herno ausdeelen, d'Recetten an d'Mise de caisse. Iwwregens d'Mise de caisse, 1.800 Euro, ass den 3. Juni 2014 ofgi ginn. An de Rescht hunn ech vun engem Fonctionnaire an enger Enveloppe kritt, ganz richtege. Dat ware ganz genau, dat gesitt Der hei, 1.110 Euro.

Ech hunn dee ganzen Dossier, vu datt d'Kommissiou zimlech nei war, u si weiderginn, mat de Facturen, mat alle Piècen. Deen Dossier hunn ech dem Responsabele vun der Integratiounskommissiou ginn, mat där Enveloppe dran. Ech wéll awer hei preziséieren: Kee Moment hunn ech deem Fonctionnaire gesot, do läit eng Enveloppe mat Geld dran. Dat hunn ech net gemaach, ech hunn et vergiess. Ech weess net, wat do war. Dat sinn iwwer zwee Joer hier. Vi-run zwee Joer hunn ech deen Dossier esou ofginn, mat enger Farde dran, déi zougepecht war, mat deene Suen. Zougepecht, well ech esou vill Vertrauen an eis Fonctionnaires hunn, datt ech nach ni Suen nogezielt hunn an och nach ni eng Ënnerschrëft gemaach hunn. Dat heesch, ech hunn do blann vertraut.

A wéi mir elo déi zwee Deeg intensiv geschafft a gekuckt hunn, hu mer deen Dossier erëmfonnt mat alle Piècen. A mir sinn domat bei de Receveur eropgaangen, an de Receveur huet déi 1.110,48 Euro op de Cent genau kritt.

# 4. Finances communales

Hei ass dee ganzen Dekont, mat de ganzen Depensë vun deem Festival Multiculturel 2014. Ech hu bestëmmt nach vill Saache vergiess. Mä Dir wäert nach déi eng oder déi aner Fro stellen.

Wat de Rallye Fête de la musique ugeet: Dir wësst, dat war déizäit, wou de Schäfferot de Comité des Fêtes net méi finanzéiert huet. Um Dekont stinn eng Partie Leit, wou do gehollef hunn. Mir wollten net, datt déi Sue sollten an d'Keess vum Comité des Fêtes kommen, well mir dee Moment anerer Meenung waren, wéi dee Comité sollt fonctionnéieren.

De Café Rallye hat eng Recette abruecht. Ech hunn déi och kritt. Dat ware ronn 1.980 Euro. Deen Dekont hutt Dir haut kritt. Déi sinn an eng Keess komm. An déi Keess hat ech. An déi Keess läit am Receveur sengem Safe.

De Receveur weess dat awer net. An et ass net dem Receveur seng Schold. Et ass ganz eleng meng Schold, datt ech virun zwee an engem hallwe Joer net gesot hunn, hei ass eng Enveloppe mat 1.980 Euro dran, an déi sollen da w.e.g. gebucht ginn, wa sech alles geluecht huet. Well ech net wousst, wéi et do géif weidergoen. Well ech net wousst, wat nach ze bezuele wier oder net ze bezuele wier. Dat war eng ganz komesch Situatioun.

Ech fannen, datt ech dat net richteg gemaach hunn. Ech géif dat haut natierech net méi esou maachen. Ech géif genau dat maachen, wat mer zénterhier maachen. Well mer do och intern Diskussiounen haten. Iwwregens hunn ech och do gesot kritt, zu den Depensen: Dat ass net gutt, wann s de Saache mat de Recettë bezils. A vun deem Dag un ass dat och net méi geschitt.

Dofir wëll ech hei soen: Jo, 2014 si ronn 3.000 Euro net gebucht ginn. Déi Sue sinn erém do. Déi Sue wäerten 2017 gebucht ginn. An ech ka just hei soen, datt ech do e Feeler gemaach hunn. Datt ech mech entschöllege vis-à-vis vum Gemengerot an och vis-à-vis vun eise Fonctionnairen.

Ech wier frou, wann Der dat kéint verstoen. A wann net, da maacht Der domatter, wat der wëllt. Mä esou ass et richteg geschitt.

## MARCEL MEISCH (DP):

Vu datt mäin Numm gefall ass an där Geschicht, muss ech awer dorop äntweren.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

## MARCEL MEISCH (DP):

Ech wëll emol eischtens soen, datt ech a kengem Moment, awer a guer kengem Moment, hei an engem Gespréich iergendengem Fonctionnaire eppes énnerstallt hunn. Absolutt net. Dat géif ech och ni maachen.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Gutt. Da si mer eis eens.

## MARCEL MEISCH (DP):

Do si mer eis honnert Prozent eens.

Et ass awer och mäi gutt Recht, als Conseiller froen ze kommen an ze kucken, wat ass gebucht a wat ass net gebucht.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

## MARCEL MEISCH (DP):

A wann ech als Äntwert kréien, do ass näischt gebucht, da muss ech hellhöreg ginn. A wann ech hellhöreg ginn, da ginn ech dorëmmer froen, wéi dat da méiglech ass. An dat ass och mäi gutt Recht.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ganz richteg.

receveur.

Roberto Traversini dispose du décompte complet du festival multiculturel 2014.

Pour ce qui est de la fête de la Musique, la commune ne finançait plus le comité des fêtes à l'époque. Roberto Traversini a reçu une recette de 1980 €. Il a placé cet argent dans le coffre-fort du receveur sans le lui dire. Par conséquent, le receveur n'a aucune responsabilité. C'est Roberto Traversini seul qui a commis une erreur. Il ne savait pas ce qu'il adviendrait du comité des fêtes et ce qu'il restait à payer.

Aujourd'hui, il agirait autrement. Entretemps, des discussions ont eu lieu. Roberto Traversini estime qu'il ne faut pas utiliser ce type de recettes pour couvrir des dépenses. Ce n'est d'ailleurs plus arrivé depuis. Il est donc vrai que 3000 € n'ont pas été comptabilisés en 2014, mais ils le seront en 2017. Roberto Traversini a commis une erreur. Il s'en excuse auprès du conseil communal et des fonctionnaires. Il espère que les conseillers communaux comprendront. Autrement, tant pis.

**MARCEL MEISCH (DP)** voudrait prendre la parole, car son nom est tombé.

Il précise qu'à aucun moment, il n'a reproché quoi que ce soit à un fonctionnaire. Il ne le ferait jamais.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** répond qu'ils sont donc d'accord sur ce point.

**MARCEL MEISCH (DP)** concorde. Mais il estime qu'un conseiller communal a le droit de vérifier ce qui a été comptabilisé et ce qui ne l'a pas été.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** confirme que c'est vrai.

# 4. Finances communales

**MARCEL MEISCH (DP)** a entendu dire que certaines sommes n'avaient pas été comptabilisées. Cela l'a rendu curieux et il a posé des questions. Lorsqu'il a appris que c'était le bourgmestre qui avait l'argent, il est tombé des nues. Et son étonnement n'a fait que croître lorsqu'on lui a dit que l'argent était dans un coffre-fort. Ce coffre-fort n'est-il donc jamais ouvert? Personne ne vérifie ce qu'il y a à l'intérieur?

C'est pourquoi Marcel Meisch pense que le Contrôle de la comptabilité communale devrait vérifier à nouveau les comptes.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** répond que les conseillers communaux ont parfaitement raison de poser des questions. M. Meisch a d'ailleurs reçu une réponse hier après-midi. Le collège échevinal n'a rien à cacher.

Roberto Traversini ironise sur le fait que M. Meisch et M<sup>me</sup> Saeul aient parfaitement fait leur travail. Il se demande s'il est du devoir d'un président démocrate d'appeler des fonctionnaires tard le soir pour leur poser des questions. S'il avait contacté Roberto Traversini hier soir, il aurait obtenu le décompte et n'aurait pas eu besoin d'envoyer un communiqué de presse à minuit. Mais il s'agit d'une année électorale. Les démocrates sont prêts à tout.

(Interruption)

Pour Roberto Traversini, cette affaire n'a rien à voir avec les décomptes 2013 et 2014. Les pièces et les montants ont tous été contrôlés. Il ne manque pas un centime. C'est pourquoi Roberto Traversini propose de soumettre les décomptes au vote.

**MARCEL MEISCH (DP)** suggère de séparer les votes. En effet, il pense que le décompte 2014 n'est pas en règle, car le ministère n'a pas reçu toutes les pièces. Il n'a donc pu vérifier que ce qu'il avait. M. Traversini doit avoir le courage de dire qu'il manquait deux documents.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** confirme les propos de M. Meisch. Mais il ne peut pas faire davantage que ce qu'il vient de dire.

**MARCEL MEISCH (DP):**

A wann ech dann op eemol gesot kréien, den Här Buergermeeschter hat déi Suen, da falen ech aus alle Wolleken. A wann ech da gesot kréien, do louche Suen zwee Joer laang am Safe, da froen ech mech: Gëtt dee Safe dann ni opgemaach? A gëtt ni do dra gekuckt, wat do dra läit? Da falen ech nach méi aus de Wolleken.

An dofir bleiwen ech bei menger Meenung, datt mer dem Contrôle dat do nach eng Kéier solle matdeelen, dee soll dat nokucken. A wann dat esou ass, kënne mer duerno driwwer ofstëmmen. Dat ass meng Meenung, an ech bleiwen dobäi. An ech mengen och, datt et déi vun eiser Partei ass. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ma ech fannen dat ganz richteg, datt d'Conseilleren nofroen. An Dir hutt och alles kritt, wat Der gefrot hutt. Dir hutt dat och gëschter Mëtte kritt, wat net gebucht ginn ass. Mir hunn hei absolutt näischte ze verstoppen. An ech soen Iech, Här Meisch, Dir hutt Är Aarbecht ganz gutt gemaach an d'Madame Saeul och. Dat ass wierklech Är Aarbecht.

Ech weess awer net, ob et engem Partei-president seng Aarbecht ass, eis Fonctionnairen nach owes spéit unzeruffen an déi ech weess net wat ze froen. Ech fannen dat, muss ech soen, net gutt. Ech stinn hannert dem Gemengerot. Dir kritt all Dokument, wat Der gär hätt. A wann Der mech gëschter Owend gefrot hätt, dann hätt ech Iech déi Dekonten hei ginn. Dann hätt Der Iech déi Matdeelung, déi Der èm Mëtternuecht un d'Press geschéckt hutt, vläicht kënnen erspueren – oder och net. An engem Wahljoer muss ee sech, op alle Fall vun enger Demokratescher Partei, op villes gefasst maachen.

(Interruption)

Ech bleiwen dobäi, datt dat hei absolutt näischte mat den Dekonten 2013 an 2014 ze dinn huet. Déi Piècë sinn all kontrolléiert. D'Montante sinn all kontrolléiert ginn. Do ass net ee Cent, dee feelt. An dofir sinn ech der Meenung,

datt d'Dekonten 2013 an 2014 solle gestëmmt ginn.

**MARCEL MEISCH (DP):**

Ech sinn der Meenung, datt mer déi zwee sollen trennen. Datt mer iwwer 2013 ofstëmmen awer net iwwer 2014. Ech bleiwen der Meenung, 2014 ass net an der Rei, well de Ministère net alles dohigeluecht kritt huet. 2013 si mer d'accord. Do ass alles an der Rei.

Datt si déi Piècen nogekuckt hunn, déi se do uewen dohigeluecht kritt hunn, datt déi an der Rei waren, dat ass richteg. Mä et hunn der zwou gefeelt. An da musst Der och de Courage hunn ze soen, et hunn der zwou gefeelt.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**MARCEL MEISCH (DP):**

Voilà.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Méi wéi dat, wat ech elo gesot hunn, kann ech awer net maachen. Déi zwou Piècen ...

**MARCEL MEISCH (DP):**

Da muss een déi noreechen un de Ministère, an da muss deen dat kucken.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Meisch, w.e.g., mir si jo awer normalerweis e gutt fonctionnéierende Betrib, wann de Buergermeeschter net heiansdo Enveloppen a sengem Tirang huet.

(Gelaachs)

Ech brauch mech absolutt net do vir-drün ze verstoppen. Ech stinn dozou, Här Meisch. Ech stinn dozou. Ech hunn absolutt kee Problem dermat.

# 4. Finances communales

Ech wëll just net, datt eppes hei op eis Fonctionnairë kënnt. Wann hei een e Feeler gemaach huet, soen ech nach eng Kéier, da sinn ech dat. An déi Sue wäerten 2017 gebucht ginn. An dann ass et fäerdeg. Déi Sue sinn do. De Receveur huet déi a sengem Safe. An déi ginn da gebucht.

Elo komme mer zum Vote 2013. Nach den Här Ruckert, w.e.g.l.

---

**ALI RUCKERT (KPL):**

Ech wollt froen, iwwer wat stëmme mer dann elo of? Iwwert d'Konte vum Receveur oder déi vum Schäfferot?

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Mir stëmmen iwwert den Tableau récapitulatif vun 2013 of.

---

**ALI RUCKERT (KPL):**

Also net d'Keess vum Receveur?

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Nee.

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Déi zwee, Comptes administratifs et gestion?

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo, déi zwee gi gestëmmt. Pardon.

---

**ALI RUCKERT (KPL):**

Stëmme mer se separat of?

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo, selbstverständlech.

---

**ALI RUCKERT (KPL):**

Ech wëll awer nach eppes soen.

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo, ganz gären.

---

**ALI RUCKERT (KPL):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech gehéieren net zur politescher Majoritéit. Ech muss soen, dass ech dat hei iergendwéi wéi e Stuerm am Waasserglas empfonnt hunn. Mir hunn d'Erklärunge kritt, wat mat där klenger Zomm passéiert ass. An ech géif déi Erklärungen och akzeptéieren. De Buergermeeschter huet gesot, dass en do e Feeler gemaach huet. Ech géif déi Saach ad acta leeën.

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci.

---

**ALI RUCKERT (KPL):**

Well dat do ass awer elo keng Staatsafäär. Et ass net wéi bei anere Saachen, wou emol an der Vergaangenheet zu Déifferdeng Suen erausgaange sinn, fir Organisatiounen oder Comitéen, déi e Lycée hei wollte bauen, ze énnerstëtzen. A wou net ganz kloer ass, wat deemools passéiert ass. Ech mengen, dat do ass wierklech keng Affär. Mir hunn d'Erklärunge kritt.

Ech wëll awer soen, dat ass awer elo net de Grond, firwat ech géint déi Konten do stëmmen. Mä ech stëmme géint déi Konten aus politesche Grënn.

Well ech ebe politesch kee Vertrauen an de Schäfferot hunn, a well ech eben och net derbäi war, wéi d'Budgeten opgestallt gi sinn. Well ech als Vertrieeder vun der KPL ganz aner Prioritéiten do gesat hätt. An da wär natierlech och e ganz anert Resultat dobäi erauskomm. Dat wollt ech awer elo soen, ier mer dorriwwer ofstëmmen.

**MARCEL MEISCH (DP)** insiste sur le fait que la Ville de Differdange doit envoyer les pièces manquantes au ministère.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** réplique que la Ville de Differdange fonctionne bien aussi longtemps que le bourgmestre n'oublie pas des enveloppes dans son tiroir.  
(Rires)

Roberto Traversini répète que les fonctionnaires n'ont rien fait. Il est le seul responsable. Il a commis une erreur, mais l'argent est là et il sera comptabilisé en 2017.

**ALI RUCKERT (KPL)** demande si le vote portera sur les comptes du receveur ou sur ceux du collège échevinal.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** répond que le vote porte sur le tableau récapitulatif de 2013.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** intervient. Il s'agit des comptes administratif et de gestion.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** confirme les propos de M. Diderich.

**ALI RUCKERT (KPL)** demande si les votes seront séparés.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** répond que oui.

**ALI RUCKERT (KPL)** ne fait pas partie de la majorité, mais il trouve que cette affaire est une tempête dans un verre d'eau. Le conseil communal vient d'obtenir toutes les informations concernant la petite somme en question. Le bourgmestre a admis son erreur. Ali Ruckert propose de classer l'affaire.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** l'en remercie.

**ALI RUCKERT (KPL)** se souvient d'affaires bien plus graves lorsqu'on utilisait des deniers publics pour soutenir des comités s'engageant pour un lycée. Cependant, il n'approuvera pas les comptes pour des raisons politiques. Il ne fait pas confiance à la majorité et il n'était pas conseiller communal lorsque le budget a été

# 4. Finances communales

éaboré. En tant que communiste, il aurait fixé d'autres priorités.

**FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)**  
a du mal à réaliser à 8 h du matin qu'un communiqué est sorti à minuit sans savoir de quoi il en retourne. C'est un peu comme les tweets de Trump.

Entretemps, Fränz Schwachtgen a cru comprendre qu'il s'agit de 3000 € dans un coffre. Il y a une erreur de comptabilisation.

Fränz Schwachtgen rappelle que l'on parle des comptes de 2013 et 2014 où des millions d'euros sont en jeu. Or le problème ne porte que sur 3000 €. La situation aurait été différente s'il était question de 30 000 ou 300 000 €. Mais là, Fränz Schwachtgen accepte les explications.

Si quelqu'un estime ne pas pouvoir approuver les comptes parce qu'il ne fait pas confiance au bourgmestre, il peut toujours donner suite à l'affaire.

Mais Fränz Schwachtgen approuve les comptes.

**ROBERT MANGEN (CSV)** rappelle que les comptes 2013 et 2014 ont été contrôlés. Les seules critiques concernaient des sommes minimales. En tout, les budgets ordinaires et extraordinaires en question représentent 120 et 123 millions d'euros. Toutes les dépenses et les recettes ont été vérifiées.

Robert Mangen remercie le receveur. En effet, malgré ces sommes importantes, les chiffres étaient pratiquement corrects au centime près. En ce qui concerne les 3000 €, Robert Mangen estime qu'une commune doit suivre des règles. Ici, il y a eu un problème. Le bourgmestre a commis une erreur et a donné des explications. Il est déjà arrivé à Robert Mangen de se tromper aussi. Cependant, M. Traversini est coupable, car les comptes doivent être justes. Sans erreur, il n'y aurait pas cette discussion aujourd'hui. Mais Robert Mangen accepte les explications, car l'erreur est humaine. Et ce, même s'il ne comprend pas comment on a pu retrouver l'argent.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ech soen Iech Merci, Här Ruckert. A Merci fir Är Ënnerstëtzung. Här Schwachtgen, w.e.g.l.

**FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll och eppes derzou soen. Et ass fir e Conseiller schwéier, mueres um aacht Auer gewuer ze ginn, dass nuets um zwielef Auer e Communiqué iergendwou war. An ech weess emol net, wou en hierkënnt nuets um zwielef Auer. Dat ass eng à la Trump, wann een dat kann esou gesinn – Twitter an esou Geschichten, wou ech net kennen. Mä ech sinn dat de Muere gewuer ginn.

Ech hu mech kuerz kennen informéieren, ganz kuerz virun der Sitzung. Ech hunn déiselwecht Erklärungen elo héieren. Et handelt sech èm 3.000 Euro, déi elo do sinn, déi am Safe waren. Dat heescht, fir mech ass dat liquid Geld, wat muss gebucht ginn. Dann ass e Buchungsfeeler geschitt, a mengen Aen emol.

Ech wéilt awer nach dat heite soen: Mir schwätzen hei iwwert d'Konte vun 2013 an 2014. Do geet et èm Millioune Suen. Hei geet et èm 3.000 Euro. Ech wëll net soen, dass 3.000 Euro Peanuts sinn. Mä wann et 30.000 Euro oder 300.000 Euro gewiescht wären, dann hätte mer eng aner Situatioun.

D'Erklärung, déi mer kritt hunn, ass fir mech zefridstellend. Ech kann och déi Konten do stëmmen. Dat soen ech elo a mengem perséinlechen Numm. Leider ass et an därf kuerzer Zäit net méiglech, aner Stellungnamen ze huele wéi eng perséinlech.

Déi zweet Saach ass: Wann een dann elo géint déi Konten aus deem Grond géif stëmmen, respektiv kee Vertrauen zu deem huet, wat de Buergermeeschter gesot huet, mengen ech, ass et à tout moment méiglech, Recours ze huelen zu deem, wat eben haut de Buergermeeschter gesot huet, an déi Affär weiderzespanen. Fir mech geet dat do duer. Ech géif déi Konte stëmmen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Mangen, w.e.g.l.

**ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Zwou Saachen. D'Konte vun 2013 an 2014 si kontrolléiert ginn. Et ware just e puer ganz geréng Beanstandunge vum Ministère derbäi. D'Taxen, déi eben net vum Schäfferot virgestallt goufen oder esou. Dat si minimal Zommen. Mir schwätzen hei, wann een elo déi zwee Budgeten, extraordinaire an ordinäre, zesummenhëlt, vun 120 Milliounen, dat Joer duerno vun 123 Milliounen. D'Einnahmen an d'Ausgabe goufe kontrolléiert a sinn och fir gutt befonnt ginn.

Ech mengen, bei esou enger Zomm muss een awer emol eng Kéier onsem Receveur Merci soen, datt déi Sue stëmmen. Dat huet bal bis op de Cent gestëmmt. Also dat ass emol dat éischt, wat ech wollt soen.

Dat Zweet ass de Problem vun deenen 3.000 Euro. D'Kontabilitéit vun enger Gemeng huet ebe speziell Ënnerlagen. An dat ass hei falsch gelaf. Dat muss een esou soen. Här Buergermeeschter, Dir waart deemoos do dra bedelegt. Dir hutt Iech erklärt, datt dat e bësse falsch gelaf ass. Dat ass mir heiansdo och scho bei Keese virkomm, wou ech schëllleg war, wou ech dann och Leit ausbezuelt hunn. Da vergësst een hei-ansdo emol eppes. Dat kann een awer dann am Gudde berengegen.

Schëllleg sidd Dir. Ech mengen, dat muss awer gesot ginn. D'Keesen hunn ze stëmmen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Richteg.

**ROBERT MANGEN (CSV):**

Do brauch een net driwwer ze diskutéieren. Ech huelen awer Är Entschëllégung un. Ech mengen, mir kenne jo hei als Gemengeconseiller dat akzeptéieren oder och net. Ech akzeptéie-

# 4. Finances communales

ren dat. Jiddwer Mënsch mécht Feeler. Et ass eben hei blöd gelaf.

Ech verstinn nach èmmer net, wéi dat erauskomm ass, datt déi Suen nach do sinn. Do waarden ech nach op Explikatiounen. Mä déi kréie mer da vläicht nogeliwwert.

Ech akzeptéieren Är Excusen. An ech wäert déi Dekonten do stëmmen.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Diderich, w.e.g.l.

## GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Et ass villes gesot ginn. Fir d'alleréischt emol, wat zu dësem Exercice gehéiert ènner normalen Ëmstänn, ass den Ënnerscheed ze maachen téschent der Aarbecht vum Receveur, déi, wéi de Bericht vum Ministère och weist, gutt gemaach ass. Dass do, wéi den Här Mangen scho gesot huet, ganz geréng Saachen ze be-anstante sinn.

Zum Deel sinn och Observatiounen gemaach ginn, déi de Schäfferot respektiv de Receveur konnten erklären an am Fong Saachen noreechen, déi u sech keng Froestellunge waren. Déi Piècë sinn dran, bei deene ganze Rôlen, an eng ganz Rei aner Geschichten.

Eng wichteg Saach, déi observéiert ginn ass, déi och fir d'Zukunft wichteg ass, dat ass déi, wa Suen un Associatiounen ginn. Do huet de Ministère gesot, da muss e Vote vum Gemengerot gemaach ginn. Dat sollt net an där hei Diskus-sioun ènnergoen. De Schäfferot huet gesot, mir maachen dat an Zukunft. Et ass wichteg, dass een dat och hei seet, dass dat an Zukunft och gemaach gëtt.

Déi Saache sinn nogereecht. Ech wäert elo net op eenzelnner dovun agoen. Mä ech fannen et awer wichteg, dass mer an Zukunft hei am Gemengerot dat kënnen zesumme kucken. An dass een dann och ka Positioun dozou huelen als Conseiller, firwat een elo där enger Associatioun an net där anerer en Don mécht als Gemeng.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

## GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Zu de Konte vum Receveur ass vun eis ze soen, dass mer dat stëmmen, dass mer dat esou validéieren. Dass mer och Merci soe fir déi Aarbecht, déi immens wichteg ass fir eis Gemeng.

Zu de Konte vum Schäfferot. Déi politesch Responsabilitéit wäerte mir net esou droen. Mir hunn de Budget-deemoos net gestëmmt. Mir hätten aner Prioritéite gesat. Dat huet sech bis elo nach net geännert. Dofir wäerte mer déi net stëmmen.

Zu där Affär, zu där et elo gemaach gëtt, muss ech soen, dass ech begréissen, dass am Fong d'Conseilleren hei hir Aarbecht maachen an dat kontrolléieren. Dat weist, dass e Contrôle do ass. An dee soll och do sinn. Dat ass d'Aufgab vum Gemengerot. Déi soll absolutt erméiglecht ginn.

Et soll een net èmmer soen, Dir kënnt jo bei mech kommen, da kläre mer alles. D'Fonctionnairë sinn och do, fir Froe gestallt ze kréien, net owes spéit, mä an hirer Aarbechtszäit. An dann ass et och un de Fonctionnaires Äntwer-ten ze ginn. Net fir d'Fonctionnaires u sech ze kontrolléieren – dat zwar och, déi sollen och kontrolléiert ginn zum Deel –, mä fir Saache kënnen anzukucken an dat Vertrauen, déi Kontroll ze garantéieren, déi ee brauch an enger Demokratie.

Mir hunn elo déi Erklärunge kritt vum Buergermeeschter, wat net glécklech ass, dass dat esou gelaf ass. Wat zum Deel allichkeit ass, dass et esou ka gelaf sinn, wéi dat duergestallt ginn ass. In der Tat mengen ech, mécht et elo keen Ënnerscheed. Och wann elo e bëssen esou e Verdacht opkënnnt: Sinn da vläicht nach aner Saachen do? Mä de Ministère wäert net méi kënne kucke wéi dat, wat en elo gesinn huet. Et ass an de Konte vun 2017, wou een déi Saachen da kuckt, déi elo nogereecht gi sinn. Wou dann déi Erklärunge musse matgereechech ginn. An dann ass et un deem nächste Gemengerot, bei de Kon-te vun 2017 dann opmierksam ze sinn

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** constate à son tour que le receveur a fait du bon travail comme le prouve le rapport du ministère, qui n'a émis que quelques critiques et observations. Le collège échevinal a pu fournir toutes les pièces demandées.

Une des remarques du ministère est cependant importante. Lorsque de l'argent est versé à des associations, il faut l'approbation du conseil communal. Le collège échevinal a promis de le faire à l'avenir.

Gary Diderich ne veut pas entrer dans les détails. Mais il estime que le conseil communal doit avoir son mot à dire lorsque la commune décide de faire un don à une association et pas aux autres.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** est du même avis.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** annonce qu'il approuvera les comptes du receveur, qu'il remercie pour son travail.

En revanche, il n'approuvera pas les comptes du collège échevinal, car les priorités politiques choisies ne sont pas celles de déi Lénk.

Pour ce qui est de l'affaire, Gary Diderich salue le fait que les conseillers communaux fassent leur travail et contrôlent les comptes. Le collège échevinal ne peut pas se contenter de dire qu'il faut lui poser les questions. Les fonctionnaires sont là aussi pour fournir des informations — mais uniquement pendant les heures de bureau, pas le soir. Il ne s'agit pas de contrôler les fonctionnaires, mais simplement de garantir les contrôles nécessaires à une démocratie.

Le bourgmestre a donné des explications. Ce qui s'est passé n'est pas très heureux. En plus, un doute subsiste: y a-t-il d'autres irrégularités? Mais dans les faits, cela ne change rien, car le ministère verra les mêmes documents que le conseil communal. Lorsque le ministère vérifiera les comptes de 2017, il évaluera les explications fournies. Au prochain conseil communal, donc, de voir l'avis du ministère.

Bref, déi Lénk approuvera les comptes de gestion du receveur, mais pas les comptes administratifs du collège échevinal.

# 4. Finances communales

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** constate qu'une erreur a été commise. Le bourgmestre a fourni des explications. Les socialistes approuveront les comptes.

Pierre Hobscheit a été surpris du communiqué ce matin. Bien entendu, chaque parti politique peut décider dans quelles circonstances il veut diffuser un communiqué de presse. Mais Pierre Hobscheit doute tout de même de sa pertinence puisqu'il est très vague.

Le conseiller communal prend note des explications du bourgmestre. Il a bien fait de reconnaître ses erreurs. C'est pourquoi les socialistes peuvent approuver les comptes.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** propose que les titres de recettes en question soient comptabilisés immédiatement. Il rappelle qu'il s'agit de 1000 et 1900 €.

Roberto Traversini passe aux votes. (Votes)

Roberto Traversini promet de ne plus jamais accepter une enveloppe avec de l'argent. Il interdira à qui-conque d'entrer dans son bureau avec de l'argent liquide.

Roberto Traversini passe au point b, un emprunt pour le préfinancement de l'école primaire internationale, pour une partie du hall polyvalent d'Oberkorn et pour les travaux d'infrastructure dans le parc de recyclage.

L'emprunt sera intégralement remboursé, intérêts compris. Les accords ont été conclus dans les moindres détails avec le ministère de l'Éducation nationale, le MDDI et le ministère des Finances. La banque sera remboursée dès la remise des clés. Pour la Ville de Differdange, l'opération est donc neutre financièrement.

Il ne manque que la valeur du terrain, soit 15 000 € l'are.

an dat nach eng Kéier nozekucken an ze kucken, wat de Ministère dozou seet.

An deem Senn wäert ech de Vote vun déi Lénk esou maachen, dass mer d'Comptes de gestion vum Receveur wäerte stëmmen an d'Comptes administratifs vum Schäfferot net wäerte stëmmen.

---

## **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Här Hobscheit, w.e.g.l.

---

## **PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Just ganz kuerz. Et gouf scho villes gesot, wat ganz richteg ass. D'Quintessenz vun deem Ganzen ass: Et gouf e Feeler gemmaach. Den Här Buergermeeschter huet Stellung dozou geholl. A mir als LSAP huelen déi Erklärungen zur Kenntnis a kënnen déi Konte matstëmmen.

Ech muss soen, ech gouf de Moie fréi vun deem Communiqué och e bësse kal erwësch. Ech hunn dee Communiqué e bësse vag fonnt. Et ass awer elo all Partei selwer iwwerlooss ze decidéieren, wéini se zu wéi engem Sujet mengt, e Communiqué müssen ze maachen. Ob deen do elo wierklech néideg war, wann een d'Saach esou vag muss halen, wéi et an deem Communiqué gehale gouf, dat sief dohigestallt. Mä wéi gesot, do muss all Partei fir sech decidéieren, wat se mécht.

Ech op alle Fall huelen d'Erklärunge vum Buergermeeschter zur Kenntnis. Ech fannen et gutt, dass agestane gëtt, wa Feeler geschéien. Déi néideg Explikatiounen goufe geliwwert. An an deem Senn kënne mir déi Konten och matdroen. Ech soen Iech Merci.

---

## **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Ech hu kee Problem dermat, wann eise Receveur déi Titres de recettes 2017 elo bucht an Dir och direkt gesitt, datt déi 2017 gebucht ginn. Dat sinn dann déi zwou Facturen, déi zwou Keesen, eng vun 1.000 Euro an eppes an déi aner vun 1.900 Euro. Ech wier frou, wann de Receveur déi géif bu-

chen. Dir géift dann och direkt gewise kréien, datt déi gebucht gi sinn.

Da géif ech mengen, mir kéint zum Vote kommen. Den administrative Volet 2013 an 2014. Kéinte mer déi zessummen huelen?

---

## **ENG STËMM:**

Nee.

---

## **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Nee. De Compte administratif 2013 dann.

---

## **GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Mir fänke mam Compte administratif vun 2013 un, also dee vum Schäfferot 2013.

*Le conseil communal décide avec 16 voix «oui» et 2 voix «non» d'arrêter provisoirement les comptes administratifs de l'exercice 2013.*

An dann huele mer de Compte administratif vun 2014.

*Le conseil communal décide avec 16 voix «oui» et 2 voix «non» d'arrêter provisoirement les comptes administratifs de l'exercice 2014.*

---

## **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ech soen Iech Merci, datt Dir meng Erklärung ugeholl hutt.

---

## **GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Elo kommen déi vum Receveur nach?

---

## **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo. Déi vum Receveur, d'Gestion. Dofir hunn ech Merci gesot.

# 4. Finances communales

## GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Kënne mer déi zesummeleeën? Kënne mer déi vum Receveur zesummeleeën, déi zwee Konten?

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'arrêter provisoirement les comptes de gestion des exercices 2013 et 2014 tels qu'ils figurent en annexe.*

Villmools Merci. Ech wäert ni méi eng Enveloppe mat Geld u mech huelen. Vun elo un ass et verbueden, mat Boergeld a mäi Büro ze kommen, wann et net fir d'éischt bei de Receveur gaangen ass. Ech soen Iech nach eng Kéier Merci.

Mir géifen dann zum Punkt b kommen. En Emprunt, dee mer wëllen ophuelen. Natierlech wann Dir dermat averstane sidd. Deen ass geduecht fir d'Virfinanzierung vun der internationaler Primärschoul, fir en Deel vun der Hall polyvalent Uewerkuer. Dat si Suen, déi mer vun der Chiershal erëmkréien, eng kleng Zomm. En ass u sech fir d'Travaux d'infrastructures, déi mer am Parc de recyclage gemaach hunn, fir dem Provisoire Plaz ze maachen.

Dee ganzen Emprunt kréie mer rembourséiert, mat den Zënsen, mat allem drëm an dran. Dräi Ministère hunn énnerschriwwen, den Educationsmistère, den MDDI an de Finanzmistère. Et ass alles ofgeschwat bis an de leschten Detail, de Bréif läit bai. Soubal se d'Schlëssele kréien, wäert d'Bank d'Suen zréckkréien. Dat heesch, fir eis ass et eng Nulloperatioun. Wuel ass hei net d'Valeur vum Terrain dran, déi 15.000 Euro den Ar. Dái kréie mer separat.

Sinn dozou Froen? Här Schwachtgen, w.e.g.

## FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Eng Fro iwwert d'Remboursement. Vu dass d'Gemeng Déifferdeng de Maître

d'ouvrage ass, ginn d'Regiestonne vun der Gemeng, d'administrativ Käschte mat agerechent? Dat heesch, bezilt de Staat eise Beamten hir Stonnen, wou se schaffen? Dat ass héchstwahrscheinlech net wéineg bei esou engem grousse Projet. Ass eng Enveloppe dobäi, wou dat rembourséiert gëtt?

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir hunn e Projektmanager drop. Mir hunn eng Persoun déi dat Ganzt begleet. Natierlech wäerte mer dat och froen, herno, wa mer dee ganzen Dekont hunn. Et ass kloer, datt mir gären d'Hand driwwer hunn, datt eis Leit Bescheid wëssen, wat do leeft. Et ass ganz no bei eis. Dofir muss een herno kucken, wéi ee mam Ministère eens geet. Fir eis ass et op alle Fall wichteg, datt mer all d'Fraise gedeckt kréien. Ech mengen, et ass fir eis gutt, wann eis Leit wëssen, wou d'Technik a wou alles ass, fir dat mat ze kontrolléieren. Mir froen dat selbstverständlech. Mä dat stéet net explizit am Bréif.

Här Diderich, w.e.g.l.

## GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech fannen dem Här Schwachtgen seng Fro ganz pertinent. De Projektmanager stéet explizit dran. All déi aner Stonne stinn net dran. Är Stellungnam kléngt och elo net ganz determinéiert, dass mer do all Stonn zréckkréien. An am Moment, wa mer dat esou stëmmen, ass dat och net garantéiert.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass richtege.

## GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Et muss ee sech froen, ob et derwäert ass, eng Hand drop ze hunn. Ech verstinn dat Konzept vun „Hand drop“ net op engem Lycée, dee fir de Staat ass. Wou do den Intérêt vun der Gemeng ass, wa bis d'Saache gestëmmt an ofgemaach sinn, do beim Bau nach d'Hand drop ze hunn, dat verstinn ech net ganz. Also ech denken, wa mer dat esou stëmm-

**FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)**  
rappelle que la Ville de Differdange est maître d'ouvrage. Les frais administratifs seront-ils remboursés? L'État payera-t-il les employés? Pour un projet de cette ampleur, la somme est probablement conséquente.

## ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

explique qu'un chef de projet s'occupe de tout cela. Le collège échevinal veut être tenu informé du déroulement des travaux. C'est pourquoi il est important que les services communaux soient impliqués dans le projet.

Le collège échevinal veut que tous les frais soient couverts. Mais cela ne figure pas explicitement dans la lettre,

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** trouve la question de M. Schwachtgen pertinente. Car il est explicitement question du chef de projet, mais pas des autres collaborateurs. Gary Diderich n'a pas l'impression que chaque heure de travail sera remboursée. En tout cas, il ne semble pas y avoir de garantie.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** confirme les propos de M. Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** ne comprend pas pourquoi le collège échevinal veut avoir son mot à dire alors qu'il s'agit d'un lycée pour l'État. Car si le conseil communal vote oui aujourd'hui, il n'est pas certain que la commune récupère tous les frais.

**ERNY MULLER (LSAP)** explique qu'il faut assurer un suivi pour la facturation.

Jusqu'à la remise des clés, la Ville de Differdange est responsable de la comptabilisation. Un fonctionnaire doit donc s'en occuper.

La commune assure en permanence un suivi du chantier. Il n'est d'ailleurs pas seulement question du lycée, mais de tout le site.

L'objectif du collège échevinal est de garantir que toutes les prestations soient comptabilisées correctement. Lorsque le dossier sera clôturé, il sera remis à l'État.

# 4. Finances communales

*Le collège échevinal aurait aussi pu engager une entreprise privée. Mais il a opté pour une solution interne, car le lycée n'est qu'une partie d'un tout.*

**MARTINE GOERGEN (DP)** rappelle que M. Muller a dit à la presse que le chantier aurait pris du retard. Qu'en est-il?

**ERNY MULLER (LSAP)** répond qu'il suffit de se rendre sur place pour voir quel est le problème. Lorsqu'on creuse comme c'est le cas ici, on risque de rencontrer des surprises. On a trouvé des réservoirs dont on ne connaissait pas l'existence. C'est ce qui explique les retards. En outre, il y a aussi les intempéries. Désormais, il faudra voir si on peut récupérer le retard ou pas. Le planning est resté le même, mais ce sera dur. Le cas échéant, il faudra travailler le samedi et faire des heures supplémentaires. L'objectif est que l'école puisse ouvrir ses portes en septembre.

**ALI RUCKERT (KPL)** comprend pourquoi les trois ministères ont signé les accords avec enthousiasme. La Ville de Differdange accomplit une mission qui n'est pas la sienne. En plus, ce n'est pas un cas isolé, car le gouvernement demande systématiquement aux communes de contracter des emprunts pour se prévaloir ensuite de maîtriser les déficits.

C'est une des raisons pour lesquelles Ali Ruckert n'approuvera pas l'emprunt. Par ailleurs, les communistes sont contraires au projet de l'école internationale. L'éducation est de plus en plus fractionnée dans le primaire et le secondaire. Il n'y a plus une école publique, mais six ou sept.

men, dann ass dem Här Schwachtgen seng Fro net assuréiert. Dat heesch, da si mer net sécher, dass mer all déi Stonnen zréckkréien. Just déi vum Projektmanager, déi stinn eben dran.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Mä dat ass net alles, wat mir un Zäit u Personal drastiechen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Et war eng Ufro vun eis, datt een do kéint dobäi sinn. Den Här Muller huet ganz gär d'Wuert fir d'Erklärungen.

**SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):**

Bei esou engem Projet muss een do sinn, deen dat suivéiert. Do ass jo eng Facturatioun ze assuréieren.

Bis mir d'Gebai iwverginn, si mir jo responsabel, dass alles, wat exekutéiert a gebucht gëtt, dass dat alles korrekt ass. Déi Aarbecht maache mir selwer. Dat muss e Fonctionnaire vun eis maachen. Dat muss seriö kontrolléiert ginn. An dat ass am Fong déi Aarbecht.

Des Weidere begleede mir natierlech de Chantier. All Woch sinn Aarbechtssitzungen. Ech mengen, Dir wësst jo, wat do ënne lass ass! Et geet net némmer ém de Lycée, mä et geet ém dee ganzen Areal. Dat sinn zesummenhängend Aarbechten, déi mussen alleguer parallel funktionéieren. Dir kennt d'Problematik.

Iwwerall sinn eis Leit dobäi, dat stëmmt. Mä d'Haaptsaach war fir ze soen, mir schléissen deen Dossier do propper of. All déi Depensen, déi engagéiert gi sinn an déi Prestatiounen, déi gemaach gi sinn, déi si korrekt. A wann den Dossier ofgeschloss ass, da gi mer e virun un de Staat. Dat war d'Ursaach, firwat mir dat do begleeden.

Eng Alternativ wier gewiescht, dat vun enger Privatfirma begleeden ze loessen. Mä dat wollte mer awer net. Mir manage gär en Deel selwer. Well, ech muss Iech soen, et ass just e klengen Deel vun deem ganze Volume.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Madame Goergen, w.e.gl.

**MARTINE GOERGEN (DP):**

Just eng kleng Nofro, well et eben zum Thema passt: Här Muller, Dir hat an der Press geschriwwen, dass de Chantier e wéineg Verzögerung kritt. Wéi leie mer do am Terminplang? Wéi ass et mat der Ouverture?

**SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):**

Fir Iech drop ze äntweren, Madame Goergen, jiddweree konnt dorower goen a gesinn, wat do lass war. Et gouf zwee Meter déif erausgeholl. Do ware Saachen am Buedem, déi am Fong virdrun net bekannt waren. Wann een esou Operatiounen duerchféiert, gi jo émmer Recherchë gemaach, historesch gesinn, wat kann eventuell do sinn. An do ass eng Unzuel vun Tanken erausgeholl ginn, déi waren net bekannt. Do duerch hu mer eng Verzögerung kritt. Mir hu misse méi déif eraushuelen. Dat ass awer alles korrekt ofgelaf.

Allerdéngs muss een dobäi soen, dass mer och Retard hate wéinst Intempéries, wéinst deem schlechte Wieder. Do konnt eng Zäitchen net geschafft ginn. Elo gëtt gekuckt, ob een dee Retard nach kann ophuelen oder net. Bis elo ass nach näisch um Termin geännert ginn. Mä et gëtt ganz schwéier. Et gëtt ganz schwéier.

Wann en opzehuelen ass, da muss eventuell de Weekend, also samschdes geschafft ginn, respektiv müssen Iwwerstone gemaach ginn. Mir sinn am Gaang ze énnersichen, wat dat da méi géif kaschten. An ob sech och déi Méikäschte lounen. Dass déi Schoul, wann et némme méiglech ass, am September dëst Joer nach kéint opmaachen.

# 5. Enseignement fondamental

Wéi gesot, dat ass nach net definitiv gekläert. Mä dat gëtt nach alles énnersicht.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Ruckert, w.e.gl.

## ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech versti schonn, dass déi dräi Ministere mat Freed do énnerschriwwen hunn. Well d'Gemeng iwwerhëlt hei eng Aufgab, déi dem Staat seng ass. An et ass jo net esou, wéi wann et sech do èm eng Affär géif handelen, mä dës Regierung mécht dat systematesch, dass se de Gemenge seet, huelt en Emprunt op. Da brauch de Staat et net ze maachen. A si kënnen da glänzen dermat, dass hir Defiziter net esou héich sinn, dass se net esou vill Schold hunn an esou weider.

Ech fannen, dat ass de falsche Wee. An dat ass och ee Grond, firwat ech dergéint stëmme wäert. Ech stëmmen awer och dergéint, well mir als Kommunistesch Partei net mat deem Projet vun der internationaler Schoul do d'accord sinn. A well mir dergéint sinn, dass am Erzéitungswiesen, an der Primärschoul an an der Postprimärschoul, èmmer méi fraktionéiert gëtt. An dass et net eng öffentlech Schoul hei zu Lëtzebuerg gëtt, mä dass et der op eemol sechs oder siwe ginn. Dat ass eng Entwécklung, mat därf mir net d'accord sinn.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Et ass um Här Antony.

## FRANÇOIS ANTONY (LSAP):

Ech wollt elo emol eppes kloerstellen. Ech mengen, dat hei heesch a klore Wieder: Wa mir déi Saach do net virfinanzéiere géifen, géifen déi Projeten net zustane kommen. Mir finanzéieren de Staat vir, wéi den Här Ruckert elo just gesot huet. An de Staat finanzéiert d'EU vir. Souwält ech dat d'lescht Woch verlauschtert hunn, gi si jo dohin a soen,

Dir musst dat virfinanzéieren, soss kënnene mir déi Projeten do och net maachen.

Wat dat elo vu Sënn huet, weess ech net. Souwält ech am Bild sinn, huet de Staat elo 500 Millioune Benefice gemaach, wat den Här Ruckert och elo ugeschwat huet. Mä dee System do, mat därf Virfinanzéierung, dat ass déi berühmt Saach – d'selwecht wéi mat de PPPen an allem. Dat ass och némmen eng Saach vu Virfinanzéierung. Ech fannen dat net gutt. Dat ass gutt fir een-, zweemol. Mä dat muss een awer iergendeng Kéier seriö maachen.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir huelen dat zur Kenntnis, Här Antony. Da géife mer zum Vote kommen.

*Le conseil communal décide avec 14 voix «oui», 1 abstention et 1 voix «non» de faire recours à un emprunt à courte durée pour les travaux infrastructurels, d'assainissement et de construction de structures scolaires pour le compte de l'Etat dans l'intérêt de l'Ecole Internationale de Differdange.*

Da komme mer zum fënnefte Punkt. Do geet et èm eis Schoulen. Dofir géif ech dem Här Liesch d'Wuert ginn.

## SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter. Mir si schonn am Gaang, un der neier Schoulorganisatioun ze schaffen. Do war eis opgefall, dass mer duerch historesche Wuesstum am Fong e puer Ongereimtheeten haten an eise Ressorten, wéi déi opgedeelt sinn. Dass et fir d'Leit net èmmer kloer war, wou se hir Kanner an d'Schoul schécken.

Mir hu probéiert, Kloerheet an dee Plang, dee mer Iech énnerbreet hunn, eranzibréngen. Et ass och um Internetsite publiziéiert. Soudass wa Leit op Déifferdeng wunne kommen, se eigentlech schonn am Virfeld wëssen: Wann ech an deen do Quartier, an déi Strooss wunne ginn, gi meng Kanner an déi dote Schoul.

**FRANÇOIS ANTONY (LSAP)** ajoute que si la Ville de Differdange refuseait de préfinancer les projets en question, ils ne seraient tout simplement pas réalisés. En fait, la commune préfinance l'Etat qui préfinance l'Union européenne.

Comme l'a dit M. Ruckert, l'Etat vient de faire des bénéfices de 500 millions d'euros. Les préfinancements sont comparables aux PPP. La commune peut le faire une ou deux fois, mais pas en permanence. (Vote)

## ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

passe au point 5, les écoles.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** travaille déjà à la nouvelle organisation scolaire. Or la commune vient de constater que les parents ne comprennent pas toujours dans quelle école ils doivent envoyer leurs enfants.

La commune a essayé de simplifier le plan, qui se trouve aussi sur Internet. Normalement, les nouveaux habitants devraient donc savoir dans quelle école envoyer leurs enfants en fonction du quartier où ils habitent.

Les incohérences en question ne constituent pas des dysfonctionnements. Mais dans les zones limitrophes, la commune joue avec les capacités disponibles. Si une école est complète, un enfant pourra être scolarisé ailleurs. Bien entendu, le but est que l'école se situe le plus près possible du quartier d'habitation. Si un enfant fréquente déjà une école, il ne sera pas scolarisé ailleurs même si le plan le prévoit.

Les parents ont aussi le droit de choisir une école différente pour leurs enfants. Le plan concerne donc essentiellement ceux qui viennent d'emménager à Differdange. Georges Liesch tient à présenter ce plan aux conseillers communaux pour qu'ils puissent répondre aux éventuelles questions des parents. Le collège échevinal veut que ce dossier soit transparent.

# 5. Enseignement fondamental

**ERNY MULLER (LSAP)** demande si tout le monde est d'accord avec les frontières.

(Interruption)

Erny Muller répond que la commune ne compte pas construire de murs.

(Rires)

**ROBERT MANGEN (CSV)** constate que le plateau du Funiculaire est partagé entre Differdange et Oberkorn. Les enfants ne pourraient-ils pas aller à l'école internationale?

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** rappelle que ce n'est pas la commune qui s'occupe des inscriptions à l'école internationale. Celle-ci ne figure donc pas dans les plans. Les élèves qui la fréquentent peuvent provenir de n'importe quelle localité.

En ce qui concerne le plateau du Funiculaire, le collège échevinal a voulu soulager l'école du Centre. En effet, Georges Liesch s'inquiète du nombre élevé d'élèves. Certes, le collège échevinal se tient aux règles, mais la cour d'école est pleine à craquer le matin. C'est pourquoi, quand cela est possible, la commune priviliege le Fousbann ou Oberkorn. La question de savoir si c'est une bonne chose de séparer les enfants d'un quartier s'est effectivement posée. Mais Georges Liesch pense qu'il vaut mieux opter pour une école de quartier plus petite.

Bien entendu, il est toujours possible d'améliorer le plan, qui devrait de toute façon être revu chaque fois que de nouvelles écoles ouvrent leurs portes.

(Vote)

Déi Ongereimtheeten, déi mer fonnt hunn, sinn awer elo keng Dysfonctionnement, net dass mer hei schonn erém eng Diskussioun kréien. Et geet hei éischter drëm, dass un de Grenzgebälder ebe mat de Capacitéite vun de Schoulen oft gespilt gouf. Do, wou et e bësse méi enk war, sinn dann emol Kanner eventuell an déi eng oder aner Schoul gaangen, well do eben e Klasseraum zur Verfügung stoung. An an enger aner Schoul vläicht ebe grad kee Klasseraum fräi war.

Esou ass dat hei iwwer 15 Joer laang gehandhaabt ginn. Ech mengen, eng vun den Ursachen ass sécher deen zimlech onkontrollierte Wuestum, dee mer awer an deene leschte 15 Joer hei zu Déifferdeng haten. Wou eben déi dote Steierung am Virfeld ganz schwéier war.

Mir hunn also probéiert, esou ze hantéieren, dass d'Kanner méiglechst no un hirem Quartier an d'Schoul ginn. Et ass awer och esou, dass mer déi Kanner, déi elo schonn an enger Strooss wunnen, an elo laut Plang an eng aner Schoul ginn, net wäerten émplanzen. Déi Kanner kënnen d'Scolaritéit, an däi Schoul, wou se elo sinn, färdeg maachen. Well se den Entourage kennen, well et vläicht souwisou nëmmen nach een oder zwee Joer sinn.

D'Eltere kënnen awer och decidéieren a soen: Nee, eigentlech ass et awer besser, meng Kanner ginn dann an déi aner Schoul. D'Elteren an hir Kanner hunn de fräie Choix. Hei geet et méi èm déi nei Kanner, déi elo an d'Stroosse kommen. Dass déi am Fong wëssen, wou se sollen higoen.

Mir wollten Iech dee Plang presentéieren. Ech mengen, et ass wichteg fir d'Conseilleren ze wëssen, wa se do baussen ugeschwat ginn: „Wann ech do an do wunnen, wou gi meng Kanner dann an d'Schoul?“ Mat deem Plang hei schafe mer e bësse méi Transparenz an deem doten Dossier.

## SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Mir kënnen direkt zu de Froen kommen. Wann Der Froen hutt, d'Diskussioun ass op. Nee? Et schéngt es net. Dir sidd also mat de Grenzen, wéi se hei virge-

schloe sinn, ... Ah, den Här Mangen, w.e.g.

## ENG STËMM:

Mir bauen awer keng Mauer.

(Gelaachs)

## SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Mir bauen elo keng Maueren. Här Mangen, Dir hutt d'Wuert.

## ROBERT MANGEN (CSV):

Merci. Ech wollt just froen: De Funiculaire, deen ass gedeelt ginn. Ass dat wéinst de Plazen an de Schoulen, oder duerch wat ass dat bedéngt? Dat ass jo och en Einheitsquartier. Een Deel ass Uewerkuer, deen aneren Deel Déifferdeng. Hätten déi net vläicht d'Méiglechkeet, an d'international Schoul ze goen? Déi ass net wäit ewech. Wär do vläicht eng Léisung ze fannen?

## SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Här Liesch, w.e.g.

## SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Fir op d'Fro ze äntweren, d'international Schoul ass an eise Pläng net dran. Dat heesch, d'Affektatioun an d'international Primärschoul ass onofhängeg vun eis. Do gëtt et och keng Quartiersregeln. Do kënnen d'Kanner eigentlech vun iwverall kommen, vun Nidderkuer oder aus den Nopeschgemengen.

Wat de Funiculaire ugeet, ass et esou, dass mer probéiert hunn, am Zentrum eng gewëssen Entlaaschtung ze kréien. Ech mengen, ech hu schonn e puermol op dëser Plaz gesot, dass den Zentrum eng Schoul ass, déi mer e bësse Suerge mécht, well do einfach extrem vill Kanner sinn. Wou mer zwar vum Gesetzgeber hier alles korrekt maachen, mä wann Der emol eng Kéier moies an de Schoulhaff gitt, ass et awer zimlech geféllt.

# 6. Actes et conventions

A meng Iwwerleeung war einfach, fir ze soen, do wou et vertriebar ass, d'Kanner net an den Zentrum goen ze lossen. Mä ze probéieren, se dann even tuell op Uewerkuer oder de Fousbann ze kréien. Dofir ass eben déi Saach entstanen, dass mer de Funiculaire e bësse getrennt hunn.

Et war effektiv eng Diskussioun, ob een d'Kanner aus engem Quartier net auserneerappt, wann déi eng lénks an déi aner riets an d'Schoul ginn. Mä ech mengen, insgesamt ass et awer besser, d'Kanner ginn dann zum Beispill op Uewerkuer, wou mer méi Plaz hunn, wat méi eng kleng Quartiersschoul ass, wéi se elo nach op Déifferdeng eranzedrécken, wou mer schonn enk sinn.

Et kann een èmmer nobesseren, dee Plang ass net a Steen gemeesselt. Wann déi Quartiersschoul zu Déifferdeng, déi mer plangen, bis do ass, da sollt dee Plang hei souwisou, mengen ech, eemol an der Legislatur gekuckt ginn. Ob net Adaptatiounen virzehuele sinn, opgrond vun neie Projeten, déi gebaut goufen. Dat sollt ee schonn, mengen ech, eemol an der Legislatur eng Kéier maachen an dann aktualiséieren.

## SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Domatter ass alles kloer. Da géife mer dorriwwer ofstëmmen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la nouvelle répartition des ressorts scolaires de l'enseignement fondamental.*

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Mir kommen elo zum sechste Punkt. Eng Servitude op der Place des Alliés. Dat ass zimlech einfach ze erklären. Den Här Muller ka mech verbesseren: Dat ass d'Garage, wou mer erafueren ènnert eisem Parking public. Datt dat Appartementshaus, wat riets gebaut gëtt, déiselwecht Afaart kann huelen, mat den Trapen an allem. Déi Suen hu mer scho kritt, well se sech un de Fraise bedeelegt hunn. Här Muller, hunn ech alles gesot?

## SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Jo.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da géife mer zum Vote kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de servitudes relative aux projets situés sur la Place des Alliés à Differdange et les rues avoisinantes.*

Exzellent. Fir de Verkéier huet eise Verkéiersschäffé Fred Bertinelli d'Wuert.

## SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech hunn nach èmmer kee Mikro.

## SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech léinen der mäin.

## SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Här Buergermeeschter. Hei geet et èmdeen Avenant, dee mer mat der CFL gemaach hunn, fir an eisen neie Recyclingspark. Dat heescht d'rue Gadderscheier, déi mer vum Staat iwwerholl hunn an déi mer elo an eist Gemengereglement mat erageholl hunn, wat d'Schelter, wat de Passage ugeet. Dir gesitt, dat gëtt eng Zon 50, mat de Passagen, mat de Parkingen, wéi d'Verkéiersreglementer an eiser Gemeng sinn.

Zweetens, de Passage à niveau, d'Sécherheet an der rue Pierre Gansen. Dat ass dee sécherste Passage à niveau – huet den Här Muller mer versprach –, deen et hei am Land gëtt. Well deen ass duebel an dräimol geséchert: Doppelt genäht hält besser. Do waren Demandé vun eenzelnen Intervenanten, wéi der CFL, der Gemeng an och der CFL Cargo. Dat hu mer alles gemaach. Dat huet eis relativ vill kascht, iwwer 520.000 Euro, wann ech mech net iejen. Mir hunn d'Rechnungen nach net alleguerte kritt.

## ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

*passe à une servitude sur la place des Alliés concernant l'immeuble à droite et l'accès au parking public. (Vote)*

Roberto Traversini passe à la circulation.

**FRED BERTINELLI (LSAP)** signale qu'il n'a toujours pas de micro.

**TOM ULVELING (CSV)** lui prête le sien.

**FRED BERTINELLI (LSAP)** explique qu'il s'agit d'un avenant avec les CFL portant sur le nouveau parc de recyclage. La commune a repris la rue Gadderscheier à l'État et l'a introduite dans le règlement de circulation.

Fred Bertinelli passe au passage à niveau de la rue Pierre-Gansen, qui, d'après M. Muller, est le plus sûr du pays. Il comprend, en effet, plusieurs niveaux de sécurité, et ce, à la demande des différents intervenants comme la commune, les CFL et CFL Cargo. Les frais se montent à plus de 520 000 €. Fred Bertinelli n'a pas encore reçu toutes les factures.

L'échevin rappelle que la rue Gadderscheier était une route nationale et qu'il a donc fallu réaliser des avenants avec toutes les entreprises riveraines. Il les remercie, car grâce à ces avenants, le centre de recyclage est accessible par la rue Gadderscheier.

Fred Bertinelli est disposé à répondre aux questions. Mais il ne s'agit que de simples règlements de circulation.

# 6. Actes et conventions

**ERNY MULLER (LSAP)** ajoute que les travaux réalisés sur le passage à niveau étaient une condition pour pouvoir aménager le parc de recyclage. La sécurisation du passage a été effectuée en concertation avec ArcelorMittal. Erny Muller remercie à son tour les propriétaires de terrain d'avoir accordé un droit de passage.

(Vote)

## **ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**

passe à une convention avec la maison des jeunes. Le ministère a accordé un demi-poste supplémentaire. Au préalable, il avait déjà accordé un demi-poste pour la nouvelle maison des jeunes du Fousbann.

Roberto Traversini rappelle aussi que depuis deux ans, une collaboratrice réalise un travail de surveillance des jeunes dans le cadre d'un projet européen. Une convention a été signée dans ce contexte entre l'État et l'Entente des gestionnaires des maisons des jeunes.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** salue la convention en tant que président de la commission des jeunes. La convention garantit le bon fonctionnement de la maison des jeunes de Differdange.

Pierre Hobscheit se réjouit de la création d'un demi-poste même s'il est d'ores et déjà clair que cela ne suffit pas. Pour que la nouvelle maison des jeunes du Fousbann puisse fonctionner convenablement, il faudra bien plus de personnel à moyen et long terme.

Pierre Hobscheit remercie les maisons des jeunes, qui constituent de bons partenaires de la commission des jeunes. Elles sont toujours disponibles. C'est pourquoi le LSAP approuvera la convention.

(Vote)

## **ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**

passe à une convention portant sur le projet Baby Plus. Ce projet a été créé par la Ville de Differdange il y a sept ou huit ans. Roberto Traversini se déclare convaincu du fait que c'était la bonne décision même si au départ les discussions ont été nombreuses.

Mä wéi gesot, dat ass elo alles fäerdeg. An dat muss an d'Gemengereglement komme wéi déi aner Stroosser och allegueren. Wéi Dir wësst, war dat eng Staatsstrooss, déi der Ekonomie gehéiert huet a verschiddenen Entreprises an där Zon. An deen Avenant hate mer mat deenen eenzelnen Entreprises alleguerete gemaach, deenen ech nach eng Kéier Merci soen, datt mer elo eis Avenante kennen iwwert d'rue Gadderscheier op de Recyclingspark fuere loossen.

Dat gesot, wann do nach eng Fro wier, wäert ech gär drop äntweren. Mä et ass den normale Kontext vun eise Verkéiersreglementer, dee mer hei uféieren. An nach eng Kéier gesot, wat mer hu missen investéieren, fir dee Passage à niveau sécherzestellen. Villmools Merci.

## **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci. Den Här Muller, w.e.g.l.

## **SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):**

Wéi dat Ganzt ugaangen ass, war dee Passage à niveau, wéi de Fred Bertinelli sot, effektiv eng Konditioun, soss hätte mer de Recyclingspark guer net dohi kritt. Am Virfeld waren awer Diskussiounen gefouert gi mat der ArcelorMittal. Déi hunn eis d'Saach zwar verdeiert, mä trotzdem si mer awer frou, dass mer e Konsens mat hinne konnte fannen. Déi Sécurisatioun, déi do gemaach ginn ass, ass am Accord an zesumme mat hinne gemaach ginn. Dofir schléissee mer eis dem Merci un, nieft deenen anere Proprietairë vum Terrain, déi och dobäi sinn, fir eis d'Droits de passage do och zouzegestoen. Dat wollt ech nach soen.

## **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci. Da géife mer zum Vote kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention avec l'État et les CFL portant sur la création du passage à niveau «Gadderscheier»*

et l'utilisation d'une voie routière établie.

Merci. An dësem Punkt geet et èm eng Konventioun vum Jugendhaus. Nei ass, dass mer en hallwe Poste weider vum Ministère kritt hunn. Dofir wollt ech och dem Ministère Merci soen. Dir wësst, datt mer am Gaang sinn, en neit Jugendhaus um Fousbann ze plangen. An datt de Ministère eis do schonn en hallwe Poste ginn hat. Soubal dat Haus fäerdegg ass, wäerte mer nach en hallwe Poste kréien.

Wat net hei drasteet, dat ass déi Op-sichtsjugendaarbecht, wou och iwwert d'Entente vun de Jugendhaiser leeft. En europäesche Projet, wou mer säit zwee Joer eng Persoun hunn, déi Op-sichtsaarbecht mécht. Dat leeft iwwert eng Konventioun vum Staat mat der Entente. Dat huet net direkt eppes mat der Gemeng ze dinn. Ech wier natierlech frou, wéi all déi Jore virdrun, wann Der dat géift stëmmen.

Här Hobscheit, w.e.g.l.

## **PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, als President vun der Jugendkommissioun wëll ech déi Konventioun hei begréissen. Och wann et all Joer quasi dat nämmlech ass, ass et awer e wichtegen Exercice, dee mer maachen. Well mer domat d'Aarbecht vun eise Jugendhaiser hei an der Gemeng kënne garantéieren.

Ech si frou ze héieren, dass mer an der Konventioun en hallwe Poste méi vum Ministère accordéiert kritt hunn. Quitte, dass mer wuel wëssen, dass dat net duergeet, wann ee kuckt, wat nach alles esou geplangt ass. Bei deem flotte Jugendhaus, wat mer um Fousbann am Gaang sinn, ze plangen an ze bauen, wësse mer, dass mer métteil- bis laangfristeg natierlech nach méi Personal wäerte brauchen, fir dass eis Jugendhaiser optimal kënne fonctionnéieren.

Op alle Fall wëll ech de Jugendhaiser vun dëser Plaz aus Merci soen, well si sinn e wichtige Partner, och fir d'Jugendkommissioun. Si sinn èmmer do, wa mer se brauchen. Mir schaffen exzellent zesummen. An duerfir stëmmen

# 6. Actes et conventions

ech, a mir als LSAP, déi Konventionoun hei selbstverständlech mat. Ech soen Iech Merci.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech soen Iech och Merci. Da géife mer zum Vote kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention Maisons des Jeunes 2017.*

Exzellent. Déi nächst Konventionoun ass eppes, wou mir déi éischt Gemeng waren, déi dat an d'Liewe geruff huet: eise Projet BabyPlus. Dat misste siwen oder aacht Joer hier sinn, ech weess et net méi genau. Ech weess just, dass et e ganz gudde Projet ass. An datt et déi richteg Decisioun war, déi de Gemenegerot deemools geholl hat. Wou am Ufank vill Diskussioune waren, wann der Iech kënnnt erënneren, bis dat rich teg un d'Lafe komm ass.

Mir versiche bei all Kand, dat hei op d'Welt kënnnt – net mir, mä d'Initiativ Liewensufank –, bei d'Kanner an d'Elteren heem ze goen. Mir ginn do zim lech aggressiv vir. Dat heescht, d'Initiativ Liewensufank schéckt e Bréif, mir géife gär bei Iech kommen, wann Der Problemer hutt. Oder net emol fir Problemer, well net all Poppelchen, all Famill huet Problemer, mä fir ze kucken, datt dat wierklech gutt ofleeft. An ech muss soen, datt dee Pilotprojet, dee mir hei lancéiert hunn, elo schon a sechs oder siwen anere Gemenge genau d'sel wecht fonctionnéiert. Dat heescht, viru siwen, aacht Joer hate mir wierklech dat richteg Gespier.

Ech wëll ganz kuerz iwwert d'Lësch goen. Ech maachen Iech och eng Kopie. Ech hunn dat eréischt géschter Owend kritt. D'lescht Joer waren 244 Gebuer ten. 132 Famille wollten, datt de Baby Plus géif bei si heem kommen. Dat si bal 60%. Et ware ronn 40%, déi absolu tt net wollten. 256 Visitte si gemaach ginn. 2,9%, dat heescht ronn 3%, waren, ier de Poppelchen do war. Dat ass natierlech nach èmmer besser, mä et ass immens schwéier un déi ze kommen. Wann d'Frae schwanger sinn a wa mer déi net gemellt kréie vum Dokter oder

vu soss engem Service, ass et schwéier. Mir versichen zwar un déi ze kommen, mä et ass schwéier. Wann d'Kanner bis op der Welt sinn, da komme se se hei umellen an da ginn d'Informatioune weider.

Bei 50% hu mer eng Visite gemaach. Bei 23% hu mer der zwou gemaach. Bei 12% waren nach dräi Visitten. An iwwer 10% hu véiermol d'Visite vum Service gefrot. Dat ass bal déiselwecht Zuel, deeselwechte Prozentsaz wéi d'lescht Joer. Dat ass stabel bliwwen.

Et gëtt och Risikofactureuren, hu se erausfonnt. Bei 68% besteet absolutt kee Risiko. Net fir d'Famill an net fir de Poppelchen. 32% sinn engem klenge Risiko ausgesat. Haapsächlech well se e klengt Akommes hunn, net vill verdéngen. Immigratiounshannergrénn, d'Wunnsituatioun ass e klenge Risikofacteur.

An ee Risikofacteur, wat ech zum Beispill ni geduecht hätt, dat ass d'familiäert Netz. Dat heescht, déi Net-Lëtzebuerger Familien hu keng Bomi a Groussbomi hei wunnen, Frénn, Fréndeskrees, dat heescht dat ass och e Risikofacteur.

Vun deene sämtleche Visitte konnt de Service 42% vun de Problemer direkt leisen. 37% konnte se deelweis léisen, bis herno komplett léisen. Bei 3% si keng Léisunge fonnt ginn.

Dat ass wierklech e flotte Projet an e flotte Bericht. Ech maachen eng Kopie heivun, da kritt Der deen och. Deen hunn ech géschter geschéckt kritt. Ech wier frou, wann Der d'Konventioun géift stëmmen. Dir gesitt, et ass illimité. Et ass illimité, mä bannent dräi Méint awer kënnegbar. Dat war dat eenzegt, wat mer wollten. Well mer fannen, datt wann de Service net méi gebraucht gëtt, oder net méi soll sinn, datt et awer soll kënnegbar sinn.

Den Här Pierre Hobscheit, w.e.g.l.

## PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dam men, Dir Hären, ech hunn eng Remark heizou ze maachen. Ier ech déi Remark maachen, wëll ech soen, fir dass ech èm Gottes Wëllen net falsch verstane ginn, dass ech de Projet absolutt begréissen.

Initiativ Liewensufank envoie une lettre aux parents de chaque nou veau-né pour leur proposer son aide. Entretemps, ce projet pilote a été repris par six ou sept autres communes. Bref, l'intuition de la Ville de Differdange était la bonne.

L'année dernière, Differdange a compté 244 naissances. Cent-trente-deux familles ont demandé l'assistance de Baby Plus, soit plus de 60 %. Sur les 256 visites, 3 % ont eu lieu avant la naissance du bébé, mais cela est plutôt rare, car la commune ne peut pas savoir quand une femme est enceinte.

Dans 50 % des cas, une visite a été effectuée, dans 23 % des cas 2 visites, dans 12 % des cas 3 visites et dans 10 % 4. Ces chiffres sont restés stables par rapport aux années précédentes.

Dans 68 % des cas, les familles ne sont pas soumises à des facteurs de risque, alors que dans 32 % des cas il y a un risque lié à de faibles revenus, à l'immigration ou au manque de grands-parents ou d'amis.

Les problèmes ont été entièrement résolus dans 42 % des cas, partiellement dans 37 % des cas et pas du tout dans 3 % des cas.

Roberto Traversini propose de faire des copies du dossier et de le remettre aux conseillers communaux. La convention est illimitée, mais résiliable endéans les trois mois.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** ne veut pas être mal compris. C'est pourquoi il précise qu'il salue ce projet de manière absolue.

Cependant, il ne trouve pas la démarche particulièrement heureuse, car elle est plutôt agressive. En effet, les nouveaux parents rentrent chez eux et trouvent une lettre dans leur boîte leur imposant un rendez-vous. C'est ensuite à la famille de l'annuler si elle n'en veut pas.

Pierre Hobscheit sait par expérience que les nouveaux parents ont d'autres choses à faire, et notamment des démarches administratives. En plus, si on essaie d'annuler le rendez-vous par téléphone, on n'obtient pas de réponse. Il faut envoyer un mail...

Pierre Hobscheit propose de changer d'approche et de ne pas imposer de rendez-vous. Il suffirait d'expliquer aux gens comment fonctionne

# 6. Actes et conventions

le projet et de les laisser décider si oui ou non ils veulent rencontrer quelqu'un.

Pierre Hobscheit se rend compte qu'il ne s'agit pas d'un point essentiel. Mais ce serait un pas dans la bonne direction.

**ROBERT MANGEN (CSV)** suggère d'envoyer un coupon-réponse où les parents pourraient cocher oui ou non.

D'un autre côté, il pense que certaines personnes ont peur de faire venir des gens chez elles alors que c'est important.

**PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV)** demande si les conseillers communaux peuvent recevoir le rapport d'activités par courrier électronique.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** répond que oui.

**PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV)** rappelle qu'au début, elle n'était pas emballée par le projet. Mais elle veut bien se laisser convaincre de sa pertinence.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** plaisante sur le fait qu'il croyait que Mme Schambourg avait eu un bébé. (Rires)

Roberto Traversini explique qu'au début, le projet avait été abordé de manière agressive parce que l'office social avait rapporté des cas très graves. Il ne voit pas d'inconvénient à discuter de la procédure avec les responsables du projet. Mais il sait que parfois il est important d'aller voir ce qui se passe chez les gens. (Vote)

Ech hätt e Verbesserungsvorschlag ze maachen, well ech et net ganz glécklech fannen, wéi d'Demarche ass. Den Här Buergermeeschter huet elo grad gesot, et geet ee relativ aggressiv vir. Abee, ech weess net, ob dat déi richteg Approche ass.

Et kënnt een aus der Maternité heem – ech weess jo vu wat ech schwätzen –, da fënnt een dee Courier do a senger Boîte. Et kritt een e Rendez-vous imposéiert. Quitte, dass dat vläicht eng sénvvoll Saach ass. Et kritt een e Rendez-vous imposéiert. Et gëtt gesot, mir kommen dann an dann, a wann s du dee Rendez-vous net wëlls, dann ass et un dir, fir eis ze soen, ech wëll dee Rendez-vous net.

Ech muss Iech soen, wann ee grad aus der Maternité kënnt, dann huet ee wierklech genuch Saachen ze dinn. Et huet een administrativ Demarchen ze maachen, et muss ee sech akklimatiséiere mam Poppelchen, an da kritt een och nach e Rendez-vous imposéiert. An da wëll een deen ofsoen, an dann hieft op där Nummer och nach keen op. An et probéiert een dee ganzen Dag, an et hieft op där Nummer nach èmmer keen op, bis een dann iergendwann e Mail schreift, wou een da genervt ass an da kritt een eng Äntwert zréck.

Vläicht misst ee sech do awer iwwerleeën, ob een net kann eng aner Approche fannen, wou een de Leit kee Rendez-vous imposéiert. Wou een de Leit de Projet erkläert an iergendwéi anesch op d'Leit duergeet a seet, hei mir si fir dech do, wëlls de, dass mer kommen. Amplaz dass een de Leit seet, mir komme bei dech, a wann s de eis net wëlls, dann ass et un dir, fir eis ze soen, ech wëll net.

Et ass, wéi gesot, en Detail. Mir verändern d'Welt net, wa mer dat doten änneren. Mä ech muss awer soen, et wär vläicht e Schrott an déi richteg Richtung. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Här Mangen, w.e.gl.

**ROBERT MANGEN (CSV):**

Do kënnt ee vläicht einfach e Coupon réponse maachen: Jo oder Nee. Ech mengen, dann ass dat an der Rei.

Mä et gëtt awer och Fäll, wou d'Leit Angscht hunn ze soen, kommt bei ons. Ech fannen et scho gutt, datt een awer dohinner geet. Einfach dann eben e Coupon réponse hisetzen: Jo, ech sinn averstanen oder Neen. A fäerdeg.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Madame Schambourg, w.e.gl.

**PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):**

Merci. Ech wollt just froen, ob mer de Rapport d'activité kéinte geschéckt kréien iwwer Mail, ganz séier, well da kenne mer eis deen a Rou ukucken.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ech schécken deen.

**PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):**

Oder eng Kopie gemaach kréien. Well et géif mech natierlech interesséieren. Ech ka mech nach drun erënneren, datt ech där Saach ganz am Ufank net immens positiv agestallt war. An ech géif mech awer gären elo beléiere loosken, datt dat eng ganz sénvvoll Aktioun ass. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Ech hat elo geduecht, Dir hätt e Poppelche kritt.

**PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):**

Em Gottes Wällen.

(Gelaachs)

# 7. Personnel communal

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech huelen dat mat, Här Hobscheit. Viru siwen, aacht Joer war dat gewollt, fir esou aggressiv virzegoen, well mer vum Office social wierklech ganz schlëmm, schwéier Fäll gemellt kritt haten. Ech hu kee Problem dermat, fir sech eng Kéier mat de Responsabelen zesummenzesetzen an do e Mëttelwee ze fannen. Fir sech da vläicht e bësse méi léif auszedrécken. Mä heiandsdo ass et awer gutt, bei verschidde Familljen eranzegoen.

Ech huelen dat mat. Da géife mer zum Vote kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'avenant à la convention avec «Initiativ Liewensufank asbl» dans l'intérêt du service «BabyPLUS».*

Merci. Eng erfreelech Nouvelle, e Contrat de bail commercial am 1535°. Loosst mech zwee, dräi Wieder heiriwer verléieren. Dat ass e Contrat de bail mat der Fabrique d'Images, eng ganz bekannte Filmgesellschaft. Déi mécht Dessins animés. Do schaffen ongefíer 100 Leit. Déi hunn den 1. Januar do ugefaangen. Wann Der d'Televisioune, d'Mickey-Mousen, d'Bande-dessinée kuckt, da gesitt Der ganz, ganz oft Filmer, déi vun där Fabrique d'Images gemaach ginn. De Petit Prince zum Bei-spill, fir némmen deen ze nennen.

Et war net einfach, déi Firma heihinner ze kréien. Si kénnt net aus dem Ausland, si kénnt aus enger anerer Gemeng. Mir waren e puer mol op de Site kucke gaange mat eisen Techniker, fir se heihinner ze bréngen an hinnen eise 1535° schmackhaft ze maachen. Et ass eis gelongen. Dat kann een esou soen, et ass dem Gemengerot gelongen, datt vum 1. Januar un 100 Leit do schaffen. Dat ass eng riseg Plus-value, net némme fir de Site, mä iwwerhaapt fir d'ganz Gemeng, wat de 1535° do am Gaang ass ze maachen.

Ech wier vrou, wann Der deen heite Bail och géift stëmmen. Wéi Der gesitt, Déchets, Kanal, dat ass alles geregt ginn.

Madame Schambourg, w.e.g.l.

## PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

Eng Remark: Ech mengen, eisen Objectif war jo vun Ufank un, fir de Start-up-Entreprisen ènnert d'Äerm ze gräifen, finanziell natierlech och. Mir mussen eis awer trotzdem virbehalen, wa mer Firme kréien oder hunn, déi wierklech gutt fonctionnéieren, datt mer do dann eng Kéier d'Kontrakter kënnen iwwerkucken an iwwerdenken. Merci.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech mengen, mir sinn eis bal eens. Mä de 1535° huet Succès, well do eng Mixitéit ass vu Start-uppen, vu Jonker a vu Firmen, déi scho méi laang do sinn. Do fënnt en Austausch statt. Wat am 1535° am Gaang ass ze geschéien: Am Ufank hu se kleng Raim, lues a lues stelle se Leit an, da wëlle se am 1535° méi grouss Raim.

Mä ech géif awer do virdru warnen, némme Start-uppen ze huelen. Ech fannen, déi Mixitéit bréngt deene Jonke ganz, ganz vill. Ech sinn awer mat Iech averstanen, wa se bis e gewëssenen Niveau erreecht hunn, da muss ee kënne mat deene Firmen diskutéieren, eischteens emol iwwert de Loyer, wat mer am Gaang sinn. An och, ob se do nach richtege sinn. Do sinn ech total mat Iech averstanen.

Da géife mer zum Vote kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail au 1535° avec la société «Fabrique d'images SA».*

Merci. Eppes ganz Wichteges, eisen Organigramm: Ech ziele just d'Créations de poste op, Dir hutt jo den Explicatif bâileien. Mir hu versicht, dat ze maachen, wat mer am Budget virgesinn hatten, nämlech lues a lues an alle Servicer Leit anzestellen. Verschidde Poste si gewiesselt ginn, mä dat si keng Créations de poste.

Ech wäert Iech elo just déi puer Créations de poste opzielen. A wann herno nach Froe sinn, sinn ech ganz gäre bereet, déi néideg Erklärungen ze ginn.

Roberto Traversini passe au contrat de bail avec l'entreprise Fabrique d'images du 1535°. La Fabrique d'images produit des dessins animés. Elle compte cent employés. De nombreux dessins animés passant à la télévision ont été réalisés par cette entreprise, dont *Le petit prince*.

Roberto Traversini explique qu'il n'a pas été facile d'attirer la Fabrique d'images à Differdange. Elle était établie dans une autre commune et il a fallu se rendre sur place plusieurs fois avec des techniciens afin de leur présenter le concept du 1535°. Depuis le 1er janvier, cent personnes supplémentaires travaillent donc au 1535°. Ce n'est pas seulement une plus-value pour le centre de créativité, mais pour toute la ville.

**PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV)** rappelle qu'au départ, l'objectif de la commune était de soutenir de jeunes entreprises, et ce, notamment financièrement. Mais si le 1535° compte désormais des entreprises fonctionnant bien, il faudra revoir les contrats.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** estime que le succès du 1535° s'explique aussi par le mélange de start-ups, de jeunes et d'entreprises plus établies.

Ce qui arrive typiquement au 1535°, c'est que les entreprises démarrent dans de petits locaux. Ensuite, elles recrutent et demandent des locaux plus grands.

Cette mixité est importante. Mais il est vrai que lorsque les entreprises atteignent un certain niveau, il faut pouvoir discuter du contrat de bail avec elles.

(Vote)

Roberto Traversini passe à la création de postes. Conformément à ce qui a été prévu dans le budget, le collège échevinal essaie d'engager des collaborateurs dans tous les services.

# 7. Personnel communal

Actuellement, le secrétariat est occupé par 2 personnes et ¾ ce qui est peu pour une commune aussi grande que Differdange. En plus, si quelqu'un tombe malade ou part en congés, il ne reste plus qu'une personne. Ce n'est plus possible. Roberto Traversini propose de recruter un rédacteur.

Les autres créations de postes concernent un employé handicapé pour l'accueil et un expéditionnaire pour le département scolaire et de l'enfance. Actuellement, le personnel éducatif doit accomplir de nombreuses tâches administratives, alors qu'il devrait travailler à des concepts.

L'organigramme prévoit aussi la création de six postes d'aides-éducateurs à 25 %. La délégation s'en est plainte, mais la commune a besoin de gens pendant la pause de midi. Roberto Traversini sait que les personnes travaillant à 25 % n'ont pas droit à la retraite, ce qui est regrettable.

Un ingénieur-technicien est prévu pour le département technique. Un poste à 75 % est créé au service culturel, deux postes de quelques heures pour l'enseignement musical, un poste d'expéditionnaire pour le service recettes, un poste d'artisan pour les services de régie et deux postes à 75 % pour l'entretien. Le personnel de nettoyage travaille en général trente heures, même si quelques personnes ont une tâche pleine. Trente heures permettent à la commune d'être plus flexible sur les différents sites.

Un serrurier sera recruté.

Le commandant des pompiers réalise un travail extrêmement important. Le commandant actuel est classé artisan. Il dispose d'un brevet professionnel. Le collège échevinal estime qu'il devrait occuper un poste de préposé, car il est très efficace. Il dirige une équipe de 70 personnes et mérite de la reconnaissance pour ce qu'il fait.

Le collège échevinal créera aussi un poste au service incendie.

Des discussions sont encore en cours avec les services pour recruter l'une ou l'autre personne.

**FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):** voudrait que le collège échevinal recrute enfin pour le département

Am Département administratif welle mer e Redakter bässetzen. Am Moment hu mer am Sekretariat zwee Leit an 3/4. Fir eng Gemeng wéi eis ass dat net vill. Den Här Ruckert hat mech zitéiert, datt d'Leit um Zännfleesch lafen. Genau esou ass et hei. A wann ee bedenkt, wann ee krank ass oder ee säi berechtegte Congé kritt, dann ass oft een eleng oder annerhallwen. Dat geet einfach net duer. Dofir wiere mer frou, wann Der domatter averstane wäert.

Am Accueil ass eng Kreatioun vun engem Employé handicapé. Am Service administratif en Expeditionnaire fir am Département scolaire et enfance. Haapsächlech fir eis Leit um Site ze ännerstzten, wat d'administrativ Aarbecht ugeet. Mir fannen, datt eist edukatiivt Personal schrecklech vill administrativ Aarbecht muss maachen. A mir sinn der Meenung, datt se sollen u Konzepte schaffen. Den Expeditioinaire soll sech dann èm dat Administratiivt këmmeren. Dofir wéilte mer dee Posten do virgesinn.

Sechs Posten als Aide-Educateuren oder Aide-Educatricen. Just zu 25%. Dir gesitt, datt d'Delegatioun net frou dorriwwer ass, mä et ass awer esou, datt mer an der Mëttegstonn ganz vill Leit brauchen. Mir sinn natierlech am Gaang ze kucken, wéi mer dat können opstocken. Mir wëssen och, datt ee bei 25%, enger Zéng-Stonne-Woch, herno kee Pensiounsrecht huet. Mir wëssen dat alles. Dat ass am Moment net immens glécklech. Mä mir müssen awer och kucken, datt mer mëttes genuch Leit hunn, wann d'Kanner iesse kommen, respektiv fir Aktivitéiten ze maachen.

Am Département technique welle mer en Ingénieur-technicien astellen. Och do wuesse mer. Et ass wichteg, datt dee Service och ännerstetzt gëtt.

Am Service culturel ass eng Création de poste zu 75%. Datt mer do méi präsent sinn, haapsächlech am Accueil.

Am Enseignement musical zwee Créations de poste, just e puer Stonnen, fir Kontrabass an Jazz. Eng flott Saach.

An der Recette communale wuesse mer och èmmer méi. Ganz vill Recetten, ganz vill Depensen. Do welle mer och en Expeditionnaire astellen.

Am Département services de régie ass eng Création de poste als Artisan, en Handwierker. D'Iddi ass, fir eventuell och kleng Aarbechten op den Diech ze maachen. Dat ass d'Haaptiddi hennen-drün.

Zwee Créations de poste am Entretien, vu 75%. Dir wësst, d'Botzpersonal schafft bei eis meeschters 30 Stonnen. Et sinn der och e puer, déi 40 Stonne schaffen. Mä mir versichen, do awer bei 30 Stonnen ze bleiwen, fir esou flexibel wéi méiglech op de Sitten ze sinn.

E Serrurier bei de Pompjeeën. Eise Kommandant mécht eng extrem wichteg Aarbecht. Hie war bis elo als Handwierker ugestallt. Hien huet och eng Meeschterprüfung. A mir sinn der Meenung, datt hie sollt e Posten als Préposé kréieren, well e wierklech eng immens effikass Aarbecht mécht. Hie leet eng Equipe vu 70 Leit a mécht eng ganz seriöö Aarbecht. Datt en eng Unerkennung kritt fir déi Aarbecht, déi hie mécht. An da géife mer och nach e Posten am Service incendie kréieren.

Dat war elo e klengen, schnellen Iwwerbléck iwwert déi nei Créations de poste. Et lafen nach Gespréicher mat eise Servicer, fir eventuell nach déi eng oder déi aner Carrière anzestellen.

Här Schwachtgen, w.e.gl.

## FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Grad an deem Sënn wier ech frou, wann ech och eng Kéier beim Département écologique eng rout Zeil géif gesinn. Fir eis och do Gedanken ze maachen, fir och am Naturberäich eis Positionen auszubauen. Vu dass d'Aufgaben èmmer méi villfälteg ginn, èmmer méi grouss ginn, a vu dass ee vun den Employée vill mam Service technique ze dinn huet, wat haapsächlech den Energieberäich ubelaangt. Dat dozou.

Déi aner Saach ass déi: Ech si frou, dass mer bei den Agents municipaux, déi op d'Gardes champêtres iwwerginn, eng drëtt Persoun bäikréien.

Et wier ze iwwerleeën am Schäfferot, wéi de Link ass mam Service écologique, mam Fierschter an esou virun. Dass mer tëschent deenen zoustännege Ressorten am Schäfferot eng kloer Ko-

# 7. Personnel communal

operatioun hunn. Well ganz vill Saachen, déi uewen um Bierg oder an der Zone verte passéieren, eben iwwert de Service écologique lafen. An de Garde champêtre wär awer, mengen ech, do den éische Mann um Terrain, deen och e reege Kontakt misst hu mat en-gem Service écologique. Ech soen Iech Merci.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Schwachtgen. Här Ruckert, w.e.g.l.

## ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll hei awer Bedenke vun der Kommunistescher Partei umellen, dass èmmer méi Leit agestallt gi mat 30 Stonnen, mat 25 Stonnen. Dat féiert zu prekäre Verhältnisser. Oder mussen déi Leit sech dann eventuell dräi oder véier Aarbechtsplaze siche goen? Esou féiert dat natierlech derzou, dass Problemer entstinn, fir iwwert d'Ronnen ze kommen. Mä et féiert awer och zu engem Problem, herno wat d'Rent ugeet, wa se iwwer länger Zäit esou schaffen.

Ech fannen dat net glécklech. Well mir si jo net déi eenzeg Gemeng, déi an déi Richtung geet. Mä e ganze Koup Ge-menge bidden némme 25 oder 30 Stonnen un. Dat féiert natierlech dann och dacks derzou, dass déi Leit, déi age-stallt ginn, zum Beispill Schwiereg-keeten hunn, bei enger Bank e Kredit ze kréien, well se keng voll Tâche ier-gendwou hunn. Ech kennen aus men-gem Èmkrees e puer esou Leit, wou dat passéiert ass. Dat ass e Phenomen, deen èmmer méi grouss gëtt. An dofir fannen ech et net gutt, wann eng Gemeng an déi Richtung geet.

Ech hat geduecht, Dir géift vläicht op déi Bedenke vun der Salariésdelegatioun agoen. Ech wëll dee ganzen Text elo net virliesen, well insgesamt fanne se den Organigramm positiv. Ech wëll awer dee leschte Punkt, dee se opge-fouert hunn, virliesen, dass dat och am Analyteschen erschéngt.

D'Salariésdelegatioun schreift: „Mir stellen eis och Froen iwwert déi vill

Postes vacants an der Structure d'accueil, wëssend, dass do a ville Strukture Personalmangel ass, jo, esouguer d'Botzpersonal muss aushöllefen! Mir wünschen eis, dass déi Postes vacants séierstméiglech ersat ginn, zum Wuel vun de Kanner ewéi awer och vun ei-sem Personal.“

Vläicht kéint Der eppes dozou soen. Well ech mengen, dat ass jo awer net den normale Wee, wéi et soll funktio-néieren.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Diderich, w.e.g.l.

## GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wëll dat och ènnersträichen a wid-derhuelen, wat den Här Ruckert elo gesot huet. Dat war haapsächlech dee Punkt, op deen ech wollt agoen, op deen ech och scho méi oft agaange sinn.

Wa mer vum Personal an de Struc-ture-d'accueile schwätzen – den Här Ruckert huet dat elo net esou prezis genannt –, da schwätze mer grad vun deem Secteur, wou am meeschten oder ganz vill Verträg net volldaags sinn. Do ginn eng ganz Rei Posten an de Struc-tures d'accueil just 25% kréiert. Dat ass am Punkt 2 vum Avis vun der Salariésdelegatioun. Mir hunn der ganz vill op 50 oder 75%, mä guer net vill op 100%.

A mir wëssen och, dass mer an dee-ne Strukture ganz vill Personalwiessel hunn. Ganz vill Personalwiessel an dee-ne Strukturen, wou d'Kanner Stabi-litéit brauchen an net déi ganzen Zäit sech mussen op nei Persounen astellen. Dat fannen ech wierklech bedenklich. Do ass e politesche Choix ze huelen: Welle mer Qualitéit an eise Kannerbe-treiungsstrukturen oder welle mer dat Ganzt wéi e Betrib géréieren an net ze vill Personal hunn?

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat hunn ech schonn héieren.

écologique. Les tâches des em-ployés sont de plus en plus multi-ples. En plus, un des employés col-labore énormément avec le service technique.

Fränz Schwachtgen se réjouit que quelqu'un rejoigne l'équipe des agents municipaux, qui deviendront gardes champêtres. Il estime qu'une coopération étroite est nécessaire entre les gardes champêtres, le service écologique et le garde forestier. Beaucoup de ce qui se passe dans la zone verte sur la colline est du ressort du service écologique. Or le garde champêtre est le premier homme sur le terrain.

**ALI RUCKERT (KPL)** regrette que de plus en plus de gens soient recrutés pour 25 ou 30 heures. Il s'agit de situations précaires. À moins que ces personnes ne soient censées accumuler trois ou quatre emplois.

En plus, la Ville de Differdange n'est pas la seule commune à agir de la sorte. Ali Ruckert connaît des personnes n'obtenant pas de prêts dans les banques précisément parce qu'elles n'occupent pas une tâche pleine.

La délégation des salariés juge l'organigramme positif dans son ensemble. Cependant, elle regrette les nombreux postes vacants dans les structures d'accueil. Parfois, le personnel de nettoyage doit même aider les éducateurs. Il serait important de les combler pour le bien des enfants et du personnel.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** souligne à son tour ce qu'a dit M. Ruckert. En outre, le secteur des structures d'accueil est précisément celui où de nombreux employés ne tra-vailuent pas à temps complet. Des postes à 25 % sont créés. D'autres personnes travaillent à 50 ou 70 %, mais peu à 100 %.

Sans oublier que le roulement de personnel est important dans les structures d'accueil. Or plus de stabilité serait importante pour les enfants. C'est regrettable. Gary Dide-rich estime que le collège échevinal doit faire un choix: veut-il plus de qualité dans l'accompagnement des enfants ou veut-il gérer les struc-tures comme une entreprise?

# 7. Personnel communal

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**  
a déjà entendu ces propos.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** parle ainsi parce que le bourgmestre a déjà dit qu'il voyait la commune comme une entreprise.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** concorde.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** estime que pour gérer une entreprise comme il faut, la qualité est essentielle. Les employés doivent être fidélisés. Cela figure aussi dans l'avis de la délégation et ne constitue rien de nouveau.

Pourtant d'autres communes ont montré la voie. À travers une organisation différente, on peut recruter des gens à plein temps ou au moins à 35 heures.

En plus, le travail est déstructuré. Les employés sont chargés de l'accueil de 7 à 8 h. Puis ils sont de retour à midi. Enfin, ils travaillent jusqu'à 19 h. Ceux de la garderie sont là aussi le samedi.

Il n'est pas seulement question d'un accompagnement de qualité des enfants. Le secteur est dominé par les femmes. Or souvent, ces secteurs — comme celui du nettoyage — disposent de conditions de travail moins bonnes. Sans oublier qu'elles sont priées de suivre leurs formations en dehors des heures de travail alors que dans les autres secteurs, ce n'est pas le cas.

Gary Diderich approuvera l'organigramme parce qu'il contribue à soulager les employés communaux en général. Ceux-ci pourront faire leur travail de façon plus sérieuse. Cependant, tout ne va pas dans la bonne direction et l'organigramme ne fait que renforcer les problèmes.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** comprend les doléances. Le collège échevinal essaie de recruter davantage de personnes à plein temps et veut rendre le travail plus efficace dans tous les secteurs.

Gary Diderich a dit que certaines communes le font et d'autres pas. Mais il est clair que davantage de personnel à plein temps aura des répercussions sur le budget ordinaire. La qualité a un prix.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Well herno, deemno wéi ee säi Betrib nämlech geréiert – ech schwätzen esou, Här Buergermeeschter, well Dir jo gesot hutt, dass Dir eng Gemeng wéi e Betrib gesitt.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Wann een e Betrib gutt wöll geréieren, muss ee kucken, Qualitéit ze hunn. Dass ee seng Leit fideliséiert, fir dass een net èmmer erëm nei Leit muss astellen, dass een net èmmer déi Posten opstoën huet. Well dat steet jo och dran an deem Avis, dat ass keng Neiegkeet. Mir soen zénter Joren hei, dass mer d'Leit esou schnell huelen, wéi mer se némme kenne kréien, net dass se nach iergendwou anescht ginn.

An do hunn eis aner Gemengen awer scho gewisen, dass een déi Situations kann änneren. Wann een de Courage huet, ze soen, mir kucken, dass mer eis esou organiséiert kréien, dass mer dee-ne Leit besser Aarbechtskonditiounen schafen, andeems mer éischtens Kontrakter maachen, déi zum Deel voldag sinn oder op d'mannst 35 Stonnen.

Mir schwätzen hei och vun enger Aarbecht, déi immens destrukturéierend ass fir d'Leit. Si musse vu moies siwen Auer, oder nach éischter, bis aacht den Accueil maachen, da musse se sech iergendwéi anescht beschäftegen, da musse se erëm an der Mëttegstonn do sinn. An da musse se bis siwe schaffen. An déi, déi an der Garderie schaffen, müssen och nach heiansdo samschdes schaffen. Also ech mengen, do musse mer eppes änneren.

Fir déi Lénk ass dat ganz kloer eng Prioritéit. An et ass net némmen eng Fro vu Qualitéit an der Kannerbetreuung, an dat wär scho wichteg genuch. Mä mir schwätzen hei en plus nach vun engem Secteur, dee vu Fraen dominéiert ass. De Gros vum Personal an deem Secteur si Fraen. An, wéi sou oft an deene Secteuren, wou e Gros vu Frae schafft, wéi zum Beispill am Nettoya-

ge, sinn d'Konditiounen net esou gutt. Anscheinend mussen déi dann net esou gutt sinn.

An och wann déi Leit Formatiounen maachen, da solle se déi Formatiounen am beschten an där Zäit maachen, wou se net schaffen. Woubäi an anere Secteuren d'Leit déi Deeg fräi kréien an esou virun.

Ech begréissen an deem heiten Organigramm, an dofir wäert ech en och stëmmen, dass Plaze bïgesat ginn. A well en allgemeng duerch d'Bänk an der Gemeng dozou féiere wäert, dass d'Leit méi entlaascht ginn an hir Aarbecht méi seriö kenne maachen. Mä dat do ass eppes, op jidde Fall fir eis, wat kloer net an déi richteg Richtung geet. Dat gëtt duerch deen do Organigramm nach verstärkt.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Ganz vill vun deene Saachen, déi Der gesot hutt, verstinn ech ganz gutt. Mir sinn am Gaang ze kucken, wéi mer méi 40 respektiv 35 Stonne kréien. Mä ech muss Iech soen, net némmen den Här Liesch, mä mir all an all eis Leit um Terrain, déi zerbrieche sech ganz, ganz vill de Kapp, fir esou effikass wéi méiglech ze schaffen. Mir komme wahrscheinlich net dolaanscht, Dir hutt dat ganz richteg gesot, eis wierklich eng Kéier zesummenzesetzen an ze kucken, fir méi op 35- oder 40-Stonen-Kontrakter ze kommen. Mussen awer dann an engems kucken, wéi eng sénnyvoll Aarbecht déi Persounen da maachen. Ech menge schonn, datt dat eng Iwwerleeung wäert ass, an datt mer mussen an deenen nächste Méint a Joren op déi Schinn goen.

Dir hutt ganz recht, datt verschidde Gemengen dat maachen. Et sinn awer och nach verschidde Gemengen, déi dat net maachen. An dat huet dann och èmmer eng Repercussioun op den ordinäre Budget. Mä, ech mengen, dat hutt Dir och gesot, wann een eng gewësse Qualitéit wöll, da muss ee sech et eppes kaschte loossen. Da muss de Gemengen rot och bereet sinn, dann déi Suen do ze investéieren.

An et ass jo och net esou, datt mer näisch investéieren. Wann ee kuckt,

# 7. Personnel communal

wat awer elo investéiert gëtt, fir dat neit Konzept auszeschaffen, all déi Formatiounen. Well dat gëtt oft vergiess ze soen: Mir sinn déi Gemeng, wou d'Personal am meeschte Formatiounen ugebude kritt. Ech menge schonn, datt et an déi richteg Richtung geet.

Mir hu jo och eng Persoun, wou se kann erëm entlaaschten, eng administrativ Persoun, wou an d'Haiser geet, fir Buchungen ze maachen. Dat gëtt hinne schonn erëm méi Sputt. Mir sinn am Gaang, Efforten op de jeeweilege Sitten ze maachen, haapsächlech mam Här Liesch zesummen.

D'Botzpersonal, kann ech Iech ganz einfach erklären: Et war een Dag, wou schrecklech vill Krankeschäiner waren. Do hat ech als Buergermeeschter zwee Choixen: Entweder d'Maison relais zoumaachen an da ganz villen Eltere Bescheid soen, et geet net, mir hu kee Personal. Oder am Service technique uruffen a froen: Hutt der eventuell Personal, fir e puer Stonnen anzesprangen. An dunn hunn ech d'Decisioun geholl, dass d'Maison relais opbleift an d'Kanner net heemgeschéckt ginn. Dat war eng Decisioun, déi ech geholl hunn am Interesse vun den Elteren.

Dat ass bis elo eemol geschitt. A gleeft mer et, ech sinn net frou dorriwwer. Ech hunn iwwerall gesot, ech wëll net, dass dat nach eng Kéier virkënnt. Mä wann s de op een Ablack esou vill Krankeschäiner beieneen hues, dann ass et heiando schwéier. Et soll net méi virkommen. Mir sinn am Gaang, d'Remplaçementslëschten nach méi an d'Luucht ze schrauwen. Mam Hannergedanken, fir eventuell och déi Leit mat 10-Stonne-Kontrakt an de Remplaçantspool eranzehuelen, datt s de dann een hues. Fir eis do méi Flexibilitéit ze ginn.

An et mécht mer och Suergen, datt d'Leit herno kee Prêt oder esou kréien. Mir mussen awer och kucken, datt eise Betrib oder eis Gemeng, wéi Der et da wëllt nennen, funktionéiert. Net all Betrib ass schlecht. Och wann een eng Gemeng féiert wéi e Betrib, wëllt dat jo net heeschen, datt ee se schlecht féiert oder net sozial féiert. Herno komme mer nach drop zréck. Et si ganz vill Betribber, déi eng ganz sozial Oder hunn. An ech fannen och, datt een als Gemeng, och wann een déi esou géréiert, eng ganz sozial Oder a vill Qualitéit kann hunn.

Här Bertinelli, w.e.gl.

## SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech wollt just kuerz op dem Här Schwachtgen seng Fuerderung agoen, wat de Fierschter an eis Bannhiddler ugeet. Ech weess net, ob de Fierschter schonn e Cours gemaach huet. Eis Bannhiddler, déi ginn och vun him forméiert, wat déi eenzel Aufgaben an der Flora a Fauna am Bësch uginn. Dat ass schonn am Lafe mat eisen Agenten. An ech muss soen, si schaffen extrem gutt.

Mer hunn immens, immens vill Succès, zemoools mat den Depoten, mam Dreck um Bierg. Do hu mer scho ganz, ganz gutt Resultater. Och mat eise Véierbeener, eisen Hënn fonctionnéiert dat e bësse méi geregelt. Déi maachen eng ganz wäertvoll Aarbecht. Mä et ass richteg, déi Formatioun muss weidergoen, mat eise Bannhiddler, mam Fierschter. Mä dat ass schonn am Gaang. Déi Diskussiounen hate mer scho mam Fierschter.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Exzellent. Da komme mer zum Vote.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'organigramme actualisé.*

De Punkt 7b: Fixation du cadre fermé. Dat ass wéi all Joers, zénter eelef, zwielef Joer, wou ech hei am Schäfferot sinn. Wann Der dozou Froen hutt, mengen ech, stellt Der se dem Gemengesekretär oder dem Här Liesch, well deen ass och net schlecht doranner.

Mäi Gemengesekretär seet, dat gëtt geschwënn ofgeschaft. Loosse mer emol kucken. Sinn dozou Froen? Da géife mer zum Vote kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la fixation du cadre fermé pour les carrières des fonctionnaires communaux.*

Roberto Traversini insiste par ailleurs sur le fait que des investissements sont opérés. La Ville de Differdange est la commune offrant le plus de formations. Bref, cela va dans le bon sens.

Il est vrai que le personnel de nettoyage a aidé les éducateurs un jour. De nombreux employés étaient malades et Roberto Traversini avait le choix soit de fermer les maisons relais, soit de demander du personnel au service technique pendant quelques heures. Finalement, il a pris une décision dans l'intérêt des parents.

Cela n'est arrivé qu'une fois. Roberto Traversini explique qu'il n'est pas évident de gérer autant de congés maladie. Le collège échevinal est en train de renforcer sa liste de remplaçants et réfléchit à en recruter éventuellement dix heures par semaine.

Roberto Traversini regrette que certaines personnes n'arrivent pas à obtenir un prêt. Mais le collège échevinal doit veiller à ce que la commune fonctionne. En outre, qu'une commune soit dirigée comme une entreprise ne signifie pas qu'elle ne soit pas sociale.

**FRED BERTINELLI (LSAP)** revient sur les propos de M. Schwachtgen concernant le garde forestier et les gardes champêtres. Le garde forestier forme déjà les gardes champêtres en ce qui concerne la faune et la flore.

La commune a obtenu de bons résultats dans la lutte contre les déchets sur la colline. Les propriétaires de chiens se comportent mieux aussi.

Mais il est vrai que les formations du garde forestier doivent être développées.

(Vote)

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** passe à la fixation du cadre fermé. Si les conseillers communaux ont des questions, ils feraient bien de les poser au secrétaire communal ou à M. Liesch.

(Vote)

# 7. Personnel communal

Roberto Traversini passe au contrat collectif, qui a été signé par les 18 communes. Il y a deux mois, il semblait impossible de pouvoir arriver à un consensus. Depuis, toutes les parties ont versé de l'eau dans leur vin. Pierre Mellina a réalisé un excellent travail de médiation et Roberto Traversini l'en remercie.

Le contrat collectif apporte de nombreuses améliorations. Dans quelques cas, les salariés s'en sortent moins bien. Mais dans l'ensemble, le compromis entre les communes et les syndicats est bon. Un groupe de travail de six bourgmestres a été créé. Il a six mois pour proposer un nouveau contrat collectif. Il sera notamment question du salaire de départ des salariés. Les premières discussions ont été positives.

**ALI RUCKERT (KPL)** explique qu'au bout de sept ans de négociations, le contrat a été signé le 18 janvier. Il rappelle qu'un débat à son sujet a eu lieu le 4 mai sur initiative du KPL. Ali Ruckert voulait que le conseil communal se déclare contraire à tout démantèlement des acquis sociaux. Il était, en effet, question d'une baisse des salaires de départ. Le personnel de nettoyage aurait même gagné moins que le salaire minimum.

À l'époque, Ali Ruckert avait déclaré être contre à un passage en force de ces dégradations, comme cela arrive dans les entreprises privées. Malheureusement, le collège échevinal s'était montré peu enthousiaste. Mais Ali Ruckert est fier du fait que le KPL ait contribué à empêcher une dégradation des acquis sociaux jusqu'à présent.

Que des améliorations aient été incluses dans le contrat est dû à la pugnacité des syndicats, mais aussi à une approche politique différente. Après deux ans d'une politique d'austérité au détriment des travailleurs et des retraités, les partis au pouvoir en ont eu assez des sondages catastrophiques. Les communes du sud ne font que suivre cette tendance à l'approche des élections communales.

Merci. Deen nächste Punkt ass eise Kollektivvertrag. E Vertrag mat engem laange Baart. Wéi Der am Dossier gesitt, ass dee vun deenen 18 Gemengen énnerschriwwen. Virun e puer Méint, wéi den Här Ruckert duerno gefrot hat, hat et nach net esou ausgesinn, wéi wa sech déi 18 Gemenge géifen eens ginn. Et huet jiddwereen e bësse Waasser a säi Wäin geschott. Ech wëll haaptsächlech mäi Kolleg Pierre Mellina hei erнимmen, well e wierklech eng gutt Aarbecht gemaach huet, fir e Konsens ze fannen. Et si vill Aarbeitsgruppe gelaf intern, extern, fir herno zu 18 Stéck deen heiten neie Kollektivvertrag ze énnerschreiwen.

Ech liesen Iech elo net all Verbesserung vir. Et sinn och e puer Saachen – ech géif dat net Verschlechterung nennen, mä et sinn och e puer Saachen –, wou eis Salarié vlaicht manner gutt ewechkomme wéi bis elo. Mä énnert dem Stréch, mengen ech, datt d'Gewerkschaften an d'Gemengen e gudde Kollektivvertrag ausgehandelt hunn.

Dir gesitt, et si verschidde Punkten erausgeholl ginn. Et ass en Aarbeitsgrupp geschaft gi mat sechs Buergermeeschteren a Buergermeeschteschen dran. Bis den 31. Mäerz sollen déi e Virschlag maache fir en neie Kollektivvertrag. Dat wier rekordverdächtig, bannent sechs Méint en neie Kollektivvertrag ze maache fir déi kommend Joren. Do geet et èm e bësse méi e kriddelege Punkt, d'Ufanksgehälter vun eise Salariéen. Mä ech muss soen, déi zwou, dräi Kéieren, wou mer eis scho gesinn hunn, war et ganz positiv. An ech hoffe wierklech, datt mer do eng gutt Léisung fannen, fir déi Leit, déi an Zukunft an d'Gemenge schaffe kommen.

Här Ruckert, w.e.gl.

## ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, no siwe Joer Verhandlungen ass den 18. Januar vun dësem Joer dee Kollektivvertrag énnereechent ginn. Awer net fir all Beräicher, wéi den Här Buergermeeschter scho gesot huet. Ech wëll elo net op dee ganze Werdegang agoen, ma ech wëll awer drun erënneren, dass op Initiativ vun der KPL vum 4. Mee heiriwwer debattéiert ginn ass.

Ech wollt mech do net informéieren iwwert de Kollektivvertrag, mä d'Iddi war eigentlech, fir ze soen, de Gemengen soll sech géint sozialen Ofbau ausschwätzen. Well et muss ee jo wëssen, dass do zimlech vill Verschlechterunge geplangt waren. Énner anerem eng staark Kierzung vun den Ufanksléin. Beim Botzpersonal hätt dat souguer derzou gefouert, dass hiert Akommes énnert dem Mindestloun geleeën hätt. Dat hunn ech, als Vertriebler vun der KPL, staark kritiséiert.

An ech hu gesot, dass ech net kéint dermat averstane sinn, wann esou Verschlechterunge géife mam Briecheisen duerchgesat ginn an domat der Privatwirtschaft géif nogéäifert ginn. Well do ass dat jo schonn a méi wéi engem Betrieb passéiert.

Ech hat dofir d'Gemeng opgefuerert, dass se soll Ofstand huele vun esou Sozialofbau. Mä d'Begeeschterung beim Schäfferot hat sech awer deemoools a Grenze gehalen, muss ech soen. Ech sinn awer haut houfreg, dass d'KPL derzou bäidroe konnt, dass op d'mannst bis zu dësem Zäitpunkt de Sozialofbau verhennert ginn ass.

Dass eng Eenegung fonnt ginn ass an eng ganz Rei vu Verbesserungen an de Kollektivvertrag ageschriwwen gi sinn, huet mat der standfester Haltung vun de Gewerkschaften ze dinn awer och mat engem politeschen Émdenken. No zwee Joer Austeritéits- a Spuerpolitik um Bockel vun de Lounofhängen an de Rentner aus dem privaten an öffentlechen Déngscht, haten d'Regierungs-partieie wéinst katastrophalen Émfroergebnisser esou e Schreck kritt, dass se eng Vollbremsung gemaach hunn. All weider Austeritéitsmoosnam hätt den Niddergang weider beschleunegt.

Datt elo och an de Südgemengen, déi ebe méiheetlech vu Parteie verwalt ginn, déi och an der Regierung sinn, émgeduecht gouf, ass keng Iwwerraschung, vu dass ee viru Kommunalwahle steet. Et bestätigt awer, dass de Schock déif sëtze muss. De Kollektivvertrag ass also énnereechent ginn, awer eng Rei Punkte sinn ausgegliddert ginn. An et bleift natierlech eng Saach, déi net esou positiv ass.

Iwwert d'Auswirkung vum Gehälter-ofkommes am öffentlechen Déngscht

# 7. Personnel communal

vum 5. Dezember 2016, eng Neigestaltung vun de Lounstrukturen an d'Astiegsprozedur vun neie Beschäftigte soll sech nach bis de Juni vun désem Joer en Aarbechtsgrupp befaassen. Wou da Gewerkschaftler dra sinn, awer och Vertriebler vu sechs Gemengen, dorënner, wann ech mech net ieren, och Dir, Här Buergermeeschter.

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo.

---

**ALI RUCKERT (KPL):**

Dat kéint bedeiten, dass déi nei Beschäftigt, déi agestallt ginn, souguer wa se op méi laang Siicht Lounopbesserunge géife kréien, während den éischten dräi Joer méi en niddrege Loun géife kréien. Och wann et net zu deem radikalen Aschnëtt kénnt, deen d'Südgemengen an enger éischter Etapp duerchsetze wollten.

Ech wëll hei betounen, dass d'KPL all Aschnëtt ofleent, egal ènner wat fir en-gem Virwand en och virgeholl gëtt.

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Diderich, w.e.g.l.

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Déi Lénk hat sech zu Déifferdeng wéi an anere Südgemengen och derfir agesat, dass et bei deem dote Kollektivvertrag net zu engem Ofbau kénnt. Ech men-gen, d'Gewerkschaften hate méi wéi raisonnable Fuerderungen. Dat ass jo hei schonn diskutéiert ginn, ech brauch net méi alles ze widderhuelen. Dat wär net akzeptabel gewiescht, wann dat sech nach weidergezunn hätt a wann et zu engem wierklech staarken Ofbau komm wär; Aarbechter, déi wéi laang keng Opbesserunge méi kritt hätten.

Elo hu mer endlech e Kollektivvertrag, deen dann haut gestëmmt gëtt, deen esou ze vertrieben ass. A wou et awer aus eiser Siicht an där Aarbechtsgrupp, déi elo kénnt, kloer ass, dass et net an

déi Richtung däerf goen, dass et zu enger Verschlechterung fir d'Aarbechter kénnt.

Dohier wäerte mir dat heiten op jidde Fall stëmmen. Mir si frou, dass d'Gemeinde sech zesummegerauft hunn an Accorde fonnt hunn. Mir bedaueren, dass dat eng Zäitche schif gaangen ass, dass och de Verhandlungsführer vun der LSAP vun Esch, den Här Codello, dat eiser Meenung no net anstänneg geréiert a wierklech an eng Sakgaass gesteiert huet. Mä do hunn awer och aner Leit mat dru gewierkt, dass et anescht gaangen ass. A mir si frou, dass dat nach eng Kéier konnt gedréit ginn.

Froe kann ee sech stellen iwwert d'Positioun vun de Gréng vu Beetebuerg an Déifferdeng bei där ganzer Saach, déi an deene Verhandlungen dobäi waren. Do war keng kloer Positioun ze erken-nen. Wann eng Positioun ze erkenne war, dann éischter eng, déi net férder-lech, also net am Interesse war vun den Aarbechter.

Ech ginn elo net an d'Detailer vum Kollektivvertrag an. Dat ass schonn zum Deel gemaach ginn. Mä esou wéi en elo ausgehandelt ginn ass, wéi gesot, si keng riseg Verbesserungen do fir d'Aar-bechter. Si hunn am Fong vill a laang misste verhandelen, fir sech elo net iergende Luxus do erauszehandelen. An et ass awer verdéngt, dass deen elo end-lech zum Ofschloss kénnt an elo keng Verschlechterungen dra sinn.

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Schwachtgen, w.e.g.l.

---

**FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech wëll rappeléieren, dass ech mat deen eenzegen hei war, dee viru Méint plädéiert hat, mat deenen anere Partei-en, déi d'Wuert deemoools geholl haten, dass déi Verhandlungen endlech sollten zum Ofschloss kommen. An déi gréng si ganz frou, dass vun där Sait aus Drock komm ass an dass et zum Ofschloss komm ass.

Déi aner Saach ass: Ech erwaarde mer – oder ass et ze fréi? –, eng Stellungnam vun de Salariéë selwer ze kréien. Mir

Cependant, même si le contrat col-lectif a été signé, un certain nombre de points ont été exclus du docu-ment. Bref, le document n'est pas vraiment positif.

Un groupe de travail comprenant des syndicalistes, mais aussi les re-présentants de six communes, dont le bourgmestre de Differdange, est censé s'occuper de redéfinir les sa-laires des nouveaux salariés avant juin de cette année.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** confirme faire partie du groupe de travail.

**ALI RUCKERT (KPL)** rappelle que les nouveaux salariés risquent de gagner moins pendant trois ans, et ce, même si la différence sera moindre que ce que les communes demandaient au départ.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** signale que déi Lénk s'est aussi engagé contre un redimensionnement des acquis sociaux dans le contrat collectif. Les demandes des syndicats étaient raisonnables. Il fallait éviter que les salariés n'aient plus d'améliorations pendant longtemps.

Désormais, le contrat collectif est acceptable, mais il faut faire at-tention à ce que les réflexions du groupe de travail n'aillet pas dans une direction pouvant entraîner une détérioration des conditions de tra-vail.

Gary Diderich approuvera le contrat collectif. Il regrette que les négociations aient duré aussi long-temps et que le négociateur socia-liste d'Esch, M. Codello, n'ait pas géré convenablement le dossier. Heureusement, il n'a pas obtenu satisfaction.

Le conseiller communal se pose des questions quant à la position des écologistes de Bettembourg et de Differdange. Il a plutôt l'impre-sion qu'ils n'agissaient pas dans l'intérêt des travailleurs.

Le contrat tel qu'il a été négocié ne présente pas de véritables améliora-tions pour les salariés. Les négocia-tions ont été longues et ne leur ont pas apporté grand-chose. Mais au moins, le contrat n'apporte pas de dégradations des conditions.

# 7. Personnel communal

## FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

*fait partie de ceux qui ont plaidé, il y a quelques mois, pour une clôture des négociations. Il est content que celles-ci aient finalement abouti.*

*Le conseiller communal attend désormais une prise de position des salariés. Il rappelle que le contrat collectif a été signé par les deux syndicats. Il suppose donc qu'il est bon. Toutefois, il n'en connaît pas les détails, car il n'a pas participé aux négociations. Il n'a lu qu'un rapport. Il préfère donc attendre les publications des syndicats pour donner son opinion. À ce moment-là, il pourra donner son avis quant au rôle des écologistes.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** approuve les propos de M. Schwachtgen.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** salue à son tour l'accord qui a été trouvé il y a deux semaines.

*Les négociations ne se sont pas bien passées. Pierre Hobscheit ne souhaite pas revenir sur le rôle du négociateur en chef. Il rappelle cependant que le représentant socialiste de Differdange a contribué à résoudre la situation. Il signale également que les socialistes ne soutiendront pas une réduction du salaire d'entrée d'après le modèle 80-80-90.*

*Il a été dit que ceux qui n'ont pas pris position lors de la première discussion à ce sujet ne se sont pas montrés solidaires. Mais en fait, Pierre Hobscheit faisait entièrement confiance aux négociateurs, et notamment aux socialistes. Cela n'a rien à voir avec un manque de solidarité. Pierre Hobscheit rappelle qu'il est lui-même fils d'un ouvrier communal à la retraite.*

*Il est vrai que les négociations ont été longues et difficiles, mais le résultat est là. Cela démontre que le dialogue entre les syndicats et les communes fonctionne. En outre, Pierre Hobscheit se dit convaincu que le groupe de travail parviendra à un résultat allant dans le sens des salariés.*

**ALI RUCKERT (KPL)** proteste sur le fait que le bourgmestre en sait plus qu'il n'en dit. Il espère que l'on pourra prendre M. Hobscheit au

ginn hei politesch Stellungnamen of. Et wier vlächt wichtig, wann een dat géif ofwaarden. Et ass énnerschriwwen vun deenen zwou Gewerkschaften, wou mer d'Leit jo och kennen. Dann huelen ech och un, dass dat gutt ass.

Mä den Detail hunn ech net. Ech war net an deene Verhandlungen derbäi. Et gëtt elo gesot, déi gréng hätte keng positiv Roll an deene Verhandlunge ge-spillt. Dat heesch, do muss jo Insider-wësse sinn, wat ech elo net hunn. Dat kann ech ebe just aus engem Bericht erliesen, dee vun deene Beträffene selwer erauskënnt. Do wäert een da müssen op déi verschidde Gewerkschaftszeitung waarden, fir sech dann eng definitiv Meenung ze bilden. An da kann ech mech och ganz gär zu engem even-tuelle schlechte Rôle vun deene gréngan an deene Versammlungen äusseren.

## SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Très bien!

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Hobscheit, w.e.g.l.

## PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, mir als LSAP begréissen natierlech och, dass déi Verhandlunge virun zwou Wochen zum Ofschluss komm sinn, an dass en Accord fonnt gouf.

Déi Verhandlunge si sécher net émmer gutt gelaf. Op d'Roll vum Verhandlungsféirer wäert ech elo hei net weider agoen. Ech wéll awer betounen, dass et och den LSAP-Vertrieder, och den LSAP-Vertrieder hei vun Déifferdeng am Schäfferot, ze verdanken ass, dass et esou gaangen ass, wéi et gaangen ass. An eppes wéll ech hei och ganz kloer soen: D'Diskussioun, fir d'Ufanksgehälter ze kierzen, zum Beispill nom Modell 80-80-90, wéi dat beim Staat geschitt ass a wéi dat beim Staat neierdéngs ass, esou eppes wäerte mir op alle Fall net matdroen. A mir wäerten eis dofir asetzen, dass dat net wäert kommen.

Ech wéll och hei Stellung huelen zu en-gem Virworf, dee gemaach gouf, dass net jiddereen an där Sitzung, wou mer déi éische Kéier heiriwwer diskutéiert hinn, Stellung geholl huet, dat wär en onsolidarescht Verhale gewiescht. Abee, nee, ech hat vollst Vertrauen an déi Leit, déi déi Verhandlunge gefouert hinn, och vu menger Partei. Dat huet absolutt näisch mat onsolidaresch ze dinn. Dat soen ech net némmen als Politiker, mä och als Bouf vun engem pensionéierte Gemengenaarbechter, dass ech einfach Vertrauen hat an déi Gespréicher, déi am Gaang waren.

Quitte, dass déi un d'Stocke komm waren, dat ass richteg. An dass déi Gespréicher sech vlächt ze laang gezunn hinn. Mä am Endeffekt hu mer jo awer elo gesinn, e Resultat gouf fonnt, en Accord gouf énnerschriwwen. Dat weist, dass den Dialog téscht de Gewerkschaf-ten an de Gemenge funktionéiert huet. An ech sinn och iwverzeegt, dass an deem Aarbeitsgrupp, deen elo agesat gouf an dee bis Enn Juni am Prinzip soll schaffen, alles wäert derfir gemaach ginn, dass Resultater derbäi erauskom-men, déi am Senn vun den Aarbechter an eise Südgemenge sinn. Ech soen Iech Merci.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmoos Merci. Här Ruckert, reagéiert Dir elo do drop?

## ALI RUCKERT (KPL):

Jo, Här Buergermeeschter. Dir sot jo näisch, obschonn Dir méi wësst.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ma nee, ech wollt elo. Ech ginn Iech awer d'Wuert.

## ALI RUCKERT (KPL):

Dir wësst jo méi. Ech hoffen, mer kën-nen den Här Hobscheit eng Kéier mam Wuert huelen, wann e seet, e géif sech dergéint wieren, wann et Kierzunge vun den Ufanksgehälter gi wäert.

# 7. Personnel communal

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Nee, en huet 20-20 gesot.

## ALI RUCKERT (KPL):

Well et wäert der ginn. Dat gesäit ganz esou aus. Dat ass an der Diskussiou an deem Aarbechtsgrupp. Et gesäit net esou aus, wéi wann déi Gehälter esou géife bleiwen, wéi se elo sinn, oder wéi wa se géife gehéicht ginn. Mä et geéischter an déi Richtung, dass se gekierzt ginn déi éischter dräi Joer. An dat ass dann och Sozialofbau.

Leider, muss ee soen – an dat wëll ech awer och soen –, leider ass et dacks esou, dass wann et dem Patron – an den Här Buergermeeschter schwätzzt jo èmmer gär vu Betriber, déi e geréiert – geléngt, d'Aarbechter auserneen ze dividéieren, dann ass Widderstand ganz schwéier.

Dat hu mer an der Vergaangenheet gemierkt bei Luxair, an dat hu mer bei Cargolux gemierkt. Wou d'Aarbechter oder d'Salariéë sech géint Sozialofbau gewiert hunn. A wéi se e klengen Erfolleg haten an nach just um Programm war, fir d'Ufanksgehälter ze kierzen, fir déi Leit, déi eréischter géifen agestattl ginn, ass do kee Widderstand méi komm. Leider, muss ech soen, leider ass ze fäerten, dass déi schlecht Beispiller aus der Privatwirtschaft am effentleche Secteur Schoul maachen.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Den Här Mangen, w.e.gl.

## ROBERT MANGEN (CSV):

Mir begréissen zumindest den Deelerfolleg vun de Verhandlunge fir d'Salariéen. Mir hu vollst Vertrauen an den Här Mellina, datt dee sech weiderhi fir déi Leit assetzt, an datt et zu engem guden Accord kënnt.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Pierre Hobscheit, Dir hutt d'Wuert.

## PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Här Ruckert, Dir hutt och gesot, dass ee mech emol eng Kéier ka beim Wuert huelen. Also ech weess jo net, wat Der mer domat wollt soen. Meng Muecht an deene Verhandlungen, meng perséin-lech Muecht an deene Verhandlungen ass begrenzt, fir net ze soen inexistent. Ech ka just vläicht op déi Leit awieren, déi do mat verhandelen.

Mä ech muss awer soen, dee Saz, dass ee mech emol eng Kéier ka beim Wuert huelen, also... Ech soen net, dass ech alles, wat ech de Leit verspriechen, direkt den Dag drop émsetzen, meng Muecht als Conseiller ass an deem Senn jo och begrenzt.

Mä dat do kléngt awer e bëssen esou, wéi wann ech dat Blot vum Himmel géif verspriechen a wéi wann ee sech op mech net kéint verloessen. Ech mengen, déi Leit, déi mech e bësse besser kenne wéi Dir, wëssen, dass dat net esou ass. An domat, mengen ech, wär alles gesot.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Esou ass et. Här Diderich, ech géif gär wëssen, vu wou Der dat hier hutt, wat ech dozou bäägedroen hunn oder net. Dir mengt, net vill. Ech si keen, dee sech selwer wëll luewen. Dofir hoffen ech jo emol, datt vun aner Gemengen, wéi ech et haut och gemaach hu vis-à-vis vun engem anere Buergermeeschter, vläicht dann eng Retourkutsch kënnt.

Zu de Verhandlungen: Et wier ganz einfach, ech kéint elo e puer Saache soen, ech mengen, déi zwee Leit hannen am Sall wären extrem frou. Mä dat wäert ech net maachen. Dat hat de Kollektivvertrag bal zum Scheitere bruecht, eng, zwou Woche virdrun, wou eng Buergermeeschtesch an e Buergermeeschter iwwer Zeitunge kommunizéiert hunn. Dat ass net gutt.

Et ass net gutt fir keen. Dofir wäert ech haut zu deem Punkt absolutt näischt soen.

mot lorsqu'il dit qu'il luttera contre la réduction des salaires de départ.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** signale que M. Hobscheit parle du système 20-20.

**ALI RUCKERT (KPL)** réplique qu'il en est pourtant question au sein du groupe de travail. Il ne pense pas que les salaires restent au même niveau qu'actuellement. La tendance est à une baisse au cours des trois premières années. C'est ce qu'on appelle une remise en cause des acquis sociaux.

Le bourgmestre parle souvent des communes comme d'entreprises. Or lorsque le patron parvient à diviser les salariés, toute résistance devient difficile. On a vu cela avec Luxair et Cargolux. Les salariés ont lutté contre une détérioration des acquis. Mais dès qu'il n'a plus été question que de réduire les salaires d'entrée, la résistance a cessé. Malheureusement, les mauvais exemples du secteur privé font école dans le public.

**ROBERT MANGEN (CSV)** salue le succès partiel des négociations. Il fait confiance à M. Mellina pour qu'un bon accord soit trouvé.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** revient sur les propos de M. Ruckert, qui a dit espérer pouvoir prendre le conseiller communal au mot. Or son influence sur les négociations est limitée, voire inexisteante. Tout au plus, il peut discuter avec les négociateurs.

Pierre Hobscheit ne dit pas qu'il réalise le jour même toutes les promesses qu'il fait. Son pouvoir en tant que conseiller communal est là aussi limité. Mais les paroles de M. Ruckert laissent entendre qu'on ne peut pas lui faire confiance. Ceux qui le connaissent savent que ce n'est pas vrai.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** se demande d'où M. Diderich croit connaitre son apport dans les négociations. M. Diderich semble penser qu'il est négligeable. Roberto Traversini n'aime pas se vanter, mais il espère que d'autres communes diront du bien de lui.

Le bourgmestre pourrait fournir des informations quant aux négociations.

# 8. Règlements communaux

ciations, mais il ne fera pas. Il rappelle que les négociations ont failli échouer lorsque deux bourgmestres ont parlé aux journaux. Cela n'apporte rien.

Les communes et les syndicats travaillent dur. Roberto Traversini est convaincu qu'une solution sera trouvée et que le contrat collectif pourra être signé avant l'été.

(Vote)

Roberto Traversini passe aux règlements communaux.

**FRED BERTINELLI (LSAP)** précise qu'il est question d'un oubli dans le règlement des taxes de stationnement. Le ticket perdu n'y figurait pas. C'est désormais chose faite. Toute personne ayant perdu son ticket doit s'acquitter d'une taxe de 25 €.

**ALI RUCKERT (KPL)** rappelle que pour les communistes, il faudrait pouvoir se garer gratuitement dans l'espace public. C'est pourquoi il n'approuvera pas cette adaptation.

(Vote)

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** passe aux modifications.

**FRED BERTINELLI (LSAP)** signale qu'il a déjà été question du Gadderscheier. Il propose de passer aux règlements de circulation.

(Interruption)

Fred Bertinelli constate que la modification doit être soumise au vote. Il rappelle que la zone Gadderscheier est désormais une zone 50 et qu'elle fait partie du réseau communal.

Les conseillers communaux disposent d'un dossier avec les règlements, les panneaux, etc. Il a été question de tout ceci au sein de la commission de la circulation.

(Vote)

Et gëtt ganz fläisseg geschafft, mat de Gewerkschaften a mat de Gemengen zesummen. An ech mengen, mir wäerten eng Léisung fannen, datt de Kollektivvertrag virum Summer kann énnereschriwwen ginn.

Mir géifen zum Vote kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le Renouvellement de la convention collective des salariés des Communes du Sud.*

Exzellent. D'Règlements communaux.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Règlement-taxe.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Règlement-taxe, jo. Mä de Punkt 8 sinn d'Règlements communaux. Et sinn dräi Stéck. Här Bertinelli, Dir hutt d'Wuert.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Dat ass e klengen Oubli vun all deenen Taxe fir d'Stationnementer. Den Ticket perdu hate mer net drop. Deen hate mer ni duerch de Gemengerot geholl. Dat musse mer maachen, fir korrekt ze sinn. Dofir hu mer dat elo drop gesat, mat all deenen anere Reglementer. 25 Euro bezilt een, wann ee säin Ticket verluer huet. Dat musse mer duerch de Gemengerot bréngen. Merci.

**SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):**

Huet een eng Fro? Här Ruckert, w.e.g.l.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, als Vertrieder vun der KPL wëll ech drun erënneren, dass ech am Prinzip der Meenung sinn, dass een am öffentleche Raum misst kënne gratis stationéieren. An dofir wäert ech och géint déi kleng Upassung do stëmmen.

**SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):**

Mir huelen dat zur Kenntnis. A mir géifen zur Ofstëmmung kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'adaptation au règlement-taxe, chapitre G-1 stationnement.*

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

D'Modifikatiounen. Här Bertinelli, w.e.g.l.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

D'Modifikatiounen: Ech mengen, d'Gadderscheier hate mer duerchgeholl.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Da géife mer zu de Verkéiersreglementer kommen.

**ENG STËMM:**

Mir musse fir d'éischt driwwer ofstëmmen.

**SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ah, dat musse mer ofstëmmen. Modification du règlement de circulation vun der Zon Gadderscheier. Dat ass dat, wat ech Iech virdru gesot hunn. Dat sinn déi Reglementer, datt dat elo eng Zon 50 ass. Datt déi Strooss an de Gemengereseau vun de Stroossen erakënnnt. Mir mussen dat jo och stëmmen.

Wéi gesot, virdru war dat eng Staatsstrooss. An déi musse mer elo an de Réseau vun de Gemengestroossen eranhuelen. Hannendrun, gesitt Der an ären Ënnerlagen, stinn d'Reglementer mat de Schëlter, de Parkverbuet, datt net méi wéi 3,5 Tonnen iwwert déi Bréck

# 9. Dénomination des rues et places

an déi Strooss däerfen erafueren, datt mer do keng Camionen hunn, déi zu Nidderkuer erauskommen. Alles, wat mer an eise Verkéierskommissiouen ugeschwat haten, hu mer gehalen. Dat steet am Reglement hannen.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Da komme mer zum Vote.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les modifications du règlement communal de la circulation - Zone Gadderscheier.*

Exzellent. D'Reglement-temporairen. Här Bertinelli, w.e.gl.

## SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Da komme mer zu de Reglementer. E grousse Schantjen an der rue Emile Mark. Tëschent dem Tronçon Krieps a rue du Gaz ass e Parkverbuet, soulaang déi Strooss zou ass, bis déi Amenageemerter an de Stroosse fäerdeg sinn. Déi Durée ass viraussichtlech bis den 31. Mäerz virgesinn. Duerch d'rue du Gaz wäerten all eis Camione vun eisen technesche Servicer fueren, well d'rue du Gaz zou ass. Dofir ass do Stationnement interdit. Mir hu probéiert, lénks a riets sou gutt wéi méiglech Parkplazen ze fannen, fir den Awunner do entgéintzekommen.

En anert Reglement ass d'Verschéine rung vun Nidderkuer, d'rue de l'Église. Do ass och Stationnement interdit rue Tëtelbierg a rue de l'École, bis déi Aarbechten an de Stroosse fäerdeg sinn. D'Durée ass och bis den 31. Mäerz virgesinn. Et steet awer dobäi, datt do déi eng oder déi aner Verlängerung wäert kommen.

Datselwecht fir d'rue St. Pierre, d'rue de l'Église bis d'rue de l'École. Wéinst Aarbechten ass e Parkverbuet gemaach ginn. Mir bieden ëm Verständnis. Dat wäert herno dann duebel esou schéi sinn, wann et fäerdeg ass. Dat wäert bis de 14. Abrëll dauerend.

An der rue des Pommiers am Matten dall ginn Travaux de canalisation ge-

maach. Do ass och op verschiddene Plaze Parkverbuet. Dat ass e bësse méi kritesch, well déi Stroossen net ganz breet sinn. Hei biede mer och ëm Verständnis. Mä dat sinn Aarbechten, déi musse gemaach ginn, dass déi Kanalisationen erëm an d'Rei kommen.

E lescht Reglement, an der rue Kondel gëtt héchstwahrscheinlech en Haus gebaut. Eck rue Belair bis d'Maison 2, also dee ganzen Eck, wäert bis den 28. Juli Parkverbuet sinn, soulaang wéi dee Schantjen do dauert. Ech soen Iech Merci.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Da géife mer zum Vote kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Da komme mer zum néngte Punkt, ee Punkt mengen ech, deen net eleng mir perséinlech um Häerz läit. Et geet ëm de Site, wou d'Kierch stoung. Déi hu mer missen ewechhuelen. Déi Plaz huet am Moment keen Numm. De Schäfferot huet sech zesummegedoen, an den Tom Ulveling huet den Numm an d'Spill bruecht. En ass natierlech direkt op Begeeschterung gestouss. Quitte, datt ech net vill Idoler hunn, mä dat ass ee Mann, deen all mäi Respekt huet, säitdeem ech weess, wat en alles gemaach huet. Mir proposéieren, déi Plaz Nelson Mandela ze nennen. Ech maachen Iech e klenge Resumé, well et kéint een deeglaang, fir net ze soe jorelaang, iwwert dee Mann schwätzen.

Hien ass den 18. Juli 1918 zu Mvezo gebuer. Bekannt natierlech fir säi Kampf géint d'Apartheid. President vu Südafrika vun 1994 bis 1999. Wann ee bedenkt, vu wou e kënnt, dat ass schonn impressionnant. An en ass leider de 5. Dezember 2013 zu Johannesburg gestuerwen.

En ass deen éischten aus senger Famill, deen an d'Schoul gaangen ass. Et ass och do, wou e säin Numm kritt huet, Nelson. Hien huet virdru ganz aneschters geheesch, nämlech Rolih-

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**  
passe aux règlements temporaires.

**FRED BERTINELLI (LSAP)** signale un chantier dans la rue Émile-Mark avec une interdiction de stationnement entre le boulevard Émile-Krieps et la rue du Gaz. Ceci, probablement jusqu'au 31 mars.

Un autre règlement porte sur la rue de l'Église. Le stationnement est interdit dans la rue Tëtelbierg et la rue de l'École jusqu'à ce que les travaux y soient terminés. En principe, les travaux dureront jusqu'au 31 mars, mais ils seront prolongés.

Le stationnement est également interdit dans la rue Saint-Pierre, de la rue de l'Église jusqu'à la rue de l'École. Fred Bertinelli espère que les habitants feront preuve de compréhension. Les travaux dureront jusqu'au 14 avril.

Dans la rue des Pommiers dans le Mathendahl, des travaux de canalisation sont en cours. Le stationnement y est interdit à plusieurs endroits. La rue étant étroite, Fred Bertinelli demande à nouveau aux habitants de faire preuve de compréhension.

Dans la rue Kondel, une maison sera probablement construite au coin de la rue Belair. Le stationnement y sera interdit jusqu'au 28 juillet.

(Vote)

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**  
passe au point 9, qui lui tient à cœur. La place de l'Église de Differdange n'a pas encore de nom. Le collège échevinal en a discuté et M. Ulveling a fait une proposition accueillie avec enthousiasme: place Nelson-Mandela. Roberto Traversini n'a pas beaucoup d'idoles, mais Nelson Mandela mérite tout son respect.

Nelson Mandela est né le 18 juillet 1918 à Mvezo. Il est connu pour sa lutte contre l'apartheid et a été président de l'Afrique du Sud de 1994 à 1999. Il est mort le 5 décembre 2013 à Johannesburg.

Nelson Mandela a été le premier de sa famille à aller à l'école. Il a étudié à Fort Hare, la seule université acceptant des étudiants noirs. En 1943, il devient membre de l'African National Congress, l'ANC, qui exige notamment le droit de vote

# 9. Dénomination des rues et places

universel. Mais en 1948, le National Party remporte les élections et l'apartheid est mis en place.

En 1951, Mandela devient le premier avocat noir de Johannesburg avec Olivier Tambo.

En 1960 a lieu le massacre de Sharpeville. Lors d'une manifestation pacifique, 69 personnes dont des femmes et des enfants sont assassinés. Mandela se rend compte que la résistance non violente de Gandhi ne fonctionne pas. Une branche armée de l'ANC est créée.

En 1962, Mandela est arrêté avec l'aide de la CIA qui le considère comme communiste alors qu'il a toujours pris ses distances de ce mouvement politique. Il est condamné à perpétuité.

En prison, Mandela étudie la langue et l'histoire des Afrikaners. Il comprend que seul le dialogue entre les parties peut aboutir à une solution.

En 1985, le président Bota offre la liberté à Mandela si l'ANC abandonne sa lutte armée. Mandela refuse, car il estime qu'un prisonnier ne peut pas négocier.

Entretemps, la pression internationale augmente. En 1988, plus de 600 millions de personnes suivent le concert de Wembley. En 1990, Mandela est finalement un homme libre.

En 1991, l'apartheid est aboli et Mandela devient président de l'ANC. En 1993, Mandela et le président De Klerk reçoivent le prix Nobel de la paix. En avril 1994, Mandela devient président avec 62 % des voix. Il forme une coalition d'unité nationale avec le parti nationaliste et les Zoulous. En 1996, il laisse le pouvoir à Thabo Mbeki.

Nelson Mandela meurt le 5 décembre 2013.

**ALI RUCKERT (KPL)** salue l'attribution du nom de Nelson Mandela à une place de Differdange. Il rappelle que les gouvernements luxembourgeois formés du CSV, du LSAP et du DP n'ont pas suivi le boycott de l'Afrique du Sud mis en place par l'ONU pendant l'apartheid. Bref, le Luxembourg a fait des affaires avec le régime raciste d'Afrique du Sud. En plus, pendant des décennies, le Luxembourger Wort a traité Nelson Mandela de terroriste. Seuls

lahla. Den Nelson huet zu Fort Hare studéiert – déi eenzeg Uni, wou dézáit Schwarzer hunn dierfte studéieren.

1943 gëtt e Member vun der Organisatioun ANC, dem African National Congress. Den ANC fuerdert énner anerem den Droit de vote fir jiddwereen. 1948 – wann ech dat bedenken – wénnt d'National Party d'Wahlen, an d'Apartheid gëtt agefouert.

1951 gëtt de Mandela zesumme mam Oliver Tambo éischte schwaarzen Affekot zu Johannesburg. 1953 gëtt en eng éischte Kéier verhaft. En ass do während néng Méint am Prisong.

1960 ass de Massaker vu Sharpeville. Während enger friddlecher Manifestatioun ginn do 69 Leit an de Réck geschoss, och Kanner a Fraen. Doropshi stellt de Mandela fest, datt d'Résistance non violante vum Gandhi net funktionéiert, an den ANC kritt eng Branche armée. Déi Branche armée, déi Sabotage-Aktiounen organiséiert, mä déi awer oppasse muss, datt kee verletzt gëtt. 1962 gëtt de Mandela verhaft, mat Hëllef vun der CIA, well en als Terrorist a Kommunist consideréiert ginn ass. CIA, jo. Obwuel e sech émmer dovunner distanzéiert huet, mä dee Mann sëtzt dowéinst laang am Prisong. De Mandela kritt liewenslänglech. Dat ass 1964.

De Mandela bleift 27 Joer am Prisong, dovunner 18 zu Robben. Trotzdem studéiert de Mandela d'Sprooch an d'Geschicht vun den Afrikaner. Hie versteet och, datt eng Solutioun némmen am Dialog ka fonnt ginn. 1982 huet en d'Chance, transferéiert ze ginn an de Prisong vu Pollsmoor.

An der Tëschenzäit ginn et émmer méi Attentater vun der Branche armée vum ANC. 1985 proposéiert de President Bota, de Mandela goenzeloosser, wann en d'Lutte armée opgëtt. De Mandela refuséiert dat: „Ech si kee fräie Méensch, ech kann also net negociéieren“, seet hien. Den internationalen Drock op Südafrika gëtt émmer méi grouss. A Gott sei Dank, gutt Zäit hu mer eis alleguerte geholl, d'Regierung mécht éischt Kompromësser.

En grousse Concert zu Wembley – ech mengen, datt dat wierklech e sprangende Punkt war. Iwwer 600 Milli-

oune Leit konnten dat iwwer Fernseh kucken. 1988 kënnt de Mandela fräi, sous surveillance. De Bota stierft a gëtt vum Frederik de Klerk ersat. 1990, den 11. Februar, ass de Mandela endleche e fräie Mann.

1991 ginn déi lescht Deeler vun der Apartheid aboléiert, an de Mandela gëtt President vum ANC. 1993 kréien de Mandela an den de Klerk de Friedensnobelpräis. Am Abrëll 1994 gëtt de Mandela President, mat 62% vun de Stëmmen. Hie grënnt eng Koalitioun, d'Unité nationale, mat der nationalistescher Partei a mat de Zuluun. Et ass also méiglech, datt all zesummeschaffen. An 1996 iwwerléisst hie lues a lues d'Muecht dem Thabo Mbeki. Hie stierft wéi gesot de 5. Dezember 2013.

Dat war e klengen Iwwerbléck. Ech mengen, deem Här eng Plaz ze ginn, ass méi wéi verdéngt.

Dir hutt d'Wuert. Här Ruckert, w.e.g.l.

## ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech begréissen, dass elo eng Plaz hei zu Déifferdeng nom Nelson Mandela benannt gëtt. Mä ech muss awer och dobäi soen, mer sinn awer e wäite Wee gaangen, bis mer elo dohiner komm sinn.

Ech wëll drun erënneren, wat ee jo vläicht net gär héiert, dass grad während der Zäit vun der Apartheid, d'Lëtzebuerger Regierung, an där sech d'CSV, d'LSAP an d'DP ofgeléist hunn, den UNO-Boykott vu Südafrika boykottéiert huet. Dass also géint dat, wat d'UNO decidéiert huet, eng südafrikanesch Fluchgesellschaft hei zu Lëtzebuerg gelant ass. Dass Krügerranden hei op de Lëtzebuerger Banke verdeelt gi sinn. Dass also dat rassistesch Apartheid-Regime hei zu Lëtzebuerg gutt Geschäft konnt maachen.

An dass an de grousse Lëtzebuerger Dageszeitungen, a besonnesch am Lëtzebuerger Wort, während Joerzéngten de Mandela als Terrorist dohigestallt ginn ass. Dat war eng Zäit, wou just déi Kommunistesch Partei an déi eng oder aner Leit, déi duerno bei déi gréng gaange sinn, de Mandela énnerstëtzt hunn am Befreiungskampf. All déi

# 9. Dénomination des rues et places

aner politesch Kräften hunn dat net gemaach, oder zu engem vill spéideren Zäitpunkt.

Den Här Buergermeeschter huet grad gesot, datt e Concert eng grouss Roll gespilt huet. Dat war net de Grond, firwat den Nelson Mandela fräi komm ass. De Grond, firwat e fräi komm ass, ass dass den Apartheid-Regime um Enn war. Dass en eng grouss militäresch Nidderlag kuerz virdru kritt huet an Angola, wou 30.000 kubanesch Zaldo-te géint Südafrika gekämpft hunn. Wou se bei Cuito Cuanavale, am Süde vun Angola, wierklech esou eng Nidderlag vun de Kubaner bääbruecht kritt hunn, dass déi südafrikanesch Arméi sech net méi dervun erhuele konnt.

Dat war ee vun deene wesentleche Grënn, firwat den Apartheid-Regime zesummegebrach ass. An dofir men-gen ech och, dass ee muss drun erënneren, wat fir eng heroesch Roll Kuba an där Ausenanersetzung am Kampf géint d'Apartheid hat. Et war jo och keen Zoufall, dass déi éischt Rees, déi de Mandela gemaach huet, bei de Fidel Castro a Kuba war. Dat war keen Zoufall.

Ech wëll awer soen, ech sinn absolut d'accord, déi Platz nom Nelson Mandela ze benennen. Dass mer domat un d'Liewenswierk vun deem Mann erënneren. Dass mer awer u säi ganzt Lie-wenswierk erënneren, net némmen eis Deeler do erausplécken, déi eis gefalen an anerer net.

An ech wëll och drun erënneren, émmer wa vum ANC geschwat gëtt, dass dee Befreiungskampf, deen do gefouert ginn ass, vun dräi Beweegunge gefouert ginn ass: En ass vum ANC gefouert ginn, en ass vum COSATU gefouert ginn – dee grousse Gewerkschaftsbond – an en ass vun der Südafrikanescher Kommunistescher Partei gefouert ginn. Déi och dee bewaffnete Kampf vum ANC geleet huet.

Also déi Organisatioun, déi op Däitsch „Speer der Nation“ geheescht huet, déi also de Chef war vun deem bewaffnete Kampf. An ech mengen, wann een dat seet, da soll een och dorun erënneren. De Mandela war kee Kommunist, och wann en dat virgehäit kritt huet. E war och kee Marxist. Mä e war e grousse Frënd vun der Kommunistescher Par-

tei. Wat derzou gefouert huet, dass och haut nach déi Eenheet téschent dem ANC, dem Gewerkschaftsbond an der Kommunistescher Partei a Südafrika besteet.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci fir déi gutt Explikatiounen. Här Schwachtgen, w.e.gl.

## FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Wann een en Nelson Mandela hëlt fir eng öffentlech Plaz, eng wichteg öffent-lech Plaz, ass dat virun allem e Symbolcharakter fir deem Mann säi Bei-spill. Oder all déi Leit, déi deemools fir Rasseglächheet gekämpft hunn, énner onmëigleche Konditiounen. Et ass awer och e Beispill, fir d'Geschicht opzeschaffen, a virun allem e Beispill fir d'Geschicht net ze vergiessen. An ech menge grad an désen Zäiten, wou mer elo erëm eraschlidderen, oder ris-kéieren eranzeschlidderen, sollt een dat doten als Beispill huelen.

Ech hoffen, dass deen Numm ganz laang op där Plaz bleibt. Vläicht fir éi-weg – éiweg ass e schéint Wuert. Déi Leit, déi sech wëlle mat deem Mann, mat där Geschicht, mat der Kolonial-geschicht vun Afrika an esou weider, befaassen, hunn déi Méiglechkeet. Ech denken, dass een net némmen de Sym-bolcharakter vun deem Schéld sollt dohistellen, mä och déi néideg Infor-matiounen an enger Stadbibliothéik zougänglech maachen, wou Schüler oder Erwuessener en Ableck kréien an déi geschichtlech Hannergrënn vun där Zäit, wat awer och eis Zäit nach ass. Ech soen Iech Merci.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Diderich, w.e.gl.

## GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter, léif Kol-leeginnen a Kolleegen aus dem Gemen-gerot. Et ass natierlech schwéier, kritisches Téin ukléngen ze loessen, wa pro-poséiert gëtt, eng Plaz no enger Persoun

les communistes et quelques écolo-gistes soutenaient Mandela.

Le bourgmestre a mentionné un concert. Mais la libération de Nel-son Mandela était due à la fin du régime d'apartheid. En Angola, 30 000 soldats cubains ont lutté contre l'Afrique du Sud dont l'ar-mée n'a jamais pu se remettre des défautes.

Ali Ruckert estime qu'il faut insister sur le rôle héroïque de Cuba dans la lutte contre l'apartheid. On comprend mieux pourquoi Nelson Mandela s'est rendu chez Fidel Castro pour son premier voyage officiel.

Ali Ruckert est d'accord pour nom-mer la place de l'Église place Nel-son-Mandela. Mais il faut se souve-nir de toute sa vie, pas seulement de quelques éléments choisis.

Par ailleurs, lorsqu'on parle d'ANC, il faut aussi mentionner la lutte du congrès de syndicats COSATU et du Parti communiste. L'organisa-tion Speer der Nation était à la tête de la lutte armée.

Nelson Mandela n'était ni commu-niste ni marxiste. Mais il était un ami du Parti communiste. C'est ce qui explique l'unité qui existe en-core entre l'ANC, le congrès des syndicats et le PC.

## FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

estime que donner ce nom à une place publique revient à dresser en symbole un homme, mais aussi tous ceux ayant lutté à l'époque pour l'égalité raciale dans des conditions impossibles. Il s'agit aussi de ne pas oublier l'histoire alors que des erreurs sont en train d'être refaites.

Fränz Schwachtgen espère que cette place portera le nom de Nelson Mandela pour toujours. Cela repré-sentera une occasion pour les gens de s'intéresser à l'histoire coloniale de l'Afrique. Fränz Schwachtgen propose de ne pas se contenter d'un panneau avec le nom, mais de four-nir aussi davantage d'informations.

# 9. Dénomination des rues et places

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** trouve difficile de se montrer critique lorsque le collège échevinal propose de nommer une place «Nelson Mandela». D'ailleurs, il ne critique pas la personne, qu'il faut honorer pour ce qu'elle a fait tout au long de sa vie et pour les changements qu'elle a apportés.

Gary Diderich rappelle toutefois que des personnages de cette ampleur sont parfois transformés en une sorte de stars, et cela, tout particulièrement une fois qu'elles sont mortes et que le contexte historique s'évapore. Les gens finissent par porter des t-shirts ou des casquettes avec leurs noms sans nécessairement savoir ce que ces personnages représentent. Comme l'a dit M. Schwachtgen, il est important de fournir les informations nécessaires.

En outre, Gary Diderich ne comprend pas pourquoi le collège échevinal veut nommer la place de l'Église place Nelson-Mandela. Il trouve que le nom d'un lieu doit être lié à son histoire. À Esch-sur-Alzette, le nom de la rue Nelson-Mandela a une signification symbolique. Ici, non. Peut-être pourrait-on thématiser Nelson Mandela dans le centre culturel? Car autrement, le nom de la place n'a pas d'âme et l'on risque de se lancer dans de mauvaises interprétations ou dans des interprétations incomplètes comme cela s'est vu aujourd'hui.

Gary Diderich insiste toujours pour que l'on donne des noms de femmes aux places. Il se demande si les conseillers communaux connaissent des femmes ayant des mérites comparables à ceux de Nelson Mandela. M. Traversini a parlé d'idoles tout à l'heure, mais les hommes admirent plutôt les hommes.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** répond que cela peut dépendre du domaine.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** constate que c'est ce qui arrive lorsqu'un collège échevinal est composé uniquement d'hommes. Mais peut-être considère-t-il Fifi Brindacier comme une idole.

(Rires)

wéi dem Nelson Mandela ze benennen. Déi kritesch Téin, déi ech zum Deel soen, leien net un der Persoun. Et ass ze honoréieren, wat hie geleesch huet a sengem Liewen. A virun allem, zu wat fir engem Changement an zu wéi enger Bewegung hie bäägedroen huet, ass jiddefalls ze honoréieren. An ech hund och absolutt näischd dogéint, dass dat zu Déifferdeng geschitt.

Ech wäert net widderhuelen, wat elo scho gesot ginn ass iwwert d'Persoun. Ech wëll awer soen, dass ee muss drop oppassen, bei esou Personnagen, wann den historesche Kontext bis net méi präsent ass. An esou Persounen – dat entgleit hinne jo och selwer, virun allem wa se net méi liewen – quasi heiando zu engem Popstar ginn. Wéi och aner Personnagen, déi ee vun T-Shirten a vu Kape kennt an déi da fir eppes stinn, wou d'Leit, déi dat dann droen, vläicht och net méi onbedéngt wëssen, firwat dat steet. Dofir denken ech, dass dat, wat den Här Schwachtgen gesot huet, dass een do och muss Informatioune virgesinn, immens wichteg ass.

Ech muss soen, dass ech e bësse meng Schwierigkeiten hund, e Raisonnement hannendrun ze gesinn, firwat nenne mir déi Plaz hei zu Déifferdeng Nelson-Mandela-Plaz? Ech denken, dass een och soll e bëssen en Narrativ hannendrun hund, wann een enger Plaz en Numm gëtt. Et muss ee kucken, wat d'Geschicht vun där Plaz ass, menger Meenung no. Zu Esch, zum Beispill, ass eng Strooss nom Nelson Mandela benannt ginn. Duerch déi Ëmbenennung vun där Strooss ass symbolesch e Changement gemaach ginn, deen och ze maache war. Do ass herno eng ganz Ausstellung do ronderëm organiséiert ginn.

Hei gesinn ech elo nach net esou direkt... Wat ee vläicht misst a kéint maachen: Niewendrun ass jo d'Stadhaus, e Kulturzentrum. Och wann den Nelson Mandela elo net direkt selwer als Literat oder als Kënschtler bekannt war, mengen ech, wär e Kulturzentrum zum Beispill eng Plaz, wou een dat zu engem Thema kéint maachen, wann niewendrun déi Plaz esou heesch. Well soss fannen ech, dass et am Fong ouni Séil ass, wat mer do maachen, an ouni Kontext. An et kann zu falschen Interpretatiounen kommen oder zu net kompletten Interpretatiounen. Wéi mer eleng scho

bei der Presentatioun a bei der Reaktioun hei am Gemengerot gesinn hunn.

Perséinlech maachen ech mech èmmer ganz staark hei am Gemengerot, fir Plazen no Fraennimm ze benennen. Net einfach esou, mä well och Fraen, an dat wësse mer zum Deel net, vläicht ähnlech Verdéngschter hunn. Ech weess net, wie vun eis zum Beispill eng Fraenenne kéint, déi ähnlech Verdéngschter huet wéi den Nelson Mandela. Dir hutt vun Idol geschwat, Här Traversini. Als Mann hutt Dir vläicht och eischter Männer als Idol.

## **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Net bei allem.

## **GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Dat kënnt dann dobäi eraus, wann een e männleche Schäfferot huet. Et kann awer och sinn, dass d'Pippi Langstrumpf en Idol fir Iech ass.

(Gelaachs)

Mir hund eng Strooss, déi nom Astrid Lindgren benannt ass. Dat fannen ech och ganz gutt. Mir hu jo och haut e PAP an där Zon do gestëmmt. Ech soen dat wierklech net als Belëschtegung, well ech fannen d'Pippi Langstrumpf e super Idol.

## **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ech och.

## **GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Mä ech bedaueren, dass mer keng Diskussioun iwwer esou Saachen hund. Ech denken eng Plaz, déi iwwer Joerzéngte bestëmmt, mat wéi enger Symbolik d'Leit am éffentleche Raum konfrontéiert sinn, bedarf menger Meenung no enger Diskussioun téschent esou ville Leit wéi méiglech. An dat hate mer hei net.

Eng Propos, déi ech gemaach hätt, an esou enger Diskussioun, dat wär d'Rosa Parks gewiescht, déi an den USA an

# 10. Syndicats intercommunaux

engem Bus refuséiert huet, d'Plaz ze raume fir ee mat wäisser Hautfaarf. An doduercher souzesoen d'Mamm ginn ass vun enger schwaarzer Mënsche-rechtsbewegung a Fräiheetsbewegung. Ech menge grad an deem ganz aktuelle Kontext, wou mer elo sinn, wär dat en Zeeche gewiescht, iwwert dat ech mech op jidde Fall gefreet hätt. Et wär eng Fra gewiescht, déi op enger zentraler Plaz e Rôle kritt hätt, präsent gewiescht wär am öffentleche Raum. An et wär wierklech e Signal gewiescht an deem aktuelle Kontext, an deem mer sinn.

Courage wär et gewiescht, nom Nelson Mandela eng Plaz oder eng Strooss ze benennen an där Zäit, déi den Här Ruckert hei beschriwwen huet, wou Lëtzebuerg dat énnerstëtzzt huet, wat dohanne gelaf ass. A Courage wär et eben elo, se no Leit, Frae mat schwaarzer Hautfaarf ze benennen, wou an den USA am Moment eng Entwécklung ge-schitt, déi hoffentlech net op Europa offierft. Mä wou awer och an Europa schonn Tendenzen énnerwee sinn, dee-ne mer op jidde Fall musse vun Ufank un entscheidend entgéintgoen.

## **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Den Här Tom Ulveling, w.e.g.l.

## **SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech begréissen déi Diskussioun hei. Ech war déif beandrockt, wou ech déi Autobiografie gelies hu vum Nelson Mandela, déi e selwer geschriwwen huet, wou e säi Liewe beschriwwen huet. Fir mech – an dofir hunn ech och déi Propos gemaach – ass dee Mann einfach ee Virbild fir jiddwereen, fir jonk an al. Dee Mann huet bal 30 Joer am Prisong verbruecht, an no 30 Joer huet hien et fäerdegruecht, all deene Leit ze verzei-en, déi en agespaart hunn, respektiv déi, déi e bewaacht hunn. Fir mech ass dat awer och en Zeechen.

Den Här Diderich huet net onrecht, d'Rosa Parks ass sécherlech och eng Persoun an der amerikanescher Ge-schicht, déi vill gemaach huet, fir géint d'Rassentrennung virzegoen. Mir hu jo nach Stroessen a Plazen ze benennen, da kann ee vläicht drun denken, déi no

esou enger Persoun ze benennen. Mä ech mengen, d'Liewenswierk oder dat Beispill vum Nelson Mandela ass fir d'Leit awer wahrscheinlech e bësse méi e grousst Virbild wéi dat vun der Rosa Parks. Quitte, datt ech soen, dass déi Fra effektiv Courage hat, fir sech an därf Zäit do ze widersetzen. Ech soe Merci.

## **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ech menge verstanen ze hunn, datt een och kuckt, fir eng Ausstellung oder soss eppes iwwert den Nelson Mandela ze maachen. Ech wëll awer och hei soen, datt an de leschte Joren eis Stroosse respektiv eis Citéen hallef an hallef benannt gi sinn. Hallef no Fraen an hallef no Männer. Dat ass nach net extra laang. Mä de Plateau du Funiculaire ass e gutt Beispill. Nidderkuer och. An d'Chancéglächheetskommissioun huet eis och elo erém dräi Frae proposéiert. Ech hunn absolutt kee Problem, Här Diderich, datt d'Rosa Parks, wann de Gemengerot dat wëllt, och eppes kritt hei. Au contraire, ech fannen dat e gudde Virschlag. Ech soen déi dräi Nimm elo net. Mä d'Kommissioun huet dem Schäfferot an dem Gemengerot den Optrag ginn, Proposen eranzeginn. Wann Der Nimm hutt, sou wéi d'Rosa Parks, wann deen een oder deen aneren eng Persoun kann nennen, déi e Merite verdéngt huet, loosst et eis wëssen. D'Cité um Woiwer ass geschwë fäerdeg. Firwat déi net no enger Fra benennen? Domatter hätt ech perséinlech absolutt kee Problem.

Da géife mer elo zum Vote kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'attribuer à la place adjacente au Centre culturel régional «Aalt Stadhaus», devenue vacante par la démolition de l'Eglise Notre Dame des Douleurs, la dénomination de «Place Nelson Mandela».*

Merci. Elo komme mer zum zéngte Punkt, eise Syndikater. Vu datt mir bal iwwerall an de Comitéen, net iwwerall, mä gutt vertruede sinn, a mir déi grouss Chance hunn, eng grouss Expertin am Ofwaasser ze hunn, d'Madame Schambourg, wou och do am Büro ass, wäert si eis dann erklären, wat et mat deem

Gary Diderich ne voulait pas se moquer de Fifi Brindacier et mentionne la rue Astrid-Lindgren.

Ce qu'il regrette, c'est qu'aucune discussion n'ait eu lieu. Après tout, le nom choisi aujourd'hui restera le même pendant des décennies.

Gary Diderich aurait par exemple suggéré le nom de Rosa Parks, qui, aux États-Unis, avait refusé de laisser sa place dans un bus à un Blanc. Elle est devenue en quelque sorte la mère d'un mouvement de libération et des droits de l'homme. Gary Diderich aura aimé que l'on accorde un rôle central dans l'espace public à une femme. Cela aurait représenté un signe fort.

Pour ce qui est de Nelson Mandela, il aurait plutôt fallu lui consacrer une place au moment où le Luxembourg soutenait le gouvernement sudafricain. Aujourd'hui, il aurait fallu du courage pour nommer la place du nom de Rosa Parks compte tenu de ce qui se passe actuellement aux États-Unis. Gary Diderich espère d'ailleurs que la situation américaine ne déteindra pas sur l'Europe.

**TOM ULVELING (CSV)** salue la dis-cussion qui a lieu aujourd'hui. Il a été impressionné par l'autobiographie de Nelson Mandela qu'il estime être un exemple pour tout le monde. Nelson Mandela a passé trente ans en prison et lorsqu'il a été libéré, il a trouvé la force de pardonner ceux qui l'avaient em-prisonné et surveillé.

M. Diderich a mentionné Rosa Parks, une figure de la lutte contre la ségrégation aux États-Unis. Cette idée pourra être prise en considération pour d'autres rues. Tom Ulveling trouve quant à lui que Nelson Mandela est davantage une idole pour les gens malgré le courage de Rosa Parks.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** croit avoir compris qu'il faudra prévoir une exposition sur Nelson Mandela.

Il rappelle qu'au cours des dernières années, la moitié des rues et cités ont reçu des noms de femmes. Le plateau du Funiculaire et Niederkorn en sont de bons exemples.

# 10. Syndicats intercommunaux

*La commission de l'égalité des chances a d'ailleurs fait de nouvelles propositions au collège échevinal.*

*Roberto Traversini trouve l'idée de M. Diderich concernant Rosa Parks bonne. Si d'autres conseillers communaux ont des idées, il les communiquera à la commission. Il rappelle que la cité du Woiwer sera bientôt achevée.*

*(Vote)*

*Roberto Traversini passe aux syndicats et cède la parole à Mme Schambourg concernant les eaux usées.*

**PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):** explique qu'il est question de subsides pour la réalisation de projets. Au début, il était facile d'en connaître le montant selon qu'il s'agisse d'une construction, d'un agrandissement ou d'une modernisation. Désormais, le subside pour une construction passe de 75 % à 50 %. Cela a son importance alors que la station d'épuration est en train d'être agrandie et modernisée. 25 % représentent 15 millions d'euros. Differdange étant la commune la plus importante du SIACH, une large partie des frais lui reviendrait. Le syndicat demande un délai de trois ans au lieu d'un pour la mise en place de la baisse des subsides. L'autre point concerne des sanctions plus strictes lorsqu'un syndicat ne remet pas ses documents à temps. Pierrette Schambourg rappelle cependant qu'il y a des démarches à faire et des procédures à suivre. Parfois, les ministères font aussi trainer les choses. Pierrette Schambourg propose de se rallier à l'avis du SIDEN et de demander une prolongation du délai à 36 mois.

**FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):** est aussi membre du comité du syndicat tout comme M. Diderich. Il rappelle que l'agrandissement de la station d'épuration de Pétange coutera en tout soixante-millions d'euros. Or le gouvernement actuel fait tout pour rattraper le retard que le Luxembourg a accumulé dans les années 90 en matière de politique des eaux usées. Actuellement, moins de 10 % des stations d'épuration nationales sont en bon état. Diekirch et Ettelbrück doivent déjà payer tous les jours des amendes

nächste Punkt op sech huet. Madame Schambourg, Dir hutt d'Wuert.

## PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter. Hei geet et elo net direkt èm d'Ofwaasser, mä haapsächlech èm déi Subsiden, déi mer sollte kréie fir eis Projeten, déi mer am Laf vun de Jore realiséieren. Déi Subsiden, dat ass eng ganz komesch Affärginn an der leschter Zäit. Dat heescht, am Ufank war et ganz kloer, wéi vill Prozent ee géif fir all Aarbecht kréien – ob fir Neibau oder Vergréisserung oder Modernisatioun. An dat ass a leschter Zäit net méi esou ganz kloer.

Fir en Neibau hu mir èmmer 75% kritt. Dat soll elo erofgoen op 50%. Am Projekt de loi, dee virläit, gëtt proposéiert, innerhalb vun engem Joer vu 75 op 50% erofzegoen. Dat ass fir eis natierlech zimlech wichteg, just am Moment, wou mer jo am Gaang sinn, d'Kläranlag ze vergréisseren an ze moderniséieren. Dir hutt déi ganz Dokumenter kritt, wou och vill Chifferen drastinn. Am Ganze géife mer 25% hänke loosen. Dat wiere 15 Milliouenen Euro, déi da géifen op déi véier Gemenge verdeelt ginn, déi Member si vum SIKOR. Mir sinn déi gréisste Gemeng. Dat heescht, mir hätten dann och dee gréisste Pak ze droen. Dat ass elo den Haaptpunkt, èmdeen et geet.

Mir froen d'office minimum dräi Joer ze kréien, elo wou et nach net op 50% erofgesat ass, wou mer nach géifen eis 75% kréien. Et sinn och nach aner Punkten, déi awer elo net esou wichteg sinn oder e bësse manner wichteg sinn.

Op alle Fall d'Gemengen an d'Syndikater, déi kréien d'Schold, wa se hir Dossieren net an enger gewëssener Zäit eraginn. Dat hänkt awer net èmmer un de Gemengen oder un de Syndikater. Et sinn Demarchen ze maachen, Prozeduren ze suivéieren, wou et heiando och um Ministère hänkt, wann de Suivi net weidergeet. Déi penal Sanktioun solle méi streng ginn, wann e Syndikat déi Dokumenter net an der virgeschriwwener Zäit aarecht.

Op alle Fall proposéiere mir heimatter, eis der Demande vum SIDEN unzeschléissen, d'Period op 36 Méint ze verlängerent. Merci.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Madame Schambourg. Den Här Schwachtgen, w.e.gl.

## FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech sinn och Member vum Syndikat. Grad esou wéi den Här Diderich. Déi hei Mesure vun der aktueller Regierung ass méi wéi gerechtfäerdeg, fir eise Problemer nozekommen, nämlech de finanzielle Problemer, wa mer eis Kläranlag, fir èmgerechent 60 Milliouenen Euro, müsse vergréisseren zu Péiteng.

Et ass net méi wéi gerecht. Well déi aktuell Regierung alles mécht, fir deem Nachholbedarf endlech nozekommen, dee mer zénter den 90er Joren an der Ofwaasserpoltik hei am Land hunn, ènnert deene Regierungen, déi virun déiser Regierung am Amt waren. Duerch eng falsch Kläranlagepolitik sinn eis Gewässer nach èmmer net an der Rei. Just e puer Prozent, ènner 10% vun de Kläranlagen am Land, sinn an der Rei.

Mir hunn op enger Plaz scho konventionell Strofe vun Europa. Ech mengen, dat ass Dikrech, Ettelbréck dorëmmer, déi quasi all Dag müssen eng déck Zomm un Europa bezuelen, well se deem net nokomm sinn. Well effektiv do näischt geschafft ginn ass a keng Suergfalt drop geluecht ginn ass, fir eis Ofwaasserpoltik an d'Rei ze kréien.

Dës Regierung ass am Gaang, dat ze probéieren. Mäin Appell ass Folgenden: Et däerf awer net elo op de Käpp si vun deene Gemengen, déi Affer ware vun där falscher Ofwaasserpoltik während deenen 20 Joer virdrun. Dofir ènnerstëtze mir natierlech als SIACH-Vertrieder, vun alle Parteien, déi Demande hei vum SIDEN. Fir däi Demande nozekommen an eis déi Milliouenen net verluer goen ze loessen, well mer och net derfir können, dass déi Subsiden elo gekierzt ginn.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. Ech mengen, mir kéint dat zum Vote bréngen.

# 11. Commissions consultatives

Le conseil communal décide à l'unanimité de se rallier en général à l'avis du SIDEN qui est également soutenu par le SIACH; de soutenir les démarches du SIACH pour annuler les effets de l'article 71 (5) sinon de le réformer dans le sens à retarder la diminution globale du taux de subside à 50% jusqu'à 36 mois après mise en vigueur du présent projet de loi; de notifier la présente au Bureau du SYVICOL.

Den nächste Syndikat ass de SICONA-Ouest. Här Liesch, Dir hutt d'Wuert.

## SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci. Am Dossier gesitt Der, dass eng ganz Partie Punkten, notamment aacht Punkten, zur Diskussioun stoungen, wéi déi Statute sollten ugepasst ginn. Et waren e puer Saachen, déi wierklech hu misste gemaach ginn. Notamment well Gemenge bäikomm sinn a méttlerweil och aneschters heeschend. Dir gesitt och, dass de President hei schreift, dass et op enger Rei Punkten am Syndikat Schwieregkeete goufen, wou keng Eenegung, keng Unanimitéit war. Wat drop erausgelaf ass, dass vun deenen aacht Punkte just d'Punkten 1, 2, 4 an 8 zréckbehale gi sinn. Déi aner Punkte sinn net ajustéiert ginn. Déi hätten och vill méi eng grouss Inzidenz gehat op déi eenzel Gemengen, wat d'Finanzéierung ugeet.

Déi Punkten, déi elo iwwreg bliwwe sinn 1, 2, 4 an 8: Dir gesitt am Text, do ass flott duergestallt, wat geännert huet. Dat sinn am Prinzip Rektifikatiounen vun Nimm, wéi d'Gemeng Bascharage, déi elo Käerjeng heeschend. De Lieu d'affectation, wou de SICONA ass, ass geännert ginn. Den Numm ass ugepasst ginn. Et si Berengegungen, déi sech reng op administrativem Niveau erémpfannen. Dat huet also keen direkten Impakt op eis Gemeng oder d'Gemengen, déi am Syndikat sinn. Net wéi virdru beim SIACH. Dat hei ass eng kleng Verbesserung.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Schwachtgen, w.e.gl.

## FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Als Vertriebler vum Syndikat vun der Gemeng Déifferdeng wéll ech eng kleng Stellung huelen, och wann ech aus bekannte Grénn déi lescht véier, fennef Méint net a Schoss war. Mir hunn als Gemeng Déifferdeng zesumme mat anere Gemenge gekuckt, dass et weider an déi richteg Richtung geet. Vi-run allem fir déi grouss Gemengen, déi Haaptcotisant sinn am SICONA, mä iwwert déi mannste Fläch verfügen, déi ka beschafft gi vun engem SICONA.

De SICONA ass sech därf Situations bewosst ginn, déi kleng Gemenge par rapport zu deene grousse Gemengen henn. Dass mir aner Aspiratiounen hu wéi eng Landgemeng. A mir mussen zessumme mat eisem Service écologique, mat eisem Fierschter a mat eise Bierger den Notzen aus deem SICONA zéien, deen eis zoukénnt.

Dat heeschend, de SICONA bitt méttlerweil eng ganz Partie Servicer un. E puer Beispiller: Eng Wiss, déi ee gär als Bongert émwandelt, och fir de Particular, fir de Bierger zougänglech. Iwwert d'Gemeng natierlech, wou kënne Projekte gemaach ginn, wou kënne Pachtvertrag oder Kafvertrag gemaach ginn, fir Plazzen ze sichen, fir fachlech Kompetenz an Héllef ze kréien.

Doduercher hu mer am Fong eisen Appart als grouss Gemengen am Syndikat geliwwert. An dat spigelt sech och lues a lues an de Statuten erém. Merci.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Da géife mer zum Vote kommen.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le projet de modification des statuts du syndicat intercommunal SICONA-Ouest.

Merci. Da géife mer zum leschte Punkt vun eiser öffentlecher Sitzung kommen. Changementer an eise Kommissiounen: D'LSAP seet eis, si géifen den Här Yann Logelin ersetzen duerch den Här Adan Skenderovic an der Bautekommissioun.

conséquentes à l'Europe pour non-respect des normes.

Le gouvernement actuel essaie de changer les choses, mais cela ne peut pas se faire au détriment des communes, qui sont les victimes de la mauvaise politique pratiquée au cours des vingt dernières années. C'est pourquoi le SIACH soutient la demande du SIDEN.

(Vote)

## ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) passe au syndicat Sicona-Ouest.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) explique que les discussions ont porté sur huit points concernant l'adaptation des statuts. Il rappelle que de nouvelles communes se sont jointes au syndicat et que d'autres ont changé de nom. Il signale que le syndicat n'a pas toujours réussi à prendre une décision à l'unanimité. Finalement, sur les huit points, seuls les points 1, 2, 4 et 8 ont été adaptés. Les autres auraient eu une incidence plus importante sur le financement par les communes.

Les points retenus portent par exemple sur la rectification de noms comme pour Bascharage, qui devient Käerjeng. Le lieu d'affectation de SICONA a changé. D'autres modifications administratives n'ont pas d'influence sur Differdange.

Fränz Schwachtgen (déi gréng) souhaite prendre position en tant que représentant differdangeois du syndicat.

Differdange veut que le SICONA aille dans la bonne direction en ce qui concerne les grandes communes, qui sont aussi les principales cotisantes. Car il est évident que Differdange a d'autres aspirations qu'une commune rurale et le SICONA en est conscient. Le service écologique, le garde forestier et les habitants doivent pouvoir tirer parti du syndicat.

Fränz Schwachtgen cite comme exemple la transformation d'une prairie en un verger qui serait accessible aux particuliers. La commune peut y réaliser des projets et mettre ses compétences à disposition. C'est une forme d'apport des grandes communes au SICONA.

(Vote)

# 11. Commissions consultatives

## ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

passe aux commissions. Le LSAP remplace M. Yann Logelin par M. Adnan Skenderovic.

## PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) annonce que le LSAP souhaite proposer un deuxième changement.

## ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) n'y voit pas d'inconvénient.

## PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) n'a pas eu le temps de remettre une demande écrite. Il le fera ultérieurement.

Dans la commission de l'intégration, M. Skenderovic, qui devient membre de la commission des bâties, sera remplacé par M. Mohammed Kassimo.

## ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) ajoute que le CSV remplace M. Roger Martinelli par M. Christophe Kinnen et le DP remplace Mme Danielle Wintringer par Mme Martine Eischen au sein de la commission des enfants. Au sein de la commission sociale, M. Michel Meisch remplace Mme Danielle Wintringer.

## GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) signale une erreur dans les documents concernant les modifications de déi Lénk.

M. Nello Raffaelli est remplacé par M. Jean-Claude Decker dans la commission du climat et par Adrien Krzyzaniak dans la commission de l'environnement.

## ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) se réjouit de ne pas avoir à prononcer ces noms.

Il clôture la séance publique.

## PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Här Buergermeeschter?

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ass et esou? Jo, Här Hobscheit.

## PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Här Buergermeeschter, wann Der erlaabt, et ass vläicht onüblech, mä mir hätten nach en zweete Changement ze proposéieren.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Kee Problem.

## PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Ech hunn den Accord vun där betreffender Persoun leider relativ spéit eréischt kritt, soudass et net méi duergangen ass, fir dat schrifftlech ze maachen. Ech kann dat nach gäre schrifftlech noreechen. Dat wär an der Integratiounskommissioun, wou mer den Här Skenderovic, deen elo Member vun der Bautekommissioun gëtt, géifen ersetzen duerch den Här Mohammed Kassimo. Deen entspriedchende Bréif géif ech awer selbstverständlich nach noreechen.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hätt kee Problem domatter, wann de Rescht vum Gemengerot dat och esou gesäit? Dann ass dat esou ugeholl.

D'CSV gesäit vir, den Här Martinelli Roger ze ersetzen duerch den Här Christophe Kinnen.

An d'Demokratesch Partei gesäit vir, d'Anja Wintringer an der Commission des enfants ze ersetzen duerch d'Martine Eischen. An an der Sozialkommissioun gëtt d'Anja Wintringer ersat duerch de Michel Meisch. Domat ass dat esou aktéiert. An hei hunn ech och nach vun deene Lénken ...

## GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Dat ass awer émgedréit, wéi et dosteet. Do ass eis e Feeler énnerlaf.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Da sot eis, wéi et richteg ass.

## GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Also da géif de leider verstuerwenen Nello Raffaelli ersat ginn an deenen zwou Kommissiounen, wou hie ganz aktiv war. Dat wär dann an der Klimakommissioun duerch de Jean-Claude Decker.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Okay.

## GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Net an der Émweltkommissioun, mä an der Klimapaktkommissioun duerch de Jean-Claude Decker. An an der Émweltkommissioun duerch den Adrien Krzyzaniak.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Domatter hunn ech deen Numm net brauchen auszeschwätzen. Merci, Här Diderich.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.*

An domatter wier dann och déi effentlech Gemengerotssitzung fäerdeg. Da géife mer zu der net-effentlecher kommen.

# BIEN VIVRE À DIFFERDANGE



## Roberto Traversini

Député-maire  
déi gréng  
+352 58 77 1-1211  
roberto.traversini@differdange.lu

### Ressorts:

Ressources humaines  
Affaires sociales  
Commerce et industrie  
Finances communales  
Intégration  
Communication  
Jeunesse et séniors  
Égalité des chances  
Sapeurs pompiers  
Logement

Notre ville est en pleine expansion. Elle a atteint les 25 000 habitants l'année dernière — tendance à la hausse. Face à cette croissance, deux choses sont primordiales pour moi. Premièrement, nous devons nous assurer que les personnes qui vivent déjà à Differdange ne voient pas leur qualité de vie baisser. Deuxièmement, Differdange doit pouvoir accueillir de nouveaux habitants de tous les âges et de toutes les classes sociales.

Or c'est souvent là que le bât blesse. Car dans notre pays, trop souvent, beaucoup de personnes et notamment les jeunes familles ne peuvent pas se permettre d'acheter ou de louer une habitation adaptée à leurs besoins. Et quand elles y parviennent, elles ont ensuite du mal à joindre les deux bouts.

C'est pourquoi, depuis des années, je m'engage sans relâche pour une bonne qualité de vie des Differdangeois et pour des logements abordables.

Ainsi, peu après être devenu maire, j'ai rapidement pris – ensemble avec mes partenaires de coalition – la décision d'interdire la démolition de familles unifamiliales pour qu'elles soient remplacées par des immeubles. Cette décision n'était peut-être pas populaire auprès de certains promoteurs, mais je crois qu'elle a fait un grand bien à notre ville et à ses habitants. Toujours dans le contexte d'une bonne qualité de vie, j'avais déjà il y a plusieurs années entrepris une action pour m'assurer que les locataires des chambres de café vivaient dans des conditions acceptables et plusieurs cafés avaient d'ailleurs dû immédiatement fermer leurs chambres.

Pour ce qui est du prix des logements, la Ville de Differdange s'associe régulièrement au Fonds du logement, à la SNHBM ou à des promoteurs privés. Concrètement, nous avons par exemple cédé il y a quelques mois un terrain de 1,5 ha à la SNHBM dans la route de Pétange pour y construire des logements à couts modérés. Le projet prévoit la construction de trente maisons et de trois résidences avec huit grands appartements spécialement destinés aux familles. Le Fonds du logement réalise, quant à lui, des logements à couts modérés dans le Mathendahl, un lotissement écologique avec des pistes cyclables, des chemins piétonniers et une école de quartier, ainsi que dans les Terrasses de la Ville, en plein cœur de Differdange.

Enfin, dans la rue Pierre-Gansen, un promoteur privé a accepté de construire neuf appartements de qualité, qui seront ensuite loués à travers l'Agence immobilière sociale du Kordall.

Je profite d'ailleurs de l'occasion pour rappeler que les propriétaires d'habitations vides peuvent les mettre à disposition de l'AISK, pour que celle-ci les sous-loue ensuite à des personnes en difficulté.

Faire baisser les prix du logement est un des enjeux majeurs de la politique luxembourgeoise — maintenant et dans les années à venir. Je suis convaincu que Differdange est sur la bonne voie pour relever ces défis dans l'espoir de pouvoir garantir à tous un logement adapté et abordable.

Roberto Traversini  
Député-maire

# MEHRZWECKHALLE OBERKORN



## Erny Muller

1<sup>er</sup> échevin  
LSAP  
+352 58 77 1-1213  
erny.muller@differdange.lu

### Ressorts:

Remplacement du bourgmestre  
Développement urbain  
Bâtiments publics  
Tourisme

Die aktuelle „Hall La Chiers“ hat bald ausgedient – an ihrem Standort entsteht die Internationale Grundschule der EIDD. Deshalb wird sie durch eine moderne, zukunftsorientierte Mehrzweckhalle ersetzt.

Die neue Halle ist für Freizeitveranstaltungen wie Feiern, Hobbymärkte, Konzerte, Messen u. Ä. ausgelegt, die derzeit noch in der Oberkorner Sporthalle stattfinden. Es galt, bei der Planung den Bedürfnissen einer zukünftig über 30.000 Einwohner zählenden Stadt Rechnung zu tragen.

### Raffinierte Aufteilung

Mit rund 1000 m<sup>2</sup> wird die neue Halle dreimal so groß wie die aktuelle Chiershalle. Durch eine raffinierte Aufteilung bietet sie Platz für die verschiedensten Events. Der Eingangsbereich mit eigener Theke und Sanitäranlagen ist ideal für kleinere Veranstaltungen, Empfänge, Konferenzen, Kulturelles, Basare oder Versammlungen mit höchsten 500 Personen.

Der Hauptsaal mit mobiler Trennwand nimmt etwa 1.500 Besucher auf, verfügt über eine adäquate Bühne für Großveranstaltungen sowie einen großzügigen Ausschank. Im Erdgeschoss befinden sich Garderobe, Küche und Lagerräume. Der Abstellraum ist von innen und von außen zugänglich.

Im Obergeschoss liegen Büro- und Konferenzräume nebst Backstagebereich, Duschen, Technik und Regie. Ein geschlossener Tribünenbereich mit Blick auf die Haupthalle rundet den oberen Stock ab. Ein Aufzug ist vorhanden, ferner ist eine Verbindungstreppe zwischen Backstage und Bühne vorgesehen.

### Standort Oberkorn

Der Schöffenrat hat sich für den Standort hinter der Oberkorner Sporthalle entschieden, da dort schnellstmöglich mit dem Bau begonnen werden kann, die Halle an das Parkhaus „Parc des Sports“ angebunden ist und Synergien u. a. mit der Sporthalle und der LUNEX-Universität angestrebt werden.

In einer zweiten Phase wird der Außenbereich der Halle auf rund 2000 m<sup>2</sup> gestaltet, der zahlreiche Möglichkeiten für seit langem bestehende aber auch neuartige Veranstaltungen im Freien bereithält und Zugang zur Eventhalle ebenso wie zur ausgebauten und modernisierten Sporthalle bietet.

### Kostenpunkt

Der Kostenpunkt der Mehrzweckhalle ist mit sieben Millionen Euro veranschlagt. Etwa die Hälfte der Summe wird voraussichtlich durch den Verkauf der aktuellen „Hall La Chiers“ an den Staat aufgebracht.

Im Vorfeld der Planung fand ein Austausch mit den Differdinger Vereinen statt. Deshalb hoffen wir, die Gemeindevorstandlichen, sämtlichen Klubs und Bürgern der Gemeinde mit diesem Projekt gerecht zu werden.

Erny Muller  
Échevin

# DIFFERDANGE, VILLE DE LA MUSIQUE



## Tom Ulveling

Échevin  
CSV  
+352 58 77 1-1215  
tom.ulveling@differdange.lu

### Ressorts:

Services de régie (CID)  
Culture  
Festivités  
Santé publique  
Infrastructures religieuses  
Entretien des rues  
Aires de jeux

En tant que troisième ville du pays, Differdange se doit d'être à la pointe dans de nombreux domaines. Parmi ceux-ci figure sans nul doute la musique. Grâce à des évènements comme le Blues Express, à la Bluesschoul ou aux nombreux concerts de l'Aalt Stadhaus, Differdange est bien ancrée dans le paysage musical luxembourgeois. Au cours des prochains mois et années, je souhaite consolider davantage encore la place de la musique à Differdange avec quelques changements d'envergure dans notre École de musique. Dans ce contexte, je tiens à saluer le nouveau directeur Rudi De Bouw, qui a repris le flambeau il y a quelques mois. S'il y a une qualité qu'il partage avec son prédécesseur Gilbert Holzem, que je remercie pour le travail effectué au cours des dernières années, c'est bien un engagement sans faille. C'est pourquoi je suis convaincu que notre École de musique est entre de bonnes mains et que les changements que nous allons entreprendre seront couronnées de succès.

Une première étape consiste à améliorer l'offre actuelle de l'École de musique en misant sur des enseignants expérimentés et talentueux, mais aussi sur davantage de rigueur pendant les cours. Nous comptons également diversifier l'offre en proposant des cours de musique dans l'air du temps et répondant à une demande croissante, p. ex. pour le chant jazz et pop. Afin de soutenir notre orchestre à cordes en partenariat avec l'École de musique de Pétange, nous allons compléter les cours d'instruments à cordes par l'ouverture d'une classe de contrebasse classique et jazz. Nous allons travailler étroitement avec la nouvelle école internationale et les maisons relais pour promouvoir la musique auprès des enfants et des jeunes et collaborer davantage avec les sociétés de musique locales. Enfin, dès la rentrée, l'École de musique proposera des cours où il sera possible de commencer l'apprentissage d'un instrument en parallèle avec la formation musicale. Tout ceci devrait faire le bonheur des mélomanes et des musiciens en herbe de Differdange et des environs. Mais comme je le disais, l'École de musique de la troisième ville du pays se doit de regarder plus loin. Il lui faut accroître sa visibilité au-delà des frontières grâce à des projets novateurs.

Ainsi, récemment, l'École de musique a organisé une excursion à Bruxelles avec, au programme, une visite du Musée des instruments de musique, suivie, le soir, d'un concert des violoncellistes differdangeois en partenariat avec les écoles de musique de Woluwé-Saint-Lambert et Bertrix.

Peu après semaines plus tard, les musiciens de l'École de Differdange ont joué à Bertrix dans le cadre d'un échange avec l'académie locale.

Le jour de l'Ascension s'est également déroulé le Cello Day, la première journée culturelle de l'École de musique. Cette année, le violoncelle a été mis à l'honneur avec des concerts itinérants, des expositions, un concours international «jeunes talents»...

Enfin, les 5 et 6 juillet, l'École de musique a présenté un conte musical écrit par Rudi De Bouw avec comme objectif de donner le gout de la musique aux élèves des cycles 1 et 2.

Au cours des trois dernières années, j'ai — ensemble avec mes collègues du collège échevinal — essayé de mettre tous les moyens à disposition de l'École de musique pour assurer son succès. Nous sommes sur la bonne voie avec une croissance de la fréquentation de l'ordre de 10 % ces derniers mois. Notre école a le vent en poupe et est destinée à occuper la place qu'elle mérite dans le paysage culturel luxembourgeois.

Tom Ulveling  
Échevin

# SPORTS @DIFFERDANGE



**Fred Bertinelli**

Échevin  
LSAP  
+352 58 77 1-1212  
fred.bertinelli@differdange.lu

**Ressorts:**

Sport  
Circulation  
Sécurité publique  
Présidence du comité de prévention  
Agents municipaux

Sports@differdange – das ist nicht nur die Emailadresse unseres Service des Sports, sondern bezeichnet außerdem ein Sportprogramm, das für jedermann was zu bieten hat. Neben dem breitgefächerten Angebot im Freizeitsport, steht vor allem unser Vereinsleben im Mittelpunkt. Die Gemeinde ist stolz auf ihre Clubs und dies zu Recht. Seit Jahren unterstützt Differdingen die Aktivitäten seiner rund 65 Vereine – eine Aufgabe, die in unseren Augen selbstverständlich sein sollte.

Das Ehrenamt sollte man hochhalten, doch wir wissen, dass das freiwillige Engagement immer schwieriger wird. Deshalb haben die Stadt Differdingen und ihre technischen Dienste stets ein offenes Ohr und versuchen tatkräftige Unterstützung bei kleinen und großen Veranstaltungen zu leisten. So können unsere Sportvereine sich intensiver auf ihre eigentliche Aufgabe konzentrieren, den Sport selbst. Sei es beim Jugend-, Breiten- oder Leistungssport, überall wird neben dem Trainer engagiertes Begleitpersonal benötigt, für offizielle Aufgaben, aber z. B. auch für die Trikotwäsche.

Wenn all diese Bemühungen wie ein Zahnrad ineinander greifen, können interessante sportliche Höchstleistungen erreicht werden. Jedes Jahr ehrt die Gemeinde Differdingen verdienstvolle Sportler anlässlich des traditionellen „Gala sportif“, wo sich eine beachtliche Zahl Meister und Pokalgewinner in der Oberkorner Sporthalle präsentiert. 2016 konnten unsere Sportler rund 20% mehr Titel erzielen als noch das Jahr zuvor – Beweis genug für die Qualität unserer Sportvereine. Wir reden hier noch nicht von Profisport, aber wir kommen dem immer näher und müssen deshalb als Gemeinde das nötige Rahmenprogramm stellen. Um das Kind beim Namen zu nennen: Wir müssen – und werden – unsere Sportinfrastrukturen erneuern und erweitern. Nur so können wir adäquate Trainingsmöglichkeiten schaffen. Einen Teil könnten wir bereits umsetzen, neue Projekte sind auf dem Instanzenweg, und weitere Pläne werden bald folgen. Alle Unternehmungen sind immer im Sinne unserer Vereine, die dadurch eine noch breitere Palette an Sportarten anbieten können. Auch neue Möglichkeiten im Leistungssport werden eröffnet, sodass wir uns auf weitere Titel bei der Sportlerehrung freuen können.

Der Sport in Differdingen lebt auf allen Ebenen: Die Resultate unsere Fußballvereine sind bemerkenswert. Unsere Handballer wurden 2016 Meister im Seniorenbereich und ferner für ihre herausragende Jugendarbeit ausgezeichnet. Unsere Turnvereine sind seit eh und je für ihr hochwertiges Training bekannt. Der Schwimmclub überragt mit Resultaten im In- und Ausland. Unsere Kegelvereine haben den Meistertitel fast schon abonniert. Karate und Judo ernten die Früchte einer über Jahre hinweg engagierten Jugendformation. Erwähnenswert ist überdies der lokale Badmintonverein, der binnen acht Jahren aus der 4. Division in die Nationaldivision aufgestiegen ist. Auch unser Fusionsverein im Basketball, die Kordall Steelers, klopft an die Tür der Total League. Neben den Kegelvereinen ist unser Hundesportverein im Agility die absolute Topadresse in Luxemburg. Unsere „Cyclisten“ vom CCID tragen den Namen Differdingen mit ihrem kontinentalen Team in die weite Welt. Im Billard konnte Differdingen das „Doublé“ gewinnen, und auch im Schach sind wir auch stets bei den Ersten. Doch auch die weiteren Fußballvereine, die Futsalteams und alle anderen Clubs, sei es in der Leichtathletik oder dem Boxsport, im Parkour, Sportfischen, Tennis, Schießsport, Darts oder Tauchsport zeigen: Differdingen ist überall aktiv. So soll es sein, und wir sorgen dafür, dass die Gemeinde auch die nötigen Impulse geben kann.

**Fred Bertinelli**  
Échevin

# EIN NEUER WIND



**Georges Liesch**

Échevin  
déi gréng  
+352 58 77 1-1221  
[georges.liesch@differdange.lu](mailto:georges.liesch@differdange.lu)

**Ressorts:**  
Environnement  
Énergie  
Affaires scolaires  
Structures d'accueil  
Informatique

Ab Herbst 2019 wird ein neuer Wind in Differdingen wehen, wenn der Windpark „DiffWAND“ auf dem Bauland „Vesquenhaff“ entstehen soll. Dieser Windpark mit drei Windrädern erstreckt sich auf einer Fläche von 1,5 Hektar und ist auf dem neusten Stand der Technik.

Der Windpark reduziert die CO<sub>2</sub>-Emissionen um 23,5 Mio Kg, hat eine jährliche Produktionskapazität von 22,5 Mio kWh und erhöht den Anteil des aus erneuerbaren Energien gewonnenen Stroms von 1% auf 20%. Damit erreichen wir eines der EU-Kernziele für das Jahr 2020.

Konkret bedeutet das, dass das Projekt „DiffWAND“ jedes Jahr durchschnittlich 3600 kWh pro Haushalt produziert und rund 6200 Haushalte mit Strom versorgen kann. Damit werden 75% des aktuellen Verbrauchs der Haushalte abgedeckt.

Es handelt sich um ein ehrgeiziges Vorhaben, mit dem die Gemeinde Differdingen Verantwortung übernimmt, im Bereich des Klimaschutzes und den erneuerbaren Energien etwas zu unternehmen und Alternativen der Stromgewinnung aufzuzeigen. Wir haben das große Glück, dass an dieser Stelle ein konstantes Windaufkommen besteht, das es zu nutzen gilt.

## Schutzmaßnahmen

Noch vor den offiziellen Prozeduren wurden die Auswirkungen der 135 m hohen Windräder auf das Naturschutzgebiet studiert und ausgewertet. Dabei wurde der Artenschutz, speziell von der Fledermaus, berücksichtigt. Selbstverständlich soll dieses Vorhaben auch der Lebensqualität der Differdinger Einwohner keinen Abbruch tun. Alle Umweltauflagen werden eingehalten, damit kein nachteiliger Einfluss für die Bürger entsteht.

Die neusten Technologien, die hier zum Einsatz kommen, bieten ungeahnte Möglichkeiten. Sie können die Auswirkungen auf Mensch und Natur weitestgehend mindern bzw. komplett beseitigen. Im Bereich Lärmschutz etwa wurde ein Fachbüro eingeschaltet, um sicherzustellen, dass für die Bewohner keine Lärmbelastung entsteht, die Windräder also für die Menschen nicht zu hören sind.

## Bürgerbeteiligung

Es ist uns wichtig, dass auch die Bürger die Möglichkeit haben, sich finanziell an einem Windrad zu beteiligen, und ihnen und der Region im Gegenzug auch der wirtschaftliche Ertrag zugute kommt. So können die Bürger selbst dazu beitragen, eine nachhaltige Energieversorgung in ihrer Gegend aufzubauen.

## Die großen Etappen

- **Mai 2017:** Erstellen der Genehmigungsanträge Naturschutz und Commodo, Anlauf der EIE-Prozeduren zum Bau und Betrieb der Anlagen
- **Oktober 2017 - Oktober 2018:** Zulassungsprozeduren
- **Ende 2018:** Gründung der Kooperative
- **Frühjahr 2019:** Beginn der Ausgrabungen
- **Herbst 2019:** Inbetriebnahme des Windparks

**Georges Liesch**  
Échevin

# **SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL**

## **DU MERCREDI 15 MARS 2017**

---

Roberto Traversini, bourgmestre (déri gréng)  
Erny Muller, 1<sup>er</sup> échevin (LSAP)  
Tom Ulveling, échevin (CSV)  
Fred Bertinelli, échevin (LSAP)  
Georges Liesch, échevin (déri gréng)  
François Antony (LSAP)  
Pascal Bürger (DP)  
Gary Diderich (déri Lénk)  
Jos Glauden (DP)

Martine Goergen (DP)  
Pierre Hobscheit (LSAP)  
Robert Mangen (CSV)  
Marcel Meisch (DP)  
Ali Ruckert (KPL)  
Christiane Saeul (DP)  
Pierrette Schambourg (CSV)  
Fränz Schwachtgen (déri gréng)  
Arthur Wintringer (DP)

Absents/excusés: Carlo Bernard (DP)

## **ORDRE DU JOUR**

### **SÉANCE PUBLIQUE**

- 1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.**
- 2. Projets communaux, Parc des Sports: travaux de canalisation, de réseaux et d'aménagement de bassins de rétention – approbation des plans, devis et nouveau crédit à l'article budgétaire 4/822/222100/17040.**
- 3. Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers:**
  - a) modification ponctuelle du PAG «route de Pétange» – saisine du conseil communal suivant article 10 de la loi du 19 juillet 2014 concernant l'aménagement communal et le développement urbain;
  - b) modifications ponctuelles du PAG «Rattem» et «rue Michel Rodange» – vote du conseil communal suivant article 14 de la loi du 19 juillet 2014 précitée;
  - c) projet d'aménagement particulier au lieu-dit «avenue du Parc des Sports» à Oberkorn présenté par le collège des bourgmestre et échevins pour le compte de l'administration communale de Differdange;
  - d) projet d'aménagement particulier au lieu-dit «rue de Soleuvre» à Differdange présenté par le collège des bourgmestre et échevins pour le compte de la société LIDL Belgium GmbH @ CO.KG.
- 4. Office social de Differdange: approbation des comptes de l'exercice 2013.**
- 5. Actes et conventions:**
  - a) acte de vente d'un terrain d'une contenance de 12,20 ares au lieu-dit «Auf der Kielchen» à Niederkorn;
  - b) actes de vente de deux parcelles d'une superficie totale de 1,65 ares au lieu-dit «rue St.-Pierre» à Niederkorn;
  - c) augmentation du capital social de la Société Nationale des Habitations à Bon Marché (SNHBM);
  - d) convention 2017-2019 avec l'État pour les services d'éducation et d'accueil aux enfants (maisons relais);
  - e) avenant n° 1 à la convention Valorlux;
  - f) approbation des statuts de l'asbl Territoire National Transfrontalier de la Chiers et de l'Alzette;
  - g) accord de jumelage et de coopération avec la Ville d'Oxford (Ohio – USA), siège de la Miami University;
  - h) contrats de bail commercial au 1535°;
  - i) contrats de bail d'espaces de bureaux dans l'immeuble Villa Hadir;
  - j) contrat de bail commercial au n° 10 avenue de la Liberté à Differdange;
  - k) contrat de sous-location du «Klenge Casino» situé sur la Place du Marché à Differdange.
- 6. Règlements communaux:**
  - a) adaptations au règlement-taxe, chapitre E-5 vente de bois;
  - b) règlements temporaires de circulation.
- 7. Dénomination de rues et places: future Cité O' à Oberkorn et site Kannerbongert à Niederkorn**
- 8. Changements au sein des commissions consultatives.**

## 2. Projets communaux

---

### BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Schéine gudde Moie fir eis Sitzung vum 15. Mäerz. Ech hunn eng Entschëllelung kritt. Den Här Bernard kann haut net dobäi sinn.

Mir géifen zum Punkt 2 kommen: Projets communaux, Parc des Sports. Dir gesitt, datt do am Gaang ass, eppes ze geschéien. Ier een iwwerhaapt ufänkt, eppes drop ze bauen, mussen d'Kanalisationen, alles wat Waasseropfänken ass, gemaach ginn. Dofir ginn ech dem Erny Muller d'Wuert, fir eis genau ze erklären, wat do gemaach gëtt.

---

### SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Kolleginnen a Kolleegen aus dem Schäffen- a Gemengerot. An dësem Punkt handelt et sech, bei de Pläng an dem Devis, ëm eng Realisatioun vun de Reseauen, betreffend Oberflächen- a Schmotzwaasser, déi néideg Waasseralimentatioun, dat heescht Waasserleitungen, souwéi d'elektresch Verkabelungen un deen neien Trafo, bedéngt duerch d'Projete vun der Mehrzweckhal, eiser neier Hall polyvalent, an dem Ausbau vun der Sportshal. Déi bestoend Sportshal an och d'Turnhal op dëser Plaz ginn ebenfalls un deen neien Trafo ugeschloss.

Dir kënnt op de Pläng an um Devis erkennen, dass e gréissere Retentiounsbaseng vun 120 Kubikmeter ènnert der Virplaz vun der Eventhal gebaut gëtt. Déi bestoend offe Retentiounsfäch vun zirka 30 Kubikmeter muss verréckelt ginn, bedéngt duerch den Ausbau vun der Hal, deen neien Deel vun der Hal a Richtung, wou elo d'Zougangsstrooss ass. Den Iwwerlaf vum Retentiounsbaseng gëtt an dësen offene Baseng gefouert. An dee gëllt och als Kontrollpunkt fir d'Waasser, wat dann duerno an d'Chiers, an d'Avenue de Parc des Sports leeft.

De gesamte Käschtepunkt vun all dëse Moosnamen ass 1.200.000 Euro. Mir hunn heifir en neie Budgetsartikel kreéiert, fir dës Zomm, en vue vun de Subsiden, op déi verschidde Gebaier kënne speïder opzedeelen. Well et jo fir dee gesamten Deel ass. Vum Waasserwirtschaftsamt kréie mir e geschate Subsid vun 80.000 Euro.

D'Aarbechte fir d'Installatioun vum Trafo wäerten de Mee ufänken. Déi vun de Waasserreseauen a Baseng, nodeem mer den Accord vum Waasserwirtschaftsamt hunn. Do denke mer, dass mer am September ufänke kënnen. Ech soen Iech Merci.

---

### BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Meisch, w.e.g.l.

---

### MARCEL MEISCH (DP):

Här Buergermeeschter, léif Kolleginnen a Kolleegen, ech wëll mech ganz kuerz dozou faassen. Dir kennt d'Meening vun der DP zu däer Eventhal, déi hunn ech déi leschte Kéier scho matgedeelt. Mir sinn net glécklech mam Standuert. Zu deem, wat haut gestëmmt gëtt, wäerte mer eis enthalen, well mer wëssen, datt déi Aarbechte fir d'Sportshal musse gemaach ginn. Ech soen Iech Merci.

---

### BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Meisch. Här Hobscheit, w.e.g.l.

---

### PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Ech wëll just nach eng Kéier am Numm vun der LSAP soen, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, dass mir dovun iwwerzeegt sinn, dass dee Standuert richteg ass. Well, wéi den Här Meisch richteg gesot huet, déi Aarbechten néideg sinn, wäerte mir déi Aarbechten dann och stëmmen. Mir fannen, dass déi Eventhal, do wou se hikënnt, gutt ass. Merci.

---

### BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Souwisou, egal wat do op déi Plaz hikomm wär, ob eng Eventhal, wou ech och mengen, datt et déi richteg Plaz ass, oder eng Schoul oder soss eppes, hätten déi Aarbechte misse gemaach ginn. Et ass am Fong geholl zimlech egal, wat op de Site kënnt. Ech sinn op alle Fall frou, datt keen dogéint

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**  
ouvre la séance et excuse M. Bernard.

Il passe au Parc des Sports. Des travaux d'infrastructure sont nécessaires avant de pouvoir entamer le chantier.

**ERNY MULLER (LSAP)** explique qu'il est question des plans et devis relatifs aux réseaux d'eau de surface, d'eaux usées, d'alimentation en eau dans le cadre de la construction du nouveau hall polyvalent et de l'agrandissement de la salle de sport.

Un bassin de rétention de 120 m<sup>3</sup> sera construit sous le parvis de la salle évènementielle. La surface de rétention existante de 30 m<sup>3</sup> sera déplacée en direction de la route d'accès. Le trop-plein sera conduit du bassin de rétention à la surface de rétention.

En tout, ces mesures couleront 1 200 000 €. Le collège échevinal a créé un article budgétaire pour cette somme. Les subsides seront répartis entre les différents bâtiments. L'Administration des eaux versera un subside estimé de 80 000 €.

L'installation du transformateur commencera en mai et les travaux relatifs à l'eau et aux bassins probablement en septembre.

**MARCEL MEISCH (DP)** se montrera bref, car la position du DP quant au hall polyvalent est connue. Les démocrates ne sont pas d'accord avec l'emplacement. Au moment du vote, ils s'abstiendront, car ils savent que l'agrandissement du centre sportif est nécessaire.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** est convaincu que le site est bien choisi. Comme l'a dit M. Meisch, les travaux sont nécessaires. C'est pourquoi les socialistes les approuveront. Le hall polyvalent est construit là où il faut.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**  
signale que ces travaux doivent être réalisés, peu importe que l'on construise un hall polyvalent, une école ou une autre structure. Il se déclare satisfait que personne ne vote contre le projet.

(Vote) Roberto Traversini passe à une modification du PAG dans la

### 3. PAG et PAP

route de Pétange, là où se trouve l'aire de jeux. L'objectif est de pouvoir agrandir les campus scolaires et les maintenir facilement accessibles sans soumettre les enfants à des risques inutiles.

Sur le site en question, le collège échevinal avait pensé aménager autre chose qu'une école. En effet, les experts, le service scolaire et les enseignants estimaient que le site n'était pas idéal. Le collège échevinal a alors demandé au promoteur du Mathendahl de construire une école sur son terrain. Le promoteur a répondu qu'il ne vendrait le terrain en aucun cas, mais qu'il était ouvert à un échange. Le collège échevinal lui a proposé une partie du terrain de l'aire de jeux. Roberto Traversini précise qu'il restera 1,5 ha pour l'aire de jeux.

Le collège échevinal s'est aussi intéressé à d'autres terrains, mais en dernière instance, c'est le propriétaire qui décide quoi faire. Dans ce cas-ci, le promoteur a refusé de vendre son terrain.

**ERNY MULLER (LSAP)** constate que le bourgmestre vient d'expliquer pourquoi le collège échevinal veut reclasser le terrain. Actuellement, le terrain est classé ÖG, c'est-à-dire Gebiete für öffentliche und private Einrichtungen öffentlichen Nutzens. En tout, il faut 172 a. De ces 172 a, 45 seront reclassés en HAB2. Si on enlève la crèche, il reste 1,27 ha pour l'ÖG, un parc et une aire de jeux de 1 ha. À titre de comparaison, le parc Gerlache fait soixante ares.

Une partie du PAG sera reclassée en HAB2 avec un COS de 0,45 et un CUS de 0,65, ce qui est raisonnable. Les conseillers communaux disposent du PAP pour qu'ils puissent évaluer ce qui sera réalisé en toute transparence. Dans la route de Pétange, deux résidences seront construites. La face longue des résidences pénétrera dans le terrain alors que la face courte donnera sur la rue. Les résidences seront positionnées de telle façon qu'elles formeront une petite place servant à la fois d'accès et de liaison.

Un accès vers le parc et les aires de jeux derrière les résidences sera aussi aménagé, ce qui conferera un certain cachet à la place. Les deux

stëmmt. Mä, egal wat do op de Site gesat gëtt, déi Aarbechte musse gemaach ginn. Sief et fir eng Eventhal oder e Science Center oder soss eppes. Dat heesch, déi Aarbechte musse gemaach ginn. Mir géifen dann zum Vote kommen.

---

*Le conseil communal décide avec 11 voix «oui» et 6 abstentions d'approuver les travaux de canalisation, de réseaux et d'aménagement de bassins de rétention du Parc des sports.*

---

Villmoos Merci. Den drëtte Punkt ass e wichtige Punkt. Dat ass d'Modifikatioun vum PAG „route de Pétange“, do wou déi grouss Spillplaz ass. Am Viraus gesot, dat war keng einfach Decisioun. Déri Decisioun ass am Fong geholl net eleng fir dee Site do geholl ginn, mä ass och zesumme geholl gi fir eis Schoulcampussen. Wou mer déi kennen erweideren, ouni datt d'Kanner Geforen ausgeset sinn an awer zimlech no bai sinn an d'Campussitten awer accessible si fir déi Nidderkuerer Bierger a Biergerinnen.

Mir haten ufanks geduecht, eventuell op dëser Plaz hei eppes aneschters ze maache wéi eng Schoul. Dat ass alles analyséiert ginn. An do huet jiddwereeën, d'Expert, d'Schoulservicer, d'Léierpersonal gesot, datt et vlächt net déi ideal Situatioun wär am Péitengerwee.

Doropshin hu mer eis mam Promoteur vum ganzen Mattendall zesummesat, wou ganz vill wäert wuessen. Well dat zimlech no bai ass, een de Schoulsite ze Fouss kann erreechen, hu mer eis mat deem zesummesat, ob et net méiglech wär, eventuell op deem sengem Terrain eng Schoul ze bauen. Hien huet du gesot, hie géif op alle Fall net drun denken, eis deen ze verkafen. Wann da wier et just méiglech iwwer en Tosch.

Doropshin si mer am Fong geholl herolues a lues, mat villen Diskussiounen, op de Wee gaangen, fir dann en Tosch mat deem Promoteur hei ze maachen. Fir mat him mat deem heiten Terrain, engem Deel vun der Spillplaz – et bleibt awer nach iwwer annerhallwen Hektar Spillplaz –, en Tosch ze maachen. Dat ass elo ganz graff a schnell gesot, wéi et zu deem Site hei komm ass, fir kennen am Mattendall eng Schoul ze bauen.

Mir hunn och mat aneren Terraine probéiert gehat. Mä et ass wéi sou oft, et ass de Proprietaire, deen – a Gott sei Dank – mat decidéiert, wat e gär hätt. Mir haten och versicht ze kafen, mir hunn en awer net zum Kaf kritt. Dat ass eng kleng Virgeschicht vun deem Ganzen. Den Erny seet eis elo, wat d'Ännerunge vum PAG sinn.

#### SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir hutt eis elo schonn den Historique gemaach, firwat de Schäfferot iwwerhaapt zu däi Konklusioun komm ass, fir deen Terrain do èmzklasséieren. Op de Pläng gesitt Der dat Gebitt, wat mer elo èmklasséieren, dat ass eng ÖG. Dat heesch: Gebiete für öffentliche und private Einrichtungen öffentlichen Nutzens.

De gesamten Areal op dëser Plaz, mat deem Deel hannert der Crèche, sinn 1,72 Hektar. Dat heesch 172 Ar, wann een elo de Bilan mécht. A vun deenen 172 Ar gi 45 Ar èmklasséiert an eng HAB-2. Wéi den Här Buergermeeschter scho sot, bleift do nach wesentlech Terrain. Wa mer d'Crèche ewechhuelen, da sinn et èmmerhin nach 1,27 Hektar, fir de gesamten ÖG. An nach e Park plus eng Spillplaz vun zirka engem Hektar. Am Verglach: De Parc Gerlache huet 60 Ar, also eppes méi wéi en hallwen Hektar.

Ech hat gesot, en Deel vum PAG géife mer èmklasséieren an HAB-2. Deen HAB-2 huet ee COS, coefficient d'occupation du sol, vun 0,4, an e CUS, coefficient d'utilisation du sol, vun 0,65, wat jo och nach relativ raisonnable ass.

Mir hunn Iech de PAP bäigeluecht, dass Der a voller Transparenz kënnt jugéieren, wat soll realiséiert ginn. Am Péitengerwee sollen zwou Residenze gebaut ginn, awer net esou, wéi et am Ufank virgesi war, dass se direkt un der Strooss géife leien. Fir dat Ganzt e bësseen opzelackeren, fir méi e flotte Projet doraus ze maachen, sinn déi Residenzen an der Längt no hanne gekéiert.

Dat heesch, si ginn an den Terrain eran, hunn och eng gewësse geometresch Positioun zoueneen, soudass sech an der Mëtt eng flott Placette entwéckele kann, déi och als Zougang a Verbindung zu deenen zwou Residenzen do

### 3. PAG et PAP

gëllt. Et gëtt och en Accès op de Park an déi Spillplazen hannendrun ageriicht an amenagéiert. Wat deen Deel verschéinert an där neier Platz e gewëssene Cachet gëtt.

Et sinn zwou Residenze mat am Ganze 60 Appartementer. Déi ginn opgedeelt a verschidde Residenz-Deeler, wou och émmer separat Entréeë sinn. Soudass et keng Entrée ass fir 60 oder 30 Leit, mä dat gëtt wierklech esou ageeelt, dass eng passabel Unzuel vu Locatairen oder Proprietairen do kann an- an ausgoen an deene Gebaier.

Ënnert deene Residenze gëtt e Parking gebaut, deen déi ganz Platz erfaasst. Do sinn 78 Parkplaze virgesinn. Dat wär 1,3 pro Appartement. Et ass dann net méi 1,5, mä do gëtt et awer Moossnamen, fir dat ze kucken. Dat gëtt herno gekuckt, ier mer d'Baugeneemegung erausginn. Mir stëmme jo haut net iwwert de PAP of – dat ass à titre d'indication fir Iech all – mä haut stëmme mer d'Ëmklasséierung vum PAG.

Mir hate jo schonn eng Evolution op där Plaz. An enger eischter Etapp waren hannendrun nach siwen Haiser geplant. Vläicht kann deen oder deen anere sech nach erënneren.

Dee Projet si mer der Nidderkuerer Population, speziell den Anrainer, déi an deene Stroosse do wunnen, virstelle gaangen. An do ass awer wäert drop geluecht ginn, dass de Park an d'Spillplaz solle bestoe bleiwen. Wat och eis Meenung war, dass dat sollt esou sinn. Dofir hu mer déi siwen Haiser fale gelooss an hunn nach just déi Entwécklung bääbehale vun deenen zwou Residenzen, déi dann do un d'Strooss grenzen.

D'Gestaltung ass am Dialog mat de Bierger gekuckt ginn. Vläicht seet den Här Ulveling nach eppes derzou. Op jidde Fall ass, mengen ech, e ganz schéine Projet, och wat d'Amenagement vun deem Park a vun deene Spillplazen ubellaangt, dobäi erauskomm. Ech géif Iech bieden, déi Ëmklasséierung ze stëmmen. Merci.

#### BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci, Här Muller. Den Här Tom Ulveling nach kuerz.

#### SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dir Dammen an Dir Hären, wéi Der héieren hutt vum Här Muller, bleift nach iwwer 1,2 Hektar iwwreg, fir do eng ganz Gréngzon ze plangen.

Mir hunn dat och ganz sorgfälteg gemaach a sinn nach émmer am Gaang. An zwar dës Kéier och mat den Awunner, déi eis e ganze Katalog vun Doléances iwwerreecht hunn. Wou mer versicht hunn, mat hinnen zesummen, mat deene Gelder, déi eis zur Verfügung stinn, dat do ze gestalten.

Dir gesitt um Plang, dass mer en duebelle Multisport-Terrain wäerte maachen an och e Basketsterrain. Dann nach e ganze Koup Spiller fir d'Kanner, esou eng Aart Adventure-Spiller. Ënnert de Motto vun de Minièren hu mer dat dës Kéier gesat. Et ass eventuell eng Pétaquespist virgesinn. Notamment sollen och erëm Spiller fir Seniore kommen, d'selwecht wéi am Parc Dune, wat ganz gutt bei der Population ukomm ass.

Soudass mer dat ganzt Areal souzesoen als Ruhestätte wëlle benotzen. Dass mer dat zesumme kënnen esou gestalten, dass niewent deenen zwee Haiser, déi zwar do gebaut ginn, awer nach eng ganz grouss Plaz oppe bleift. Wou d'Kanner sech kënnen austoben a spiller, ouni dann déi Leit, déi an deenen Haiser ronderëm wunnen, ze vill ze stéieren.

Ech fannen, dass et eng gutt Planung ass, déi mer zesumme mat de Leit aus dem Quartier gemaach hunn. An dofir géif ech och derfir plaidéieren, dass mer dee Projet hei géife stëmmen. Merci.

#### BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Den Här Gary Diderich, ganz gären.

#### GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter, léif Kolleegen a Kolleginnen aus dem Gemenegerot. Dëse Projet ass fir mech e Beispill dovunner, wéi een et net soll maache vum Prozess hier. Well mir hunn e Prozess, e Projet gehat, hei zu Déifferdeng, fir ze kucken, dass d'Leit sech bedeelen.

résidences contiendront soixante appartements et auront plusieurs entrées pour éviter que des dizaines de locataires et de propriétaires n'utilisent le même accès.

Un parking de 78 emplacements — soit 1,3 par appartement — est prévu sous la résidence. C'est moins que 1,5, mais Erny Muller rappelle qu'aujourd'hui, ce n'est pas le PAP qui est soumis au vote, mais le reclassement du PAG.

Au départ, sept maisons devaient être construites derrière les résidences. Mais lorsque le collège échevinal a présenté le projet aux riverains, ceux-ci ont insisté pour que le parc et l'aire de jeux soient préservés. C'est pourquoi la construction des sept maisons a été abandonnée.

Erny Muller insiste sur le fait que l'aménagement a été réalisé ensemble avec les habitants. Le projet est en tout cas réussi.

**TOM ULVELING (CSV)** répète qu'il reste 1,2 ha pour aménager une zone verte en partenariat avec les habitants, qui ont remis un catalogue de doléances au collège échevinal. Celui-ci a essayé d'en tenir compte tout en respectant le budget.

Les conseillers communaux peuvent voir sur les plans qu'un double terrain multisport, un terrain de basket et des jeux d'aventure pour enfants autour du thème des mines seront installés. Le collège échevinal réfléchit aussi à l'aménagement d'une piste de pétanque ainsi qu'à des jeux pour les séniors après le succès rencontré dans le parc Edmond-Dune.

Le collège échevinal souhaite aménager une véritable aire de repos et conserver un espace ouvert à côté des résidences pour que les enfants puissent jouer sans déranger les riverains.

Tom Ulveling trouve que la collaboration avec les gens du quartier s'est bien passée. C'est pourquoi il demande aux conseillers communaux d'approuver le projet.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** trouve que ce projet est un parfait exemple d'un processus raté.

Le conseiller communal rappelle que la commune a mis en place un

### 3. PAG et PAP

projet pour inciter les gens à participer à la réalisation du PAG. Mais lors des balades urbaines, ils n'ont pas été conduits dans ce quartier.

Or il aurait fallu leur demander s'ils voulaient des écoles de quartier et quelles compensations ils auraient voulu accorder au promoteur.

Le collège échevinal prétend que les habitants ont participé à la réalisation du projet. Mais en fait, ils ont dû protester afin d'avoir leur mot à dire. La réaction du collège échevinal a été la bonne, mais pour développer une culture de la participation, il faut intégrer les habitants dans le projet dès le départ.

Souvent, les gens soutiennent les projets de construction, sauf si c'est devant chez eux. Ils souhaitent que le prix des logements baisse, mais refusent toute concession. Ils veulent des écoles plus petites, mais en refusent les désavantages. Or ce type de réactions est favorisé par le comportement du collège échevinal qui essaie d'abord de placer les habitants devant un fait accompli. Et s'ils protestent, il les fait participer. Gary Diderich répète qu'il faudra s'y prendre différemment à l'avenir. Aujourd'hui, il est question du

PAG, que déi Lénk approuvera. En effet, il permettra de construire une école de quartier dans le Mathendahl, qui est un site mieux adapté. Les enfants pourront accéder aux infrastructures sportives et à la maison relais sans devoir traverser la rue. Il ne sera donc pas nécessaire d'organiser un transport de bus.

Les détails du projet ne font pas l'objet de la discussion d'aujourd'hui. Cependant, Gary Diderich voudrait savoir ce que pensent les habitants du quartier de ce projet et comment ils l'évaluent.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**  
répondra aux questions tout à l'heure.

**MARTINE GOERGEN (DP)** prendra position au nom du DP.

gen un dem zukünftege PAG vun der Stad Déifferdeng. An dëse Projet war net Objet dovunner.

D'Leit sinn net abezu ginn dorop. Et si Ballade-urbainen organiséiert ginn, mä d'Leit sinn net op déi do Plaz gefouert ginn a gefrot ginn: Wat kéint Der Iech hei virstellen, wann hei am Quartier misst eng Schoul gemaach ginn, déi net némmen énnen am Zentrum ass, mä wa mer Quartiersschoule géife maachen? Wat jo e Wee ass, deen dëse Schäfferot gaangen ass. An dee mir och scho virdru gefuerdert hunn an absolutt énnerstëtzzen. „Wou mengt Der, wou da kéint e Promoteur kompenséiert ginn?“, oder wat och émmer do vu Froen zesummenkommen. Dat ass hei net gemaach ginn.

Hei gëtt elo gesot, d'Leit hu participéiert. Si hu participéiert, well se iergendwann protestéiert hunn. An dunn huet de Schäfferot gesot: Okay, da loosse mer Iech mat dru bestëmmen. Dat war schonn an där Situatioun, wou mer do waren, eng gutt Reaktioun. Mä ech mengen, wa mer eng Participatiounskultur an déser Stad wëllen – an dat ass eben d'Fro, ob mer déi wëllen –, dann denken ech, dass een dat vu vir eran esou soll maachen.

Et gëtt jo oft, bei esou Biergerprotester, dann och reklaméiert, dass dat esou Nimbysreflexe sinn: Mir wëllen, dass iwverall gebaut gëtt, awer net viru menger Dier. Mir wëllen, dass d'Logementspräisser erofginn, ech wëll awer net eppes mussen opginn dofir. Mir wëllen, dass et méi kleng Schoule gëtt a méi no Schoule gëtt, mä ech wëll awer net dofir eppes opginn.

Mä esou Reflexe fèrdere mer doducher, dass mer eis esou uleeën, wéi bei deem heite Projet. Nämlech fir d'éischt emol probéieren, ob et net esou duerchgeet, ouni dass een eppes matkritt, bis d'Fait-accomplie geschaft sinn. Ob dat elo bewosst oder onbewosst geschitt ass, dat loossen ech Iech selwer beuerteelen. Mä et ass awer esou, wéi et geschitt. Wa kee sech gemellt hätt, dann hätten d'Leit net participéiert dorunner, wéi d'Plaz géif gestalt ginn. Elo sinn d'Leit eben abezu ginn. Dat ass an där Situatioun ze begrissen.

Mä ech mengen, et muss ee sech wierlech aneschte uleeë bei esou Saachen. Virun allem, wann een esou Projeten

ugeet wéi Cartice, wéi Ballade-urbainen. An et grad bei deem dote Projet jo ém ganz vill Iwwerleeunge geet, déi iwwert déi Plaz selwer eraus ginn. Et ass jo keen, deen, esou wéi ech et verstanen hunn, onbedéngt wollt déi Plaz do verbauen. D'Gemeng huet a priori net onbedéngt eng aner Méiglechkeet. Et ass nach eng aner fonnt ginn, duerch den Drock, op d'mannst et opzedeelen, fir dat ze bauen. Et gëtt Grënn, firwat dat elo esou gemaach gëtt.

Haut geet et drëm, dee PAG ze stëmmen. De PAG selwer si mir als déi Lénk bereet ze stëmmen. Firwat? Wéinst all deenen Zesummenhäng, wou ech elo gesot hunn. Dat heescht, et kënnt dofir eng Quartiersschoule an de Mattendall. Am Mattendall ass déi Schoul besser, wéi wa se zum Beispill dohinner gebaut géif ginn.

Well d'Kanner besser an d'Sportsinfrastrukture kommen, ouni iwwer Stroossen ze goen, besser an d'Maison relais kommen a brauche manner Stroossen ze iwwerquieren. Et brauch ee kee Bus-transport ze organiséieren an esou weider.

Den Detail vum Projet selwer ass haut net Bestanddeel vun dësem Vote a vun déser Diskussioun. Dofir ginn ech elo net weider drop an. Ech wéilt awer gäre weider héieren, wéi d'Leit aus dem Quartier dat empfannen a wéi do virgaange ginn ass, fir ze wëssen, wéi si de Projet elo evaluéieren. Ech soen Iech Merci.

#### **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Villmoors Merci. Ech wäert herno drop äntweren. Mir huelen d'Froen an d'Remarken all zesummen. D'Madame Goergen, w.e.gl.

#### **MARTINE GOERGEN (DP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Erlaibt mer kuerz Stellung am Numm vun der Déifferdenger DP zu déser Modifikatioun vum PAG am Péitengerwee ze huelen.

Mir als DP sinn net begeeschtert vun déser Ëmklasséierung, dass op déser Plaz zwou Residencë kënnen entstoen.

### 3. PAG et PAP

Wéi scho richteg gesot ginn ass, ass de PAP zwar elo net hei um Ordre du jour, mä ech mengen, d'Émklasséierung bereet awer de Wee dofir. A mir sinn der Meenung, datt déi Platz am Péitengerwee eng vun deene wichtegen a wéinege Gréngflächen an eiser Stad ass, déi nach esou grouss ass. An déi wëlle mer gären erhalen.

Op d'Spillplaz an déi grouss Wiss, déi dozou gehéiert, si scho Generatioun vun Nidderkuerer gaangen, déi do gespiltunn. Nach haut fueren all Dag Jonker aus der ganzer Gemeng mam Bus dohinner. Do ass jo och direkt e Busarrêt virdrun, fir ze profitéieren. A mir wären och frou, wann dat an Zukunft esou kéint bleiwen.

Mir sinn der Meenung, datt déi Gesamtfläch ... Also ech hu scho verstanen, dass an deem neie Projet och e Park an eng Spillplaz wäert dra sinn, mä mir fannen et einfach schued, dass dann net déi gesamt Fläch dem ursprénglechen Zweck zougefouert gëtt. Ebe fir dass do nees Spillplaz, Futtbballsterrain, Vélo an esou weider ka gefuer respektiv gespilt ginn.

Dass ee se muss a Stand setzen, domat si mer d'accord, dass een do muss dran investéieren. Dat géife mer och esou énnerstëtzen. Och esou, wéi et elo virgesinn ass, mat Basketsterrain an esou weider. Sou wéi se elo do ass, ass se natierlech net ideal. An dofir kéinte mer eis virstellen, fir dee ganzen Deel do en Investissement ze maachen.

Mir sinn awer iergendwou traureg ze héieren, dass do e Promoteur eis e bëssem d'Messer op d'Broscht setzt a seet, esou an net anesch. Fir eis ass et och wichteg, am Mattendall eng Schoul ze henn. Dat ass ganz, ganz richteg. Dat ass och vun Ufank un esou geplant ginn, wéi dee grousse Quartier do entstanen ass.

Mä ob wierklech de Préis – ech mengen, mir hu gesond Gemengfinanzen, dat sot Dir eis émmer erém als Schäfferot – elo do de Problem war, dass deen net wollt verkafen. Oder ob mer net nach aner Terrainen hunn – ech denken un Terrainen, Bauterrainen am Quartier Woiwer, ob déi net och interessant sinn. Dat zweiente mir einfach elo e bëssem un. A fir ebe formell nach eng Kéier ze soen, dass mir dogéint sinn, dass do déi

Spillplaz, also déi Wiss, esou wéi se do ass, ganz verschwënnnt. Dofir kënne mir de PAG, d'Émklasséierung, net matstëmmen.

#### **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Et kënnt een heiansdo aus dem Staunen net eraus! Merci, Madame Goergen. D'Madame Schambourg, w.e.gl.

#### **PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, mir hu schonn eng ganz Rei vun Terrainen hei decidéiert, wou mer de PAG net wëlle vergréissen ausserhalb vun der Gemeng selwer. Dat heesch, mir wëssen alleguerten, an esou al si mer alleguerten, datt een am Liewen net alles ka kréien. Also baséiere mer eis méi op de Punkt, fir Baulücken an der Stad selwer ze schléissen. Dat fannen ech perséinlech eng gutt Saach.

Ech menge mir wëssen, datt Déifferdeng wiisst. A wa mer schonn déi sélleche Projeten hei gestëmmt henn, ech soe just de Rattem zum Beispill, wou net soll gebaut ginn, an datt de PAG net erwidert gëtt, da bleibt ebe just eng Méiglechkeet, fir déi Baulücken, déi mer hunn, ze schléissen.

An der leschter Zäit si vill Spillplazenergiicht ginn, vill Spillplazenei gemaach ginn, fir kleng Kanner, fir méi grouss Kanner. Ech sinn der Meenung, datt dat heiten eng gutt Saach ass. An d'CSV wäert och dëse Punkt stëmmen. Merci.

#### **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madame Schambourg. Här Hobscheit, w.e.gl.

#### **PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll guer net verheemlechen, dass dat do e Projet ass, dee mir och schonn e bësse Kappzerbrieches gemaach huet. Wou ech och mat Momenter e bësse Bauchwéi hat, well ech e Kand aus dem Quartier sinn,

*Les démocrates ne sont pas enthousiastes à propos de la construction de ces deux résidences. Il est vrai que le PAP ne figure pas à l'ordre du jour, mais le reclassement ouvre la voie au projet. Martine Goergen voudrait préserver un des seuls espaces verts de cette taille et de cette importance dans la commune.*

*La conseillère communale rappelle que des générations d'enfants ont joué sur ce site. Aujourd'hui encore, les jeunes s'y rendent en bus.*

*Martine Goergen a bien compris qu'il restera de la place pour un parc et une aire de jeux, mais elle regrette que le site ne soit pas entièrement préservé pour que les enfants puissent continuer à y jouer au football et à se promener à vélo.*

*Les démocrates sont d'accord pour investir dans ce site et aménager un terrain de basket. L'état actuel du site n'est pas idéal. Mais ils regrettent qu'un promoteur mette le collège échevinal sous pression et ne lui laisse pas le choix. Bien sûr, il est important de construire une école de quartier dans le Mathendahl. Mais d'après le collège échevinal, les finances communales se portent bien. N'y avait-il vraiment aucune autre solution? Martine Goergen pense notamment à des terrains de construction au Woiwer. En tout cas, les démocrates ne veulent pas que l'espace vert tel qu'il existe actuellement disparaîsse.*

#### **ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *ne cesse d'être étonné.*

**PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV)**  
*rappelle que la commune ne veut pas étendre le périmètre de construction. Or, il est évident que l'on ne peut pas tout avoir. Les projets doivent être réalisés à l'intérieur de la ville, ce qui est une bonne chose. Car si le conseil communal veut protéger des zones comme le Rattem, il n'a pas le choix.*

*Pierrette Schambourg souligne le fait que dernièrement, de nombreuses aires de jeux ont été aménagées pour les enfants de différents âges. Par conséquent, le CSV approuvera ce projet.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)**  
*avoue que ce projet lui a causé quelques*

tracas. Il a mal au ventre en pensant qu'il a grandi dans le quartier en question et qu'il a joué sur cette aire de jeux. Il se demande si la décision prise par le collège échevinal est vraiment idéale. Pierre Hobscheid rappelle cependant qu'il n'est pas seulement question d'un site, mais de tout le Mathendahl et du terrain nécessaire à la construction de l'école. Mais il est regrettable de ne pas avoir réussi à obtenir ce terrain sans devoir construire deux résidences. Pierre Hobscheid salue toutefois le fait qu'une partie de l'aire de jeux soit préservée.

Le conseiller communal est surpris de découvrir l'amour que porte le DP à l'aire de jeux. En effet, cela fait dix ans qu'elle doit être remise en état. Les buts sont ravagés par la rouille; le filet du terrain de volley est cassé tout comme le panier de basket. Pierre Hobscheid se demande depuis longtemps comment cela est possible.

Que les démocrates déclarent leur flamme pour ce site maintenant ne peut être lié qu'aux prochaines élections.

(Rires)

Apparemment, les démocrates souhaitent marquer des points auprès des habitants du quartier. Mais c'est trop tard. Car s'ils avaient découvert leur amour il y a dix ans, ils auraient pu investir dans l'aire de jeux, aménager de nouveaux buts, acheter de nouveaux filets et remplacer le panier de basket. L'aire avait du potentiel, mais elle a été laissée à l'abandon.

Désormais, les avis sont partagés. M. Diderich a raison de dire que le processus de consultation a commencé trop tard, car il était évident qu'il y aurait des discussions. Pierre Hobscheid n'en a pas du tout été surpris.

Le collège échevinal a finalement cherché — ensemble avec les habitants — un endroit où aménager une aire de jeux, ce qui est une bonne chose.

Ce projet n'enthousiasme pas M. Hobscheid. Cependant, la commune obtient un terrain pour construire une école et conserve suffisamment de place pour une belle aire de jeux. C'est pourquoi les socialistes peuvent soutenir la modification du PAG.

well ech och op där Spillplaz do gespilttunn.

A well dat do natierlech elo e Schratt ass, wou een awer ka wierklech driwwer diskutéieren, ob et en ideale Schratt ass.

Et gouf awer scho gesot — an ech menge, dat muss ee sech einfach virun Aen halen —, dass et hei jo net just eleng èm déi Plaz do geet. Mä et geet eben och èm de Mattendall. Et geet eben och èm deen Terrain, dee mer do brauchen, fir déi Schoul ze bauen. Ech fannen et e bësse bedauerlech, dass et einfach net méiglech war, e Wee ze fannen, fir deen Terrain ze kréien, ouni mussen déi Spillplaz do, déi zwee Appartementshaiser ze bauen. Mä dat ass, mengen ech, dann eng Realitéit, déi ee muss akzeptéieren, déi schued ass.

Ech fannen et dann och gutt, dass de Projet elo reduzéiert gouf, dass e bësse méi Plaz bleibt, fir déi Spillplaz nei ze amenagéieren.

Ech muss awer mäin Erstaunen zum Ausdruck bréngen, wann ech hei héieren, dass d'DP elo hir Léift zu där Spillplaz do entdeckt, an dass d'DP seet, déi Spillplaz misst a Stand gesat ginn. Jo, dat misst se. Mä dat misst se schonn zanter zéng Joer. Et konnt een an de leschten zéng Joer de Goaler nokucke beim Viru-sech-hin-raschten.

Gott sei Dank huet den Här Bertinelli op d'mannst nei Goaler do installéiere gelooss. Déi Spillplaz ass an de leschten zéng Joer èmmer méi verkomm. Et kann een et net anesch soen. Si ass verkomm. Et ass näisch geschitt. An all Kéiers, wann ech laanschtgefuer sinn, hunn ech mech gefrot: Wéi kann dat dote sinn?

Wéi kann et sinn, dass d'Volleyballsnetz futti ass? Wéi kann dat sinn, dass de Basketskuerf an engem trauregen Zoustand ass? Wéi kann dat sinn, dass déi Goaler, wéi scho gesot, viru sech hi raschten? Et ass einfach näisch geschitt. Dass een dann elo d'Léift fir déi Spillplaz do entdeckt — voilà, et ass Wahljoer.

(Gelaachs)

Vläicht mengt Der, Dir géift domat bei de Leit am Quartier gutt ukommen,

wann Der elo d'Léift fir déi Spillplaz do entdeckt. Ech muss soen, Dir entdeckt d'Léift fir déi Spillplaz e bësse spéit. Well wann Der déi Léift fir déi Spillplaz scho virun zéng Joer entdeckt gehat hätt, da wäert Der vläicht zur Konklusioun komm, dass et derwäert gewiescht wär, deemoools schonn ze investéieren, nei Goaler opzerichten, d'Volleyballsnetz ze erneieren, de Basketskuerf vläicht frësch ze maachen a vläicht nach aner Investissementer an déi Spillplaz ze maachen. Well effektiv, et ass eng Plaz mat Potential, èmmer gewiescht. Mä et ass näisch geschitt. Ech wëll et nach eng Kéier betounen. Et ass iwwerhaapt näisch geschitt.

An elo si mer eben op engem Punkt ukomm, wou ee ka gedeelter Meenung sinn. Wou ech och duerchaus dem Här Diderich seng Bedenke ka verstoen, dass de Consultatiounsprozess mat de Leit ze spéit ugefaangen huet, well ee sech hätt kënne vun Ufank un denken, dass dat do e Projet ass, deen zu Diskussiounen féiert. An en huet och zu Diskussiounen gefouert. Wat mech och, éierlech gesot, net iwwerrascht huet. Absolutt net.

An elo gouf ebe mat de Leit gekuckt, wéi een do kann herno eng Plaz hunn, wou nach d'Méiglechkeet bleibt, eng Spillplaz ze amenagéieren. Dat ass och gutt esou. An et freeet mech och ze héieren, dass do nach genuch Plaz bleibt fir eng Spillplaz. An, wéi scho gesot, et ass kee Projet, dee mech begeeschert. Dat wëll ech hei guer net verstoppen.

Mä ènnert dem Stréch, wann ech all Argumenter kucken — mir kréien amplaz en Terrain fir eng Schoul ze bauen, et bleibt genuch Plaz fir eng flott Spillplaz ze amenagéieren —, kann ech ènnert dem Stréch dee Projet, déi Modifikatioun, matdroen. A wäert déi och stëmmen. Ech soen Iech Merci.

#### BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Här Ruckert, w.e.g.l.

#### ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, déi Diskussioun déi erënnert mech un en Interview, deen

den Här Juncker, wéi en nach Premierminister war, dem *Spiegel* ginn huet. Wou en erkläert huet, wéi si géife schaffen. Do huet e gesot: Mir maache fir d'éischt eppes, a wann da kee jáizt, da fuere mer weider an da bewege mer eis erém. A wann dann nach náischte geschitt, da réalisiere mer dee Projet. Dat hei erénnert mech e bëssen dorun, muss ech soen.

Hei gëtt och eppes gemaach, a wann dann d'Leit dat net richteg matkréien, da gëtt alles gemaach. Och wann et vläicht net hiren Interessen entspricht. Mä wa se jáizen, dann ass ee bal forcéiert, awer dorop ze reagéieren. A glécklecherweis ass dat geschitt. An enger Gemeng geet dat besser wéi op Landesebene oder doriwwer eraus. Dofir mengen ech ass et scho wichteg, dass Leit ugekënnegt hunn, dass se dat net onbedéngt esou gesinn, wéi dat vun Ufank u geplangt war.

Op där anerer Sait ass et èmmer bedauerlech, wa Spillraum an enger Stad verschwënn. An an deem Fall hei ass dat jo esou. Den Här Buergermeeschter huet eis awer och vu gewëssen Zwäng geschwat, doduerch, dass en Deel vun deem Areal a Privateegentum ass.

Hei existéiert eppes, mat deem ech a meng Partei, d'Kommunistesch Partei, guer net d'accord sinn: Dat ass, dass d'Privateegentum op Buedem, op d'allgemeng Interesse priméiert. Dat ass an déser Gesellschaft esou, déi déi meesch vun Iech jo awer och prinzipiell vertrieben. An dat hei ass elo esou eng negativ Auswirkung, déi mer elo hei zu Déifferdeng ze spiere kréien. Well mer wélle do eppes réaliséieren a well mer och eng Schoul welle maachen an dann eis musse mat deem Fonctionnement vun där Gesellschaft do auserneeseten.

Virun deem Widdersproch sti mer elo hei. Wa mer elo náischte géifen énnerhuelen, géif dat natierlech och bedeiten, dass mer net déi Schoul géife kréien, déi mer wéilten. Déi awer noutwendeg ass. An dat ass de Widdersproch. Déi ganz Saach ass onglécklech. Ech weess awer och, dass wann ee géif soen, deen Terrain wär d'utilité publique, géif een domat net duerckommen. A wann ee géif dermat duerckommen, da géif et zéng oder 20 Joer dauerun. Dat heesch all déi Gesetzer, déi si gemaach, net fir d'ëffentlech Interessen ze schützen, mä

fir d'Privatinteressen um private Besëtz, um Buedem. An dat ass, wat meng Partei ofleent.

Ech wëll awer soen, ech wäert dee Projet trotz deene Bedenken, déi ech hunn, stëmmen, well et am Interesse ass vun der Gemeng a vun de Kanner.

#### **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Schwachtgen. Ganz gär.

#### **FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt och eng Kéier skizzéieren. Bei deene Gréngen hate mer eng ganz kontrovers Diskussioun – ech mengen, déi kontroverst an der leschter Zäit. Ech denken, all déi Bedenken, déi hei gesot gi sinn iwwert d'Situatioun, wou mer dra sinn, kommen einfach dohier, dass mer zénter 1981 keen neie PAG hunn, wou mer vorausschauend geplangt hätten. Do gëtt et Zwäng, do gëtt et Ur-saachen derfir, firwat déi Schäfferéit virdrun an déi Gemengeréit virdrun do net virukomm sinn. An der Planung, an all eise Quartieren, geet et am Fong èmmer erém drëm, fir PAG-Ännérungen ze maachen, ouni e grousse PAG ze hunn. Soudass dee berühmte Slogan, datt mer musse Baulücke schléissem um nationale Plang, a mengen Aen net fir eng Stad wéi Déifferdeng zielt. Déi un de Rand vun hirem interne Wuessum komm ass an och kee Bauland baussen eraus méi huet.

Da komme mer a Situatiounen, wéi eben hei skizzéiert ginn ass. Mir mierken op eemol, dass mer an engem Quartier eng Schoul brauchen. Mer mussen dem Promoteur iergendwou erakrauchen, dass deen dann en Terrain fräileisst an e ka seng Konditiounen stellen, fir en aneren Terrain ze kréien, zu senge Konditiounen. Dat ass déi Situatioun, déi hei passéiert ass. Do ass kee frou driwwer. Et ka kee frou driwwer sinn.

Ech géif am Moment Baulücke schléissem Parken, mat Gréanganlagen a mat Spillplazén. Mä mer si forcéiert, op en anere Wee ze goen. Dat bedaueren ech. Ech mengen, mer mussen awer dermat liewen. An et kann een och elo net allen Ernstes dergéint stëmmen, well mer

**ALI RUCKERT (KPL)** se souvient d'une interview que l'ancien Premier ministre Jean-Claude Juncker avait accordée au *Spiegel*. À l'époque, il avait dit que les responsables politiques agissaient d'abord. Si personne ne réagit, ils continuent. Et si personne ne réagit pendant assez longtemps, ils réalisent le projet.

Ici, c'est semblable. Si les gens n'avaient pas protesté, le projet aurait été réalisé dans son intégralité, même s'il n'était pas dans l'intérêt des habitants. Mais comme ils ont protesté, le collège échevinal a été forcé de réagir. Au niveau communal, c'est plus facile que sur le plan national.

Ali Ruckert regrette qu'une partie de l'aire de jeux disparaisse à Differdange. Mais le bourgmestre a expliqué les contraintes liées au fait qu'une partie du terrain appartient à un particulier.

Les communistes sont absolument contraires à l'idée que la propriété privée puisse primer sur l'intérêt collectif. Mais c'est ce qui arrive dans la société actuelle. Differdange en fait les frais. La commune veut réaliser un projet et construire une école, mais se heurte au fonctionnement de la société. Si le collège échevinal laissait tomber, il ne pourrait pas construire l'école, qui est pourtant nécessaire. Et même s'il essayait de déclarer le terrain d'utilité publique, il ne serait pas sûr d'y parvenir — et au plus tôt dans dix ou vingt ans. Bref, la loi protège les intérêts privés.

Ali Ruckert approuvera cependant le projet, car c'est dans l'intérêt de la commune et des enfants.

**FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** explique que les écologistes ont eu une discussion houleuse. Cette situation est due au fait que le PAG n'a pas été renouvelé depuis 1981 et qu'il n'y a donc pas de planification de l'avenir. Les différents collèges échevinaux apportent des modifications au PAG alors qu'il en faudrait un nouveau.

On répète qu'il faut boucher les terrains vagues, mais à Differdange il n'y a plus de place dans le périmètre de construction et il n'y a plus non plus de surfaces à l'extérieur.

Dans ce cas-ci, la commune constate qu'elle a besoin d'une école et doit

### 3. PAG et PAP

*supplier un promoteur de lui céder un terrain. Le promoteur peut alors dicter ses conditions.*

*Les quelques terrains vagues devraient servir à aménager des parcs, des espaces verts et des aires de jeux, mais ce n'est pas possible. Fränz Schwachtgen ne voit de toute façon pas comment voter contre la modification. Cela priverait le Mathendahl d'une école. C'est une voie sans issue.*

*Finalement, les écologistes ont trouvé un consensus, en partie parce que les habitants ont obtenu un projet un peu plus vert.*

**FRANÇOIS ANTONY (LSAP)** est triste, car il vit à Differdange depuis quarante ans. Il a discuté du projet avec sa fraction et avec de nombreux habitants. Il aurait préféré une autre solution, mais il est satisfait que l'on préserve une partie de l'aire de jeux. La construction de l'école est absolument nécessaire. Par conséquent, la commune doit faire des concessions.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** constate que le collège échevinal doit corriger certaines des choses qui ont été dites.

Comment les habitants pouvaient-ils savoir que le collège échevinal prévoyait un échange de terrains? Tout simplement parce que le collège échevinal avait organisé une réunion d'information l'année dernière pour présenter tous les projets en cours ou en planification. Ce projet ne sera probablement réalisé ni cette année ni l'année prochaine. Pourtant, le collège échevinal a joué cartes sur table et a expliqué aux habitants ce qu'il voulait faire.

C'est à la suite de cette réunion que les riverains ont dit qu'ils n'étaient pas d'accord avec le projet. Par conséquent, il est faux de prétendre que le collège échevinal ait attendu la réaction des gens.

Bien sûr, on peut toujours faire mieux. Mais tous les projets qui seront réalisés au cours des dix prochaines années ont été présentés pour peu qu'ils fussent connus à l'automne. Il se peut que quelques nouveaux projets aient été planifiés depuis. Depuis que Roberto Traversini est membre du collège échevinal, c'est aussi la première fois que

soss keng Schoul am Mattendall kréien. Et ass eng Zweckmillchen, wou mer de Moment net erauskommen.

Dat war herno e bëssen de Konsens bei deene Gréngen. Dank och e bëssen – vläicht vill, ech war net derbäi –, nodeems mer mat de Bierger geschwat hunn, dass trotzdem vläicht nach e Projet erauskënnt, dee sech gréng weist. Ech hoffen, dass en och gréng réalisiert gëtt. An an deem Sënn, géif ech dee Projet och stëmmen.

#### **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci. Den Här Antony nach.

#### **FRANÇOIS ANTONY (LSAP):**

Ech si selbstverständlech och ganz, ganz traureg gestëmmt, wat déi Spillplaz ubelaangt. Well ech jo och schonn iwwer 40 Joer hei an Nidderkuer wunnen. Ech hu mat ville Leit driwwer geschwat. Mir hu ganz, ganz vill an der Fraktioun driwwer diskutéiert. Och probéiert, en anere Wee ze fannen. Wat net èmmer einfach ass. Mä ech si frou, datt mer e klengen Deel dovunner awer nach behalen. Zwar némmen e ganz klengen Deel. Mä bon, et ass èmmer besser wéi guer näisch.

#### **ENG STËMM:**

2/3

#### **FRANÇOIS ANTONY (LSAP):**

Also géif ech soen, wat d'Schoul ubelaangt – déi musse mer hunn –, datt mer do ebe mussen an de saueren Apel bäßsen. Hoffe mer, datt den nächste PAP net esou ausgeet. Merci.

#### **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Antony. Ier mer zum Vote kommen, hunn ech, an ech mengen och meng Kolleegen am Schäfferot, nach e puer Bemerkungen, respektiv Richtegstellungen ze maachen.

Wisou wëssen d'Bierger an d'Biergerinnen, datt do Gedanke waren, fir iwwerhaapt een Tosch ze maachen? Ma ganz einfach, well de Schäfferot d'lescht Joer am fréien Hierscht eng Biergerversammlung „Im Mai“ organiséiert huet, wou mer all d'Projete virgestallt hunn, déi an den nächste Jore stattfannen.

Do hu mer och deen heite Plang gewisen. Dëse Plang wäert net dëst Joer, a wahrscheinlech och nach net d'nächst Joer, réalisiert ginn. Mä de Schäfferot war awer esou éierlech, mir hate mat de Fraktiounen ofgeschwat, op alle Fall mat deenen aus der Majoritéit, dat ze weisen. Do hunn d'Bierger an d'Biergerinne gesinn, wat mir do wéilte maachen. An doropshin hunn d'Bierger an d'Biergerinnen aus dem Quartier sech zesummegesat, fir ze soen, datt se net mat deem Projet, wéi mir e virgestallt hunn, averstane wären.

Ze soen, datt mer ofgewaart hunn, wat d'Bierger da géife soen, wa mer dat dohinner geheien, dat ass falsch. Et ass net dat, wat mer wollten. Et kann een et natierlech èmmer besser maachen. Mä mir hunn am Quartier, ganz Nidderkuer, all Projeten, déi an den nächsten zéng Joer do solle geschéien, virgestallt – op alle Fall déi, déi mer dee Moment am Hierscht woussten.

Et ka sinn, datt elo nach déi eng oder déi aner Saache bäikomm sinn, well mer am Gaang sinn, mat der ArcelorMittal ze verhandelen, fir deen Terrain vis-à-vis vun der Schoul ze kréien. Well dat war och nach èmmer eng Optioun, och fir d'Sportshal war dat eng Optioun. Mä mir hunn deen Terrain net. Et ass also falsch ze behaapten, mir hätten hei net mat de Bierger a Biergerinne geschwat.

Et ass och déi éischte Kéier, zénter ech hei am Schäfferot sinn, datt eng Biergerversammlung Bierger zesummebruecht huet, jonk an al, an datt déi sech mat eisem Techniker zesummegesat hunn, ouni Politiker dobäi ze hunn. An deene sämtleche Versammlungen, wou déi Bierger a Biergerinne sech getraff hunn, mat eiser Architektin, mat deene Leit, déi sech èm d'Spillplaze këmmeren, war net ee Politiker dobäi. Well mer gesot hunn, mir halen eis do eraus. Mir versiche wierklech dat ze réalisieren, wat déi soen. Mat engem Risiko natierlech, datt wann èmmer vill Wënsch sinn an een net kann alles réalisieren, datt

### 3. PAG et PAP

een nach eng Kéier muss mat deene Leit schwätzen.

Ech muss soen, dat do hat ech déi lescht 12 Joer nach ni. Ech mengen, datt dat Transparenz ass. An et bleibt jo awer wierklech genuch Spillraum, genuch Spillplaz. D'Spillplaze sinn net grouss genuch. Mä vergiesse mer net de Problem, deen eist Land huet: dat sinn d'Wunnengen. Dofir sinn ech natierlech extrem erstaunt, Madame Goergen, wat Dir do sot. Et ass Är Partei an der Regierung, déi seet – a Gott sei Dank, ech sinn och där Meenung –, datt d'Baulücke sollen erschloss ginn. An dat hei ass eng Baulück. An et bleibt nach ganz, ganz vill Spillraum.

Ech wäert den Här Hansen da froen, ob mer kennen hei deemnächst eng Versammlung maachen, wéi hie gesäit, datt d'Baulücke sollen erschloss ginn. An dat hei ass eng Baulück, wou deelweis erschloss gëtt. Dofir kann ech just staunen, datt Dir dat net wäert matstëmmen. Wou mer wierklech eng Nout hunn, fir Wunnengen ze maachen.

An ech mengen, datt ee seet, och an der liberaler Partei, mir sinn hei an en-gem fräie Land. A wann de Promoteur decidéiert, en Terrain net ze verkafen, dann ass et, Gott sei Dank, esou, datt keen en zwénge kann. Oder et gëtt Methoden, déi joerzéngtelaang dauerent. An dann ass nach ze iwwerleeën, ob dat déi richteg Method ass. Dofir kann ech u sech just staunen, datt Der deen heite Projet net matstëmmt.

Well wann Der hätt wéilten d'Quartiere schützen an d'Wunnqualitéit schützen, dann hätt Der déi Familljhaiser mat eis gestëmmt, déi mer geschützt hunn. Well do si mer de Leit wierklech ganz no op de Pelz geréckelt. An do hutt Der Iech enthalen. Wann een dat wéllt maachen, da musst Der mer soen, wou mer dann elo däerfe bauen, wou déi jonk Leit däerfen hei an der Gemeng nach bauen, wann net op Baulücken. Wat mengen ech awer extrem wichtig ass, wa mer de Bauperimeter net wëllen erweideren. Mir mussen awer hei och kenne bauen.

Dofir kann ech just enttäuscht sinn, a wierklech schrecklech enttäuscht sinn, datt Der dee PAG hei net wäert stëmmen. Den Här Ulveling, w.e.gl.

#### SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech sinn och e bëssen enttäuscht, muss ech soen, aus dräi Grënn. Fir d'éischt déi Ausso vum Här Diderich. Ech mengen – wann Der e bëssen opgepasst hätt an der Vergaangenheit –, dass mer awer relativ vill, an der Lescht émmer, wa mer nei Spillplaze gemaach hunn, mat de concernéierte Leit geschwat hunn. Mir sinn op d'Plaz gaangen, mir hunn hinne gewisen, wat mer wollte maachen, mir hunn hir Doleancen ugehéiert. Ech schwätzen zum Beispill vun der rue de Ligures oder vum Schoulhaff Déifferdeng. Wou mer mam Léierpersonal geschwat hunn, wou mer gesot hunn, da sot eis, wéi Dir et gesitt. An dann hu mer dat, bal zu 100% géif ech soen, émgesat, wat se gär gehat hätten.

Heiansdo hate mer natierlech finanziell Bremsen dran, well mer net kennen alles maachen. Wéi den Här Buergermeeschter scho gesot huet: Wann ee mat Leit schwätz, da mengt jiddwereen dann, de Kleesche kéim an da kréich een alles. Mä ech mengen, all déi Saachen, déi ech an der Lescht vu Spillplaze réalisiert hunn, muss ech soen, sinn am Konsens mat deene Betraffene gemaach ginn. An ech hunn och néierewou Kritik héieren. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet ass, wou ech awer och ganz verwonnert sinn, déi Ausso vun der Madame Goergen. D'DP bretzt sech jo, dass si an de leschten 20 Joer hei zu Déifferdeng alles gemaach huet, an dass Déifferdeng némmen esou schéi wär duerch si. Bein, ech kann och némme feststellen, dass kee vun der DP an de leschten 20 Joer zu Nidderkuer an deem Park war. Well fir mech ass dat kee Park, et ass en Terrain vague.

Déi Strooss, déi vum Prénzebierg erofgeet bei d'Kornascht, déi ass esou futti, dass d'Leit mech dauernd uruffen a soen: Wéini fléckt Der se? Wéini maacht Der eppes, mir falen do? Deen Terrain gëtt just geméit. Do ass, wéi den Här Hobscheit ganz richteg gesot huet, ni eppes gemaach ginn. An dofir verwonnert et mech, dass dat do elo op eemol zum grousse Politikum soll eropgespilt ginn.

Non obstante muss een och wëssen, dass ee vis-à-vis vun där Spillplaz nach eng ganz grouss Spillplaz huet, wou och Kanner sech kennen ophalen. Do

les citoyens ont rencontré des techniciens de la commune sans la présence d'hommes politiques. Le but était vraiment de réaliser les souhaits des citoyens — avec comme risque de ne pas pouvoir tout faire et de devoir discuter à nouveau avec les gens. Voilà ce que Roberto Traversini appelle de la transparence. Par ailleurs, une partie de l'aire de jeux est préservée. Il est vrai que les aires de jeux ne sont jamais assez grandes. Mais le problème du pays, ce sont les appartements. C'est pourquoi les propos de Mme Goergen surprennent Roberto Traversini. Car les démocrates au gouvernement insistent à raison sur le fait qu'il faille exploiter les terrains vagues. Roberto Traversini pense que la commune a encore suffisamment de marge de manœuvre.

Le bourgmestre suggère de demander à M. Hansen de tenir une réunion à Differdange sur la question des terrains vagues. Mais il est étonnant que le DP n'approuve pas cette modification du PAG alors que Differdange manque cruellement de logements.

Le Luxembourg est un pays libre où un promoteur peut décider de ne pas vendre un terrain. La commune, de son côté, pourrait entamer des procédures qui durerait des décennies, mais ce ne serait pas la bonne méthode. C'est pourquoi Roberto Traversini ne comprend pas comment on peut ne pas approuver ce projet.

En plus, si les démocrates voulaient vraiment préserver les quartiers, ils auraient approuvé la protection des maisons unifamiliales au lieu de s'abstenir. S'il faut protéger les terrains vagues, où les jeunes pourront-ils construire leurs logements? Roberto Traversini se déclare déçu.

**TOM ULVELING (CSV)** est lui aussi déçu pour trois raisons. Il rappelle à M. Diderich que chaque fois que le collège échevinal a aménagé des aires de jeux, il l'a fait en concertation avec les habitants et il a essayé de satisfaire toutes les demandes. Bien sûr, il y a parfois des limites financières. La commune n'est pas le père Noël.

Pour ce qui est de Mme Goergen, elle se vante que c'est au DP que l'on doit tout ce qui a été réalisé à

### 3. PAG et PAP

Differdange depuis vingt ans. Mais visiblement, aucun démocrate ne s'est rendu au parc de Niederkorn pendant tout ce temps. Le parc est devenu un terrain vague. La rue du Prënzbierg au Kornascht est en piteux état. C'est pourquoi la réaction des démocrates est pour le moins surprenante.

Tom Ulveling rappelle aussi qu'il existe une deuxième aire de jeux quelques mètres plus loin. Pour ce qui est de celle dont il est question aujourd'hui, elle est préservée à 2/3. Toutes les parties en sont satisfaites. Enfin, il est facile de s'en prendre au promoteur, mais celui-ci s'est montré raisonnable. Car il s'agit d'un échange. Et au lieu de rendre 25 % du lotissement à la commune, il lui en rend 33 %. D'autres promoteurs exigent qu'on leur paie chaque mètre carré.

Tom Ulveling estime que rénover le parc — et les travaux devraient commencer cette année — est une bonne chose pour la commune.

**MARCEL MEISCH (DP)** souhaite répondre.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** lui cède la parole.

**MARCEL MEISCH (DP)** n'est pas d'accord avec la comparaison qui a été faite entre une aire de jeux et un terrain vague. Les deux ne sont pas du tout comparables. Toutes les aires de jeux sont nécessaires et il faut les préserver.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** rappelle que l'aire de jeux du Parc des Sports se trouve sur un terrain constructible. D'après l'acte, qui a été signé il y a plusieurs années, cette aire de jeux pourrait être démolie après dix ans. Roberto Traversini doit-il rappeler à M. Meisch qui a pris cette décision? Il lui demande de se montrer conséquent et de ne pas changer d'avis en fonction d'où il est assis dans la salle. Le bourgmestre rappelle par ailleurs que 2/3 de l'aire de jeux dont il est question aujourd'hui sera préservée. Mais de toute façon, rien ne l'étonne plus en ce qui concerne M. Meisch.

geet een e puer Meter iwwert d'Strooss, dann ass een op enger zweeter Spillplaz. A mir hunn et jo ganz kloer gesot: 2/3 vum Terrain bleibt als Spillplaz erhalten. An déi 2/3 si mat de Leit, wéi de Buergermeeschter et gesot huet, esou gestalt ginn, dass jiddwerek domat ka liewen.

Dat Drëtt wat ech awer och nach wollt soen, dat ass: Mir klappen èmmer op d'Promoteuren. Dat ass jo vläicht hei-ansdo richteg. Mä an dësem Fall muss ech awer soen, dass de Promoteur ganz raisonnabel ass. Well mir hunn deen Terrain hei getosch géint en aneren Terrain. An amplaz, dass de Promoteur eis 25% zréckgëtt, gëtt en eis an dësem Deal 33% zréck. A fir déi 8% Differenz brauche mer näischt ze bezuelen.

Dat heesch, de Promoteur huet an dësem Fall e Geste gemaach. Ech mengen, dat muss een och unerkennen. Well et sinn och vill Promoteuren, déi all Meter an all klengen Terrain dann nach extra wëlle bezuelt kréien. Mä an dësem Fall ass dat net esou. Dofir mengen ech, wa mer dee Quartier, wa mer dee Park, dee mer awer dëst Joer wäerten natierlech ufänken, nei gestalten, eis dat gutt zu Gesiicht géif stoen. Ech soe Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Da géife mer zum Vote kommen.

**MARCEL MEISCH (DP):**

Ee Moment, Här Buergermeeschter.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**MARCEL MEISCH (DP):**

Ech wëll just eppes äntweren.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ganz gären.

**MARCEL MEISCH (DP):**

Ech kann net dermat d'accord sinn, wann Dir sot, d'Spillplazen dat wäre Baulücken. Spillplaze sinn a mengen Aen ni Baulücken. Dat ass net wouer. Eng Spillplaz brauche mer onbedéngt an iwwerall. An do soll net drop gebaut ginn. Ech wëll Iech dat just nach eng Kéier soen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Meisch, d'Spillplaz beim Parc des Sports, wéi ass déi klasséiert? A wéi war do gehandelt gi mat der Famill Werdung? Soll ech Iech et soen? Dir wësst et: Et ass Bauland. Deen Deal ass scho viru Jore gemaach ginn, wat vläicht net vill Leit heibanne wëssen.

Dat heesch, dat ass eng Spillplaz, wou am Akt stoung, just 10 Joer an duerno däerf do gebaut ginn. Ween huet dat gemaach? Et muss ee konsequent sinn. Et muss een oppassen, wat ee seet, an net, wann een d'Sait wieselt, op eemol eng aner Meenung hunn.

Hei bleift wierklech 2/3 Spillplaz. Sot net, mir hätten dat nach net gemaach. Ausser Dir hätt elo eng total aner Meenung op eemol. Mä dat wonnert mech bei Iech souwisou net méi.

**MARCEL MEISCH (DP):**

Ech soe guer net, datt dat nach net gemaach ginn ass. Mä ech muss Iech awer drun erënneren, datt Dir och èmmer do derbäi waart an därf Koalitioun.

(Interruptioun)

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo. Ech sinn och elo dobäi, an ech fannen et nach èmmer richteg, datt mer dat deemoools gemaach hu mat der Famill Werdung. An ech fannen et haut och richteg, datt mer dat dote maachen. Dat ass, wann een eng Meenung huet an och dozou steet.

Här Bertinelli, w.e.gl.

### 3. PAG et PAP

#### SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Ech wollt soen, datt ech awer frrou sinn iwwert déi Diskussiou hei. Esou eng Diskussiou war, wéi mir déi aner Säit vun der Bänk souzen, an der Oppositioun, net méiglech. Well do stoung e Projet am Dossier vum Gemengerot, déi Pläng sinn ausgeschafft ginn an dann ass et an de Gemengerot komm. An dann ass gewaart ginn, wéi vill Leit géife reklaméieren, an dann ass dat gestëmmt ginn oder et ass een op d'Reklamanten agaangen.

Dat ass eng gutt Diskussiou hei am Gemengerot. Et freet mech, esou eng reeg Diskussiou iwwer esou e Projet. Mä dat kënnt awer och némmen, well dése Schäfferot, wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, virdru mat de Bierger diskutéiert huet.

Duerno ass dat eréischt bei d'Politiker komm. Well wann d'Bierger net esou massiv dorop reagéiert hätten, menge ech och net, datt ganz vill Politiker drop reagéiert hätten. Da wär et gaangen, wéi et émmer gaangen ass.

Mä wéi gesot, dat ass e bëssen d'Zukunft, déi dése Schäfferot sech op de Fändel geschriwwen huet, datt d'Bierger kënne matdiskutéieren. Dat hu mer bis elo an alleguerten deene grousse Projete gemaach.

Déi heiten Diskussiou war gutt ugereegt. Dat ass eng Diskussiou am Gemengerot, déi mech freet, well dat huet ee jorelaang net héieren esou wéi haut. Merci.

#### BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Dat gesot, komme mer zum Vote.

*Le conseil communal décide avec 12 voix «oui» et 6 voix «non» d'approuver la modification ponctuelle du PAG «route de Pétange».*

Villmools Merci. Deen nächste Punkt, de PAG Rattem, ass e Punkt, dee mer schonn haten. Nom Vote hunn d'Bierger an d'Biergerinnen natierlech vun hirem Recht Gebrauch gemaach, fir Re-

klamatiounen eranzegin. An déi sinn dann och erakomm. Den Här Muller kläert eis elo op. Här Muller, w.e.gl.

#### SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. De 5. Oktober 2016 hate mer hei de Rattem unanime émklasséiert vu Baugebitt an eng Zone verte. Fir d'Réserve naturelle Rattem ze schützen.

Am Avis begréisst d'Commission d'aménagement vum Interieur dès Initiativ vum Gemengerot, déi largement justifiéiert ass am Kader vun der Protektion vun der Natur. Si hunn allerdéngs e puer Remarken opgefouert betreffend enger Parzell, déi als Gréngfläch ze betruéchten ass an zwar geleeén „Auf dem Bock“. Dëst war och eng Reklamatioun vun der Famill Pillatsch-Feis, déi mer erakritt haten. Et ass en Terrain vu 6,52 Ar. Dès Reklamatioun huet also domat Bestand. Deen Terrain gëtt net an d'Baugebitt erageholl, mä et bleift Gréngfläch.

Datselwecht gëllt fir en aneren Terrain op déser Plaz, deen an enger sougenannter Zone non aedificandi läit. Mir loosen deen esou bestoen, wéi en ass, op jidde Fall fir de Moment. Dat gëtt alles an de PAG, deen esouwält fäerdegg ass, erageholl, an déi definitiv Klasséierung.

Nieft deenen dote Reklamatiounen vu betraffene Bierger hate mer nach zwou gréisser Reklamatiounen am Dossier betreffend d'Émklasséierung. Eng éischt ass komm vun der Famill Lommel respektiv Scholler. Si wëllen, dass d'rue Rattem – dat ass déi Strooss, déi eropgeet bei den H<sub>2</sub>O – soll kënne weidergefouert ginn, parallel zu der Biele-serstrooss. An dass hiren Terrain, deen op deene Plazen ass, hannert der Biele-serstrooss, also deen Deel vum Rattem, soll weider als Bauzon kënne bestoebleiwen.

Des Weideren huet d'Famill Bausch sech zu Wuert gemellt. Wann ee riicht eropgeet, op därselwechter Plaz, rue Rattem, awer da riicht virun, do stéisst een op en Haus. Dat Haus ass am „erweitertes Baugebiet“. Mir haten der Famill gesot, mir géifen an enger Modification ponctuelle, déi mer géifen eng Kéier deemnächst duerchhuelen, d'Situatioun vun hirem Haus regula-

**MARCEL MEISCH (DP)** ne dit pas que cela n'a jamais été fait. Mais il rappelle à M. Traversini que lui aussi faisait partie de la coalition à l'époque.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** trouvait que le collège échevinal avait raison à l'époque et il est du même avis aujourd'hui. Cela s'appelle maintenir son opinion.

**FRED BERTINELLI (LSAP)** se réjouit de cette discussion, qui aurait été impossible lorsque les socialistes faisaient partie de l'opposition. À l'époque, les conseillers communaux se retrouvaient avec des plans finis, qui étaient ensuite approuvés ou pas en fonction des réclamants. La discussion d'aujourd'hui a lieu parce que ce collège échevinal s'est concerté avec les habitants. Si ceux-ci n'avaient pas réagi, les hommes politiques ne l'auraient pas fait non plus.

Ce collège échevinal a fait le choix de discuter avec les habitants. Fred Bertinelli est content du débat d'aujourd'hui, qui n'aurait pas eu lieu avant.  
(Vote)

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** passe au Rattem. Plusieurs citoyens ont réclamé.

**ERNY MULLER (LSAP)** rappelle que le 5 octobre dernier, le conseil communal a reclassé à l'unanimité le Rattem en zone verte afin de protéger la réserve naturelle. Dans son avis, la Commission d'aménagement du ministère de l'Intérieur a salué cette décision. Elle constate cependant qu'une parcelle de 6,52 a située Auf dem Bock est une zone verte et ne peut donc pas faire partie du périmètre de construction. Une famille a également réclamé à ce sujet.

Un autre terrain au même endroit se trouve dans une zone non aedificanti et y restera pour le moment. Deux réclamations d'importance portent aussi sur le reclassement. Une famille demande que la rue Rattem — celle qui monte en direction du H2O — puisse être prolongée parallèlement à la route de Belvaux et que leur terrain derrière la route de Belvaux puisse rester un terrain constructible.

### 3. PAG et PAP

Toujours dans la rue Rattem, mais tout droit se trouve une maison se situant dans le périmètre de construction élargi. Le collège échevinal a promis aux propriétaires de régulariser la situation de leur maison dans le cadre d'une modification ponctuelle. Mais la famille en question préférerait que la rue parallèle à la rue de l'Eau soit poursuivie jusque derrière leur terrain afin d'y procéder à des aménagements. Le collège échevinal n'est pas d'accord et propose de protéger le Rattem comme le conseil communal l'a décidé. Il considère tout le Rattem comme une réserve.

La Commission a aussi fait une remarque concernant la zone agricole. Mais cela fera partie du nouveau PAG qui sera probablement terminé par la prochaine majorité.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** répète que le reclassement sera maintenu comme le conseil communal l'a décidé à l'unanimité.

(Vote)

Roberto Traversini passe à la rue Michel-Rodange.

**ERNY MULLER (LSAP)** explique qu'il n'y a pas de réclamations.

(Vote)

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** passe au Parc des Sports et à une modification du PAP. Il annonce qu'au cours des prochaines semaines, le gouvernement communiquera ce qu'il a l'intention de faire à Differdange.

**ERNY MULLER (LSAP)** est content que le PAP soit mis en règle et que les projets puissent commencer. Il est question de la construction du nouveau hall polyvalent, de l'agrandissement de la salle des sports et des activités qui seront implantées par le ministère des Sports.

Le gabarit des deux bâtiments a été fixé. Les arbres seront préservés sur le parvis du hall polyvalent. Le collège échevinal essaiera aussi de protéger ceux sur le terrain de Werding ainsi que les haies dans la rue du Parc-des-Sports.

Personne n'a réclamé et la Commission n'a fait que quelques remarques concernant les limites du PAG.

riséieren. Si hunn allerdéngs eng aner Virstellung: Si wëllen, dass déi Strooss, déi parallel zu der rue de l'Eau leeft, wann een do eropgeet, och no hinnen iwwert hiren Terrain géif weidergefouert ginn. Dass sech do eng Bebauung kéint entwéckelen.

Domatter ass de Schäfferot selbstverständliche net d'accord. A mir proposéieren Iech, de Rattem esou ze schützen, wéi mer et hei virgeholl hunn. Mir wëllen net op déi zwou Reklamatiounen do agoen. Mä mir bleiwe bei eiser Meenung, déi mir jo unanime hei haten. Fir dee ganze Rattem als eng Reserv ze gesinn, fir déi báizebehalen.

Dann hat d'Kommissiouen nach eng kleng Remark betreffend d'Klassierung an der Zone agricole. Mä wéi gesot, dat ass och e Bestanddeel vun deem definitiven, gesamte PAG, dee mer dann am Endeffekt vläicht net méi dëst Joer stëmmen. Mä da kann déi nächst Majoritéit deen da stëmmen. Ech soen Iech Merci.

#### **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Muller. Da géife mer zum Vote kommen.

Dir hutt den Här Muller verstanen, mir halen dat natierlech esou bái, wéi de Gemberot dat unanime gestëmmt huet.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification ponctuelle du PAG «rue Rattem».*

An dann nach d'Michel Rodange.

#### **SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):**

Do ass keng Beanstandung, och net am Avis vun der Kommissiouen. Ech menge, et ass eng normal Saach.

#### **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Da géife mer och do zum Vote kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la modification ponctuelle du PAG «rue Michel Rodange».*

Villmools Merci. Deen nächste Projet ass de Parc des Sports. Mir müssen de PAP ännernen. Um Plang gesitt Der, wat do alles muss gemaach ginn. An deenen nächsten Deeg oder Woche wäert vu Regierungssäit eng flott Kommunikatioun gemaach ginn, wat si nach alles wëllen hei op Déifferdeng bréngen. Mä ech wëll deem net virgräifen. Den Här Muller gëtt eis déi néideg Erklärungen. Wa mer dat alles wëlle maachen, Här Muller, da musse mer de PAP émänneren.

#### **SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):**

Här Buergermeeschter, ech si frou, dass mer dat haut heibanne können nostëmmen, dass mer dee PAP regléiert kréien a mat de Projete lassfueren. Et ass wéi gesot am Parc des Sports zu Uewerkuer. Et handelt sech ém de Bau vun der Hall polyvalent, den Ausbau vun der Sports-hal an déi Aktivitéiten, déi dann deem-nächst wäerten, wéi den Här Buergermeeschter sot, vum Sportsministère a vun der Regierung no bausse publizéiert ginn. Da wësse mer ganz genee, wat dohikënnt a wéi d'Participatioun vum Staat an deem Projet do ass.

D'Konture vun deenen zwee Gebaier sinn am Plang definéiert. De Gabarit gouf festgehalen. D'Beem op der Plaz vun der Eventhal bleiwen erhalen. Dir gesitt um Plang, dat ass op der Virplatz vun der Entrée vun der Hal. Mir versichen och, d'Beem vum hënneschten Deel, zum Terrain Werding hin, souwéi déi Hecken zu den Nopere vun der rue Parc des Sports ze erhalen.

Et ass keng Reklamatioun zu dësem PAP erakomm. D'Kommissiouen hat am Fong nämnen eng kleng Remark betreffend de Limitte vum PAG, wat mir dunn an d'Pläng afléisse gelooss hunn.

Mir bieden Iech, dëse PAP ze stëmmen, dass mir mat de Projeten zügeg virukommen. Ech soen Iech Merci.

### 3. PAG et PAP

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Muller. Dat war och zügeg.

---

**SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):**

Jo.

(Gelaachs)

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Da géife mer zum Vote kommen.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le projet d'aménagement particulier «avenue du Parc des Sports».*

---

Merci. Dann hu mer nach e PAP. De Lidl ass scho laang an eiser Gemeng. Si hunn d'Decisioun geholl, sech ze erweideren. Dat bréngt natierlech mat sech, datt de Verkéier zouhëlt. Mä Dir gesitt um Plang, datt extrem vill Parkplaze wäerte bïäkommen. An dat wichtigst ass, mengen ech, datt d'Camionen endlech do können erafueren. Well dat war bis elo wierklech net extrem flott, wann déi do hu musse liwwere goen. Den Här Muller wäert eis dozou déi lescht Detailer ginn. Et ware laang a vill Sitzunge mam Proprietaire an de Leit vum Lidl. Här Muller, w.e.g.l.

---

**SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):**

D'Geschäftsfläch vum Lidl wäert sech wesentlech vergrëisseren, bal ëm dat Dräifacht. Et gëtt an e modernt Geschäftslonal émstrukturéiert. Dofir ass elo méi eng grouss Fläch néideg. An et muss natierlech gekuckt ginn, dee Projet optimal an den Terrain ze integréieren. Wat net evident ass, wann een an esou en Terrain do erageet.

Et muss een dat Ganzt an deem Kontext gesinn, wat nach ronderëm passéiert. Well ech hat Iech jo schonn eng Kéier gesot, dass och nach Nopeschterrainen, PAPen do an der Maach sinn. Mä ech muss awer soen, d'Gesamtvue ass iwwert déi ganz Terrainen. Et ass

net, dass de Lidl elo isoléiert gekuckt gëtt. Mä dat gesamt Areal do um Foussbann gëtt gekuckt. Wat sech alles do an Zukunft entwéckele wäert.

Den Terrain vum Lidl, deen hei elo concernéiert ass, huet 0,75 Hektar. Dat ass d'Surface brute. Um éischte Stack kënnt deen eigentleche Commerce. Den éischte Stack ass Geschäftsfläch. De Rez-de-Chaussée gëtt esou amenagéiert, dass do iwwerdeckte Parkplaze sinn. Ënnert dem Lidl sinn 61 Parkplaze virgesinn a bausse 86 Parkplazzen. De Parking am Bausseberäich, Richtung Zolwerstrooss, dee bleift.

Et sinn eng Partie Beem a Gréngfläche virgesinn, als Kompensatioun zu deene Bewäertungen, déi do ewechfalen am Kader vun der Biotopebilanzierung. Ech kommen nach dorop zréck. Op der Plaz Richtung Strooss ass och e Retentionsbaseng ageplangt.

Den Accès, dat hat den Här Buergermeeschter scho gesot, An- an Ausfaart, alles dat ass gekuckt ginn. Soudass mer déi Problematik mat de Camionen, déi aus der Zolwerstrooss eran- an erausfueren, an de Gréff kréien.

Zum Avis vun der Cellule d'évaluation. Si hu speziell méi e grousse Recul vun deem Gebai verlaangt, zum spéidere PAP. Dee gëtt genannt BP. Laanscht de Lidl, a Richtung Woiwer Kräizung, geet dee säitlech laanscht de Lidl erop. Do sollte mer en Ofstand vun zirka 6 Meter anhalen. Dëser Fuerderung sinn d'Architekten nokomm. Do ass e Passage vu 5,75 Meter virgesinn. Mä mir hunn och drop gehalen, dass iwwert déi ganz Längt nach Hecke mat ageplangt solle ginn.

Nach e Wuert zu der Biotopebilanzierung. Et si relativ vill Punkten, déi do ze kompensiéiere sinn. Speziell déi Punkten, déi den Artikel 17 ubelaangt, si wichteg. Vläicht soen déi Häre Schwachtgen oder Liesch och e Wuert derzou.

Vun deenen 20.000 konnten der leider némme 4.000 op der Plaz kompensiéiert ginn. Déi aner, dat bedaueren ech perséinlech, an ech menge jiddwereen heibannen, kommen op aner Plazzen. Dat heescht, déi ginn op d'Virplaze vun de Lidlen zu Stroossem an zu Diddeleng kompensiéiert. Dat ass natierlech peni-

Erny Muller demande au conseil communal d'approuver le PAP pour que les projets avancent vite.

---

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**  
plaisante sur le fait que M. Muller se soit lui aussi montré rapide.  
(Rires)  
(Vote)

Roberto Traversini passe à un autre PAP. Le LIDL souhaite s'agrandir, ce qui entraînera une augmentation du trafic. Mais d'un autre côté, des places de stationnement seront aménagées et les camions de livraison pourront pénétrer désormais sur le site.

---

**ERNY MULLER (LSAP)** ajoute que la surface du LIDL va pratiquement tripler. C'est pourquoi il est nécessaire d'intégrer parfaitement le magasin au site.

Erny Muller rappelle que des PAP sont aussi en cours de réalisation sur les terrains avoisinants. Il ne faut donc pas voir le LIDL comme une structure isolée, mais comme une partie d'un tout.

Le terrain dont il est question aujourd'hui fait 0,7 ha brut. Le magasin se trouvera au premier étage. Le rez-de-chaussée sera aménagé en parking couvert. En tout, il y aura 61 places sous le LIDL et 86 places à l'extérieur. Le parking en direction de la rue de Soleuvre sera préservé.

Des compensations écologiques seront nécessaires. Un bassin de rétention est prévu sur la place en direction de la route.

Le bourgmestre a mentionné l'accès et la sortie, qui régleront le problème des camions arrivant par la rue de Soleuvre.

La Cellule d'évaluation demande un plus grand recul du bâtiment par rapport au futur PAP le long du LIDL en direction du carrefour du Woiwer. Six mètres sont exigés. Les architectes ont désormais prévu un passage de 5,75 m.

Plusieurs compensations du biotope sont nécessaires. L'article 17 est particulièrement important. Malheureusement, sur les 20 000 éléments, seuls 4000 peuvent être compensés sur place. Les autres seront compensés sur les parvis des LIDL de Strassen et Dudelange comme la loi le permet. D'un autre

### 3. PAG et PAP

côté, LIDL installera des panneaux solaires et envisage d'aménager un toit écologique. Bref, le projet reste vert.

M. Bertinelli s'est assuré qu'un abribus fera partie du PAP, sur le terrain du LIDL.

Erny Muller constate que ce dossier — comme les autres — a été traité de façon sérieuse et que tout a été fait pour unir commerce et nature.

#### ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

cède la parole à M. Schwachtgen, car M. Ruckert laisse la priorité à l'âge.

#### FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

remercie M. Ruckert.

Il signale que les conseillers communaux ne disposent de l'avis de la commission de l'environnement que depuis ce matin. Il va en faire un petit résumé pour qu'ils puissent en tenir compte lors du débat et pour que le collège échevinal puisse répondre aux questions. M. Muller a déjà donné quelques informations satisfaisantes.

Il a déjà été question souvent du LIDL. Finalement, la commission s'est retrouvée sous pression. Elle n'a finalisé son avis qu'hier soir.

Le ministère de l'Environnement, de son côté, n'a pas encore remis d'avis. En d'autres termes, le conseil communal est censé approuver un projet où il manque encore une pièce. En théorie, le ministère pourrait décider d'apporter des modifications substantielles au projet, par exemple en ce qui concerne les compensations.

Plusieurs discussions ont eu lieu et Fränz Schwachtgen espère obtenir les réponses qu'il attend. La commission de l'environnement a tenu compte du PAG, car de nombreux projets de construction sont en cours sur le site en question. Pour Fränz Schwachtgen, il est essentiel de créer des couloirs verts entre le nord et le sud et entre l'est et l'ouest pour que la faune — et notamment les chauvesouris — dispose d'un passage entre la Kalekerbaach et les forêts en direction de Belvaux. Ces couloirs doivent être suffisamment larges pour permettre un échange entre les espèces.

Fränz Schwachtgen sait qu'après le vote d'aujourd'hui, il sera encore

bel. Mä d'Gesetz erlaabt dat. Dat ass méiglech.

Mir hunn de Maximum probéiert, wat hei ze maache war. Trotzdem, wann Der gutt gekuckt hutt, kënnt eng Fotovoltaikanlag op den Daach. Déi ass zougesot. D'Méiglechkeet besteet vun engem Gréngdaach. Dat ass envisagéiert. Also et ass awer alles probéiert ginn, fir dee Projet esou gréng wéi méiglech duerchzezéien.

An dann nach eppes, dat huet den Här Bertinelli gemaach: E Bushaischen ass fest Bestanddeel vun deem PAP. Dat wäert op deen Terrain vum Lidl kommen.

Dir gesitt, dësen Dossier ass, wéi all eis Dossieren, ganz seriö duerchgeholl ginn. An et ass probéiert ginn, d'Entwicklung vum Commerce a vun der Natur esou gutt wéi méiglech an Aklang ze bréngen. Ech soen Iech Merci.

#### BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. Den Här Ruckert. Den Alter geet vir. Den Här Ruckert iwwerléisst Iech d'Wuert, Här Schwachtgen. Här Schwachtgen, Dir hutt d'Wuert.

#### FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech soen dem Här Ruckert Merci.

#### ALI RUCKERT (KPL):

Dat kënnt Dir némme maachen, Här Buergermeeschter, ech kann dat net.

#### BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Domatter hunn ech et da gemaach, Här Ruckert.

#### FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech wollt am Virfeld den Avis vun der Émweltkommissioun, deen Der virleien hutt — leider eréischt sät de Mueren — kuerz explizéieren. Also e klenge Re-

sumé dovu maachen, well et vläicht net méiglech war, en ze liesen.

Ech wëll dat am Numm vum Kommissiounsresident maachen. An dee Moment ka jo dann den Debat sech och dorobber reflekteren. Respektiv déi Froen, déi dra sinn, kënne vum Schäfferot vläicht direkt beantwort ginn. Et sinn elo schonn e puer Punkte vum Här Muller gesot ginn, déi engem Satisfaktion kënne ginn. Dat ass dann herno dem Debat iwwerlooss.

Ech mengen, et weess jo jiddwereeën èm d'Utilitéit. Ech fänken u mam Avis. Et ass laang driwwer diskutéiert ginn, mer haten de Lidl x-mol a Sitzungen. Et ass elo zum Schluss e bësse séier gaangen, dass en op den Ordre du jour komm ass. Do ware mer e bëssen an Zäitzwang. Gëschter Owend war eréischt déi Sitzung, wou mer en da finaliséiert hunn an och ugeholl hunn als Émweltkommissioun.

Et ass och esou, dass nach keen Avis do ass vum Ministère de l'Environnement, vum MDDI. Wéi ass et domatter? Dat heescht, mer stëmmen elo eppes a mer sinn nach en attente vun enger definitiver Stellungnam vum Ministère de l'Environnement. Zemoools wat all déi Émweltpunkten uginn. À la rigueur kéint et jo passéieren, dass den MDDI elo géif wesentlech Ännérungen an dee Projet wëllen erabréngen, wat d'Kompensatioun ubelaangt an ech weess net wat nach. Soudass mer am Fong e Vote géifen huelen en attente vun engem definitiven Avis.

Ech hat awer schonn e puer Gespréicher. Ech denken, dass dann och déi Äntwerten elo kommen, déi ech mer do erhoffen. Als Émweltkommissioun kucke mir natierlech d'Situatioun vum gesamte PAG an deem Eck. Vu dass mer do vill Bautätegkeet hunn, vill Projeten de Moment um Lafen hunn, ass et einfach wesentlech, dass mer déi Couloir-vertern téschent Nord-Süd an Ost-West an ech weess net wou kënne kreéieren.

Fir der nächster Generatiounen déi Aarten ze erhalten, déi de Moment do liewen. Ënner anerem d'Fliedermais, mä och aner Fauna, déi effektiv do hir Passagé sichen téschent engersäits der Kalekerbaach, de Bëscher ronderëm, Richtung Bieles an esou weider. Ech

### 3. PAG et PAP

mengen, do ass et immens wesentlech, dass déi Couloirë breet genuch sinn, fir en Aartenaustausch, eng Diversifizéierung ze garantéieren.

Ech soen dat och en attente vun der Realisatioun vun deem PAP, well ech weess, dass am Nachhinein, och elo nom Vote, nach ganz vill Saache méiglech sinn, wann e Promoteur respektiv e Bauhär mat sech schwätzte léisst. An ech rechnen och domatter, dass nach Interventiounen vun eisem Schäfferot an déi Richtung ginn.

Eng Fro, déi gestallt ginn ass, déi am Fong méi de Bausecteur betrëfft: D'Gemmeng verzicht op hiren Undeel um Terrain, wa mer dat richteg verstanen hunn. Et ass elo geschwat gi vun engem Abribus. Ass dat en Terrain, deen a Gemengenhand geet? Et hätt ee sech jo kënne virstellen, dass een Deel vum Terrain géif a Gemengenhand bleiwen, an dass dee Parking och nuets oder d'Weekender géif zur Verfügung bleiwen, fir d'Effentlechkeet. Dass eben een Deel géif ofgegrenzt ginn. Respektiv eng Parkregelung dohinner kéim, wou de Lidl net vir eng Barrière zou géif maachen um siwen, aacht Auer, mä och effentlech zouganglech bléif, beispillsweis fir déi Leit aus dem Quartier. Ouni elo awer wéilten drop hinzekommen, dass dat en Dauerparking géif ginn, wou Pendler sech géifen néierloessen.

En anere Punkt ass, dass mer do an engem Quartier d'habitation sinn. Am Fong ginn esou grouss Geschäfter meeschters an enger Zone commerciale ugesidelt, wou de Verkéier dee Moment besser kann drainéiert ginn. Hei komme mer an eng Situatioun, wou de Fousbann, d'Zolwerstrooss immens belaascht wäert ginn, oder nach weider belaascht gëtt, wéi et elo schonn de Fall ass. Wa mer zréckkucken op déi Verkéiersetüd, musse mer dat natierlech esou steieren, dass et an Zukunft méiglech ass, do nach mam Auto oder mam Bus hin an hier ze kommen.

E weidere Punkt, deen ech begréissen – dat ass elo positiv geschwat ginn, dat steet och am Avis: Toiture verte, Photovoltaik an esou virun. Wann dat um guerde Wee ass, dann ass dat natierlech ze begréissen.

Och muss opgepasst ginn op déi Passagen, déi mer brauchen. Net némme

fir d'Fauna, mä och fir d'Foussgänger an d'Cyclisten. Dass an deene Quartiere ronderëm, wéi Breitfeld an esou weider, d'Leit ze Fouss oder mam Vélo, fir zum Beispill bei esou Geschäfter ze kommen, net all Kéiers d'Haaptstrooss respektiv d'Haaptachs musse begoen oder befueren, wat dann eben heescht d'Zolwerstrooss oder sou erop. Mä dass do vlächt kleng Zwëscheweeër kreéiert ginn an der Iwwerleeung vun deem ganze PAG, vun deem ganzen Secteur do. Dass am Fong deen nooste Wee gesicht gëtt fir de Foussgänger an de Vélofuerer.

Bedauere muss een natierlech ganz kloer dat Gesetz, déi Kompensatiounsregelung. Ech hoffen, dass all déi Leit, déi iergendwéi national täeg sinn, probéieren, dat Gesetz an deem Senn, an och am Senn vun eiser grousser Gemeng – wat ech éinescht schonn an deem Beispill Nidderkuer wollt skizzéieren –, endlech eng Kéier ze iwwerdenken.

Et geet einfach net, dass mer quasi 2/3 vun de Punkten, déi mer hei um Site hunn, an d'Pommerlach verleeën, respektiv op Mäertert. An dass do e Lidl gebaut gëtt, wou natierlech vill méi Gréngland ronderëm ass. An dass mer do, wann ech dat krass däerf soen, Fousbanner Beem hiplanze ginn oder de Staat dat zouléisst.

Ech fannen, mir missten an deem Gesetz iergendwéi eng Regelung kréien, dass muss probéiert ginn, 80% um Terrain oder no beim Terrain ze kompensiéieren an dann nach herno 10% an eisem Bann hei gemaach ginn a vlächt 10% op den nächsten zwee, dräi Kilometer. Da kéint ee vun enger anstännger Kompensatioun schwätzen. Dat ass en nationaalt Thema. Mä all Parteien, denken ech, sollten dorobber hiwieren. Ech soen Iech Merci.

#### BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmoos Merci, Här Schwachtgen. Här Ruckert, ganz gär.

#### ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, hei hu mer et mat engem Dossier ze dinn, wéi mer et esou dacks

possible d'apporter des modifications substantielles au projet à condition que le maître d'ouvrage soit flexible. Il espère que le collège échevinal intervient dans ce sens. Si le conseiller communal a bien compris, la commune renonce à sa partie de terrain. Mais il a aussi été question d'un abribus. Se situe-t-il sur un terrain public? Fränz Schwachtgen pourrait s'imaginer qu'une partie du terrain sera publique et que le parking restera ainsi ouvert la nuit et les weekends. Dans ce cas de figure, LIDL ne fermerait pas le parking le soir. Il resterait accessible pour les habitants du quartier par exemple.

Fränz Schwachtgen rappelle que des magasins de cette taille se trouvent normalement dans une zone commerciale, alors qu'ici, il s'agit d'un quartier d'habitation. Cela va empirer la situation sur les routes au Fousbann et dans la rue de Soleuvre. Il faudra en tenir compte dans l'étude sur la circulation.

Fränz Schwachtgen salut le recours à des éléments comme le toit écologique et les panneaux solaires.

Il estime qu'il faudra aussi prévoir des passages pour les piétons et les cyclistes afin qu'ils puissent accéder facilement au magasin à partir des quartiers voisins comme le Breitfeld sans devoir emprunter les routes principales. Dans le cadre du PAG, il s'agira de chercher les trajets les plus courts.

Fränz Schwachtgen regrette le fonctionnement de la loi sur les compensations. Il estime qu'elle doit être modifiée dans le sens des communes. Il est intolérable que comme dans ce cas-ci, 2/3 des éléments soient compensés dans le Pommerlach ou à Mertert. La loi devrait exiger que 80 % des compensations se fassent sur le terrain même ou à proximité, 10 % sur le territoire de la commune et 10 % à une distance de deux ou trois kilomètres. Voilà ce que Fränz Schwachtgen appellerait une compensation adéquate.

### 3. PAG et PAP

**ALI RUCKERT (KPL)** trouve que ce dossier est bâclé comme tant d'autres. Il n'est pas normal que la commission de l'environnement doive se réunir à toute vitesse et au dernier moment. Les conseillers communaux sont, quant à eux, informés tard le soir ou juste avant la séance. Ce n'est pas sérieux.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** rétorque que c'est faux.

**ALI RUCKERT (KPL)** a reçu l'avis de la commission de l'environnement hier soir. D'autres conseillers ont dû être surpris de le recevoir ce matin. Ça, c'est la vérité.

Par ailleurs, la situation des chauve-souris différante plus dangereuses a l'air plus précaire que dans le reste du pays.  
(Rires)

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** plaîtante sur le fait que c'est pire à Steinfort.

**ALI RUCKERT (KPL)** ne trouve pas cela drôle. On ne peut pas construire d'abris pour les réfugiés à cause d'une colonie de chauve-souris. En revanche, ces animaux n'ont plus aucune importance quand il s'agit d'ériger un temple de la consommation. C'est regrettable.  
(Interruption de M. Liesch)  
Ali Ruckert demande à M. Liesch de ne pas l'interrompre et d'attendre qu'il ait la parole.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** répond que M. Liesch parlait de M. Muller. Seul M. Ruckert a la parole.

**ALI RUCKERT (KPL)** regrette qu'on ne tienne pas compte de ces choses. Dans ce cas-ci, un grand magasin est encore agrandi. Le conseiller communal se demande si toutes les dispositions ont été prises pour que le bâtiment s'intègre au quartier. Les choses que M. Schwachtgen a mentionnées, il aurait mieux fait de les dire à ses amis au gouvernement. Car ceux-ci n'ont rien fait ces dernières années.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** proteste.

an eisem Gemengerot ze dinn hunn. Et ass e bëssen iwwert de Knéi gebrach. Well ech fannen et net normal, dass een Dag virun der Gemengerotssitzung séier d'Émweltkommissioun nach eng Kéier muss zesummegetrommelt ginn – gëschter Owend war dat. A wann et gutt geet, da gëtt de Gemengerot um ee-lef Auer owes driwwer informéiert oder e kritt eppes hei am Ufank vun der Sitzung dohinnergeluecht, wat een dann nach séier muss liesen. Ech fannen dat net ganz seriö, muss ech soen.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Dat ass och falsch.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Dat ass esou. Gëschter Owend hunn ech deen Avis vun der Émweltkommissioun kritt. An déi meesch Leit wäerten erstaunt gewiescht sinn, wéi se en de Mueren hei am Ufank vun der Gemengerotssitzung kritt hunn. Dat ass awer d'Realitéit. Dat soll een awer och hei soen.

An da stellen ech fest, dass déi Déifferdenger Fliedermais vill méi mussen aus-hale wéi soss d'Fliedermais am Land.

(Gelaachs)

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Net sou vill wéi déi vu Stengefort.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Et ass net fir ze laachen.

(Interruption)

Wann e Flüchtlingsheem enzwousch soll gebaut ginn, dann ass op eemol eng Fliedermaiskolonie do, an da kann dat net gemaach ginn. Wann awer e Konsumtempel gebaut gëtt, da spinnen d'Fliedermaiskolonien oder d'Schneissen, wou se derduerchfléien, guer keng Roll méi. An dat fannen ech awer och hei zu Déifferdeng ganz bedauerlech.

(Interruption)

Schwätzt, wann Der d'Wuert hutt, schwätzt mir net dran, Här Liesch. Dat bréngt jo näischt.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Hien huet mam Här Muller geschwat. Här Ruckert, Dir hutt eleng d'Wuert.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Ech fannen dat, wéi gesot, ganz bedauerlech, dass da keng Rücksicht geholl gëtt. Hei gëtt e grousst Geschäft nach vill méi grouss. An ech weess net, ob do all Virkéierunge getraff gi sinn, ebe wéi ech gesot hunn, dass et an dee Quartier do passt.

Wat besonnesch schlëmm ass, dat huet den Här Schwachtgen elo schonn uge-schwat ... En hätt sech natierlech och direkt u seng gréng Regierungsfrénn riichte kennen, well déi hunn an de leschte Joren do iwverhaapt näischt gemaach. Sou wéi se bei ville Saachen näischt gemaach hunn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Dat ass net richteg.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Wat hei erëm ganz kloer ass, dass d'Ge-setzer net fir d'allgemeng Interesse gemaach ginn, mä dass se fir d'Promoteure gemaach ginn a fir d'Kapitalisten hei an deem Land. Hei ass erëm esou ee Beispill. Déi kennen egal wou kompenséieren, awer net hei zu Déifferdeng. Wa se zum Beispill decideéieren, eng Kompen-satioun zu Mäertert ze maachen, da ge-schitt dat do. Mä zu Déifferdeng ass déi Plaz da fort. Dat ass esou en typescht Gesetz, wéi alles hei funktionéiert. Do fir wëll ech och soen, am Senn vun der Gemengenautonomie musse Verän-ne runge kommen, net némnen an der Ge-meng, mä och am Land, dass mat esou Saachen opgehale gëtt.

Mir kréien hei zu Déifferdeng émmer méi Konsumtempelen, obscho mer émmer méi Leit hunn, déi méi kleng Paien hunn.

### 3. PAG et PAP

---

#### ENG STËMM:

Mussen déi net iessen?

---

#### ALI RUCKERT (KPL):

Déi mussen och iessen déi Leit. Allderéngs mengen ech, dass et net ganz seriö ass, wa mer èmmer méi esou grouss Geschäft kréien. Mir hunn der an der Tëschenzäit zu Déifferdeng vill. Dat déngt vläicht deene Besëtzer an den Aktionäre vun deenen. Mä ech weess net, ob dofir d'Leit besser a méi gënschteg ...

(Interruption)

... kennen akafe goen. Ech wäert op alle Fall net fir dee Projet do stëmmen.

---

#### BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ruckert. Den Här Hob-scheit Pierre, w.e.g.l.

---

#### PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, et goufen elo scho vill Saache gesot. Ech muss awer soen, wat den Avis vun der Èmwelt-kommissiou ugeet, déi Avise sinn èmmer ganz explizit a ganz fundéiert, wat jo och gutt ass. Et wär awer wierk-lech net schlecht, wann een deen Avis vläicht gëschter scho kritt hätt, dass een en alt hätt kennen eng Kéier a Rou lie-ßen a sech Gedanke maachen, wat do alles drasteet.

Villes gouf scho gesot, wat richteg ass. An ech muss och soen, déi Saach mat der Kompensatioun op enger anerer Plaz, ass einfach a mengen Aen e kompletten Nonsense. Well déi concernéiert Gemeng näisch dervun huet, wann an enger komplett anerer Gemeng ier-gendeppe kompensierte gëtt. Dat ass absurd.

Wat de Projet selwer ugeet, mengen ech, dass et u sech awer eng gutt Saach ass, wann ee Geschäft, wat hei zu Déifferdeng ass, zur Konklusioun kënnt, dass et hei zu Déifferdeng gutt geet an dass et sech wëll erweideren. Dat ass fir mech e positiiv Zeechen, wann e Ge-

schäft seet, hei zu Déifferdeng klappt et. Hei bleiwen ech an hei vergréisseren ech mech.

Ee Punkt, dee mer um Häerz läit, a wou ech hei mat Berouegung feststellen, dass deem Punkt awer Rechnung gedroe gëtt, ass de Verkéier. Als een, deen am Quartier wunnt, hunn ech an där kuerzer Zäit, an där ech an deem Quartier do wunnen, misse feststellen, dass all Kéiers, wann de Lidl beliwwert gëtt, dat relativ abenteuerlech ass. D'Camione mussen an d'rue Ady Claude erafueren, fir hannerzeg op de Lidl-Parking ze kommen.

D'rue Ady Claude, déi ganz Cité, ass eng Cité mat ville Kanner, mat ville Famillen. A wann do déck Camione mussen erafueren, well se net anescht op de Lidl-Parking kommen, dann ass dat wierklech keng optimal Situatioun. An dofir sinn ech frou, dass deem och Rechnung gedroe gëtt. An ech hoffen, dass dat sech dann an Zukunft wäert am Senn vun alle Leit an deem Quartier, an och am Interessi vun de Leit a vum Verkéier an der Zolwerstrooss, wäert änneren a verbesseren.

D'LSAP stëmmt dat do op jidde Fall mat. Merci.

---

#### BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Här Diderich, w.e.g.l.

---

#### GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech bedaueren och, dass ech deen explizitten Avis net eischter kritt hunn. Ech denken, dass een déi Observatiounen, déi do dra sinn, op jidde Fall soll ganz seriö huelen. Et gëtt des Ëftere gesot, dass een d'Avise vun der Èmwelt-kommissiou, a mat Awänn vum Här Schwachtgen, dann nach ka kucken. Dass déi och assuréiert ginn an duerno gekuckt gëtt, och wann een elo hei epes stëmmt. Dann hofft een drop, dass dat dann och a Betruëcht gezu gëtt.

Mir hunn awer natierlech als Gemen-gerot da keng Garantië méi, wa mer bis de PAP esou stëmmen, wéi en hei ass. Dann hu mer en esou gestëmmt, wéi en hei ass an dann huet de Promoteur

**ALI RUCKERT (KPL)** constate que les lois ne sont pas faites dans l'intérêt public, mais pour les promoteurs et les capitalistes. Le projet d'aujourd'hui en est un parfait exemple. Ils peuvent compenser comme bon leur semble — par exemple à Mertert. Mais en attendant, le site à Differdange n'existe plus. C'est pourquoi Ali Ruckert demande des changements non seulement sur le plan communal, mais national.

À Differdange, de plus en plus de temples de la consommation ouvrent leurs portes alors que les gens ont des salaires de plus en plus petits.

(Interruption)

Ali Ruckert concorde sur le fait que les gens doivent manger. Mais ces grands magasins ouvrent dans l'intérêt de leurs actionnaires, pas nécessairement des gens.

En tout cas, Ali Ruckert n'approuvera pas ce projet.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** constate que les avis de la commission de l'environnement sont toujours explicites et bien argumentés. Mais il aurait préféré recevoir l'avis hier. Au moins, il aurait eu le temps de le lire tranquillement.

Beaucoup a déjà été dit. Pierre Hobscheit concorde sur le fait que les compensations dans d'autres communes sont illogiques, car la commune concernée n'en profite pas. C'est absurde.

Pour ce qui est du projet, le conseiller communal se réjouit du fait qu'un magasin se plaise à Differdange et qu'il veuille rester et s'étendre.

Il salue aussi le fait que l'on ait tenu compte de la situation sur les routes. Depuis qu'il habite dans le quartier, il a pu constater que les livraisons du LIDL sont pour le moins aventureuses. Les camions doivent pénétrer dans la rue Ady-Claude et ensuite reculer dans le parking d'un LIDL. Or de nombreuses familles avec des enfants vivent dans la cité. La situation n'est donc pas optimale actuellement. Pierre Hobscheit espère que cela s'améliorera à l'avenir, et ce, dans l'intérêt des habitants du quartier.

Les socialistes approuveront le projet.

### 3. PAG et PAP

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** regrette à son tour de ne pas avoir reçu l'avis plus tôt. Les informations qu'il contient doivent cependant être prises au sérieux. Souvent, le collège échevinal promet un suivi des recommandations de la commission de l'environnement après le vote. Mais le conseil communal ne dispose d'aucune garantie une fois le PAP approuvé. Tout ce que le promoteur est tenu de faire, c'est de se tenir au PAP.

Gary Diderich n'est pas convaincu par ce modèle qui veut que l'on construise de plus en plus de grands magasins au détriment des commerces de proximité. Cependant, ces grands magasins sont proches des centres et non dans des zones industrielles.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** approuve les propos de M. Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** ajoute qu'une partie des clients viendra toutefois de l'extérieur. C'est pourquoi l'application à Differdange de modèles comme celui de l'épicerie solidaire de Soleuvre devient difficile.

D'un autre côté, de nombreux habitants profiteront du nouveau supermarché. Mais cela est malheureusement dû au fait que les salaires baissent et les frais de logements augmentent. Il reste donc de moins en moins d'argent pour manger.

Les observations concernant les couloirs entre le site et le quartier à côté sont particulièrement importantes. Que compte faire le collège échevinal? Gary Diderich regrette que les deux PAP ne soient pas traités ensemble, car ils forment un bloc.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** cède la parole aux deux échevins concernés avant de remarquer que M. Schwachtgen souhaite ajouter quelque chose.

**FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** rappelle qu'il est le président de la commission de l'environnement. Tous les partis y sont représentés et se montrent très actifs. Les séances durent en moyenne plus de deux heures.

d'Recht, dat esou ze maachen, wéi de PAP em déi Méiglechkeeten do gëtt. Dat ass natierlech elo keng einfach Situatioun, fir domatter èmzegoen. Ech perséinlech fannen, dass et kee gudde Modell ass fir eis Gesellschaft: èmmer méi grouss Geschäfter an net vill Proximitéitsgeschäfter. Et muss een zwar concertéieren, dass mer hei zu Déifferdeng am Fong grouss Geschäfter relativ an der Proximitéit kréien. Wéi hei och am Avis steet, ass dat doten net an enger Zone industrielle, wou d'Leit musse mam Auto dohinner fueren, wa se am Quartier wunnen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Richteg.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Mä et weess een natierlech, dass net némme Leit dohinner fueren, déi am Quartier wunnen. Dat heescht, hei ass e Mix vu bénidem. An dat wäert och bei deem aneren iwvergrousse Supermarché de Fall sinn, deen da matzen an eisen Zentrum kënnt. Domatter verbaut een natierlech zum Deel d'Méiglechkeet an d'Potential, an eng aner Richtung ze goen, wéi zum Beispill zu Zolwer mat der Épicerie solidaire. Wou ech esou e Modell gutt géif gesinn an deene Quartieren, Lokalitéiten, wou keng Geschäfter sinn.

Op där anerer Säit muss een awer och soen, dass eng Rei Bierger, eben duerch hir ekonomesch Situatioun, vun esou engem Geschäft, ech soen elo profitiéieren. Obwuel och dat leider éischter déi haart Réalitéité si vun eiser Gesellschaft. Dass een op dee Wee gaangen ass a geet, an duerch ze niddreg Léin an ze héich Logementskäschten an esou weider am Fong de Leit hire Budget fir Ernährung èmmer méi erofgeet, par rapport zu den Depensen op anere Saachen. Woubäi Ernährung am Fong da Vitaalst ass, wat et fir de Mensch gëtt.

Virun allem sinn déi Observatiounen punkto Korridoren an Espacen zu deem Quartier, deen niewendrun entwéckelt gëtt, ganz wichteg. Ech wéilt gär vum Schäfferot wëssen, wéi deenen nach ka Rechnung gedroe ginn. An ech bedaure wierklech, dass hei deen ee PAP ge-

maach gëtt ouni deen anere PAP. Wann esou Saachen esou no beieneen leien, da misst een awer am Fong bei esou engem Dossier méi de Gesamtbleck dovunner hunn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och Här Diderich. Ech géif dann nach eisen zwee Schäffen d'Wuert ginn.

**MÉI STËMMEN:**

Nee.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ma selbstverständlich. Här Schwachtgen, w.e.g.l.

**FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Eng kuerz Interventioun wollt ech trotzdem maachen, zum Rôle vun der Ëmweltkommissiou. An ech sinn houfrege President dovun, well mer wierklech eng aktiv Equipe hunn, vun alle Parteien. Et gëtt vill a laang diskutéiert. Eis Sitzungen daueran am Schnëtt méi wéi zwou Stonnen. Ech mengen, dat weist, dass zu alle Punkte ganz vill Meenunge sinn, an dass och ganz seriö do diskutéiert gëtt.

Ech wéll dee Rapport, deen elo ze spéit komm ass, awer och an e Kontext setzen: Mir sinn, zénter dass deen Dossier do leeft, mam Lidl-Dossier befaasst. Mir hunn an x Sitzungen iwwert de Lidl geschwat, och iwwert déi Situationsen, déi elo hei am Resumé e bëssen ugeschwat ginn. Ech mengen, et kéint een nach méi laang dervun zielen. Et sinn och nach Detailer, déi ech net genannt hunn. Dass dat elo ze spéit ass fir de Conseil, dat liicht mer an. Dofir kann ech mech och entschéllegen.

Et ass awer net, dass iergendee vun der Ëmweltkommissiou oder de Sekretär oder soss een eppes vergurkt hätt. Mä et ass einfach esou, dass mer permanent driwwer geschwat hunn. An ech ginn och wierklech dervun aus – an dat ass géschter Owend och nach gesot ginn –, dass déi Vertriebed vun deenen einzeln-

### 3. PAG et PAP

ne Gremien, Parteien, Ëmweltschutzverbänn, déi während een, zwee Joer iwwert den Dossier schwätzen, dat jo och mat an hir Parteigremien respektiv Veräinsgremien huelen. An dass dann en Unhaltspunkt do ass, fir ze soen: Halt, do musse mer oppassen! An do musse mer dergéint wierke während där Phas, wou esou eppes ausgeschafft gëtt. Och an anere Kommissiounen – an der Verkéierskommissioune, an der Bautekommissioune an ech weess net wou nach – ass dat de Fall. Dofir hu mer jo schliisslech eis Kommissiounen.

Ech wëll dofir net den Androck opkomme loessen, dass elo deen Avis hei vun der Ëmweltkommissioune dat eenzegt ass, wat am Dossier vum Gemengerot ass. Et sinn 20 Säiten, déi do beschriwwen sinn. Wou all Detailer resuméiert sinn.

Ech mengen, een, deen déi liest, als Conseiller, als Parteimember, als engagéierte Bierger, dee fënnt genuch eraus, wann een op d'Ëmwelt wëll kucken. Da kann ee sech seng Meenung selwer bilden. An et kann een natierlech och senge Vertriebler aus enger Kommissioune den Optrag ginn: Hei huelt dat do emol mat an d'Kommissioune. Ech wollt dee Rôle do skizzieren. Net dass d'Ëmweltkommissioune als „alleiniger Seligmacher“ vun engem Projet géif dostoene. Et ass Kritik dran. Dat soll och esou sinn. An zu där Kritik waarde mer jo op eng Äntwert.

#### **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci. Do hutt Der villes richtegestellalt, Här Schwachtgen. Den Här Liesch, w.e.gl.

#### **SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech wéilt och gären nach e puer Saache richtegestellen. Den Här Schwachtgen huet dat awer scho ganz gutt skizzéiert. Den Här Ruckert huet gesot, dat wär iwwert de Knéi gebrach. Ech verwiere mech do dergéint. Well deen heite Projet ass effektiv no der éischter Skizz, déi mer heibannen haten, an d'Ëmweltkommissioune gaangen.

An et ass opgrond vun de Reflektiounen vun der Ëmweltkommissioune, wou op deem Dossier esou laang geschafft ginn ass an eng ganz Rei Modifikatiounen gemaach gi sinn. Eng ganz Rei vun Hecken, Beem an anere Saache sinn opgrond vun de Remarken, déi mir intern vun der Ëmweltkommissioune kritt hunn, mam Promoteur diskutéiert ginn. An eréischt dann, wann en Dossier fäerdegg ass, kënnt en an de Gemengerot. An esou stellen ech mer dat och vir.

Elo kann een natierlech soen – an dat huet den Här Schwachtgen och richteg gesot –, dass d'Ëmweltkommissioune... Déi ass géschter éischtens net extra zessummegeuff ginn, mä dat war einfach en Datum, dee schonn an hirem Kalender stoung. A mir hu gesot, mir halen deen einfach bai. Do gëtt den Text just finaliséiert. Mä mir haten awer scho vill méi laang déi Objektiounen, déi vun der Ëmweltkommissioune komm sinn. Dat wëll ech awer emol eng Kéier hei richtegestellen, well dat anert, dat ass wierklech falsch.

Dat Gesetz vun der Kompenséierung: Hei muss ech soen, déi gréng waren net déijéineg, déi dat Gesetz geschriwwen hunn iwwert d'Kompenséierung. Mä déi gréng sinn awer déi, wou et änneren, mat de Majoritéitsparteien zesummen. Deen Text ass esou gutt wéi fäerdegg. Mir haten net némme bei dësem Dossier, mä bei villen Dossiere scho gesot, dass dat net korrekt ass, wann eppes sollt kompenséiert ginn hei zu Déifferdeng, dass dat iergendwou matten am Land, op der Musel oder am Eislek – och wann et do schéin ass – ka kompenséiert ginn.

D'Regierung ass am Gaang, deen Text ze änneren. En ass esou gutt wéi fäerdegg. Éischt Brouillonnen hunn ech gesinn, an ech fannen déi scho ganz positiv. Déi ginn an déi richteg Richtung. Dass et also regional a lokal Kompenséierungszentre gëtt, wou dat kéint gemaach ginn. Dat wäert also säi Weemaachen. Dat dauert natierlech seng Zäit. Mä et ass dës Regierung, déi deen doten Text, dee wierklech schlecht ass, wäert änneren.

An dann ass gesot ginn – dat stéiert mech och fundamental –, dass hei elo Konsumtempele gebaut ginn. Ech verstinn, dass dat a communistesch gefeierte Länner vläicht dann aneschters

Bref, les discussions s'y déroulent de manière sérieuse.

Il est vrai que l'avis a été rédigé tardivement, mais Fränz Schwachtgen explique que la commission a discuté à de nombreuses reprises de ce dossier. Il n'a pas non plus fourni tous les détails aujourd'hui. Cependant, il s'excuse auprès des conseillers communaux pour le retard.

Il répète qu'il ne s'agit pas d'une erreur. Le retard est simplement dû au fait que les discussions ont été longues. Par ailleurs, Fränz Schwachtgen suppose que les membres de la commission discutent des avancées des dossiers avec leurs partis et associations respectifs. Sans oublier que le dossier des conseillers communaux fait vingt pages et que l'on y trouve tous les détails même sans l'avis de la commission de l'environnement. Les conseillers communaux peuvent donc lire le dossier et former leur propre opinion. Ils peuvent aussi demander des renseignements à leurs représentants au sein de la commission.

Fränz Schwachtgen tenait à expliquer le fonctionnement, car la commission de l'environnement n'est pas la seule à décider du sort d'un projet.

L'avis de la commission est critique. Fränz Schwachtgen attend des réponses.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** tient à apporter quelques précisions, même si M. Schwachtgen a été clair. M. Ruckert a parlé d'un dossier bâclé. Georges Liesch rappelle que ce dossier a été traité dès le départ par la commission de l'environnement et qu'il a été modifié sur base de ses recommandations. Des discussions ont été menées avec le promoteur concernant les haies ou les arbres. C'est donc un dossier fini qui est présenté au conseil communal.

La réunion de la commission de l'environnement d'hier soir était déjà prévue. Il ne s'agissait que de finaliser l'avis.

Pour ce qui est de la loi sur les compensations, elle n'a pas été rédigée par les écologistes. Mais les écologistes sont en train de la modifier avec ses partenaires de coalition. Le nouveau texte est pratiquement terminé. Il y aura des centres de compensation régionaux et locaux.

### 3. PAG et PAP

Cela prend du temps, mais le gouvernement est dessus. M. Ruckert a parlé de temples de la consommation. Georges Liesch veut bien croire que la situation est différente dans les pays communistes. Mais tout comme M. Hobscheit, il trouve positif que des commerçants investissent à Differdange. Pendant des années, le conseil communal s'est plaint qu'il n'y avait pas de magasins à Differdange. Maintenant, il y en a. Il faut en être heureux. Tous les commerçants ne veulent pas devenir milliardaires. Ils font ce qu'ils peuvent et c'est louable. Sans oublier qu'ils créent de l'emploi.

En plus, il n'est pas question aujourd'hui d'une Belle-Étoile. Il faut garder les pieds sur terre. C'est un commerce de proximité. Il est vrai que le supermarché va s'agrandir, mais tout le quartier en profitera. Le projet permettra aussi de résoudre des problèmes de proximité. Georges Liesch trouve vraiment regrettable que des conseillers communaux se plaignent de ce projet.

**TOM ULEVELING (CSV)** voulait dire la même chose que M. Bertinelli.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** plaîtante sur le fait qu'ils partagent déjà un micro.  
(Rires)

**TOM ULEVELING (CSV)** répond que puisqu'on ne donne pas de nouveau micro à M. Bertinelli, il partage le sien fraternellement.

Comme l'a dit M. Liesch, l'agrandissement du supermarché entraînera aussi la création d'emplois. Et si ses postes sont occupés par des Differdangeois, cela signifiera moins de trafic, moins de CO<sub>2</sub>, moins de chômage...

**ERNY MULLER (LSAP)** salue à son tour le développement du LIDL. Il explique que ce type de projets est traité par le service technique, mais de façon pluridisciplinaire. Le service écologique a été inclus dès le départ.

Le chef du service écologique faisant partie de la commission de l'environnement, celle-ci est aussi prévenue rapidement.

ausgesäit. Mä op jidde Fall fannen ech et awer ganz positiv – an do kann ech dem Här Hobscheit nämme recht ginn –, dass Leit, Geschäftsleit hei an Déifferdeng investéieren.

Wéi oft hu mer dann hei am Gemenge-rot schonn doriwwer lamentéiert, dass mer zu Déifferdeng keng Geschäfter méi hunn. An elo an de leschte Joren hu mer Leit, déi an Déifferdeng investéieren. Déi un déi Stad hei gleewen an hir Suen hei investéieren. Ma da sollte mer dach frou sinn, dass déi heihinner kommen a soen, Déifferdeng ass eng Stad, wou mer kënnen iwverliewen, wou mer eise Match kënne maachen. Net alleguerte wëlle se Milliardär ginn, mä si maachen hei hire Match. Ech fannen dat begréissenswäert.

Déi bréngen och Aarbechtsplaze mat. An dat hei ass jo awer elo nach keng mega Surface. Dat heiten ass awer elo net eng Belle Etoile oder soss iergendepes, mir mussen awer Fouss beim Mol halen. Dat heiten ass fir mech èmmer nach e Proximitéitsgeschäft. Wat zwar elo e wéineg méi grouss gëtt, mä dee ganze Quartier ronderëm wäert awer vun dësem Geschäft hei profitéieren.

An dat léist natierlech och Mobilitéits-problemer. An et ass och e Service un eise Bierger, wa mer an deene Quartieren esou Saache wéi dat heite mat era-bréngen. Ech fannen dat awer bedauerlech, dass mir als Gemengerot elo hei soen, dass dat net heihinner passt. Ech fannen dat de falsche Wee.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Den Här Ulveling wëllt och epes soen.

**SCHÄFFEN TOM ULEVELING (CSV):**

Ech wollt am Fong e bëssen datsel-wecht soe wéi den Här Liesch.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ech gesinn, Dir deelt Iech schonn de Mikro.

(Gelaachs)

**SCHÄFFEN TOM ULEVELING (CSV):**

Den Här Bertinelli kritt anscheinend keen neie Mikro, dann deelen ech en alt brudderlech mat him.

Ech wollt soen, wann esou eng Surface sech vergréissert, da bréngt dat jo normalerweis och méi Aarbechtsplaze mat sech. Et wonnert mech, dass keen dat hei ugeschnidden huet, ausser dem Här Liesch virdrun. Well all Aarbechtsplatz méi hei zu Déifferdeng ass vläicht een, dee manner hin- an hierfert, dee man ner CO<sub>2</sub> verbraucht, dee vläicht vun der Strooss erofkënnnt an deen eng Aarbecht huet an net méi am Chômage ass. Ech mengen, dat misst een awer och beréck-siichtegen. Ech fannen et och gutt, dass de Lidl sech vergréissert.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Muller, w.e.gl.

**SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):**

Ech ka mech nämme menge Virriedner uschléissen. Ech begréissen och déi Ent-wécklung, déi virun allem am Intérêt vun eiser Populatioun ass.

Ech wëll awer elo op déi interaktiv Aktiounen zréckkommen, wéi dat hei funktionéiert. Esou Projete komme jo an de Service technique eran. A selbst-verståndlech – an dat hunn ech Iech jo scho gesot –, wéi all Projet, gouf och deen heite pluridisciplinär ausgeschafft, ofgewéckelt.

Selbstverständliche war dès le départ de Kontakt mat de Leit aus dem Èmwelt-service. An an enger relativ fréier Etapp kënnnt jo dann och d'Èmweltkommissioun mat eran. Well jo de Chef de service vum Service écologique selbstverständliche do och mat dran ass.

Hei ass gesot ginn: Jo, mir stëmmen e PAP, mir hunn awer net all déi néideg Avisen. Mir hunn hei eng komplett ausgeschafften Etüd vun engem spezialiséierte Büro, déi eis ganz genee beschreift, wéi d'Situatioun ass, wat alles ze maachen ass an esou weider an esou fort. An et gëtt sech un alles gehalen an deem Dossier. Dir wësst, déi Avisen dauere meeschteens laang. An esou wéi

# 4. Office social

de Projet momentan ass, ass e realisabel an entsprécht och komplett de Reglementer.

Da war d'Fro opkomm: Wéi verhält et sech mat de Fliedermais? D'Fliedermais, de Biotop, dat ass an där Etüd mat dran. Mä dat geet bei wäitem iwwert deen Terrain do eraus, iwwert dee PAP vun haut. Dir musst de Quartier am Ganze kucken. An déi Korridore gi wesentlech méi wäit wéi just deen Areal hei vun déser Platz.

Sollt awer herno wierklech eppes contradictoire sinn, dann hu mer nach émmer d'Méiglechkeet, fir de Projet ze bremsen, respektiv d'Baugeneemegung net auszestellen. Mä dat sinn da Folgen. Mä ech perséinlech sinn der Meenung, dass dat net de Fall wäert sinn.

## **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ech mengen, et ass alles beäntwert. Här Schwachtgen nach kuerz, jo.

## **FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt nach eng Kéier nohaken, vu dass deen Avis vum MDDI nach net do ass. Wéi verhält dat sech? Ech hu mer éinescht virun der Sitzung erkläre gelooss, dass do Friste mussen agehale ginn, fir de Projet duerchzezéien. Léisst den MDDI sech Zäit oder gëtt do geträntelt oder wat ass do lass? Dass mer am Fong elo nach e klenge Risiko vläicht hätten.

## **SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):**

Jo.

## **FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Dass de Projet awer erëm misst émgeännert ginn. An dat heesch, da misst en nach eng Kéier gestëmmt ginn?

## **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Muller, w.e.gl.

## **SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):**

Dir hutt ganz recht, Här Schwachtgen. Also mir hunn dräi Méint Zäit, soss si mer net en règle vis-à-vis vun de Leit, déi dat ugefrot hunn. An déi dräi Méint, déi musse mer hei an dësem Kader anhalen.

Sinn d'Avisen dann nach net do, dann ... Ech perséinlech, an ech men- gen och déi, déi den Dossier kennen, sinn iwwerzeegt, dass mer keng béis Iwwerraschung kréien an deem doten Dossier. A wat de Rescht ubelaangt, ech mengen, sollt do eppes esou sinn, da musse mer de PAP eben nach eng Kéier stëmmen.

## **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo.

## **SCHÄFFEN ERNY MULLER (LSAP):**

Da muss en eben zréckgeruff ginn, an da musse mer kucken, en nach eng Kéier émgeännert ze stëmmen.

## **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Esou ass et. Da komme mer zum Vote.

*Le conseil communal décide avec 17 voix «oui» et 1 voix «non» d'approuver le projet d'aménagement particulier «rue de Soleuvre».*

Merci. De véierte Punkt, d'Konte vun 2013 vum Office social. Dat ass wéi all Joers. Den Här Mangen, President vum Office social, kritt d'Wuert. Ech mengen, déi Konte waren an der Rei.

## **ROBERT MANGEN (CSV):**

Et ass wéi all Joer. Grad wéi beim Gemengebudget gëtt dat hei och kontrolléiert vum Interieur. An déi haten näischt ze beanstanden. D'Konte sinn an der Rei. Et ass einfach eng normal Prozedur, fir dat ofzestëmmen.

*Un conseiller communal a dit qu'il fallait approuver un PAP sans disposer de tous les avis. Mais une étude a été réalisée par un bureau spécialisé et la situation est décrite de manière détaillée. Le collège échevinal se tient à ce dossier. Tel qu'il se présente actuellement, le PAP correspond aux règlements et est réalisable.*

*La question des chauvesouris est incluse dans l'étude. Mais il n'est pas seulement question du PAP d'aujourd'hui. C'est tout le quartier qui est concerné.*

*Si, par la suite, il devait y avoir un problème, le collège échevinal pourrait toujours freiner le projet ou ne pas délivrer de permis de construire.*

## **FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)**

*souhaite plus de précision concernant l'absence de l'avis du MDDI. Car il y a des délais à respecter pour la réalisation du projet. Pourquoi le MDDI traîne-t-il? Y a-t-il un risque que le projet doive être modifié? À ce moment-là, un deuxième vote serait nécessaire.*

**ERNY MULLER (LSAP)** confirme qu'il y a un délai de trois mois à tenir pour être en règle.

*Erny Muller et tous ceux qui connaissent le dossier sont convaincus qu'il n'y aura pas de mauvaises surprises. Mais effectivement, s'il devait y avoir un problème, le PAP devrait être soumis à un second vote. Des modifications seraient alors nécessaires.*

(Vote)

## **ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**

*passe aux comptes 2013 de l'office social et cède la parole à son président, M. Mangen.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** explique que les comptes ont été vérifiés par le ministère de l'Intérieur, qui n'a rien trouvé à redire.

(Vote)

## **ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**

*passe à l'acquisition de 12 a au lieudit Am Kielchen. Les conseillers communaux disposent du numéro cadastral et de l'emplacement exact. La commune a acheté ce terrain pour 300 € l'are, c'est-à-dire 3660 € en tout.*

# 5. Actes et conventions

(Vote)

Roberto Traversini passe à deux parcelles dans la rue Saint-Pierre derrière l'école. Il remercie M. Müller qui a réussi à faire baisser le prix. Les négociations ont été rudes.

La première parcelle coûte 9600 € pour 0,8 a. La deuxième fait 0,85 a.

(Vote)

Roberto Traversini passe à une augmentation du capital de la Société nationale d'habitation à bon marché. Le gouvernement lui a demandé de construire plus et plus vite au cours des dix prochaines années — et notamment des logements à louer. Jusqu'à présent, c'était plutôt le Fonds du logement qui proposait des habitations à louer.

Le collège échevinal s'est demandé s'il était encore de l'intérêt d'une ville comme Differdange de rester partenaire de cette société. La réponse est oui. La Ville de Differdange doit regarder au-delà de ses frontières et contribuer à résoudre un problème national. C'est pourquoi ce point est soumis au vote aujourd'hui. Differdange aurait aussi pu décider de quitter ce partenariat et empêcher l'argent.

Differdange n'a aucun avantage par rapport à d'autres communes. Elle paie le même prix pour les terrains. Il s'agit donc d'un acte de solidarité importante.

Le collège échevinal souhaite investir 250 000 € dans le capital. Au cours des 10 prochaines années, 2500 à 3000 appartements vont être construits.

Le représentant differdangeois au sein du conseil d'administration s'alterne avec les représentants d'Esch et Dudelange.

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** rappelle que la Société nationale des habitations à bon marché a été créée en 1919. À côté du Fonds du logement, elle constitue le deuxième promoteur immobilier public le plus important du pays. Elle construit des logements qualitatifs et à prix sociaux qu'elle met à disposition sous la forme d'un bail emphytéotique de 99 ans.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat freeit eis. Da géife mer zum Vote kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le compte de l'exercice 2013 de l'Office Social Differdange.*

Merci. Zum 5. Punkt: Dëst ass e klengt Stéck vun 12 Ar, wat mer kafen „am Kielchen“ zu Nidderkuer. Dir hutt zwee Pläng virun Iech leien. Op deem engen ass d'Kadasternummer, op deem anere gesitt Der de Standuert. Et ass e klengt Stéck.

(Interruption a Gelaachs)

Mir hunn et fir 300 Euro den Ar kritt. Mir sinn natierlech èmmer frou, wa mer esou eppes kréien. Dee ganze Präis ass 3.660 Euro.

Kéinte mer doriwwer ofstëmmen? Merci.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte de vente d'un terrain d'une contenance de 12,20 ares au lieu-dit «Auf der Kielchen» à Niederkorn.*

Dat hei sinn zwou Parzellen an der rue St. Pierre hannert der Schoul. Hei fir muss ech awer dem Här Muller villmoos Merci soen, datt de Präis esou gënschteg ass. Dat ware laang a schwéier Verhandlungen. Mir hunn déi zu engem verstännege Präis kritt. Wouriwwer mer natierlech frou sinn. Deen ee kascht 9.600 Euro, dat si knapps 0,80 Ar. Deen aneren ass 0,85 Ar, deen dann deementspriechend e bësse méi deier ass. Wann Der domatter averstane sidd, datt mer déi zwou Parzelle kafen, da géife mer déi zesummen huelen an doriwwer ofstëmmen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver deux actes de vente de deux parcelles d'une superficie totale de 1,65 ares au lieu-dit «rue St.-Pierre» à Niederkorn.*

Villmoos Merci. Dat hei ass e Punkt, wou verschiddener vläicht erstaunt driwwer sinn, datt mer dat um Ordre du jour hunn. Et geet iwwer d'Kapitalerhéijung vun der Société d'Habitations à Bon Marché. Déi Sociétéit, wéi Dir am Dossier gesitt, huet vun der Regierung, déi Haaptaktionär ass, awer net némmeen, den Optrag kritt, vill méi ze bauen a vill méi schnell ze bauen an deenen nächsten zéng Joer. Wat eis extrem gutt gefält, datt ganz vill an d'Locatioun wäert gebaut ginn, wat d'Habitations à Bon Marché net esou gemaach huet. Si hunn dat méi dem Fong iwwerlooss. D'Société d'Habitations à Bon Marché huet méi gebaut, fir ze verkafen.

Mir hate laang Diskussionen am Schäfferot an an eise Parteien, ob eng Gemeng wéi Déifferdeng hautdesdaags nach èmmer déiselwecht Interessen hätt wéi viru bal 100 Joer, wou se mat drageklommen ass. Ob et net e groussen nationale Problem wier. A mir sinn zu der Konklusioun komm, datt och eng Stad Déifferdeng, souwéi d'Stied Diddeleng, Esch a Lëtzebuerg, soll do Partner bleiwen.

Well mir sollen iwwer eis Grenzen ewechkucken an héllefén, de Wunningsproblem hei am Land ze léisen. Dofir hu mer decidéiert, dat an de Gemengerot ze huelen an zum Vote ze ginn. D'Alternativ wär gewiescht, erauszeklammen, déi Suen ze huelen an an eis Gemengekeess ze stiechen. Mir fannen, datt dat net dee richtige Wee wär.

Ech muss och soen, datt d'Stad Déifferdeng absolutt kee Virdeel bei Terrains oder Projeten huet. Mir bezuelen deeselwechten Terrainspräis wéi déi aner Gemengen. Dat hei ass méi e Solidaritéitsakt. Ech fannen, datt mer dat solle maachen, iwwert eis Grenzen ewech. Dat heiten ass eng wichteg Saach.

250.000 Euro freeit de Schäfferot Iech, wann Der averstane sidd, an de Kapital ze investéieren, datt an den nächsten zéng Joer. 2.500 bis 3.000 Wunnenge wäerten entstoen an dovunner och ganz vill a Locatioun. Mir géife gutt doen, eis dorunner ze bedeelegen.

Mir hunn all aacht Joer ee Member am Verwaltungsrat zegutt. Am Moment ass et d'Stad Diddeleng, déi een huet.

# 5. Actes et conventions

Mir deelen eis dat mat der Stad Esch. No Diddeleng wäert Esch kommen. An no Esch wäerte mir kommen. Dat heesch, all aacht Joer ass e Member vun der Gemeng Déifferdeng do am Verwaltungsrot. Mir hate bis elo och déi grouss Éier, datt eisen Éirebuergermeeschter, den Här Eickmann, d'Revision des comptes émmer am A gehalen huet.

Ech wier frou, wann Der déi Augmentation de capital géift matstëmmen.

Madame Saeul, w.e.gl.

## CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter, Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemen- gerot, Dir Hären, d'Société Nationale des Habitations à Bon Marché ass scho fréi, 1919, gegrënnt ginn. Si ass am Moment niewent dem Fonds de Logement deen zweetgrëssten öffentleche Bauträger hei zu Lëtzebuerg. Hir zwou Aktivitéite sinn eemol de Bau vu Logementer vu Qualitéit zu soziale Präisser mat Bail emphytétique op den Terrain, 99 Joer. An natierlech konform, fir vun den Hëllefen an de Subventiounen zum Lo- gement kënnen ze profitéieren.

Virgesinn ass de Bau oder d'Mise à disposition vu Logementer zur Locatioun mat sozialem Loyer. Esou wéi de Projet vun der SNHBM am Pétengerwee han- nert der Cité de la Chiers. Wou awer d'Realisation vun dëse Problemer fir den Demanden nozekommen, lues vi- rugeet. Laut Ministère de Logement hätte mer 2016 landeswält plus minus 20.000 Sozialwunnenge gebraucht. Mir begréissen duerfir déi nei Strategie vun der Société Nationale des Habita- tions à Bon Marché, fir d'Chantieren ze verdräifachen, an dëst op d'mannst fir zéng Joer, a Logementer a Locatioun op e Plus vu mindestens 50 Unitéite pro Joer ze erhiewen.

D'DP stëmmt fir d'Erhéijung vun dë- sem Kapital. Ech soe Merci.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Ech hoffen net, datt déi op Spillplaze bauen. Här Diderich, w.e.gl.

## GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Als déi Lénk énnerstëtze mir dat doten absolutt. D'SNHBM ass e wichtegen Acteur, wann et drëm geet, um Wun- nungsmaart déi onhaltbar Situatioun, déi mer am Moment hinn, ze behie- wen. Et ass méi wéi néideg, dass se dat verstärkt ka maachen. Dofir ass eng Kapitalerhéijung wichtig. Mir hoffen, dass d'SNHBM nach méi verstärkt hir Aarbecht weider maache kann. Wat awer net verhënnert, dass mir als Ge- meng selwer och aktiv ginn, woufir ech mech jo émmer hei ausschwätzen. Well ech mengen, dass all Effort an all Ac- teur an deem Beräich wichtig ass. Mir sollen dat énnerstëtzen. Dofir begréis- sen ech dëse Vote.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich. Här Hobscheit, w.e.gl.

## PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, wat den Här Di- derich elo gesot huet, deem wëll ech mech uschléissen. D'SNHBM ass e wichtegen Acteur. Duerfir énnerstëtze mir dat och. Den Här Diderich huet nees drop higewisen, dass mer als Ge- meng och méi sollen an deem do Be- räich aktiv ginn. Ech ginn em do ganz recht. Ech denken, dass déi verschidde Wahlprogrammer och eng gutt Ge- leeeinheit wäerte ginn, dass déi eenzel Partie sech dozou positionéieren. Wéi si gedenken, no de Wahlen an deem do Beräich weiderzefueren, wat si do vir- gesinn. Mir wäerten dat hei op alle Fall énnerstëtzen. Ech soen Iech Merci.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech soen Iech och Merci. Här Ruckert, w.e.gl.

## ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, als Vertrieder vun der KPL wëll ech énnerstëtzen, dass d'Gemeng bereet ass, bei där Erhéijung vum Kapi-

Ce qui est prévu maintenant, c'est la construction de logements à louer, comme dans la Cité de la Chiers dans la route de Pétange.

Selon le ministère du Logement, le Luxembourg aurait eu besoin de 20 000 logements sociaux en 2016. Christiane Saeul salue l'initiative de la SNHBM de tripler le nombre de chantiers pendant dix ans au moins et d'augmenter le nombre de logements à louer de cinquante unités par an. Les démocrates approuveront l'augmentation du capital.

## ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

espère que ces logements ne seront pas construits sur des aires de jeux.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) soutient l'augmentation du capital. La SNHBM est un acteur important pour sortir le Luxembourg d'une situation intenable.

À côté, la commune doit aussi rester active, car tous les efforts sont importants.

PIERRE HOBSCHEIT (LSAP) s'asso- cie aux paroles de M. Diderich. Il soutient l'augmentation du capital de la SNHBM. Il trouve aussi que la commune doit se montrer active. Les partis politiques auront l'occa- sion de prendre position dans leurs programmes électoraux.

ALI RUCKERT (KPL) soutient à son tour l'augmentation du capital de la SNHBM.

Il rappelle cependant que dans le passé, cette société n'a pas réussi à remplir sa mission. Elle n'en a pas fait assez sur le plan communal et sur le plan des logements à louer. D'un autre côté, le manque de logements n'est pas dû à cette société, mais à la politique du gouvernement pendant des décennies. Ali Ruckert salue l'effort qui est fait maintenant.

La SNHBM a choisi le bail emphytétique. Celui-ci permet de baisser les couts de construction, car le terrain appartient à la SNHBM. Ce type de réflexion devrait être généralisé. Les terrains devraient rester publics.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) est du même avis.

# 5. Actes et conventions

**ALI RUCKERT (KPL)** ajoute que cela empêcherait la spéculation sur une partie du terrain.

Il espère que les chiffres avancés aujourd’hui se révèleront corrects et que la Ville de Differdange en fera aussi davantage dans le domaine de la construction d’appartements à louer abordables.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** est entièrement de son avis.

**PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV)** ne peut que s’associer à tout ce qui a été dit. Le CSV approuvera l’augmentation du capital.

(Vote)

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** passe à la convention sur les maisons relais.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** rappelle que cette convention fixe le personnel auquel la commune a droit par enfant. Ainsi, un éducateur peut s’occuper de 6 enfants de moins de 2 ans — par exemple au Kornascht —, de 8 enfants de 2 à 4 ans et de 11 enfants de plus de 4 ans.

Parmi les nouveautés de la convention figure le remplacement d’heures EBS par un SEA inclusif. Les maisons relais et les structures d’accueil à travers le pays devront être inclusives. La Ville de Differdange a une longueur d’avance dans ce domaine. Georges Liesch mentionne le Kornascht et la nouvelle structure du funiculaire, qui est soutenue par l’APEMH.

Concrètement, la commune a le choix de conserver les heures EBS pendant trois ans ou de passer directement au SEA inclusif. Pour passer au SEA inclusif, il faut un responsable pédagogique inclusif, que la Ville de Differdange n’a pas encore.

La commune a finalement choisi de conserver les heures EBS pour des raisons économiques, car cela lui permet d’obtenir davantage d’heures d’éducateurs. Car le gouvernement veut baisser les heures d’éducateurs, ce qui est une mauvaise nouvelle pour les communes. Pendant trois ans, Differdange conservera donc les heures EBS. Le collège échevinal mise de toute

tal matzemaachen, bei där Wunnengsbau gesellschaft. Dat ass eng wichteg Saach. Et muss een awer vläicht drun erënneren, dass déi Wunnengsbau gesellschaft am Fong deem Optrag, deem se hat, an der Vergaangenheit, net ge-recht ginn ass.

Et ass vill ze wéineg am Beräich Wunnengsbau geschitt op Gemengenvieu. Et ass och vill ze wéineg am Bau vu Mietwunnenge passéiert. Elo kann een net soen, déi Gesellschaft wär dru schold, dass mer Wunnengsnout am Land hunn. An eischter Linn ass déi falsch Politik vun der Regierung schold. Déi während Joerzéngten dat net rich-tegt gemaach huet. Et hätt kenne méi e groussen Effort gemaach ginn. Wann deen elo kënnnt, dann ass dat èmsou méi ze begréissen.

Ech wöll besonnesch ervirhiewen, dass dës Gesellschaft op de Wee gaangen ass vum Bail emphytétique. Dat heesch, fir wierklech derzou báziedroen, dass d’Baue fir d’Leit méi bélleg gëtt, do-duerch dass se de Grond a Buedem net kafen, mä dass dee bei der Gesellschaft bleift. Dat ass natierlech eng Iwwer-leeung, déi vill méi breet misst gemaach ginn, wéi sech just op eng Gesellschaft ze beschränken. Dass de Buedem an éf-fentlecher Hand géif bleiwen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Dat ass richteg.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Dat géif natierlech och derzou báziedroen, dass d’Spekulatioun op engem Deel vum Buedem net kéint stattfan-nen.

Ech hoffen, dass déi Zuelen, déi mer hei kréien, a wat fir eng Richtung déi Ge-sellschaft do goe wëllt, sech an Zukunft als richteg erausstelle wäerten. An ech hoffen awer och, dass d’Gemeng Déif-ferdeng méi an eng Richtung geet vum Bau vu Wunnengen — net némmen iwwert déi Gesellschaft hei vum Wunnengsbau, mä vu sech aus —, wou d’Leit à même sinn, de Loyer ze bezuelen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Ech sinn do total Ärer Meenung. Madame Schambourg, w.e.g.

**PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, et ass scho ganz vill gesot ginn. Déi positiv Punkte sinn ervirge-strach ginn. Duerfir kenne mir eis och just eise Virriedner uschléissen. An d’CSV ass natierlech och ganz posi-tiv dësem Punkt géintiwwer agestallt. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Madame Schambourg. Da keínte mer zum Vote kommen.

*Le conseil communal décide à l’unanimité d’approuver l’augmentation du capital social de la Société Nationale des Habitations à Bon Marché.*

Merci. Deen nächste Punkt ass d’Kon-ventioune mat eise Maison-relaisen. Här Liesch, et ass dann un Iech, fir eis dat ze erklären, datt mer et verstinn.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Buergermeeschter. Et ass net esou kompliziéiert. Dir fannt am Dokument, wéi all Joer, d’Konventioun, virop mam Schlüssel, wéi vill Personal mer pro Kanner zegutt hunn. Dat heesch, bei Kanner méi kleng wéi zwee Joer, wat jo am Kornascht de Fall ass, hunn den Educator oder d’Educatrice sechs Kanner zegutt. Bei de Kanner tè-schent zwee a véier Joer sinn et aacht Kanner pro Educator. A bei de Kanner mat méi wéi véier Joer sinn et der eelef pro Educator. Dat ass also net vill Nei-es wéi soss.

Nei an dëser Konventioune, wéi Der wahrscheinlech gelies hutt, ass, datt déi EBS-Stonnen èmgewandelt ginn an „SEA inclusif“. Dat kritt elo en neien Numm an och eng aner Nues.

# 5. Actes et conventions

D'Maison-relaisen oder d'Structure-d'accueilen uechert d'Land sollen also émgestalt ginn an Inklusioun. Do si mir als Déifferdenger Gemeng schonn e puer Joer énnerwee, fir dat ze maachen. Eise Kornascht ass inklusiv. An déi nei Struktur, déi op de Funiculaire kënnnt, ass natierlech vum Numm hier, vu dass se vun der APEMH gedroe gëtt, och inklusiv.

Wat hei elo virgeschloe gëtt, dat ass, dass d'Gemeng elo de Choix huet, an deem ale Modell mat EBS-Stonnen nach déi nächst dräi Joer an enger Phase transitoire weiderzfueren oder sech op de Wee mécht, op deen „SEA inclusif“-Modell eriwwerzegoen. Wat da géif bedeuten, dass mer e Responsabele fir Pédagogique inclusive missten hunn. Mir hunn de facto nach kee Responsabelen nominéiert. Mä déi Chargé sinn awer an eise Responsabel-Poste vun eise Maison-relaise mat dran. Mir wäerten déi nach e bësse verdäitlechen an erausschielen, dass dat och wierlech transparent no bausse gedroe gëtt.

Eise Choix ass, fir op den EBS-Stonnen ze bleiwen. Ganz einfach aus ekonomesche Grënn. Mam Modell vun EBS-Stonne kréie mir als Gemeng vill méi Educateursstonne wéi mat deem neie Modell. De Bémol, wat ech e bësse bedaueren, ass, dass d'Regierung op de Wee geet, weiderhin Educateursstonnen an de Maison-relaisen ofzebauen. Wat eis als Déifferdenger Gemeng natierlech net entgéintkënnt. An och deenen anere Gemenge sécher net entgéintkënnt.

Mä mir wäerten op jidde Fall elo emol nach an deem Modell vun den EBS-Stonne bleiwen, soulang mer dat kënnen. Also an deenen nächsten dräi Joer. Dass mir déi Inklusivitéit wëlle maachen, ass kee Geheimnis. Wéi gesot, mir maachen dat scho länger Zait. Mä aus ekonomesche Grënn an aus Grënn, fir Stonne fir eis Kanner ze hunn, bleiwe mer um Modell vun den EBS-Stonnen, während deenen nächsten dräi Joer.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Liesch. Da géife mer zum Vote kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention 2017-2019 avec l'État pour les services d'éducation et d'accueil aux enfants (maisons relais).*

Merci. Här Liesch, et ass nach eng Kéier un Iech. Et ass d'Konventioun mat Valorlux.

## SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Dat geet méi schnell. Do ass näischt Neies. Et ass wéi all Joer, den Index gëtt ugepasst. Mir leien elo bei 183,42 Euro d'Tonn, déi mer vun der Valorlux kréien.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Diderich, w.e.gl.

## GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wolltnofroen: Do gëtt et dach a verschiddene Gemengen e Projet, dass déi Saachen, déi een net an d'Valorlux-Tut kann dra maachen, do nach an eng extra Tut gemaach ginn, fir dass déi och recuperéiert ginn. Ass dat op Gemenge begrenzt? Firwat mécht Déifferdeng dobäi net mat?

Net dass ech selwer e grousse Fan si vu Valorlux, ech stëmme jo èmmer géint déi Konventioun.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

## GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Well ech dat vum Prinzip hier e falscht Signal fannen. An nach méi e falscht Signal fannen, dass do eng Asbl, déi vun der Industrie kënnnt, dat iwwert dee Wee mécht. Mä ech wollt awer nofroen, ob dat eng Iddi ass, dat och zu Déifferdeng anzeféieren? Wéi steet et domatter?

façon sur l'inclusion depuis longtemps.  
(Vote)

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** passe à une convention avec Valorlux.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** explique que rien ne change par rapport aux autres années. À la suite de l'adaptation de l'indice, la commune reçoit 183,42 € par tonne.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** mentionne un projet en cours dans d'autres communes où l'on utilise d'autres sachets pour les détritus qu'on ne peut pas mettre dans les sachets Valorlux.

Gary Diderich n'est de toute façon pas un fan de Valorlux et vote toujours contre cette convention. Par principe, il trouve que l'on envoie un mauvais signal aux gens en laissant une ASBL comme Valorlux gérer ces déchets.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** répond qu'il existe effectivement un projet pilote dans d'autres communes.

Le collège échevinal a demandé de son côté que les sachets Valorlux soient numérotés. Valorlux n'était pas d'accord, mais le collège échevinal a insisté.

Le problème de ces sachets est que l'on ne peut pas identifier à qui ils appartiennent. Or si les gens y déposent les mauvais déchets, Valorlux colle une étiquette rouge dessus et ne les ramasse pas. Dans le cas des résidences, il est impossible de savoir qui a sorti le sachet. Grâce à une numérisation, il deviendrait possible de savoir qui a emporté quel rouleau de sachets.

Georges Liesch espère que Valorlux acceptera la demande de la Ville de Differdange. Il s'agirait alors d'un projet pilote.

Au moment de l'introduction de Valorlux, Georges Liesch était lui aussi sceptique quant à l'aspect pédagogique. Mais ce qui compte finalement, ce sont les résultats. Le système Valorlux contribue énormément au recyclage des déchets même si l'approche n'est pas très pédagogique.

# 5. Actes et conventions

## ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ajoute que depuis dix ans, Valorlux aide la maison des jeunes à financer les études de quatre jeunes en Inde grâce à la collecte de bouchons. Les jeunes en ont collecté près de 11 t. Pour chaque tonne, Valorlux ajoute 250 €. Cette somme n'est pas énorme, mais elle permet de financer les études d'enfants en Inde.

Ce projet n'est peut-être pas très connu, mais il vaut la peine de le mentionner.

(Vote)

## ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

passe aux statuts de l'ASBL Territoire national transfrontalier de la Chiers et de l'Alzette.

## GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

rapelle que l'année dernière, la Ville de Differdange a signé une charte avec les communes de Saulnes et de Hussigny. L'étape suivante consiste à créer une ASBL regroupant les trois membres fondateurs, qui se donnent les moyens juridiques et légaux d'entreprendre des actions.

La commune de Saulnes a approuvé les statuts le 30 janvier. Hussigny le fera prochainement. Lorsque les trois communes auront approuvé les statuts, l'ASBL pourra commencer à travailler.

Le budget est fixé à un euro par habitant. Differdange sera la commune apportant le plus de capital. Mais elle profitera du projet.

Sans vouloir détailler les statuts, Georges Liesch va présenter les trois objectifs de l'ASBL: valoriser et développer un patrimoine culturel, naturel, historique et socioéconomique commun, promouvoir les activités pour l'environnement et apporter une réponse durable aux aspirations des habitants en termes d'emploi, de qualité de vie, d'habitat et de vie socioculturelle.

Georges Liesch espère que l'ASBL pourra élaborer un plan d'action cette année pour qu'il puisse être mis en œuvre l'année prochaine.

Le siège de l'ASBL sera situé à Differdange.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Liesch, w.e.g.l.

## SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Et ass effektiv e Pilotprojet, dee just an e puer Gemenge leeft, fir dat emol ze testen. An däri Pilotphas si mir net dobäi. Mir hunn awer eppes aneschters ugeleiert, wou mer nach op eng Antwort waarden. Mir hätte gär, dass eis Valorlux-Tuten nummeréiert ginn, wou d'Valorlux sech am Ufank net positiv geäussert huet. Wou mir awer mat Nodrock gesot hunn, dass mir dat onbedéngt gären hätten.

De Problem, dee mir mat de Valorlux-Tuten hunn ass deen, dass wa se dobausse stinn, mir net können idenfitiéieren, wiem seng et ass. A wann d'Leit Saachen dramaachen, déi eigentlech net dra gehéieren, dann huele si se einfach net mat a si maachen eng rout Etikett drop.

Da stelle sech zum Beispill an enger Residence dës Froen: Wiem seng ass et? Wou ginn ech elo mat däri Tut hin? Wee muss fir d'Entsuergung vun däri Tut bezuelen? An dat geet eiser Meenung no némmen, wa mer nummeréiert Tuten hunn, wou mer hei da kënne feststellen, wie wat fir eng Rull mat wat fir enger Nummer vun Tute matgeholl huet. Dat ass eng Revendicatioun, déi mer hunn. Ech hoffen, dass mer déi deemnächst können duerchsetzen an dat können aféieren. Mä dat wäert dann e Pilotprojet sinn, dee mir als Déifferdenger Gemeng wäerte maachen.

Ech ginn Iech recht, wéi Valorlux agefouert ginn ass, war ech och eischter skeptesch. Vum pädagogeschen Aspekt hier kann een dat natierlech kritiséieren. Et muss een natierlech och esou fair sinn an op däri anerer Sait d'Resultater kucken: Déi weisen, dass duerch de System Valorlux awer enorm vill recycléiert gëtt, och wann et vläicht eng pädagogesch besser Approche ginn hätt. D'Fro ass just: Wär se genau esou effikass gewiescht? Déi hei ass op jidde Fall effikass. Duerfir kann ech dat nach èmmer vertrieden.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech wollt och emol erwänen: Et sinn elo bal zéng Joer, wou d'Valorlux dem Jugendhaus helleft, véier Jonker d'Studien an Indien ze bezuelen, an dat mat de Stëpp. Déi Jonk maache sech ganz vill Aarbecht, fir Stëpp duerch d'ganzt Land asammelen ze goen. Si hu bal iwwer 11 Tonne Stëpp gesammelt. Dat muss ee sech emol virstellen, wat dat u Quantitéit ass. A vu datt den Taux vu Stol an Eisen immens variabel ass, hättet mer de Jonken net kéint d'Schoul an Indien bezuelen. Dowéinst leet d'Valorlux pro Tonn 250 Euro bai. Dat ass vläicht net vill, mä domatter bréngen d'Erzéier an déi Jonk et fäerdeeg, de Kanner an Indien eng Schoul ze bezuelen.

Dat ass nach ni gesot ginn, et ass vläicht och net gewosst. Mä ech fannen dat och e ganz flotte Projet, deen déi Jonk mat den Erzéier maachen.

Mir géifen zum Vote kommen.

*Le conseil communal décide avec 16 voix «oui» et 1 voix «non» d'approuver le premier avenant à la convention Valorlux.*

Villmoools Merci. Da komme mer zu de Statute vun enger Asbl Territoire National Transfrontalier de la Chiers et de l'Alzette. Här Liesch, Dir hutt d'Wuert, fir eis dat ze erklären.

## SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Dat ass am Fong e konsequente logesche Schratt, nodeem mer d'lescht Joer hei eng Charte gestëmmt hunn, wou mer wëllen iwwert en Territoire National Transfrontalier mat de Gemengen Zounen an Hussigny a verschiddene Beräicher zesummeschaffen. Déi nächst logesch Konsequenz vun dëser Charte ass d'Grënne vun enger Asbl. Wou elo emol déi dräi Gemenge Membre fondateur sinn a sech domatter juristesches a legal Moyene ginn, fir können Aktiounen ze ènnerhuelen, déi eben am Grenzgebitt bei eis stattfannen.

# 5. Actes et conventions

D'Gemeng Zounen huet dës Statute schonn den 30. Januar an hirem Gemengerot gestëmmt. D'Gemeng Héisseng ass drop an drun. An elo ass et un eis. Wann déi dräi Gemengen déi Statuten approuvéiert hunn, da kann déi Asbl ufänke mat schaffen.

Natierlech kënnt dann e Budget op eis duer. Dee läit bei engem Euro pro Habitant. Dat ass emol esou festgehale ginn. D'Déifferdenger Gemeng wäert dee gréissten Apport en capital bréngt pro Joer. Déi aner Gemenge manner. Mä ech denken, dass mir awer och ganz vill dovunner wäerte profitéieren.

Ech wëll Iech elo net déi ganz Statute virliesen, mä erlaabt mer kuerz, déi dräi Objektiver opzeielen, och fir d'Leit dobaussen. Dass déi awer verstinn, wat déi Asbl hei als Objet huet, firwat se eigentlech do ass.

Deen éischten Objet ass: „L'association a pour objet de faire connaître, valoriser et développer un patrimoine culturel, naturel, historique et socio-économique commun“. Deen Zweeten: „Promouvoir les activités – sur, pour et autour – de l'environnement qu'il considère comme le moteur de son développement économique“. An deen drëtten Objet: „Apporter une réponse durable aux aspirations de ses habitants en terme d'emploi, de qualité de vie, d'habitat et de vie socio-culturelle“.

Ech mengen, mat deenen dräi Objektiver kann ee sech e bësse méi virstellen, a wéi engem Beraïch dës Asbl wäert aktiv ginn. Mir hoffen, nach dëst Joer kënnen esou wäit ze kommen, dass mer en Aktiounsplang kënnen ausschaffen, deen d'nächst Joer da kann émgesat ginn. Dat ass op jidde Fall eist Zil.

De Siège vun der Asbl, dat kann ee vläicht nach ernimmen, ass hei zu Déifferdeng.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Très bien. Här Hobscheit, w.e.gl.

## PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Ech faasse mech kuerz, well ech weess, dass den Här Schwachtgen dozou

wahrscheinlech e bësse méi wäert soen. Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll dat do einfach begréissen. Mir haten dat schonn eemol hei am Gemengerot. Et ass net komplett nei. Eng Zesummenaarbecht téscht de Gemengen ass émmer flott, a wann dat dann och nach grenziwwerschreidend ass, mengen ech ass dat émsou méi flott. Dat ass eng Chance, déi sech bitt fir Déifferdeng, awer och fir déi aner Gemengen aus den Nopeschregiounen. Eng Chance, déi mer sollten notzen.

Den Här Liesch huet eis gesot, wat dat kascht. Ech mengen, dat ass wierklech net d'Welt. Wann een eppes Flottes wëll maachen, da muss een, grad am Ufank, bereet sinn, e puer Su dranzestiechen. Fir dass eppes Flottes dobäi erauskomme kann. Mir sinn iwwerzeegt, dass do flott Initiative wäerten entstoen. An d'LSAP énnerstëtzzt dat selbstverständlichech. Ech soen Iech Merci.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Dann den Här Schwachtgen, w.e.gl.

## FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech hat elo leider den Ufank verpasst vum Här Liesch, mä ech denken, dass hien dat gutt erkläert huet.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et war alles gutt, wat hie gesot huet.

(Gelaachs)

## FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dat hei ass e klengt Resultat vun enger Aarbecht, déi mer elo säit dräi Joer maachen. Wou ech mech och perséinlech ganz staark dran investéiert hunn. De Grondgedanken ass, dass mer dee ganzen Territoire désäit der Grenz, also d'Communauté de communes vun dem Pays de Longwy – et si 25 Gemengen –, en Deel vun der Communauté de communes vum Howald/Alzette – dat ass Réiden, désäit Audun-le-Tiche, Micheville a Villerupt, zum Beispill – mat bei

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** se montrera bref, car il imagine que M. Schwachtgen a beaucoup à dire. Il salue ce projet dont il a déjà été question. Il se réjouit de ce partenariat transfrontalier entre différentes communes. Il s'agit d'une opportunité.

M. Liesch a déjà mentionné les couts. Mais si l'on souhaite vraiment réaliser un beau projet, il faut y mettre le prix surtout au départ. Pierre Hobscheit s'attend à des initiatives réussies. Les socialistes soutiendront ce projet.

## FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

n'a pas entendu ce qu'a dit M. Liesch, mais il suppose que celui-ci a bien expliqué le projet.

Il explique que la création de l'ASBL est le résultat d'un travail dans lequel il s'investit depuis trois ans. L'objectif est de partager le territoire transfrontalier avec la communauté des communes du pays de Longwy et la communauté de communes Howald/Alzette. Au Luxembourg, il s'agit de Sanem et Pétange. Käerjeng semble aussi intéressée. Cela fait trois ans que Differdange essaie d'éveiller l'intérêt de ces communes qui ont en commun un patrimoine naturel, culturel et sociétal particulièrement riche.

L'idée a pris naissance lorsque M. Schwachtgen enseignait à l'École Nature. De l'autre côté de la frontière, les communes connaissent les mêmes problèmes écologiques qu'à Differdange – couplés à une situation sociale plus difficile. Mais la protection de l'environnement n'est pas la même. À titre d'exemple, les uns protègent les martins-pêcheurs d'Europe, les autres pas. C'est pourquoi il faut agir ensemble. Differdange ne va pas s'appauvrir même si elle doit investir plus au départ.

Fränz Schwachtgen rappelle que Longwy est jumelée avec Differdange bien que les contacts soient rares. Grâce à ce projet, des discussions ont lieu avec l'office du tourisme de Longwy, qui est aussi celui de la Grande Lorraine.

# 5. Actes et conventions

À l'origine, Differdange voulait créer un parc naturel. Mais en France, ce terme a une autre signification. Fränz Schwachtgen souhaitait s'inspirer des parcs régionaux Our et Haute-Sûre. Certes, dans le cas du territoire transfrontalier, la surface est plus petite, mais le patrimoine naturel y est tout aussi important.

Il s'agirait du premier territoire transfrontalier du Luxembourg, mais le parcours est semé d'embûches législatives et l'Etat français ne simplifie pas les choses.

Finalement, une charte a été signée et le nettoyage de la forêt de samedi prochain sera organisé avec Saulnes et Hüssigny.

Fränz Schwachtgen se réjouit de la création d'une ASBL. Il reste la question des fonds. Il y a deux ans, la Ville de Differdange a recruté une spécialiste qui aide la commune à mettre sur pied des projets Interreg. Deux projets ont d'ailleurs déjà été proposés, mais ils n'ont pas été retenus.

La préparation de ces projets requiert énormément de travail et à la fin, on n'a quand même pas droit aux subventions qui représentent plusieurs centaines de milliers d'euros. L'ASBL transfrontalière devrait permettre de toucher les subventions européennes plus facilement. Le secrétaire d'Etat au Développement durable et aux Infrastructures, M. Gira, a d'ores et déjà promis l'aide de l'Etat luxembourgeois. Ce projet permettra de doubler le territoire differdangeois. Et même si le projet commence doucement, il finira par éveiller l'intérêt de toute la région, car il permettra de soutenir les communes françaises plus pauvres.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** salue ce projet et tient à honorer le travail ayant été effectué. Les partenariats interrégionaux sont difficiles à tisser, car il faut construire des relations et entrer en contact avec des gens.

Ce projet concerne avant tout l'environnement, qui, lui, ne connaît pas de frontières. déi Lénk ne peut que soutenir ce projet.

eis an d'Boot kréien, fir deen Territoire mat hinnen ze deelen. Op Lëtzebuerger Säit wieren dat d'Gemeng Suessem an d'Gemeng Péiteng. D'Gemeng Käerjeng huet och schonn e bëssen ugeklappt.

Déi Gemengen hu mer virun dräi Joer ugefaangen all ofzegrassen, fir den Intérêt ze wecken, dass mer e bësse méi wëllen iwwert d'Grenz schaffen. Well mer e räichen Naturpatrimoine hunn, e räiche Kulturpatrimoine a Gesellschaftspatrimoine iwwert déi gemeinsam Aarbecht oder déi gemeinsam Industriegeschicht, déi mer hunn.

De Gedanken ass am Fong entstanen, wéi ech zu Lasauvage an der Naturschoul geschafft hunn als Enseignant. Mir hu ganz dacks némmen no Lëtzebuerg gekuckt, mam Réck zur Grenz gelieft, obscho mer matzen op der Grenz souzen.

An déi Problematik, déi déisäit ass, ass déiselwecht wéi hei: Naturschutz, Ekologie. Awer sozial méi schlëmm Zoustänn wéi bei eis. Ech mengen, et brauch een dofir némmen iwwert d'Grenz ze goen. Dee Moment ass de Wäert vum Ëmweltschutz en aneren. An et ka jo net sinn, dass den Äisvillchen – elo krass gesot – op där engen Säit geschützt ass an op där anerer Säit net geschützt ass, wou e kann ofgeschoss ginn. Eleng an deem Beräich muss schonn eppes gemaach ginn.

Lëtzebuerg an Déifferdeng ginn do duercher net méi aarm, wa mer am Ufank méi Geld drastiechen. Den Intérêt ass op jidde Fall bis hanner Lonkech – iwwregens eng Ville jumelée, wou mer net méi esou vill Kontakt hunn. Awer déi Kontakter hunn opgeleift, och mam Office du Tourisme vu Lonkech, wat den Office du Tourisme vun der Grande Lorraine ass.

Den Urgedanke war am Fong, e Parc naturel ze maachen. Mir hunn awer mussen dovunner ofgesinn, well a Frankräich de Begréff Parc naturel e ganz aneren ass wéi hei zu Lëtzebuerg. Mir huet èmmer virgeschwief, fir eppes Ähnleches wéi de Regionalpark Our, de Regionalpark Uewersauer hei am Süden transfrontalier ze maachen. Wat vläicht an der geographescher Ausdehnung méi kleng wär, awer grad esou räich u Patrimoine naturel wéi do uewen am Éislek.

Dat wier deen éischten Territoire transfrontalier naturel, dee mer géifen hei am Land, an och wäit an Europa eriwwer, schafen. Et gëtt der e puer, awer net vill. Well eben déi géigesätzlech Legislaturen op där engen Säit an op där anerer Säit sinn. An de franséischen, nach èmmer zentralisteschen, Staat mécht eis déi Saach och wierklech net méi liicht.

Wéi gesot, et ass elo e bësse virugaangen, dass mer emol eng Charte gemaach hunn. Den Här Liesch huet gesot, dass mer och ganz vill Intérêt déisäit geweckt hunn, an dass mer mat Zounen a mat Héiseng elo a méi enke Kontakt trieden. Ee vun den éischte Kontakter berout op méi klenge Schrëtt: Dat ass d'Beschbotzaktioun den nächste Samenschdeg, déi zesumme mat Héiseng a mat Zounen organiséiert gëtt.

Mer hu vill aner kleng Interêten, mer wölle wierklech dat Gebitt hei ronderëm eis Géigende valoriséieren. Dofir sinn ech frou, dass mer eng Asbl kréien. Déi awer och eppes anescht opmécht, a mir hunn eis iwwerall dru gestouss: Wou kréie mer Suen hier, eise klenge Bäitrag? Déifferdeng kann Zounen an Héiseng jo net alles fonctionnéiere loessen.

Mir hunn eng Persoun hei an der Gemeng, eng Fachfra, engagéiert virun zwee, dräi Joer, déi eis helleft, europäesch Projeten ze landen an deem Kontext, Interreg-Projeten. Mer haten och schonn zwee eraginn. Mer sinn awer leider a leschter Minutt net an d'Selektion komm. Wat awer ganz vill Aarbecht bedeit huet am Virfeld, déi kee gesäit. An herno ass een awer net derbäi, fir Honnertdausende vun Euro ze kréien. Dat ass nun eben esou. Awer mer hoffen, do èmmer erëm fündeg ze ginn. An doduercher, dass mer elo eng Asbl maachen, déi iwwert d'Grenzen ewech schafft, kënne mer méi liicht a méi einfach doranner fonctionnéieren.

Mir hunn eis vergewëssert, dass mer Hellef vum Lëtzebuerger Staat kréien. A Gespréicher mat der Regierung, mam Staatssekretär Gira, hu mer gerode kritt: Maacht déi Struktur, da kënne mer Iech vum Staat aus och bezuschussen, wa Projete kommen.

An ech hoffen, dass dat hei elo d'Dier opmécht, fir am klenge Raum elo emol... Wat awer schonn e groussen

# 5. Actes et conventions

ass, well mer verduebelen am Fong den Déifferdenger Territoire. Mir maachen en och méi ráich u Populatioun. Op dár anerer Sait ass et natierlech émgedréit. Soudass dat e klengen Ufank ass, wou mer lues a lues awer den Intérêt vun der ganzer Region kreien, well e finanziell dann och deene relativ aarme Gemen gen a Frankräich méi bréngt. Ech soen Iech Merci.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci och. Här Diderich, w.e.g.l.

## GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Mir begréissen déi doten Initiativ absolut. Ech wéll déi Aarbecht wierdegen, déi hei geleescht ginn ass. Interregional Aarbecht, Zesummenaarbecht mat anere Gemengen ass eng laangootmeg Aarbecht, wou ee muss Relatiounen opbauen, wou een a Kontakt trétt mat Leit. Wou ee komescherweis einfach duerch eng Grenz zum Deel manner Kontakt huet, obwuel een zum Deel grad esou no ass.

An esou e Projet, an domatter och déi heiten Asbl, ass kruzial. Virun allem geet et hei ém Natur. An d'Natur mécht guer keen Ênnerscheed un der Grenz. Dat doten ass e ganz wäertvolle Projet, dee mir némme kënnen énnerstëtzen.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Et soll kee wonnen, wa vläicht deemnächst den éischte Wollef géif vun dár Sait kommen. D'Chancë sinn net kleng, wéll ech Iech soen. An da mussen déi Leit mat Schof oppassen.

(Gelaachs)

Mir kommen elo zum Vote.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les statuts de l'asbl Territoire Naturel Transfrontalier de la Chiers et de l'Alzette (TNT).*

Exzellent. Villmools Merci. Dat nächst ass en Accord de coopération mat Oxford. Den Här Ulveling war op der Plaza. Hie kann eis d'Detailer zielen, wat alles geschwat ginn ass.

## SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dir Dammen an Dir Hären, ech hat d'Chance mam Gemengesekretär dräi Deeg zu Oxford ze verweilen, fir e bës sen d'Geschicht vun dár Saach noze vollzéien. 1999 huet d'Gemeng Oxford e Beschloss gefasst, wou se gesot huet, si géif gär mat Déifferdeng e Jumelage maachen. Dat schéngt awer iergendwéi hei an den Tiräng verschwommen oder vergiess ginn ze sinn.

Jiddefalls hunn ech zoufälleg eng Kéier bei der Miami University de fréiere Buergermeeschter vun Oxford kenneléiert, an deen huet mech dorop ugeschwat. Doropshin hu mer dat hei nogesicht, an do hu mer festgestallt, dass effektiv eng Kéier esou ee Pabeier hei erakomm ass. Déi Iddi hu mir gutt fonnt an eis entschloss, fir dat ze konkretiséieren.

Dést Joer sinn et 20 Joer, wou d'Miami University oder de MUDEC, den John E. Dolibois European Center, sech hei zu Déifferdeng niddergelooss huet. Dat gëtt am Mee mat enger amerikanescher Delegatioun, déi erofkénnt, hei gefeiert. Mir fannen dat eng gutt Geleeënheet, fir esou e Jumelage unzegoen. Wéssend, dass et den éischte Jumelage ass, dee mat engem anere Kontinent gemaach gëtt. Bis elo si mer émmer an Europa bliwwen. Mir mengen, dass dat positiv Repercussionen kéint hunn, notam men well mer all Joers eng grouss Unzuel vun amerikanesche Studenten aus Oxford hei zu Déifferdeng hunn.

Wann een Oxford esou kuckt, ass dat eng Stad, déi eis ebenbürteg ass. Si huet och an déi 25.000 Awunner. Mir hu just eng Square mile méi wéi si. Eis Surface ass e bësse méi grouss. D'Stad huet, wéi gesot, 25.000 Awunner, dovunner si bal 20.000 Studenten. Dat heescht, do, wou d'Stad ophält, fänkt d'Miami un. An do, wou d'Miami ufänkt, hält d'Stad op.

Dat heescht, d'Miami University ass am Fong déi ganz Stad. Mat e puer Ausleefer, wou haaptsächlech d'Perso-

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**  
*plaisante sur le fait que le premier loup franchira bientôt la frontière. Les gens devront faire attention à leurs moutons.*

(Rires)

(Vote)

*Roberto Traversini passe à un accord de coopération avec Oxford. M. Ulveling s'est rendu sur place.*

**TOM ULVELING (CSV)** a eu la chance de passer trois jours à Oxford avec le secrétaire communal. Il explique que dès 1999, la municipalité d'Oxford avait manifesté son intérêt pour un jumelage avec Differdange. Tom Ulveling en a été informé par l'ancien maire d'Oxford, qu'il a rencontré récemment. Après des recherches, le collège échevinal a effectivement retrouvé une demande datant de l'époque.

Cette année, la Miami University a fêté les vingt ans de l'implantation du MUDEC à Differdange. Pour l'occasion, une délégation américaine viendra à Differdange en mai. Le collège échevinal veut en profiter pour créer le premier jumelage avec une municipalité en dehors de l'Europe.

Oxford est une ville de quelque 25 000 habitants, dont 20 000 étudiants. Cela signifie qu'Oxford et la Miami University sont intimement liés.

À Oxford, il n'y a pas de gratte-ciels. Les infrastructures sportives sont formidables notamment en ce qui concerne le hockey sur glace et la natation. Récemment, la ville a ouvert une nouvelle bibliothèque.

La délégation differdangeoise a eu l'occasion de visiter la ville, qui est jolie et agréable. Tom Ulveling conseille d'ailleurs à chacun de s'y rendre. Il compte aussi organiser un voyage pour les citoyens dans le cadre du jumelage.

La Miami University est à Differdange depuis vingt ans. Elle compte désormais agrandir son campus. Jusqu'à présent, 80 à 100 étudiants viennent étudier à Differdange chaque année pendant trois ou quatre mois. Les responsables réfléchissent à la création d'un véritable campus européen de 300 à 400 étudiants. Le collège échevinal a l'intention de proposer le site de l'ancien hôpital au Woiwer.

# 5. Actes et conventions

Pour Differdange, cela signifierait avoir deux universités — plus une troisième à proximité — ainsi que de nombreux nouveaux étudiants. Dans 5 ans, il pourrait s'agir de plus de 1000 étudiants si LUNEX fonctionne comme prévu. Cela dynamiserait la ville.

Les discussions sont en cours, mais rien n'a encore été décidé. Ce qui semble sûr, c'est que la Miami University occuperait les deux sites: le château et l'ancien hôpital.

La seule difficulté est liée aux logements pour étudiants. La Miami University voudrait continuer à placer ses étudiants dans une famille d'accueil, mais elle souhaiterait aussi disposer de logements. C'est là que la Ville de Differdange a des efforts à faire.

Le séjour à Oxford a été très intéressant. Tom Ulveling pense que ce qui pourrait arriver à Differdange dans cinq ou six ans est formidable. La Ville de Differdange doit profiter de cette opportunité. C'est pourquoi Tom Ulveling demande au conseil communal d'approuver la convention.

**PIERRE HOBSCHET (LSAP)** félicite l'initiative du collège échevinal même s'il regrette que rien n'ait été fait pendant toutes ces années. Il est d'autant plus important de réaliser ce jumelage avec Oxford maintenant.

Pierre Hobscheit espère qu'il sera possible de rendre ce jumelage vivant. Certes, la Miami University est liée à Differdange, mais Oxford ne constitue pas la porte à côté. Il sera donc plus difficile d'entreprendre des initiatives comme c'est le cas avec Longwy ou les villes en Italie et au Portugal. Mais Pierre Hobscheit pense qu'il y a des opportunités dans le domaine du sport et de la culture.

En tout cas, tout ceci est une chance pour Differdange.

**ALI RUCKERT (KPL)** estime que les jumelages avec des villes aussi éloignées sont complexes. Un conseiller communal a dit tout à l'heure que les contacts avec Longwy étaient rares. Or Longwy se trouve à vingt kilomètres de Differdange.

nal, wat op der Uni beschäftegt ass, lieft a wunnt. Et huet eis ganz gutt gefall. Et ass eng Stad ouni Héichhaiser. Et ass alles zwee, dräi Stäck héich. Si hu formidabel Sportsinfrastrukturen. Notamment am Äishockey an am Schwammen hu si Saachen, vun deene mir hei am Lëtzebuerger Land nämmen dreeme kennen. Si hunn och eng ganz flott nei Bibliothéik opgemaach.

D'Buergermeeschtesch, d'Madame Rousmaniere, an den Här Douglas Elliott, de Citymanager, hunn eis e bëssen duerch hir Stad gefouert. Wéi gesot, et ass eng ganz flott an heemlech Stad. Ech géif jiddwerengem soen, e soll eng Kéier, wann en Zäit huet, dohinner goen. Mir versichen och eng Kéier do eppes ze organiséiere fir eis Bierger, fir dee Jumelage dann ze vollzéien.

D'Miami University ass elo 20 Joer hei zu Déifferdeng. Et waren och Gespréicher mam Dekan an dem Rektor. Si sinn nämlech am Gaang Iwwerleeungen unzestellen, fir hire Campus hei zu Déifferdeng méi grouss ze maachen. Dir wësst, bis elo waren èmmer èm déi 80 bis 100 Studente während dräi, véier Méint eriwwerkomm, fir hei ze studéieren. A si sinn am Gaang, Iwwerleeungen unzestellen, ob se net sollen e reegelrechten europäesche Campus hei maachen. Dee géif eng 300 bis 400 Studenten hei beherbergen.

Dir wësst, dass Servior am ale Spidol um Woiver een neie Bau plangt. Mir als Gemeng hunn hinne proposéiert, sech dat emol unzekucken, ob dat net eppes wier, wou si hiren zukünftege Campus kéinten oprichten.

Si sinn am Gaang, dat mat Architekten an Affekoten ze studéieren, wéi se dat kéinte maachen. Fir Déifferdeng wär dat wierklech eng Beräicherung. Dann hätte mer net nämmen zwou Unionen an eng drëtt, déi net ganz wäit ewech wär, mä mir hätten e ganze Koup nei Studenten. Wann dat mat der LUNEX klappt, sou wéi mer eis dat virstellen, da kéint een dervun ausgoen, dass a fénnef, sechs, siwe Joer iwwer 1.000 Studenten hei zu Déifferdeng wären, wat eis Populatioun e bëssen oplackere géif. Dat géif och eng ganz aner Dynamik an d'Stad erabréngen.

Wéi gesot, si sinn am Gaang dat ze kucken. Et ass nach näischt énnerschriw-

wen. Et ass nach alles am Verhandelen an am Diskutéieren, wat méiglech ass. Wichteg ze soen: Am aktuelle Stadum, sou wéi si dat elo gesinn, wëlle si déi zwee Sitte bääbelalen. Dat heescht, si géifen d'Schlass behalen a si géifen zousätzlech dat aalt Spidol huelen, fir do hire Campus ze maachen.

Deen eenzege grousse Besoin, wou si Problemer gesinn, dat sinn d'Studentewunnengen, wou si ganz staark drop pochen. Si wëllen zweegleiseg fueren. Dat heescht, si wëlle weiderhin hir Studenten an de Famillje placéieren, mä si wëllen awer och de Studenten d'Méiglechkeet ginn, a Studentewunnengen ze wunnen. An ech mengen, do musse mer als Stad Déifferdeng awer nach Efforte maachen, fir deem da gerecht ze ginn.

Ech hunn Iech dee ganze Sejour, déi dräi Deeg, déi mer do hate mat villen Diskussionen, e bësse geschéldert. Et war ganz interessant. An ech mengen, wat an deenen nächste fénnef, sechs Joer hei wäert op Déifferdeng zoukommen, wa sech dat konkretiséiert, ass eng formidabel Chance fir eis. Déi sollte mer nutzen. Dofir géif ech plaidéieren, dass ee sollt däi Konventioun hei zoustëmmen, wat déi zwou Populatiounen do soll ze-summeféieren. Ech soe Merci.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Ulveling. Här Hobscheit, w.e.g.l.

## PIERRE HOBSCHET (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll dem Schäfferot zu däi Initiativ felicitéieren. Quitte dass et natierlech bedauerlech ass, dass esou eng Absichtserklärung scho méi laang am Tirang louch an ni wierklech eng Suite krut. Dat ass natierlech schued. Duerfir ass et awer èmsou méi begréis-senswäert, dass mer do elo konkret eppes maachen, fir mat der Stad Oxford, Ohio e Jumelage anzegoen.

Ech hoffe just, dass mer et fäerdegrén-gen, dee Jumelage dann och mat Liewen ze fëllen. Quitte dass een duerch d'Miami University natierlech schonn en enke Lien zu däi Stad huet, ass et net grad èm den Eck. An do ass et vläicht

# 5. Actes et conventions

net grad esou einfach, Saachen ze maachen, wéi wann een elo Initiativen hëlt mat Lonkech oder mat eise Partnerstied an Italien oder a Portugal.

Dat gëtt sécherlech eng Erausfuerdeung, ass awer mengen ech och eng Chance, fir sech Gedanken ze maachen, wéi een an deene verschidde Beräicher, Sport, Kultur kann Initiativen huelen.

Wéi gesot, ech kann dem Schäfferot némme felicitéieren, well et eng Opportunitéit ass, déi ee soll ergräifen. Et ass eng Chance fir eis Stad. Ech soen Iech Merci.

## **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci och. Här Ruckert, w.e.g.l.

## **ALI RUCKERT (KPL):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, et ass émmer komplizéiert, wann een eng Städtepartnerschaft mat enger Stad mécht, déi esou wäit eweche läit – wéi elo hei an dësem Fall an den USA. Ech hu viru fënnef Minuten hei vun engem Conseiller vun der Majoritéit héieren, mir hätten net méi esou vill Kontakt mat Lonkech.

## **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Richteg.

## **ALI RUCKERT (KPL):**

Dat läit zwanzeg Kilometer vun hei eweche.

## **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Mol net.

## **ALI RUCKERT (KPL):**

Ech géif Iech bidden, vläicht do e bësse Beméiungen ze maachen, dass mer erëm méi Kontakt mat Lonkech kréien.

(Interruptioun)

Den Här Schwachtgen huet dat elo virdu gesot. Deen ass jo awer an der Majoritéit, dee misst dat jo awer wëssen.

## **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Et ass émmer relativ, Här Ruckert.

## **ALI RUCKERT (KPL):**

Ech wëll eppes dozou soen, well ech an der Vergaangenheet schonn e puer-mol drop higewisen hunn. Déi Universitéit aus den USA, vun Oxford, wou mer eng Zweigstell hei zu Déifferdeng hunn: Ech war a sinn net d'accord, dass d'Déifferdenger Gemeng oder de Lëtzebuerger Staat dofir ass, fir eng éffentlech Universitéit aus den USA mat Lëtzebuerger Steiergelder ze finanzéieren.

Ech fannen dat ganz schlëmm, wann de Lëtzebuerger Staat oder d'Gemeng Déifferdeng muss Suen ausginn, wann do renovéiert gëtt, fir elektresch Leitungen ze bezuelen. Wann dat Land, wat déi Universitéit do soll énnerhalen, all Dag Millioune Sue fir Kricher ausgëtt a keng Suen huet, fir seng éffentlech Universitéiten ze finanzéieren. Dat fannen ech ganz bedauerlech. An dat gëtt jo nach émmer méi schlëmm.

Ech wëll awer mäi Vote net dovun of-hängg maachen. Ech hunn dat hei an der Vergaangenheet gesot an ech hunn dat elo nach eng Kéier gesot. Ech wäert awer trotzdem fir déi Konventioun do stëmmen. Well ech op därf anerer Säit awer der Meenung sinn, dass et wichteg ass, och frëndschaflech Kontakter mam amerikanesche Vollek oder mat engem Deel vum amerikanesche Vollek ze hunn.

## **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Richteg.

## **ALI RUCKERT (KPL):**

Onofhängg dervun, dass ech a meng Partei, d'Komunistesch Partei, net déi Politik deele vun deene verschiddeinen

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**  
répond qu'il s'agit de moins de vingt kilomètres.

**ALI RUCKERT (KPL)** demande à ce que ces contacts soient rétablis.

**TOM ULVELING (CSV)** proteste.

**ALI RUCKERT (KPL)** ne fait que citer M. Schwachtgen, qui fait partie de la majorité et qui est donc au courant.  
(Rires)

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** plaîtante sur le fait que tout est relatif.

**ALI RUCKERT (KPL)** rappelle qu'il n'est pas d'accord avec le fait que la Ville de Differdange ou l'Etat luxembourgeois financent une université publique américaine, chose qu'il a répétée à plusieurs reprises. Il trouve grave que Differdange paie pour des conduits électriques alors que le pays censé financer l'université dépense chaque année des millions pour des guerres. C'est regrettable et cela ne fait qu'empirer.

Cependant, Ali Ruckert ne prendra pas ces éléments en considération lors du vote, car il trouve important de tisser des liens avec une partie de la population américaine. C'est pourquoi il approuvera la convention.

Il répète toutefois que les communistes ne sont pas d'accord avec la politique des administrations américaines qui n'ont pas d'argent pour soutenir l'enseignement public, mais qui n'hésitent pas à mener des guerres. Il se sent forcé de mentionner ces faits, car personne d'autre ne le dit.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**  
répond que M. Ruckert a le droit de donner son opinion, qu'il respecte par ailleurs.

# 5. Actes et conventions

**PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV)** estime que ce jumelage aura des conséquences positives pour les deux villes. De nombreux étudiants vont arriver à Differdange.

Ce qu'a dit M. Ruckert n'est pas entièrement faux et Pierrette Schambourg se retrouve dans certains de ses propos. Mais tous les Américains ne sont pas pareils. Les chrétiens sociaux approuveront la convention.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** pense que c'est justement à cause de cette situation qu'il faut continuer à dialoguer au lieu de fermer les portes.

(Vote)

Roberto Traversini passe à des contrats de bail au 1535 ° et tout d'abord une convention de location. Doghouse Films ont l'intention de s'installer dans le bâtiment C. Un vote n'est pas nécessaire.

Roberto Traversini passe à la Fabrique d'images, qui loue une cave pour 12 €. Désormais, la commune demandera six euros.

(Vote)

Roberto Traversini passe à un bail dans la Villa Hadir. Espace Médias a résilié son bail avec effet le 1er juin 2017. Un étage reste vide, mais les demandes sont nombreuses. Roberto Traversini ne veut pas promettre que la villa sera entièrement occupée le 1er juin. Mais aujourd'hui, il est question de deux contrats de bail.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** se réjouit de la venue de nouveaux locataires. Il demande cependant quelle est la vision à long terme concernant les conteneurs.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** rappelle qu'il existe un contrat de bail portant encore sur trois ans. Ensuite, il faudra en discuter avec ArcelorMittal, qui est propriétaire du terrain. Pour le moment, il n'est donc pas question d'enlever les conteneurs.

Prochainement, le collège échevinal compte les rénover et installer une climatisation. Ces travaux seront remboursés par les locataires à travers le loyer. Un devis sera soumis au conseil communal lors d'une des prochaines séances.

Administration aus den USA, Déi, wéi gesot, keng Suen hunn, fir an d'ëffentlech Schoulwiesen an den USA ze stiechen, awer Suen hunn, fir Kricher ze féieren. An dat muss awer och emol hei gesot ginn. Well wann ech dat net maaichen, seet jo keen aneren et.

## ENG STËMM:

Wéi ass et dann a Russland?

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Den Här Ruckert huet seng Meenung gesot. An ech respektéieren déi wéi all aner Meenung. D'Madame Schambourg, w.e.g.l.

## PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

Merci. D'CSV steet deem Jumelage och ganz positiv géintiwwer. Dat ka fir eis all, fir déi zwou Stied, némmen eng Win-Win-Situatioun sinn. Mir kréien eng ganz Rei vu Studenten op Lëtzebuerg. Wat den Här Ruckert gesot huet, ass natierlech net ganz falsch. Ech ka mech verschiddene Sätz vun him némmen uschléissen. Mä ech denken, datt d'Mentalitéit trotzdeem awer net bei jiddwerengem an Amerika esou ass. Mir stëmmen d'Konventioun. Merci.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. A grad dofir, well d'Situatioun esou ass, soll een émmer a Kontakt bleiwen a weider mat de Leit diskutéieren an net d'Dieren zoumaachen. Wann d'Diere bis zou sinn, da mécht ee guer náischt méi. Mir géifen zum Vote kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'accord de jumelage et de coopération avec la Ville d'Oakland (Ohio – USA), siège de la Miami University.*

Villmools Merci. Deen nächste Punkt: Contrats de bail commercial am 1535°. Dir hutt zwou Saachen am Dossier.

Dat eent ass eng Convention de location. Doriwwer brauche mer net ofzestëmmen. Dat ass just, fir Iech ze weisen, datt Doghouse Films d'Intentioun huet, geschwénn an de Bâtiment C ze kommen. Doriwwer brauche mer net ofzestëmmen.

Wouriwwer mer awer mussen ofstëmmen, ass d'Fabrique d'images. Dee Bail hate mer schonn an der leschter Gemengerotssitzung. Et geet ém e Keller, dee mer zu 12 Euro verrechent haten. Dee soll elo zu 6 Euro verrechent ginn. Dofir ass dat haut erém am Gemengerot. Soss huet absolutt náischt geännert. Et ass einfach de Keller, wou amplaz 12 Euro elo 6 Euro gefrot ginn. Méi ass et net.

Kenne mer doriwwer ofstëmmen? Merci.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le premier avenant concernant le contrat de bail avec la Fabrique d'images.*

Weider zwee Bailen, wou ech och frou wier, wann Der déi géift stëmmen. Et geet ém eis Villa Hadir. Dir wésst, datt Espace Médias kënnegt op den 1. Juni 2017. Mir loossen dat Gebai net eidel stoén. Wéi Der gesitt, ass nach e Stack fräi. Et ass ganz vill Interessi do. Datt ee bal kéint behaapten, mä ech wéll mech awer net ze vill wäit aus der Fénster leenen, datt nom 1. Juni 2017 déi ganz Villa Hadir erém besat wier. Hei sinn zwee Kontrakter dovunner. An ech wier frou, wann Der dat géift stëmmen.

Här Diderich, w.e.g.l.

## GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Mir begréissen natierlech, dass do nei Locatairen drakommen. Just eng Fro zu de Containeren: Wat ass do laangfristeg a Planung? Sollen déi éiweg do bleiwen? Sollen déi eng Kéier fortkommen? Dat wollt ech nofroen.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Am Moment leeft do nach e Contrat de bail fir déi nächst dräi Joer. Da musse

# 5. Actes et conventions

mer natierlech och mat der ArcelorMittal kucken, well déi Gebaier wou déi Container dropstinn, stinn op hirem Terrain. Déi Containere wäerten natierlech eng Kéier ewechgeholl ginn, datt déi Firma kann heibleiwen.

Mä am Moment bleiwen déi. Mir hate jo och am Budget stoen, datt mer deelweis wäerten do renovéieren. Deelweis heescht d'Klimatiséierung, dass fréisch Loft erakënnt. Si wäerten dat herno iwwer Loyer erëmbezuelen. Dat wäert och deemnächst an de Gemengerot kommen, wa mer den Devis vun der Renovatioun hunn.

## GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:

Den Devis hate mer schonn.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Den Devis war scho bei der Budgetsdebatte. Dat ass richteg. Dat heescht, déi bleiwen déi nächst dräi Joer emol nach sécher do an da musse mer weiderkucken.

Madame Schambourg, w.e.g.l.

## PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

Wann ech mech gutt erënneren, sinn deemools bei deem éischte Bail, dee mer gemaach hunn, d'Chargë vun der Gemeng matbezuelt ginn.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

## PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

Déi waren am Loyer mat dran. Dofir sinn ech elo ganz frou ze gesinn, datt dat net méi esou ass. Datt déi musse vum Locataire separat bezuelt ginn.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Esou ass et. Mir hunn dovunner profitéiert, fir dat esou ze maachen, wéi Dir

et d'leschte Kéier gefrot hat, Madame Schambourg.

(Interruptioun)

Gesitt Der. Ier mer zum Vote kommen, wéilt ech nach e puer Wieder lass ginn, well ech perséinlech erém ugegraff gi sinn. Dat schéngt an de leschte Joren üblech hei ze sinn. „Datt ech alles géif maachen, fir eis Betriber hei erauszekréien“, dat stoung esou an der Zeitung. Den Här Marcel Meisch huet ganz kloer gesot a geschriwwen: Mir géifen d'Leit hei erauseekelen a mir géifen déi Betriber net énnerstétzen.

Ech mengen, heimatter huet dëse Schäfferot bewisen, dat net wëllen ze maachen. Ech hoffen, datt Der dat dann och wäert esou soen a schreiwen. An ech hoffen och, datt et der Madame Goergen spéitstens elo leed deet, datt Der de Budget net gestëmmt hutt. Well Dir hutt dat als Grond uginn, firwat Der de Budget 2017 net géift stëmmen, well mir alles maache géifen, fir déi schwéier erschaffte Betriber, déi heihinner komm sinn, erém erauszekréien.

(Interruptioun)

Dat wollt ech awer soen. Ech wär wéinstens esou fair gewiescht ze ernimmen, datt mer et fäerdegruecht hunn, Betriber heihinner ze kréien. A wat d'Medielandschaft ugeet, wéll ech Iech soen, datt an de leschten zwee Joer iwwer 210 Plazen an der Medielandschaft hei zu Déifferdeng geschaft gi sinn. Just zur Informatioun fir Äert nächst Blat.

Da géife mer zum Vote kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail d'espaces de bureaux dans l'immeuble Villa Hadir.*

Villmoos Merci. Da komme mer zu der 10, Avenue de la Liberté. Mir hunn e Lokal ugebueude kritt fir en immens gënschtege Loyer. Zimlech grouss, an der Avenue de la Liberté. Mir waren der Meenung, datt d'Stad Déifferdeng sollt schnell dorobber sprangen, wéi mer dat iwwregens schonn op verschiddene Plaze gemaach hunn, a mat Succès.

**HENRI KRECKÉ (SÉCRÉTAIRE COMMUNAL)**  
rappelle que le devis a déjà été approuvé.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**  
confirme qu'il en a été question lors du débat budgétaire.

**PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV)**  
croit se souvenir que dans le cadre du premier bail les charges ont été payées par la commune. Elles étaient incluses dans le loyer. Pierrette Schambourg se réjouit que ce ne soit plus le cas.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**  
confirme les propos de Mme Schambourg.

*Le bourgmestre souhaite revenir sur quelques attaques personnelles dont il a été victime. M. Meisch a expliqué à un journal que la commune ne soutenait pas les entreprises. Le collège échevinal vient de prouver le contraire. M. Meisch pourra donc corriger ses propos. Quant à Mme Goergen, elle regrette sans doute de ne pas avoir approuvé le budget.*

(Interruption)

*Roberto Traversini aurait trouvé plus juste de mentionner que le collège échevinal a aussi attiré des entreprises à Differdange. Pour ce qui est des médias, 210 postes d'emploi ont été créés à Differdange au cours des 2 dernières années.*

(Vote)

*Roberto Traversini passe à un local dans l'avenue de Liberté qu'on a proposé à la commune à un prix attractif. Le collège échevinal a estimé devoir agir vite. Il s'agit d'un vaste espace à loyer abordable. Roberto Traversini espère trouver rapidement un commerçant intéressé.*

**PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV)**  
constate qu'elle ne devrait pas approuver ce projet si elle restait fidèle à elle-même, car elle trouve qu'une commune n'a pas vocation à être une agence immobilière. C'est pourquoi elle s'abstiendra lors du vote à titre personnel.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**  
n'y voit aucun problème.

(Vote)

# 5. Actes et conventions

Roberto Traversini passe à la location du Klenge Casino. La SARL de départ doit devenir une SIS. Mais cela prend plus de temps que prévu. Une nouvelle forme juridique a été créée afin d'obtenir un numéro de TVA.

M. Mangen, le secrétaire communal et Roberto Traversini se sont rendus au ministère de l'Intérieur pour savoir comment procéder.

Le collège échevinal tient à remercier l'office social et tous ses membres pour le formidable travail qu'ils accomplissent depuis des mois.

Le contrat de sous-location est le même que pour tous les autres locaux. Roberto Traversini espère que la SIS pourra être créée rapidement.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** approuvera ce contrat de bail, car il salue le projet. Il s'étonne cependant de la confusion entre forme juridique et statut de second degré. Il ne comprend pas pourquoi il est question d'une forme juridique provisoire alors qu'il faut être une société pour pouvoir devenir une SIS.

En plus, M. Diderich avait proposé de créer une société coopérative. M. Traversini a d'ailleurs approuvé la loi y relative à la Chambre des députés. Sans oublier que 6zero1 est un incubateur de SIS implanté à Differdange. Certaines sociétés préparent déjà être des SIS alors qu'il n'y a pas encore de loi sur les SIS.

Gary Diderich regrette aussi que le ministère ait publié une brochure sur les statuts types, alors qu'ils ne sont pas encore disponibles. Le gouvernement doit se demander combien cela va encore durer.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** est d'accord avec les propos de M. Diderich.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** demande pourquoi la commune a opté pour une SARL et pas une société coopérative. Si les citoyens pouvaient participer, ils s'identifieraient davantage avec le projet alors qu'une SARL n'inclut que les responsables politiques.

De telles coopératives existent déjà dans le cas de projets écologiques comme les panneaux solaires ou les parcs éoliens, mais d'autres

Mir versichen dann och esou schnell wéi méiglech een ze fannen, fir an dat Lokal ze setzen. Dir gesitt, et ass e groussen Espace a wierklech en abordabele Looyer. An ech hoffen, datt mer domatter dann d'Geschäftswelt hei am Zentrum erém méi belieft kréien, wéi mer dat elo scho versichen ze maachen.

Jo, Madame Schambourg, w.e.gl.

## PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

Wann ech menger Linn trei bleiwen, kann ech eigentlech net derfir stëmmen. Ech hu schonn dës Ëfteren hei am Gemengerot gesot, datt ech d'Gemeng net als Agence immobilière gesinn. Wa mir dat Lokal fir eis selwer gebraucht hätten, fir d'Gemeng, da wier ech domatter d'accord gewiescht. Mä fir et weiderzeverlounen, dat ass eppes, wat mir net esou an de Krom passt. A wou ech och ganz dergéint sinn, datt mer esou ufänken. Dat heescht, wa mer all Situatioun esou weider stëmmen, da komme mer ni op e gréngen Zweig. Duerfir wäert ech mech, a mengem perséinlechen Numm, enthalen. Merci.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Absolutt kee Problem. Ech soen Iech Merci. Da géife mer zum Vote kommen.

Le conseil communal décide avec 17 voix «oui» et une abstention d'approuver le contrat de bail commercial au n°10 avenue de la Liberté à Differdange.

Ech soen Iech dofir villmools Merci. Deen nächste Kontrakt hate mer och schonn, d'Locatioun vum Klenge Casino. Déi Gesellschaft war als Sàrl gegrünnt ginn. Aus dàr Sàrl soll eng SIS gemaach ginn. Dat dauert e bësse méi laang, wéi mer eis dat virgestallt haten. Haapsächlech den Office social ass do hannendrun.

Elo ass eng provisoresh Gesellschaftsform kreéiert ginn. Mir mussen eng hunn, soss kréie mer keng TVA-Nummer. An da kënne mer net ufänken. Dofir ass decidéiert ginn, eng Sàrl ze grënnen, wou natierlech den Office social

an alles mat dran ass. Dat hu mer och mam Ministère de l'Intérieur beschwat. Den Här Mangen, eise Sekretär, an ech selwer waren op de Ministère froen, wéi mer dat am beschte solle maachen, bis mer déi SIS hunn. An do hu mer gesot kritt, mir sollen déi heite Gesellschaftsform maachen.

Am Numm vum ganze Schäfferot soen ech dem Office social an all de Membern aus dem Office social Merci. Well déi hu wierklech eng wonnerbar Aarbecht déi lescht Wochen a Méint gelescht.

Mir ginn de Kontrakt esou weider, wéi mir en hunn. Dat heescht fir deeselwechte Präis, wéi mer dat bei sämtleche Lokaler maachen. An hoffen, datt esou schnell wéi méiglech eng SIS draus gëtt. Dofir wier ech och vrou, wann Der mat dàr Sous-locatioun averstane wiert.

Här Diderich, w.e.gl.

## GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Mir begréisse bekanntlech deen dote Projet a wäerten dofir och dee Contrat de bail stëmmen. Wat mech elo e bësse wönnert, ass déi Konfusioun, déi ech bei Iech eraushéieren téschent Gesellschaftsform a Statut de second degré, wat d'SIS ass. Dat heescht, ech verstinn elo net, firwat een hei vun enger provisoresh Gesellschaftsform schwätzzt. Well fir SIS ze ginn, muss ee fir d'éischt eng Gesellschaftsform sinn, ob dat SA, Sàrl oder Société coopérative ass.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

## GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

An ech hat och hei ugereegt, firwat net eng Société coopérative. Dir hutt dat Gesetz jo an der Chamber gestëmmt, da misst Der Iech wahrscheinlech gutt domatter auskennen. En plus hu mer zu Déifferdeng de 6zero1, deen haut am Nomëtten opgemaach gëtt, wat jo en Incubateur soll si fir esou SISen. Ech froe mech, firwat et esou laang dauert. Well et gëtt jo schonn eng SIS,

# 5. Actes et conventions

déi behaapt, si wären déi éischt SIS, ier iwverhaapt d'Gesetz vun den SISe ge-grënnt ginn ass. Wat, wéi ech fannen, e bësse komesch ass.

En plus ass et ze bedaueren, dass de Ministère eben e Gesetz stëmmt an eng Broschür erausgëtt, wou vu Modèle type geschwät gëtt, also vu Modell-Statute fir esou eng SIS. An déi sinn nach èmmer net disponibel. Ech mengen, do muss d'Regierung sech awer och Gedanke maachen, wéi laang se fir esou Saache brauch – d'Gesetz huet scho laang gedauert –, a wéi schwéier et dann de Leit gemaach gëtt, fir dee Statut vun enger SIS als Société coopérative, als Sàrl oder SA ze huelen.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

## GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Meng Fro wär: Firwat Sàrl? Firwat net Société coopérative? A firwat net och d'Bierger un esou engem Projet bede-elege loossen, wat een eben als Société coopérative zimlech einfach kéint maachen. Wou d'Bierger kéinte Coopérateur ginn an eng ganz aner Identifikatioun mat esou engem Projet kéint entstoen wéi elo bei enger Sàrl als Ge-sellschaftsform, wou ebe just Responsabeler vun der Gemeng sinn.

Dat ass scho besser wéi näisch, dat esou ze maachen. Mä ech géif éischter begréisse wéi een dat am Beräich Energie mécht, wou et èmmer méi esou Kooperative gëtt, déi Solaranlagen oder souguer Wandparke bauen. Firwat dat net och an esou Beräicher maachen? D'Epicerie solidaire zu Suessem ass e Beispill vun enger Société coopérative. Wou dat gemaach ginn ass, wou eben d'Leit sech als Coopérateur kënne bedeelegen.

An der Stad ass, wierklech op Initiativ vu Bierger, eng Epicerie sans emballage ge-grënnt ginn, déi „Ouni“ heescht. Wou een enorm vill Leit mobiliséiere konnt fir esou e Projet. Och vu wegen: Wouhinner ginn ech da meng Saache kafen? Ech si kee Stater, mä e Stater Coopérateur zum Beispill vun esou enger Epicerie, géif éischter dohinner

goen, wéi wann e sech net un esou eppes bedeelegt hätt. Dofir eben déi Frostellung. Ech soen Iech Merci.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir hutt selbstverständlech recht. Ech kennen dat Gesetz, wat mer do gestëmmt hunn. Ech muss Iech awer soen, datt wann een eppes èmzeseten huet, op eemol mierkt een, wou kleng Hoken dra sinn. Mir wollten dat ganz schnell opmaachen. Mir wollten eng SA draus maachen. A fir eng SA ze grënnen, muss ee bei en Notaire goen. An deen Dag, wou den Office social beim Notaire war, do sinn op eemol Saachen op d'Tapéit komm, respektiv ass d'Gesetz aneschters ausgeluecht ginn, datt den Office social guer keng SA däerf grënnen.

An do hu mer misse ganz, ganz schnell reagéieren, well verschidde Leit awer schonn agestallt gi waren. Du si mer op de Ministère gepilgert an do hu mer zesummen déi Léisung fonnt. Déi Sociétéit, déi mer grënnen, dat ass ganz richteg, dat ass just als Iwwergang, well mer dat als Basis brauchen, fir eng SIS ze grënnen. Mir hunn awer absolut kee Problem herno, wa mer déi Sociétéit hunn, datt mer do nach versichen, d'Bierger an d'Biergerinnen ze bedeelegen.

Et ass am Fong geholl de Wonsch gewiescht vum Office social, deen Haapt-sponsor vun deem heite Projet ass, bis et leeft. Well dat do muss sech jo och selwer droen. An ech hoffen, datt dat schnell als Sàrl kann èmgewandelt ginn, fir kënnen esou schnell wéi méiglech unzefänken. Den Office social däerf net Mandataire an enger SA sinn. Esou ass d'Gesetz. Mir hunn dat aneschters ver-stane gehat.

Här Mangen, ganz gären.

## ROBERT MANGEN (CSV):

Et war e bësse schwierig, fir dat alles op d'Been ze setzen. Well gesetzlech Grozone bestinn, wou u verschidde Saachen net geduecht ginn ass, souwuel vun deenen, déi d'Gesetz gemaach wéi duerno gestëmmt haten.

domaines sont possibles. Gary Diderich mentionne l'épicerie sociale de Sanem et l'épicerie sans emballages Ouni à Luxembourg-ville. Il pense qu'un coopérateur habitant à Luxembourg-ville aura tendance à fréquenter une telle épicerie.

## ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

donne raison à M. Diderich. Il connaît la loi en question. Mais c'est lorsqu'on doit mettre une loi en application que l'on remarque les difficultés. La commune voulait ouvrir De Klenge Casino rapidement.

Au départ, il a été question de créer une SA. Mais lorsque l'office social s'est rendu chez le notaire, il est apparu qu'une SA n'était pas possible. Or des employés avaient déjà été recrutés. Finalement, une solution a été trouvée en accord avec le ministère. La société qu'il faut créer maintenant servira de base à la SIS. Roberto Traversini estime qu'il sera toujours possible d'inclure les citoyens par la suite.

La procédure correspond aux souhaits de l'office social. Le but est que le projet se finance par lui-même.

Roberto Traversini espère que la société pourra rapidement devenir une SARL, car l'office social ne peut pas être mandataire d'une SA.

ROBERT MANGEN (CSV) estime que les difficultés sont dues aux zones d'ombre. Ceux qui ont approuvé la loi n'avaient pas imaginé tous les cas de figure.

## ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

remercie M. Mangen pour ses propos.

(Rires)

Roberto Traversini confirme que M. Mangen a raison.

ROBERT MANGEN (CSV) ajoute que lorsque la SIS sera créée, les citoyens pourront participer au projet. Mais en attendant, il fallait un numéro de TVA. Les personnes recrutées devaient commencer à travailler dans les délais.

Le responsable du Klenge Casino est en train de participer à une formation sur les SIS. Il devrait avoir terminé dans deux mois. Ensuite, il pourra demander à créer une telle

# 5. Actes et conventions

société. Enfin, des particuliers, des communes ou des entreprises pourront coopérer au projet.

L'argent investi restera dans la SIS. Les actionnaires ne pourront pas toucher des dividendes. En effet, il s'agit d'un projet social et l'argent investi ne pourra pas sortir de la société. Le but est d'utiliser cet argent pour développer la société ou financer d'autres projets. Il ne s'agira donc pas d'une société comme les autres.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**  
répond que c'est comme pour la Société nationale des habitations à bon marché. Aucun argent n'en sort.

**MARTINE GOERGEN (DP):** rappelle que les démocrates s'étaient abstenus lors du vote du contrat de bail. Et ce, non pas parce qu'ils étaient contre le projet, mais parce qu'ils estimaient ne pas avoir assez d'informations. Les démocrates soutiennent aussi la sous-location de locaux vides à des commerçants. C'est pourquoi ils approuveront la création de la SARL.

Pour ce qui est de la SIS, Martine Goergen demande à voir un plan de financement au cas où la commune déciderait de participer. Il s'agit de savoir si financièrement, le projet est tenable. Car au bout de cinq ou dix ans, il faudra voir si le projet peut se financer lui-même. À ce moment-là, il faudra mener un débat. Mais aujourd'hui, les démocrates approuvent le contrat de location.

**PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):** explique que ce point est exactement le même que le précédent. Mais elle approuvera le contrat en raison de la composante sociale. Elle souhaite bonne chance au projet.

**PIERRE HOBSCHET (LSAP):** soutiendra le projet. Il remercie M. Mangen, le président de l'office social. L'engagement de l'office social dans ce projet est conséquent. Pierre Hobschét en remercie à nouveau M. Mangen. Le projet constitue une opportunité à la fois pour ceux qui y travaillent et pour ceux qui y reçoivent une formation.

---

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Mangen.

(Gelaachs)

---

## ROBERT MANGEN (CSV):

Jo, et ass awer leider esou.

---

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ass esou. Dir hutt ganz recht.

---

## ROBERT MANGEN (CSV):

Et hätt effektiv solle méi schnell goen. Et ass virgesinn, dass d'Leit sech duerno kennen dru bedeelegen, wann d'SIS gegrünnt ass. Jiddwereen, dee wëllt matmaachen, kann do mat asprangen. Et war relativ kuerzfristeg, fir all d'Pabeieren ze kréien, fir datt de Betrib leeft. Datt do eng Gesellschaft ka gegrünnt ginn, well ee soss keng TVA-Nummer huet a keng Méiglechkeet huet, fir e Betrib ze maachen.

Mir hu gutt Leit fonnt, déi do matmaachen. Fir deenen d'Chance ze ginn, relativ pénktlech unzefänken, hu mer ons fir dee Wee entscheet.

Firwat dat e bëssen dauert mat däi SIS: Et ass eng Ausbildung virgesinn. Den Här Settanni, Responsabele vum Klenge Casino hëlt un däi Ausbildung deel. Ech mengen, et sinn der am Moment fënnef oder sechs, déi déi maachen. Et sinn der scho vill ofgesprongen. Hien ass bal fäerdeg.

An zwee Méint kann en ufroen, fir déi Gesellschaft SIS ze grënnten. An da kënne mer Leit virgesinn, déi sech dru bedeelege wëllen. Dat kënne Privatleit sinn, eng Gemeng oder och Betriber, déi an der Gastronomie schaffen, déi sech doru bedeelegen an dee Projet énnerstëtze kënnen.

Ech wëll nach soen, all déi Suen, déi investéiert ginn, déi bleiwen an der SIS. Et gëtt näischt ausbezuelt. Et kann een net, wann een an déi Gesellschaft eraklémmt, herno Suen erauskréien. Et ass e soziale Projet, deen do bedriwwé

gëtt. An déi Suen, déi investéiert ginn, déi bleiwen an der Gesellschaft dran. Déi hëllefen eventuell, fir d'Gesellschaft weiderzebréngen oder aner Projeten ze finanzéieren. Mä et kritt een a sech keng Dividenden eraus. Ech mengen, dat ass och wichteg ze soen. Et ass net wéi eng aner Gesellschaft, wou een eventuell eppes kéint erauskréien.

---

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ass bal wéi d'Habitation à bon marché. Do kréie mer och ni eppes eraus. Mir maachen do awer och gutt Saachen. Madame Goergen, w.e.gl.

---

## MARTINE GOERGEN (DP):

Merci, Här Buergermeeschter. Ech wéilt gären e puer Punkten zu deem Projet soen. Beim Vote vum Contrat de bail vum Besætzer vum Klenge Casino, dee mir deemoools hei virgeluecht kritt haten, hate mer eis als DP-Fraktioun enthalen. Ech erënneren drun, net well mer dergéint waren, soss hätte mer dohéint gestëmmt. Mä well eis eben, eisem Goût no, nach Informatione gefeelt hunn.

Ech erënneren och drun, dass mir dat énnerstëtzen, dass d'Gemeng eidelstoend Lokaler lount, fir se weiderzeverlounen, einfach fir d'Geschäftsliewen ze believen. Elo hu mer d'Informatiouen. Et ass eng Sàrl, déi dat heite soll lounen. Am Prinzip hu mir domatter kee Problem. Mir wäerten dee Punkt och deemno esou matstëmmen.

Ech wëll awer just kuerz drop agoen, wat elo gesot ginn ass mat der SIS, wann et esouwàit ass. Ech mengen, dat ass jo elo um Wee. Mir géifen eis freeën, wann d'Gemeng dorun interesséiert ass, an déi SIS mat eranzeklammen, e Finanzplang ze gesinn. Ze gesinn, wann d'Gemeng do mat eraklémmt, wat eis dat kascht. Ob dat net e Faass ouni Buedem gëtt. Wéi dat längerfristeg, och nach a fënnef oder an zéng Joer, ze finanzéieren ass.

Fir dann dee Moment, wéi Dir et och selwer sot, ze gesinn, ob dee Projet sech selwer dréit oder net, an dann dee Moment doriwwer ze debattéieren. Dat wär dann zu engem aneren Zäitpunkt.

# 5. Actes et conventions

Dofir géife mer de Contrat de location esou matstëmmen.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Madame Schambourg, w.e.gl.

## PIERRETTE SCHAMBOURG (CSV):

Just als Explikatioun. Dëse Punkt hei ass praktesch datselwecht am Grénge wéi dee vu virdrun. Mä wéinst där sozialer Komponent, hunn ech awer hei kee Problem, fir de Projet matzestëmmen. An ouni, datt dat elo iergendeppes mat menger Konsequenz ze dinn hätt.

Ech wünschen dem Projet e grousse Succès. An ech hoffen, datt et wierklich an déi gutt Richtung geet.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Här Hobscheit, w.e.gl.

## PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, mir als LSAP énnerstëtzen dee Projet ganz ausdrécklech. Ech wéll dem Robert Mangen, als President vum Office social, och Merci soen. Eis Memberen am Office social hu mer gesot, dass do ganz, ganz vill perséinlechen Asaz hannendru stécht fir dëse Projet. Dat rechne mir dem Här Mangen ganz héich un. Mir soen him duerfir och villmools Merci, fir deen Asaz, deen e fir dee Projet hei gewisen huet. Dëse Projet ass souwuel eng grouss Chance fir déi, déi do eng Ausbildung kréien, wéi fir déi Leit, déi do kënne schaffen.

Ech ginn der Madame Goergen recht mat hire Remarken, déi si gemaach huet. D'Fuerderung no Transparenz bei esou engem Projet, wéi d'Perspektive sinn, wéi dat Finanziellt ausgesäit, soll natierlech gi sinn. Mä ech hunn net dee geréngsten Zweisel drun, dass de Gemengerot wäert Satisfaktiouen kréien a wäert informéiert ginn, wéi d'Situatioun ass.

Mir als LSAP wäerten dee Projet do op alle Fall mat Freed matdroen an och begleeden an énnerstëtzen. Ech soen Iech Merci.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Här Mangen, w.e.gl.

## ROBERT MANGEN (CSV):

Ech soen dem Här Hobscheit Merci fir déi léif Wieder. Mä et ass net den Här Mangen, et ass dee ganze Conseil d'administration vum Office social, dee sech doru bedeelegt. An och de Gemenegerot. Et ass d'Stad Déifferdeng, déi dee Projet op de Wee setzt. An ech hoffen, datt déi jeeweileg Responsabel déi no ons kommen, Buergermeeschter oder President, dat kënne weiderféieren. Ech fannen, datt et funktiounsgebonnen ass, net persoungebonnen. Ech gleewen un de Projet. Ech hoffen, datt dat weiderleeft a wünschen dem Projet vill Gléck.

Dir hutt eng Aluedung kritt fir déi offiziell Aweiung e Sonndeg um 17 Auer. E Méindeg wäert d'Lokal dann opmaachen. Ech wünschen deene Leit an dem Här Settanni, dee sech ém de Projet këmmert, vill, vill Gléck vun hei aus. Merci.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Här Schwachtgen, w.e.gl.

## FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Ech schléissee mech de Wieder vun deene Mercien a vun deem Luef op dee Projet un. Ech denken, et ass nach eng aner Komponent derbäi, déi eis dobäi helleft, mat deem Beispill, wat d'Gemeng Déifferdeng gëtt, fir d'Viruerteelel ofzebauen. Well et héiert een dacks dobaussen - heiansdo énnert deene Leit, wou een dat net gesicht hätt - déi Aussoen: „Dat gëtt jo souwisou näisch“, „Wéi kënnen esou Leit, déi aus engem gewéssene Milieu kommen, reinseréiert ginn, z'iesse kréien, zerwéiert ginn“ an esou weider. Dat mécht mech à la fois traureg a rosen.

Les remarques de Mme Goergen sont pertinentes. La transparence est nécessaire tant en ce qui concerne les perspectives d'avenir que les finances. Pierre Hobscheit se dit certain que le conseil communal sera tenu informé de la situation. En tout cas, les socialistes approuveront le contrat de location et soutiendront ce projet avec joie.

**ROBERT MANGEN (CSV)** remercie M. Hobscheit pour ses propos. Il souligne le travail de tout le conseil d'administration.

Il rappelle que c'est la Ville de Differdange qui a mis le projet en route. Il espère que les prochains bourgmestre et président poursuivront le travail. En effet, ce n'est pas une question de personnes, mais de fonctions. Robert Mangen croit au projet et lui souhaite bonne chance. Les conseillers communaux sont invités à l'inauguration officielle dimanche à 17 h. Le local ouvrira lundi. Robert Mangen souhaite bonne chance à M. Settanni, qui s'occupe du projet.

**FRÄNZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** s'associe aux remerciements. La Ville de Differdange essaie de lutter contre les préjugés. Car malheureusement, on entend souvent dire que ce projet n'aboutira jamais et que les gens issus d'un certain milieu ne peuvent pas être réinsérés. Ces propos rendent M. Schwachtgen à la fois triste et furieux. Un projet comme celui-ci doit être soutenu à tout prix. Il s'agit d'aider la société et de l'ouvrir à ceux qui se portent mal socialement.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** rappelle que récemment M. Mangen et lui ont expliqué clairement ce qu'ils comptaient faire du Klenge Casino. Il se réjouit du fait que les démocrates aient enfin compris ce qu'il en est et qu'il vaut la peine de soutenir ce projet pilote.

En plus, Roberto Traversini ne comprend pas pourquoi le DP a approuvé le bail de l'avenue de la Liberté alors qu'ils ne savent pas non plus quel commerce y ouvrira. Or personne n'a posé cette question alors que cela a posé problème avec De Klenge Casino. Il faut se montrer conséquent.

# 6. Règlements communaux

(Vote)

*Roberto Traversini passe à l'adaptation du prix du bois réalisée ensemble avec les communes voisines.*

(Vote)

**FRED BERTINELLI (LSAP)** passe aux règlements de la circulation. Des travaux sur les réseaux ont lieu dans la rue Parc-Gerlache et la rue de la Grève-Nationale.

Des règlements temporaires de la circulation ont aussi été émis pour la rue du Gaz et la rue Alphonse-Krieps.

*Jeudi, la rue Émile-Mark sera fermée à la circulation en face de l'usine. Le chantier durera pendant six ou sept mois. Un bypass sera mis en place pour entrer dans Differdange.*

Plusieurs automobilistes ont commencé à passer par Niederkorn il y a quelques jours parce qu'ils pensaient que la rue Émile-Mark était déjà fermée. Le bypass passera le long de l'école professionnelle.

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** souhaiterait davantage d'informations concernant le premier point. Dans le règlement, il est question d'une circulation en double sens dans la rue du Parc-Gerlache et à l'intersection avec la rue de la Grève-Nationale. Est-ce possible?

**FRED BERTINELLI (LSAP)** imagine que la circulation sera réglée avec des feux tricolores pendant toute la durée du chantier. Le réseau électrique devra être mis en place pour les bornes. La circulation fonctionnera en double sens.

Fred Bertinelli ne sait pas comment cela se passera à hauteur du chantier, car la route n'est pas assez large.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** espère que tout se passera comme prévu.

(Rires)

**FRED BERTINELLI (LSAP)** répond qu'il fait tout ce qu'il peut.

(Vote)

Ech mengen, deen hei Projet solle mer mat aller Kraakt énnerstetzen. An eist Beispill soll dobausse weisen, dass mir als Gemengerespensabel och an Zukunft Gebrauch maache vun deem Angebot, wat mer do kréien. An an deem Senn och hellefen, eis Gesellschaft e bësse méi opzemaache fir aner Leit, deenen et sozial méi schlecht geet. Ech soen Iech Merci.

## **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci. Zwou, dräi Saache muss ech awer lass ginn. Den Här Mangen an ech hate virun net allze laanger Zäit ganz genau erkläert, wat mer aus dem Klenge Casino wéilte maachen. Ech si frou, datt d'DP-Fraktioun elo d'Kéier kritt huet, fir ze gesinn, wat mer deemools erklärt haten, wat mer wollte maachen, an elo verstanen huet, datt dése Pilotprojet derwäert ass ze énnerstetzen.

Wat ech bei der DP awer net verstinn: Si soten, firwat se sech enthalten hunn. Da froen ech mech zwar elo, firwat se de Bail vun 10, Avenue de la Liberté matgestëmmt hunn, ouni ze wëssen, wat dra kënnt.

Dann hätt Der missen do d'selwecht reagéiere wéi beim Klenge Casino. Well et ass genau datselwecht. Mir lounen do eppes, an et huet keen haut gefrot: Wat wäert d'Stad Déifferdeng dra maachen? De Casino, dat war e grousst Thema heibannen. Da muss een awer och konsequent sinn. Ech sinn natierlech frou, datt et esou ass. Ech wollt Iech dat awer just soen.

Da komme mer zum Vote.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de sous-location du «Klenge Casino» situé sur la Place du Marché à Differdange.*

Deen nächste Punkt ass eng Adaptatioun vun eisem Holzpräis. Dir gesitt, et ass eng Adaptatioun mat eisen Nopeschgemengen. Gëtt et dozou Froen? Da soen ech Iech Merci. Da géife mer dat zum Vote bréngen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les adaptations au règlement-taxe.*

Villmools Merci. Zu désem Punkt kritt den Här Bertinelli d'Wuert, soubal en de Mikro huet.

## **SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):**

Et geet ém d'Verkéiersreglementer. Do hu mer net vill dës Kéier. An der rue Parc Gerlache an der rue de la Grève Nationale maache mer Reseausarbechten, fir d'Reseause vun eisem Diffibus ze leeën. Dann hu mer e Règlement temporaire de circulation an der rue du Gaz an an der rue Alphonse Krieps.

Da wöll ech eiser Population dobauen an Iech matdeelen, datt en Donneschdeg d'rue Emile Mark vis-à-vis vun der Schmelz gespaart gëtt. De Verkéier wäert an den nächste sechs, siwe Méint – soulaang wäert dee Schantjen dauerend – laanscht déi Émgehungsstrooss goen, datt een an den Zentrum vun Déifferdeng erakënnt. En Donneschdeg am Laf vum Dag wäert déi Strooss opgoen. An déi aner wäert am Laf vum Dag zougoen.

Soudatt een awer an den Zentrum vun der Stad kënnt. Well et si Leit, déi sinn e puer Deeg virdru schonn iwver Nidderkuer gefuer, well se gemengt hunn, d'rue Emile Mark wier zou. Dofir e groussen Opruff och un de Gemengerot, si sollen dat dobausse weiderginn, datt déi Strooss net zou ass. En Donneschdeg geet déi Émgehungsstrooss laanscht d'Léierbud op. Et kënnt ee weiderhin an den Zentrum vun eiser Stad. Ech soen Iech Merci.

## **BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Bertinelli. Madame Saeul, w.e.gl.

## **CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech wollt den Här Bertinelli froen: Kéint ech vläicht e wéineg méi Informatiounen kréien iwvert deen éischte Punkt, deen Der ugeschwat hutt? D'rue Parc Gerla-

# 7. Dénomination de rues et places

che an d'Grève Nationale. Am Artikel 1 steet: „Circulation en double sens dans la rue du Parc Gerlache et l'interception avec la rue de la Grève Nationale“. Geet dat?

## SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Alles geet, wann ee wëll. Dat wäert héchstwahrscheinlech mat Luuchte regléiert ginn, soulaang wéi dee Schantjen do leeft. Do musse Reseau geluecht ginn, d'Elektresch fir d'Bornen. Lénks a riets ass à double sens. An dat wäert mat Luuchte regléiert ginn.

Um Schantje selwer weess ech elo net genau. Mä ech ka mer et net anesch virstellen, well déi Strooss ass jo net breet genuch.

## CHRISTIANE SAEUL (DP):

Okay, Merci.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Här Bertinelli, ech hoffen, datt et klappt.

(Gelaachs)

## SCHÄFFE FRED BERTINELLI (LSAP):

Bis elo maachen ech jo, datt alles klappt.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Exzellent. Mir géifen dann zum Vote kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Villmools Merci. De Punkt 7 si Stroosse respektiv e Site. Ech fänke mat deem einfachsten un, mam Kannerbongert. Dir wësst, datt mir am Gaang sinn, e Precoce / Bëschschoul / Bëschcrèche ze plangen. Wann alles gutt geet, wäert déi nach dëst Schouljoer opgoen. Dat

heescht am September. Do brauche mer dann och eng Adress.

Dat anert sinn zwou Stroessen an der Cité O', wou mer Iech zwou Frae proposéieren, fir déi Stroessen ze benennen. Dir gesitt dat an Ärem Dossier. Déi éischt Propositioun wär d'Yvonne Stoffel-Wagener, 1931 zu Esch gebuer an de 5. Abrëll 2014 zu Esch gestuerwen.

D'Madame Wagener-Stoffel ass eng ganz bekannte Persoun, haapsächlech am Turnsport. Si hat hir éischt Lizenz 1945 hei zu Déifferdeng am „Avenir“. 1956 ass d'Madame Wagener Landesmeeschter ginn. Si huet sech ganz vill fir déi jonk Turner agesat a war vun 1949 bis 1968 och Trainerin. Si hat dräi Héichpunkten an hirer sportlecher Carrrière. Et kann een u sech soe véier, well si huet sech mam Stoffels Josy bestuet, dat wär och en Héichpunkt gewiescht, hunn ech mer soe gelooss. Dat war och eppes ganz Flottes.

D'Madame hat un zwou Weltmeeschterschaften deelgeholl, zu Moskau an zu Roum. An ech mengen, d'Kiisch um Kuch war 1960, wou se d'Lëtzebuerger Faarwen op den Olympesche Spiller zu Roum vertrueden huet. Am zweeten Drëttel ass se ukomm mat hirer Leeschung.

Si huet och d'Nationalequipe trainéiert vun 1966 bis 1973. D'Madame Stoffel, mam Här Stoffel selwer, haten 2011 zu Mondorf am Casino de Prix du fairplay kritt. Mam Josy hat si sech 1953 bestuet an hire Bouf, de Polo, ass 1955 op d'Welt komm. De Mérite sportif Jeannot Kremer hat se 2013 vun eiser Stad iwwerreecht kritt. Leider ass se, wéi gesot, am Mäerz 2014 gestuerwen. Ech wier vrou, wann Der déi Propos vum Schäfferot géift unhuelen.

Déi aner Fra, war och eng ganz engagéiert Fra, awer op engem ganz anere Gebitt. Dat ass d'Yvonne Useldinger-Hostert. Si ass zu Stengenfort gebuer an 2009 zu Esch gestuerwen. Si war d'Meedche vun engem Siderurgiste, dat heescht vun engem Schmelzaarbechter. D'Yvonne Useldinger – d'Yvonne, kann ech soen, well ech hat déi grouss Éier, perséinlech mat der Madame ze schwätzen – huet sech ganz fréi am politesche Liewen engagéiert. Si ass 1936 Member vun der Jeunesse socialiste ginn.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**  
passe au Kannerbongert. Le collège échevinal est en train de préparer une crèche en forêt qui devrait ouvrir en septembre. Il faudra donc une adresse.

*Le bourgmestre passe à deux rues dans la Cité O'. Le collège échevinal propose deux noms de femmes et tout d'abord celui d'Yvonne Stoffel-Wagner. Elle est née à Esch en 1931 et est décédée en 2014. Elle a été championne nationale de gymnastique pour l'Avenir Differdange en 1956 et a entraîné de jeunes gymnastes de 1949 à 1968. Elle a été mariée à Josy Stoffel.*

*Yvonne Stoffel-Wagner a participé à deux coupes du monde à Moscou et Rome et représenté le Luxembourg aux Jeux olympiques de Rome en 1960.*

*De 1966 à 1973, elle a entraîné l'équipe nationale. En 2011, elle a obtenu le prix du fairplay ensemble avec son mari au Casino de Mondorf.*

*Elle a reçu le mérite sportif Jeannot-Kremer en 2013.*

*Roberto Traversini demande au conseil communal d'approuver la proposition du collège échevinal.*

*Le deuxième nom de rue est celui d'Yvonne Useldinger. Elle est née à Steinfort et est morte à Esch en 2009.*

*Yvonne Useldinger, que Roberto Traversini a eu la chance de connaître, est la fille d'un sidérurgiste. Dès 1936, elle devient membre de la Jeunesse socialiste. Plus tard, elle rencontre l'ancien bourgmestre d'Esch, Arthur Useldinger, et s'engage dans le parti communiste.*

*En 1942, elle est arrêtée par la Gestapo à Trèves. C'est d'ailleurs en prison qu'elle donne naissance à sa fille.*

*Le 30 juin 1943, elle est enfermée dans le camp de concentration de Ravensbrück. C'est là qu'elle rédige un journal intime. Roberto Traversini précise que cela était interdit. Mais heureusement, elle l'a fait ce qui a donné naissance à un livre.*

*En 1945, elle est libérée par l'Armée rouge et rentre au Luxembourg.*

*Yvonne Useldinger était une femme engagée et Roberto Traversini demande aux conseillers communaux d'approuver la dénomination de rue.*

# 7. Dénomination de rues et places

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** constate qu'une des rues portera le nom d'une figure clé de la résistance luxembourgeoise pendant la Deuxième Guerre mondiale. C'est un signe important alors qu'en Europe des partis d'extrême-droite profitent des échecs des partis établis. Gary Diderich mentionne les élections aux Pays-Bas, en France et en Allemagne.

Aujourd'hui, il manque le témoignage de victimes des crimes nazis comme Yvonne Useldinger. C'est pourquoi il est important de lui conférer une place dans la mémoire collective luxembourgeoise.

Le bourgmestre a présenté la biographie d'Yvonne Useldinger. Gary Diderich ajoute que ses parents étaient des libres penseurs et des syndicalistes. Ils ont élevé Yvonne et son frère Walter de manière laïque et les ont poussés à réfléchir et agir de manière solidaire.

Le père d'Yvonne travaillait à l'usine et était un membre actif du Parti communiste. Dès 1933, Alfons Hostert s'est engagé contre les partis de droite au Luxembourg. De nombreux réfugiés d'Allemagne étaient hébergés chez les Hostert.

En 1938, Yvonne est devenue membre du KPL et a coorganisé le référendum sur l'interdiction du parti. En 1940, elle a épousé Arthur Useldinger, un des leaders du KPL et a organisé avec lui la résistance contre le régime nazi. Ensemble, ils ont publié le magazine *D'Wourecht*. Yvonne Useldinger mettait aussi de faux passeports à disposition de Luxembourgeois devant quitter le pays.

Le 5 août 1942, elle a été arrêtée avec ses parents et déportée à Trèves. Un mois plus tard, sa fille Fernande a vu le jour. L'été suivant, elle a été enfermée dans le camp de concentration de Ravensbrück.

Son journal intime constitue un des seuls documents d'époque de Ravensbrück encore existant. Le 15 mai 1988, elle lance un appel à toutes les femmes survivantes pour qu'elles écrivent leurs souvenirs. Des codétenus d'Yvonne ont souvent mentionné sa grande solidarité.

## ENG STËMM:

Dat war eng gutt Saach.

## ENG ANER STËMM:

Et war eng gutt Fra.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Duerno, wou se den Här Arthur Useldinger, de fréieren Escher Buergermeeschter, kennegeléiert huet, huet se sech weider politesch engagéiert, awer an der Kommunistescher Partei.

1942 ass d'Madame Useldinger vun der Gestapo zu Tréier verhaft ginn. Dái Zäit an der Verhaftung huet si hiert Meedche kritt. Dunn ass se erém fräikomm, awer net fir laang, well den 30. Juni 1943 ass se an d'Konzentrationslager op Ravensbrück bruecht ginn. Do huet se et fäerdegbreucht, en Tagebuch ze schreiwen. A wann dat dee Moment iergendee gesi gehat hätt, da wësst Der jo d'Konsequenzen, wat da geschitt wier. D'Madame wier op der Plaz émbruecht ginn. Si huet et trotzdeem gemaach. A Gott sei Dank huet se et gemaach, well dat ass herno zu engem Buch verfaasst ginn. Dat war wichteg, datt dat gemaach ginn ass.

1945 ass se zu Ravensbrück vun der Rouder Arméi befreit ginn an ass duerno iwwer Schweden erém hei an d'Land komm.

Et war eng ganz engagéiert Fra. An ech wier natierlech och frou, wann Der dat géift matstëmmen.

Här Ruckert, bei där Persoun hutt Der d'Wiel.

(Gelaachs)

Här Diderich, w.e.g.l

## GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter. Haut benenne mer, wéi Der gesot hutt, eng Strooss no enger vun de Schlësselfiguren aus der Lëtzebuerger Resistenz am Zweete Weltkrich. Dést ass e wichtegt Zeechen an Zäiten, wou Rietsparteien

an Europa émmer méi profitéiere vun der Faillite vun den etabléierte Parteien. Gespaant musse mer haut op d'Wahlen an Holland, geschwënn a Frankräich souwéi an Däitschland kucken.

Eis feelen esou Mënsche wéi d'Yvonne, déi eis warnen an aus eegener Erfahrung iwwert d'Verbriechen vum Nationalsozialismus berichten können. Dowéinst ass et émsou méi wichteg, dem Yvonne Useldinger iwwert dëse Wee eng fest Plaz an der Lëtzebuerger Erënnerung ze schafen.

Iwwert d'Biographie huet de Buergermeeschter scho berichten. Dofir wäert ech mech méi kuerz faassen. Mä et kann een nach soen, dass hir Elteren, als Fräidenker an als aktiv Gewerkschaftler, d'Yvonne an hire Brudder Walter laizistesch an zum solidareschen Denken an Handelen erzunn hunn.

Hire Papp war als Schmelzaarbechter selwer schonn aktive Member an der Kommunistescher Partei an huet seng Duechter fréi matgeholl fir d'Verdeele vu Fluchblieder.

1933 huet den Alfons Hostert sech scho géint Rietsparteien a Stréimungen zu Lëtzebuerg engagéiert. Am Haus vun der Famill Hostert ware vill politesch Flüchtlingen aus Däitschland énnerbruecht ginn.

1938 ass d'Yvonne selwer Member vun der KPL ginn a war Matorganisatorin vum Referendum, mat deem d'KPL sollt verbueden ginn. 1940 huet si den Arthur Useldinger bestuet, ee vun de Leadere vun der KPL, an huet mat him zesummen de Widerstand géint den nationalsozialistesche Regime organisiert. Si huet hien dobäi énnerstëtzzt, fir d'Zäitschrëft „D'Wourecht“, erauszeginn. D'Yvonne huet Suen, Informationen a Pabeier fir den Droch organisiert, awer och falsch Päss fir Lëtzebuerger, déi an der Illegalitéit hu missen d'Land verloossen.

De 5. August 1942 ass si dunn zesumme mat hiren Eltere verhaft ginn an op Tréier an de Prisong deportéiert ginn. Do ass den 2. September 1942 hir Duechter Fernande op d'Welt komm. Am Summer vum Joer duerno ass si an de KZ Ravensbrück deportéiert ginn an huet do de roude Wénkel vun de politischen Häftlinge gedroen.

# 7. Dénomination de rues et places

Do huet si, wéi Der gesot hutt, en Tagebuch geschriwwen. Dat ass eent vun de wéinegen Zäitdokumenter, déi erhale bliwwen sinn aus dem KZ Ravensbrück. An enger Ried zu Hamburg de 15. Mee 1988 huet si all déi iwwerliewend Fraen dozou opgeruff: „So lange noch eine von uns selbst lebt, sollten wir aufschreiben. Überhaupt schreiben, was wir noch im Hinterkopf haben. Das ist sehr wichtig, damit die Geschichte richtig, wahrheitsgemäß geschrieben wird“.

Et gëtt vill Berichter vu Mathäftlinge vum Yvonne, déi vun hirer grousser Solidaritéit an Hëllefsbereetschaft bezeien. Enn Abrëll 1945 ass si zesumme mat ronn 80 anere Lëtzebuergerinne vum internationale Roude Kräiz op Schewden evakuéiert ginn an ass uganks Juli op Lëtzebuerg zréckkomm.

Si erfëllt sech ee Wunsch a gëtt nach eng Kéier Mamm. De 15. September 1952 ass hire Bouf Adi gebuer ginn. Hire Mann Arthur stierft de Mäerz 1978.

D'Yvonne ass no hirer Befreiung politesch aktiv bliwwen. Si huet sech weiderhin an der KPL engagéiert an huet 1993 d'nei Lénk matgegrënnt. Si huet sech ëmmer leede gelooss vun enger klorer Visioun: d'Emanzipatioun vun de Menschen, d'Zouversücht, dass de Mensch säi Schicksal selwer an d'Hand muss huelen an némmen esou eng méi gerecht Gesellschaft kann erkämpft ginn. Si ass an all hiren Engagementer dësen Idealer trei bliwwen.

Gemeinsam mat aneren ehemolege Resistenzlerinnen engagéiert si sech an der Union des Femmes Luxembourgeoises a grënnt hir Escher Sektion. D'UFL riicht sech un all Fraen, déi sech géint d'atomaart Wettrüsten a géint den Iwverfall op Korea, de Vietnam an aner Kricher engagéiere wollten. Mat villen Initiativen a Solidaritéitsveranstaltunge mécht d'UFL bis haut op sech opmierksam an huet dozou bai-gedroen, ee breet politesch Bündnis an eng grouss Akzeptanz in- an ausserhalb vun der Lëtzebuerger Gesellschaft fir déi Causen ze schafen.

Spéider engagéiert si sech och am internationale Ravensbrück-Comité an ass Presidentin vun deem Comité ginn. D'Yvonne wollt sech net offanne mat der gesellschaftlecher Roll, déi d'Fraen

an der Nokrichszäit zougewisso kritt hunn. Si huet Verännerunge gefuerdert.

De Krich huet der Fra eng Platz an der Geschicht, eng positiv Roll age-raumt. Dës Positioun muss weiderhin ausgebaut a verteidegt ginn. Déi Diskriminéierung muss vollstänneg verschwannen. Déi gläich Rechter müssen der Fra op alle Gebidder ageraumt ginn wéi och de Männer. Fir Alibi-Fraen ass keng Platz méi an eiser Gesellschaft. D'Fraen hu bewisen, dass si wéssen, wat et heescht ze kämpfen, wann et ëm d'Existenz vun eiser Natioun an eiser Bevëlkerung geet.

Dës Wieder sinn typesch fir d'Yvonne. Ni noginn. An intelligent huet si déi Saache gefuerdert, déi fir si scho laang selbstverständlech waren a si och an hirem Liewen duerch hiert Handele gelieft huet. Den 11. Februar 2009 stierft d'Yvonne Useldinger no laanger, schwéierer Krankheet am Escher Fleegheem.

Ech begréissen als Member vun der Chancéglächteksommissioun ausdrécklech dës Benennung no déser Fra, déi dat absolutt verdéngt huet. Virun allem geet et hei ëm d'Erënnerungskultur, déi mer an eiser Gemeng an an eissem Land fleegen.

Ech géif virschloen, dass mer fir d'Aweitung vun déser Strooss e spezielle Programm plangen als Gemeng. Mir hate schonn eng Ausstellung iwver d'Yvonne Useldinger bei eis am Centre Noppeney. Ech géif virschloen, am Kader vun där Aweitung e Programm virzege-sinn, fir dass d'Bierger matkréien, wat si fir eis Gesellschaft gelescht huet. Ech soen Iech Merci.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hunn hei nach eng Wuertmeldung. Dann huet den Ali d'lescht Wuert. Dat ass net ëmmer de Fall.

## ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, dass mat der Yvonne Useldinger-Hostert en drëtte Kommunist, dës Kéier eng Fra, zu Déif-

En avril 1945, elle a été évacuée avec 80 Luxembourgeoises par la Croix-Rouge et est rentrée au Luxembourg en juillet.

Le 15 septembre 1952, son fils Adi a vu le jour.

Yvonne est restée politiquement active après sa libération. D'abord, elle s'est engagée dans le KPL et a fondé ensuite déi Lénk en 1993. Elle s'est toujours laissé guider par sa vision de l'émancipation des hommes, la conviction que nous devons prendre notre destinée entre les mains et la lutte pour une société plus juste.

Avec d'autres anciennes résistantes, elle s'est engagée dans l'Union des femmes luxembourgeoise dont elle fonde la section eschoise. L'UFL s'investit dans la lutte contre les armes atomiques et les guerres de Corée et du Vietnam.

Yvonne Useldinger a aussi été la présidente du comité de Ravensbrück. Elle n'acceptait pas le rôle accordé aux femmes dans la société d'après-guerre. Elle voulait faire disparaître toute forme de discrimination, car les femmes avaient démontré qu'elles savaient lutter pour l'existence de leur nation. De manière intelligente, elle a soutenu des causes qui pour elle étaient normales.

Yvonne Useldinger est morte le 11 février 2009.

En tant que membre de la commission à l'égalité des chances, Gary Diderich salue expressément cette dénomination de rue. Il propose un programme spécial lors de l'inauguration pour que les citoyens sachent ce qu'Yvonne Useldinger a fait pour la société.

**ALI RUCKERT (KPL)** se réjouit qu'un troisième communiste prête son nom à une rue de Differdange. C'est déjà le cas de Zénon Bernard, qui était président du parti communiste et qui a été tué par les nazis, et Jehan Steichen, qui était rédacteur pour l'hebdomadaire communiste Volksstimme.

Ali Ruckert trouve qu'il ne faut pas exagérer. Il a été dit qu'elle avait été une figure clé de la résistance, ce qui est faux. Elle a simplement fait partie de la résistance au sein du parti communiste, qui a été le seul parti politique à ne pas se dissoudre. Il

# 7. Dénomination de rues et places

a préféré entrer dans la clandestinité. Des douzaines de membres ont été tués par les nazis. Yvonne Useldinger a été arrêtée et emprisonnée dans un camp de concentration.

Ali Ruckert rappelle qu'il y a exactement 80 ans a été organisé le référendum sur la loi muselière visant à interdire le parti communiste. Le parlement avait déjà pris la décision. Le parti de droite et plusieurs membres du parti démocratique avaient voté pour, les socialistes et les libéraux de gauche contre. Même si la majorité voulait interdire le parti communiste, un référendum a finalement été organisé et plus de 50 % de la population se sont prononcés contre l'interdiction.

Ali Ruckert tient à souligner le rôle d'Yvonne Useldinger dans ce contexte. En tant que jeune fille, elle a manifesté contre la loi muselière.

Aujourd'hui, des rues portent encore le nom de Joseph Bech, le chef du gouvernement conservateur de l'époque. Or il voulait interdire le parti communiste alors que personne n'importunait les groupements nazis. Ali Ruckert espère ne plus jamais connaître une situation semblable au Luxembourg.

La jeune Yvonne Useldinger a joué un rôle politique important. À l'époque, elle faisait partie de la Jeunesse socialiste, qui était farouchement antifasciste.

---

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)**  
donne raison à M. Ruckert.

**ALI RUCKERT (KPL)** ajoute que pendant la Seconde Guerre mondiale, les leaders de la Jeunesse socialiste sont passés dans le parti communiste pour résister.

Les parents d'Yvonne Useldinger habitaient à Oberkorn. La première réunion illégale du parti communiste s'est tenue dans l'appartement de la famille Hostert le 20 décembre 1940, le jour de l'invasion allemande. Vingt hommes et femmes ont décidé de réaliser des flyers contre les nazis. Ali Ruckert insiste sur ce point, car depuis cinquante ans, on raconte que les communistes n'ont commencé à résister qu'après l'invasion de l'Union soviétique. C'est faux. Toute une série d'organisations de résistance

ferdeng eng Strooss no sech benannt kritt.

Mir hunn eng Strooss, déi vum Zénon Bernard, dee vun den Nazien émbruecht ginn ass an deemoools de President vun der Kommunistescher Partei war. A mir hunn eng zweet, d'Place Jéhan Steichen zu Uewerkuer, dee Redakter war vun der deemoleger Kommunistescher Wochenzeitung „Volksstimme“. Deen zu deenen éischte Létzebuerg gehéiert huet, dee vun den Nazien iwwerhaapt verhaft ginn ass.

Zur Yvonne Useldinger-Hostert: Ech ka mech kuerz faassen, well scho villes hei gesot ginn ass. Ech fannen, et soll een et awer och net iwwerdreinen. Hei ass gesot ginn, et wär eng Schlüsselfigur vun der Resistenz gewiescht. Dat stëmmt net. Et war och keng Schlüsselfigur an der Kommunistescher Resistenz. Et war eng Resistenzlerin an der Kommunistescher Partei, déi als eenzeg politesch Partei sech net opgeléist huet, mä déi decidéiert huet, an den Ënnergrund ze goen. A vun där Partei sinn an der Resistenz Dosende vun den Nazien émbruecht ginn.

Si ass natierlech och vun den Nazie gefaange ginn, wéi déi kommunistesch Widerstandsguppen entdeckt gi sinn, a se ass och an d'KZ komm.

Ech wëll awer besonnesch drun erënneren: Dëst Joer 2017 ass et genau 80 Joer hier, dass zu Létzebuerg de Referendum iwvert d'Maulkuerfgesetz stattfonnt huet. D'Maulkuerfgesetz – Uerdnungsgesetz huet et am officielle Jargon vun der deemoleger konservativer Regierung geheesch –, sollt d'Kommunistesch Partei verbidden. An am Parlament war de Vote scho gholl, dass se géif verbueden ginn. Derfir gestëmmt, dass se soll verbueden ginn, haten d'Rietspartei an Deeler vun der Demokratescher Partei, wéi déi Liberal Partei deemoools geheesch huet. An d'Sozialisten an e puer Lénksliberaler hunn dergéint gestëmmt.

Mä d'grouss Majoritéit vun der Chamber huet fir de Verbuet vun der Kommunistescher Partei gestëmmt. Well se sech awer net esou sécher waren, hu se dunn e Referendum gemaach. An do hunn iwver 50% vun de Létzebuergéen géint de Verbuet vun der Kommunistescher Partei gestëmmt, obschonn d'Kommuni-

nistesch Partei eng ganz kleng Partei war.

Ech soen dat elo, fir och un d'Roll vum Yvonne Useldinger ze erënneren. Déi ass deemoools 1936 an 1937 als jonkt Meedchen op deene Veranstaltunge géint dat Maulkuerfgesetz, géint de Verbuet opgetratt. Dat war eng besonnesch Situatioun, muss ee soen: Well während déi konservativ Regierung – oder déi klerikal Regierung, muss ee scho bal soen – énnert dem Här Joseph Bech, no deem haut nach émmer e Lycee a soss nach Stroossem zu Létzebuerg benannt sinn, eben d'Kommunistesch Partei wollt verbidden, sinn awer déi Nazigruppéierungen, déi et deemoools zu Létzebuerg gi sinn, net behellegt ginn. Déi konnte fräi hei zu Létzebuerg schaffen.

An ech hoffen, dass mer ni méi an esou eng Situatioun kommen, wou esou epes ass. Dass esou rietsextrém, faschistesch Organisationen hei zu Létzebuerg kënne fräi schaffen.

D'Madame Useldinger-Hostert huet also schonn als jonkt Meedchen eng wichteg politesch Roll gespillt. Zu deem Zäitpunkt, muss een awer och soen, war se net an der Kommunistescher Partei, mä se war an der Jeunesse socialiste. Et muss een och soen, dass en Deel vun der Jeunesse socialiste deemoools eng grouss antifaschistesch Roll gespillt huet.

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Richteg.

---

**ALI RUCKERT (KPL):**

An e puer Joer méi spéit, während dem Zweete Weltkrich, ass d'ganz Leedung vun der Jeunesse socialiste an d'Kommunistesch Partei iwwergetratt an huet do an der Kommunistescher Resistenz matgemaach.

Hir Famill huet zu Déifferdeng gewunnt. Hire Papp an hir Mamm hunn hei zu Uewerkuer gewunnt. A wat wichteg ass, an deem Zesummenhang awer nach ze soen: Wéi d'Preise Létzebuerg iwverfall hunn, den 20. Dezember 1940, huet an der Wunneng vun

# 8. Commissions consultatives

der Famill Hostert déi éischt illegal Versammlung vun der Kommunistescher Partei stattfonnt.

Do waren 20 Männer a Fraen, déi op däer Versammlung decidéiert hunn, Fluchblieder géint d'Nazien ze maachen. Dat war den 20. Dezember 1940. Ech wëll dat hei ernimmen, well dacks gesot gëtt, d'Kommunistesch Partei hätt eréischt ugefaange Resistenz ze maache géint d'Nazien, wéi d'Sowjetunioun iwwerfall ginn ass. Dat ass eng Ligen, déi gëtt elo schonn iwwer 50 Joer laang verbreet.

Nieft der Kommunistescher Partei ware jo nach eng ganz Rëtsch Resistenzorganisationen duerno entstanen, déi versicht haten zesummenzeschaffen, iwwer all ideologesch a politesch Meinungsverschiddenheeten ewech. Wat e ganz wichtige Moment war géint d'Nazien. Et war also net némme fir Lëtzebuerg, et war en antifaschistesche Widerstand.

An ech hoffen, wann an Zukunft esou Situatiounen kommen, dass et dann och méiglech ass, dass all déi Kräften, déi géint Rietsextremismus a Faschismus sinn, och iwwer all hir Divergenzen ewech kënnen zesummeschaffen. Ech mengen, dat ass och e Vermiechtnes, wa mer däer Strooss deen Numm do ginn, wat ganz wichteg ass.

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Villmoos Merci, Här Ruckert. Här Hobscheit Pierre, w.e.g.l.

---

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Et deet mer elo leed, dass ech Äre Plang, dem Här Ruckert d'Schlusswuert ze ginn, e bëssen hei torpedéieren.

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Kee Problem.

---

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Ech wollt just eppes soen. Ech hat 2002 déi grouss Chance, an engem Thea-

terstéck iwwert d'Lëtzebuerger Resistenz matzewierken, wou et och 2005 eng Reprise gouf. An dat huet mer d'Thema deemools extrem no bruecht. An ech stelle fest, datt vill Zäitzeien, mat deene mer deemools nach direkt konnte schwätzen, net méi do sinn. Ëmmer manner Zäitzeie sinn do, déi engem direkt kënne soen, wat deemools geschitt ass, wat si gemaach hunn.

Duerfir ass et émsou méi wichtig, a mengen Aen, fir d'Erënnerung un déi Leit, déi sech deemools agesat hunn, héich ze halen. An dat hei ass ee Schrott an déi Richtung, dee begréissenswäert ass. Duerfir wëll ech och a mengem perséinlechen Numm einfach soen, dass dat dote wichtig ass, dass dat do gutt ass, dass mer dat maachen. Fir eben ze weisen, dass et Leit gouf, déi sech deemools agesat hunn. Dat ass haut méi wichtig wéi jeemools virdrun. Duerfir ass dat do absolutt begréissenswäert.

Stroossen no Fraen ze benennen, ass och eppes, wou mer ëmmer nees driwwer diskutéieren. An ech mengen, hei gi mer einfach an déi richteg Richtung. Duerfir stëmmme mir dat hei selbstverständlich mat. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ech géif virschloen, déi dräi Saache mateneen ze stëmmen. De Kannerbongert, d'Madame Yvonne Stoffel-Wagner an d'Madame Yvonne Useldinger-Hostert.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la dénomination de deux rues de la future Cité O' à Oberkorn et du site Kannerbongert à Niederkorn.*

Villmoos Merci. Da si mer bal um Schluss ukomm. Mir hunn e Wiessel an eise Kommissiouen. Vun der sozialistischer Aarbechterpartei hunn ech e Changement virleien: D'Madame Brigitte Bintz gëtt ersat vum Här Luis Ramos an der Sportskommissiouen. Eis Demokratesch Partei schléit vir, an der Commission des jeunes den Här Michel Pereira duerch d'Martine Eischen ze ersetzen. An der Sportskommissiouen soll den Här Mike Lang ersat ginn duerch

se sont alliées pour lutter contre le fascisme en général. Ali Ruckert espère que s'il fallait lutter à nouveau contre l'extrémisme de droite, les autres forces parviendraient à oublier leurs divergences.

---

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** explique qu'en 2002, il a participé à la création d'une pièce de théâtre sur la résistance luxembourgeoise. C'est pourquoi ce sujet le touche.

Il constate que de nombreux témoins ont disparu depuis. De moins en moins de personnes peuvent raconter directement ce qu'elles ont vécu. Il est donc important de conserver le souvenir des personnes qui ont lutté à l'époque.

Pierre Hobscheit salue le fait que l'on donne le nom de ces personnes à des rues. Qu'il s'agisse en plus de femmes est un pas dans la bonne direction.

(Vote)

---

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** passe aux commissions consultatives. Pour le LSAP, Mme Brigitte Binz est remplacée par M. Luis Ramos.

---

**ERNY MULLER (LSAP)** précise qu'il est question de la commission des sports.

---

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** ajoute que le DP remplace M. Michel Pereira par Mme Martine Eischen dans la commission des jeunes, M. Mike Lang par M. Joël Moreira dans la commission des sports et M. Jos Glauden par M. Philippe Hillenbrand dans la commission à l'égalité des chances. déi Lénk remplace M. Cam Thanh par Mme Éliane Colbach au sein de la commission de l'intégration.

# 8. Commissions consultatives

**TOM ULEVELING (CSV)** annonce que le weekend dernier, la commune a profité du beau temps pour mener une action coup de poing pour rafistolier les rues. Certaines étaient en mauvais état en raison de l'hiver rude.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** explique que M. Ulveling voulait communiquer cette information au début de la séance, mais il avait oublié.

(Discussion)

Roberto Traversini revient sur les modifications des commissions. Pour le CSV, Mme Élisabeth Demuth est remplacée par Mme Sophie Raoul au sein de la commission des festivités.

Roberto Traversini clôture la séance publique et passe à celle à huis clos.

den Här Joël Moreira. An an der Commission d'égalité des chances soll den Här Jos Glauden vum Här Philippe Hillenbrand ersat ginn. Ass dat esou? Domatter ass dat esou festgehalen.

An dann hu mer nach e Changement bei deene Lénken. Do gëtt an der Integratiounskommissioun den Här Ly Cam Thanh vun der Madame Eliane Colbach ersat. Heimat wär dee Changement dann och esou festgehalen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commission consultatives.*

Jo, Här Ulveling.

## SCHÄFFEN TOM ULEVELING (CSV):

Ech wollt Iech nach just driwwer informéieren, dass mer dee leschte Weekend souzesoen eng Action coup de poing duerchféiere gelooss hunn, fir eis Stroosse e bëssen ze rafistoléieren. Et waren der e puer, déi hate relativ vill

an déif Lächer. Mir hunn de Weekend vum gudde Wieder profitéiert, fir déi deelweis ze flécken. Doduerch, dass de Wanter zimlech kal war, et du vill gereent huet, hunn eis Stroosse gelidden. Dofir hu mer iwwert de Weekend eis Leit schaffe gedoen, fir eben däi Situatioun e bësse Remedur ze schafen. Dat wollt ech just soen.

## BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Ech hat dat am Ufank vergiess. Den Tom wollt dat als Kommunikatioun soen. Ech hat dat verpasst, Sorry.

(Diskussiounen)

No deenen e bësse méi emotionale Rieden ass et net evident, muss ech Iech soen. D'CSV proposéiert nach, fir an der Commission des festivités d'Madame Elisabeth Demuth duerch d'Sophie Raoul ze ersetzen.

Mir hunn et elo gepackt a kommen zu der net-ëffentlecher Sitzung.

# ÉTAT CIVIL – NAISSANCES

---

GOMES SASNSANA Camyla	Esch-sur-Alzette	01.03.2017
LATIK Menil	Esch-sur-Alzette	02.03.2017
SILVA DA CUNHA Davy	Esch-sur-Alzette	03.03.2017
SCHIAVONE Gabriele	Luxembourg	04.03.2017
AMRAOUI Jade Solange Jeannine	Esch-sur-Alzette	08.03.2017
PETROV FIGUEIREDO Alexandre	Esch-sur-Alzette	09.03.2017
DIAS GONÇALVES Ilyam	Luxembourg	11.03.2017
THILL Lee	Trèves, Allemagne	11.03.2017
VĀRZARU Kevin	Esch-sur-Alzette	13.03.2017
HELENO SALDANHA Noah	Esch-sur-Alzette	14.03.2017
WYPPYCH Cataleya	Luxembourg	14.03.2017
RIBEIRO PINTO Gwen	Esch-sur-Alzette	15.03.2017
MENDES Giovanna	Luxembourg	16.03.2017
WOLFF BECKER Saphirea Christiane	Luxembourg	20.03.2017
CORREIA MOREIRA Ângelo Noah	Luxembourg	22.03.2017
ARAÚJO CARDOSO Mateus	Esch-sur-Alzette	23.03.2017
LOSCH Noemi	Luxembourg	23.03.2017
MENDES Wesley	Luxembourg	23.03.2017
COELHO LOPES Luena	Luxembourg	23.03.2017
COELHO LOPES Letícia	Luxembourg	23.03.2017
PRIESTER Nina	Esch-sur-Alzette	23.03.2017
BABACIC Naïda	Esch-sur-Alzette	23.03.2017
MERSCH Bo	Esch-sur-Alzette	25.03.2017
GUCATI Orik	Luxembourg	26.03.2017
ALHO FONSECA Lea	Luxembourg	27.03.2017
ROCHA MOREIRA Andy	Luxembourg	29.03.2017
ROCHA MOREIRA Yden	Luxembourg	29.03.2017
PEREIRA DA SILVA Camilla Miguel	Esch-sur-Alzette	29.03.2017
DEFENDI PEREIRA Adriana	Luxembourg	29.03.2017
FERNANDES SANTOS Emma	Esch-sur-Alzette	31.03.2017
GNINGUE Alioune	Esch-sur-Alzette	01.04.2017
JOYEUX Pharell	Luxembourg	02.04.2017
BELCHIOR PEIXOTO Santiago	Esch-sur-Alzette	02.04.2017
AURELIO Luca Angelo	Luxembourg	04.04.2017
BARBOSA BARROSO Kelvin	Esch-sur-Alzette	04.04.2017
DAHM Inaya	Esch-sur-Alzette	04.04.2017
PEREIRA SILVA Milan Jorge	Esch-sur-Alzette	07.04.2017
PEREIRA ALVES Rafael	Esch-sur-Alzette	07.04.2017
BEKTESI Dino	Luxembourg	09.04.2017
HAJDARPAŠIĆ Ajdin	Esch-sur-Alzette	10.04.2017
RIBEIRO VALENTE Maria	Esch-sur-Alzette	11.04.2017
SILVA SAMPAIO Chloé	Esch-sur-Alzette	12.04.2017
VILELA Eden	Esch-sur-Alzette	13.04.2017

SCHALBAR Liz	Luxembourg	13.04.2017
MADIMBA KAMBA Jayden	Esch-sur-Alzette	15.04.2017
MANDER TRAVERSINI Margot	Luxembourg	19.04.2017
ALMEIDA PEREIRA Beatriz	Esch-sur-Alzette	20.04.2017
KREMER Enzo	Esch-sur-Alzette	20.04.2017
OLIVEIRA DE SOUSA Leonor	Luxembourg	23.04.2017
BAH Diarraye	Esch-sur-Alzette	24.04.2017
ADROVIĆ Asim	Esch-sur-Alzette	27.04.2017
SOARES MONTEIRO Alicia	Luxembourg	27.04.2017

## ÉTAT CIVIL – DÉCÈS

---

MARQUES VAZ Artur, ép CARVALHO VAZ Dulce da Conceição	Luxembourg	02.03.2017
REGENWETTER Ernest Henri, ép. WILHELM Lucie	Niederkorn	03.03.2017
HIRTZ Emile Lucien, ép. ROMMES Marie	Esch-sur-Alzette	06.03.2017
LEURS John Joseph, ép SCHOMMER Lucie Nicole	Niederkorn	07.03.2017
BIONDI Pietro Enrico, célibataire	Niederkorn	07.03.2017
WILWERTZ Jeanne Eve, ép HECK Alain Nicolas Jean	Esch-sur-Alzette	08.03.2017
KLEIN Anna ép. WIES Jean-Pierre	Oberkorn	12.03.2017
COLTRI Yolanda Maria, vve GELMI Angelo	Niederkorn	18.03.2017
WEIS Chantal Irène Nicole, ép. PIRROTTE Alain	Luxembourg	24.03.2017
WINTER Henri, ép de DGOUGH Nazha	Esch-sur-Alzette	24.03.2017
STRAUS François René, vf de DISIVISCOUR Antoinette Henriette	Esch-sur-Alzette	25.03.2017
THILL Roland Léon, divorcé	Esch-sur-Alzette	25.03.2017
WAGNER Marguerite ép. BAUSTERT Jacob	Niederkorn	29.03.2017
RICCIARDI Francesca Lidia, vve LAPLUME Charles Victor André	Luxembourg	01.04.2017
FATUDA Aldina Ascençao	Esch-sur-Alzette	06.04.2017
THIMMESCH Louise, ép FAUTSCH François Charles	Esch-sur-Alzette	08.04.2017
MOUFFE Jacqueline Charlotte, vve VAN IMPE Gustave Charles	Differdange	09.04.2017
FERREIRA NUNES Belmiro, vf DOMINGUES DE SOUSA Ana	Esch-sur-Alzette	16.04.2017
DE SOUSA PAIVA António Augusto, divorcé	Niederkorn	19.04.2017
SIMA Ioan, célibataire	Esch-sur-Alzette	19.04.2017
FRIEDHOFF Nelly Anny, vve SCHANNES Martin Jacques	Differdange	20.04.2017
SCHEUREN Marcel Léon, ép DEMUTH Cathérine Marianne	Niederkorn	21.04.2017
LUDOVICY Georgette Céline Clemence, vve WELTER Adolphe François	Niederkorn	28.04.2017
WEILER Ernest Nicolas Mathias, célibataire	Differdange	29.04.2017
VELOSO MOREIRA Amadeu, ép MACHADO DA SILVA Maria da Conceição	Esch-sur-Alzette	25.04.2017
WINCKEL Albertine Irène, divorcée	Luxembourg	28.04.2017

# ÉTAT CIVIL – MARIAGES

---

DE CARVALHO Luís Filipe & OLIVEIRA SANTOS Joana Filipa	03.03.2017
FAZZOLARI Massimo & BAPTISTA FUENTES Lourdes Shariel	06.03.2017
DESIATI Graziana & KURTAEVA Fatima	27.03.2017
SARRIAS MATEO William & BIREN Nadine	31.03.2017
FADEL Rachid & MALEK Samira	03.04.2017
DUARTE LUZ Renato Jorge & FORTES JESUS Soraia Simone	10.04.2017
OLIVEIRA SALGUEIRO Marco Paulo & CASTANHEIRA Marta Sabine	14.04.2017
EHR Jean Robert & GONZALEZ Sandrine	22.04.2017
LOPES CORDEIRO VASCO Alexandre & PINTO MONTEIRO Sunny	22.04.2017

